

INFO BLAT



°03 17

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 21. JUNI 2017

[Séance du 26 septembre 2012](#)
[Séance du 7 novembre 2012](#)
[Séance du 10 novembre 2012](#)
[Séance du 7 décembre 2012](#)
[Séance du 14 décembre 2012](#)
[Séance du 6 février 2013](#)
[Séance du 6 mars 2013](#)
[Séance du 24 avril 2013](#)
[Séance du 12 juin 2013](#)
[Séance du 26 juin 2013](#)
[Kannnergemengero 2013](#)
[Séance du 24 juillet 2013](#)
[Séance du 18 septembre 2013](#)
[Séance du 6 novembre 2013](#)
[Séance du 8 janvier 2014](#)
[Séance du 22 janvier 2014](#)
[Séance du 29 janvier 2014](#)
[Séance du 12 février 2014](#)
[Séance du 26 mars 2014](#)

Conseil communal du 19 juillet 2017

Conseillers présents

Roberto Traversini (bourgmestre, déi gréng), **Erny Müller** (1er échevin, LSAP), **Tom Ulveling** (échevin, CSV), **Fred Bertinelli** (échevin, LSAP), **Georges Liesch** (échevin, déi gréng), **François Antony** (LSAP), **Carlo Bernard** (DP), **Pascal Bürger** (DP), **Gary Diderich** (déi Lénk), **Jos Glauden** (DP), **Martine Goergen** (DP), **Pierre Hobscheit** (LSAP), **Robert Mangen** (CSV), **Marcel Meisch** (DP), **Ali Ruckert** (KPL), **Christiane Sacl** (DP), **Pierrette Schambourg** (CSV), **Fränz Schwachtgen** (déi gréng), **Arthur Wintringer** (DP)

Ordre du jour

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins

▶ 0:00 ◀ -8:46

2. Projets communaux:

- Site du Parc des Sports : aménagement paysager, concept événementiel, de loisirs en plein air et de mobilité douce – plans et devis, article budgétaire 4/822/222100/17040;
- Construction d'un nouveau hall sportif au campus scolaire Niederborn: plans et offre finale à la suite d'un marché public à dialogue compétitif, article budgétaire 4/822/221311/15021;
- Mise en place d'une sculpture de l'artiste Jhang Meis pour marquer l'entrée en ville de Differdange: plans, devis et crédit spécial, article budgétaire 4/838/221313/17042.

▶ ◀ -1:00:51

3. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers:

- Modification ponctuelle du PAG « place Jehan Steichen » – saisine du conseil communal suivant article 10 de la loi du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;
- Projet d'aménagement particulier au lieu-dit « avenue du Parc des Sports » à Oberborn présenté par le collège des

Infos & renseignements



Liens rapides

[Agenda](#)
[Annuaire](#)
[Carnet du citoyen](#)
[Démarches administratives](#)
[Formulaires administratifs](#)
[Galerie photos](#)
[Informationsblat](#)
[Maisons relais](#)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

**INFO
BLAT** 03 17

COMPTE-RENDU DU 21 JUIN 2017

4-81

ÉTAT CIVIL

82-83

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
TÉL.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 000 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Claude Piscitelli

INFOBLAT, imprimé sur du papier 100 % recyclé

L'Infoflat est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 03-2017, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

f Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 21 JUIN 2017

CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Erny Muller, 1er échevin (LSAP)
Tom Ulveling, échevin (CSV)
Fred Bertinelli, échevin (LSAP)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
François Antony (LSAP)
Carlo Bernard (DP)
Pascal Bürger (DP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Jos Glauden (DP)

Martine Goergen (DP)
Pierre Hobscheit (LSAP)
Robert Mangen (CSV)
Marcel Meisch (DP)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Pierrette Schambourg (CSV)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Arthur Wintringer (DP)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

- 1) **Communications du collège des bourgmestre et échevins — entre autres distribution du rapport d'activités 2016 d'Aquasud et chiffres clés du compte annuel de 2016.**
- 2) **Actes et conventions:**
 - a) Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale — plan d'action communal pour 2014-2017;
 - b) Conventions de servitude avec CREOS Luxembourg aux lieudits «avenue de la Liberté» à Niederkorn, «Auf den Griewer» à Oberkorn et «rue Émile Mark» à Differdange;
 - c) Convention pour l'année 2017 du Club Senior Prënzebiërg.
- 3) **Projets communaux: travaux de rénovation du stade des Mineurs à Lasauvage – plans, devis et crédit supplémentaire, article budgétaire 4/821/221313/16016.**
- 4) **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers:**
 - a) Modification ponctuelle du PAG à Niederkorn au lieudit «Vor kurzen Hecken» – saisine du conseil communal suivant article 10 de la loi du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;
 - b) Modification ponctuelle des parties écrite et graphique du PAG «secteurs et éléments protégés d'intérêt communal» — saisine du conseil communal suivant l'article 10 précité.
- 5) **Enseignement fondamental et musical:**
 - a) Organisation scolaire pour l'année d'études 2017-2018;
 - b) Organisation provisoire de l'École de musique pour 2017-2018.
- 6) **Finances communales**
 - a) État des restants pour l'exercice 2016 et décharges accordées;
 - b) Avis et titres de recettes de l'exercice 2016.
- 7) **Règlements communaux:**
 - a) Modifications/refonte du règlement de circulation;
 - b) Avenant au stationnement résidentiel;
 - c) Règlements temporaires de circulation.
- 8) **Personnel communal: création de quatre postes (service informatique, école de musique – secrétariat, service scolaire – natation, service des sports – équipe outdoor) dans l'organigramme.**
- 9) **Dénomination de rues: harmonisation orthographique de différents noms de rues.**
- 10) **Syndicats intercommunaux: modifications des statuts du TICE.**
- 11) **Changements au sein des commissions consultatives.**
- 12) **Motion du parti déi Lénk en faveur de la création de logements pour bénéficiaires de protection internationale et personnes éligibles à des aides au logement locatif.**

1. Communications

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ouvre la séance.

Il commence par les communications et notamment le décompte annuel d'Aquasud.

Aquasud a comptabilisé 251 045 entrées en 2015, dont 207 627 publiques. Cinquante-mille entrées provenaient des écoles. En 2016, les entrées sont passées à 269 161, dont 222 500 publiques. Cela représente une augmentation de 7 %. Depuis 2014, l'apport communal se chiffre à 1 965 857,28 € et le loyer à 819 000 € TVA incluse.

L'excédent se monte à 171 000 €.

En tout, Aquasud coute un-million par an à la Ville de Differdange. Comparé aux deux baraques qui servaient de piscines auparavant, c'est un bon résultat. En plus, trente personnes travaillent sur le site sous la direction de Véronique Alves.

Cette année, Aquasud a accueilli 130 000 visiteurs jusqu'à présent. Si le temps reste beau, le cap des 270 000 visiteurs sera dépassé.

Le nombre d'abonnements fixes se monte à 1170. La commune offre des tickets aux nouveaux habitants ainsi que lors de manifestations.

Un organe de contrôle siège trois ou quatre fois par an. En tout cas, la décision de rénover la piscine était la bonne.

En ce qui concerne le décompte, 2016 se clôture par un bénéfice de dix-millions d'euros composés de quatre-millions pour 2016 et six-millions pour les années précédentes.

Roberto Traversini rappelle qu'en 2011, 2012 et 2013, la commune était en déficit de sept, six et cinq-millions d'euros. Le collègue échevinal a donc fait du bon travail.

Ces résultats n'ont rien à voir avec le nouveau mode de financement des communes dont les effets ne se ressentiront qu'à partir de l'année prochaine.

La dette communale a baissé en permanence au cours des trois dernières années et se chiffre

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wann der wëllt, géife mer ufänken. Schéine gudd Moien alleguerten. Schéin iech erëmzegersi fir déi flott Gemengerotssëtzung, déi mer haut matenee verbréngen.

Mir hunn e puer Kommunikatiounen ze maachen. Mir hunn d'Chiffere vum Aquasud kritt an eisen Décompte annuel. Meng Kolleegen aus dem Schäfferot hunn och e puer Kommunikatiounen ze maachen. Da géife mer fir d'Éischt mat de Chiffere vum Aquasud ufänken, déi der virun iech leien hutt.

Et schaalet.

(Diskussiounen)

Ech kann esou net schwätzen.

(Diskussiounen)

De Bilan vun deene leschten dräi Joren. Ech presentéiere kuerz d'Chifferen. 2015 hate mer 251.045 Entréeën. Duvunner waren der 207.627 publik. Knapps 50.000 waren et eis Schoulen. 2016 sinn d'Entréeën op 269.161 eropgaangen. Dat waren 222.500 Leit aus Publik. Et ass eng Steigerung vu 7% vun 2015 op 2016.

Während deenen dräi Joren, zënter 2014 ass de kommunalen Apport, dee mer all Joer stëmmen oder net stëmmen, mä dee mer op alle Fall bezuelen, bei 1.965.857,28 Euro. Dat ass konstant bliwwen.

Mir kréien e Loyer vun 819.000 Euro mat der TVA eran.

Zwou Rechnunge sinn ze spéit erakomm. Wann een déi géif bei den Aquasud bei den Iwwerschoss eriwuerhuelen, hätte mer zousätzlech 137.000 Euro erakritt. Den Iwwerschoss ass 171.000 Euro.

Ënnert dem Stréch kascht eis den Aquasud knapps eng Millioun d'Joer. Wann der wësst, vu wou mer kommen, wou mer déi zwou Braken do haten, déi zwou Schwämmen – déi kann ee roueg esou nennen –, a wat mer do hu misse bezuelen, leie mer wäit drënner. En plus schaffen elo iwwer 30 Leit am Aquasud.

Dat Ganzt gëtt extrem gutt gefouert vun der Directrice Véronique Alves. Ech mengen, datt dat wierklech eiser Stad an eisen Awunner – an net nëmmen eisen Awunner –, wierklech extrem zegutt kënnt.

Eise Gemengeseekretär huet mer matgedeelt, datt mir elo scho bei 130.000 Visiteure sinn. A wann dat Wieder weider esou unhält – wann ee kuckt d'lescht Joer an d'virlescht Joer war et keen esou e gudd Summer –, wäerte mer bei iwwer 270.000 Visiteuren am Joer kommen.

Mir hunn iwwer 1.170 fest Abonnemeter. Mir hu versicht eise Bierger a Biergerinnen d'Tickete méi no ze bréngen. Wa se sech hei umelle kommen, kréie se en Ticket mat. Och bei verschiddene Veranstaltungen – sief dat bei de Sproochecoursen oder soss Saachen – gi mer de Leit mol ee Billjee mat, datt se den Aquasud entdecke kënnen.

Dat Ganzt gëtt natierlech och iwwerwaacht. Do si Leit vum Schäfferot dobäi. Kontroll muss sinn. Dat daagt dräibis véiermol d'Joer. Wann een dës Zuele gesäit, mengen ech, datt et richtig war, datt mer virun e puer Joren d'Entscheidung geholl hunn, fir eis Schwämm ze renovéieren.

D'Zuele vun den Dekonte si grad esou erfreetlech. 2016 hu mer ofgeschloss mat ronn 10 Milliounen Benefice.

Bal 4 Milliounen stamen aus dem 2016er Kont a 6 Milliounen aus deenen Exercicer vu virun.

Dir hutt richtig héieren. 10 Milliounen Iwwerschoss. Ech wëll iech awer soen, vu wou mer kommen. An de Joren 2011, 2012 an 2013 ware mer am Minus. Do hate mer eis Bilane mat 7, 6 a 5 Milliounen Defizit ofgeschloss. Just fir ze soen, wat dës Schäfferot gelescht huet. Et sinn net nëmmen dem Schäfferot seng Meritten, mä awer och e bëssen, datt mer de Kont 2016 extrem gutt ofschneiden.

Et huet net direkt eppes mat der Gemeengefinanzéierung ze dinn, well mer déi eréischt d'nächst Joer spieren. D'Salairé vun de Léierpersounen sinn dës Joer am Budget, well mer ëmmer ee Joer hannendra sinn. Dat heescht, deen nächste Schäfferot kann op alle Fall weider gutt schaffen an e kann net soen,

1. Communications

datt mer d'Suen zur Fënster erausgehät hunn.

Nach e Wuert zu eiser Schold. Déi ass konstant erof gaangen an de leschten dräi Joren. Soudatt mer elo eng Schold hu vun 62 Milliounen Euro. Dat ass eng Pro-Kapp-Verschëldung vun 2.400 Euro. Virun dräi Joer hate mer eng Schold vun iwwer 80 Milliounen Euro. Mir leien elo bei 4% Amortissement vun eisem Budget. 4%. Deemools ware mer bei iwwer 5%. Dat heescht, do si mer och erëm zrëckgaangen. An de Ministère toleréiert 20%. Da kënnt der iech virstellen, wivill Sputt mer nach hunn.

Nach eng lescht Zuel, an da sinn ech fäerdeg. Dat ass eis Ligne de crédit. Eng Ligne de crédit wou mer och am Positive sinn. Mir haten eng Ligne de crédit geierft vu 17 oder 18 Milliounen am Minus. Op den Dag vun haut si mer 3 Milliounen am Plus.

D'Gemeengefinanze sinn esou gesond wéi scho laang net méi. Do spille vill Saache mat. Do spillt natierlech d'Konjunktur mat. Do spillt natierlech mat, datt mer vill Sue froen, wou se dann och sinn. Dat geléngt eis net ëmmer. Mä op alle Fall kann ech mat deene Chifferen hei roueg schlofen als Responsabele vun de Finanzen. An ech mengen, et ka keen deem heite Schäfferot an deem heite Gemengerot herno virwerfen, mir hätten net op all Euro gekuckt.

Mir hunn et trotzdem nach fäerdeg bruecht, an de leschten zéng Jore bal 400 Milliounen Euro ze investéieren. Déi Chiffere sinn net vun näischt komm. Déi si komm duerch iech heibannen, duerch ganz gutt Leit, déi bei eis schaffen. An hinne soen ech vun dëser Plaz aus villmools Merci, datt si mat un engem Strang gezunn hunn.

Elo ginn ech dem Tom Ulveling d'Wuert, deen och eng Kommunikatioun huet.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Damen, Dir Hären, just ganz kuerz e puer Informatiounen. Éischtens hu mer de Bilan vu Megafuesend virleien. Dat huet eis insgesamt 30.000 Euro kascht. Dat ass e vill bessert Resultat, wéi mer eis er-

waart haten. Dank natierlech och der Participatioun vun RTL.

Da wollt ech iech soen, dass déi Skulpture vum Skulpturfestival op folgende Plaze wäerten opgestallt ginn: an der rue Aloyse Kayser, am Parc Dune, am Parc de la Chiers, an der rue Pierre Gansen an an der rue d'Oberkorn. An et steet schonn eng am 1535°.

Eng weider Informatioun ass déi, dass an der Foussgängerzon Netzer wäerten opgehaange ginn zwëschen der Gelateria an dem ING. Dat ass e Projet, dee mer mat de Schoulen, mam Senioreclub a mam Lycée international hunn, wou d'Kanner eis Fësch molen, déi dann duerno opgehaange ginn. Dat ass geduecht, fir am Summer eng Animatioun ze hunn hei zu Déifferdeng.

Bei der Spillplaz zu Nidderkuer komme mer relativ gutt virun. Mir hoffen, dass mer déi néideg Spiller nach virun der grousser Vakanz opgeriicht kréien, fir dass d'Kanner dovunner kënne profitéieren.

Zu gudder Lescht wëll ech iech informéieren, dass de Schäfferot decidéiert huet, deen neie CID hannert der Garage Collé zu Nidderkuer ze bauen. Mat der Planung hu mer ugefaangen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Ulveling. Här Muller.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Gudde Moien. Ech wollt iech matdeelen, dass mer elo definitiv den Ausbau vun der Spillschoul St. Pierre lancéiert hunn. De Wettbewerb ass ofgeschloss. Mir sinn ënnert dem Präis bliwwen.

Ech hunn iech den Dossier virgeluecht. Mir si knapp ënnert dem Präis vun 1.560.000 Euro bliwwen. D'Haaptreferenz war an der Qualitéit an an der Exekutioun.

Dir wësst, et ass e Projet "Clé sur porte" praktesch mat enger Entreprise générale, wou d'Architektur, d'Planung an d'Exekutioun abegraff ass. Soubal d'Verkanz ugeet, wäert et mam Bauen ugoen. Ech soen Iech Merci.

désormais à 62 millions d'euros soit 2400 € par tête d'habitant. Il y a trois ans, elle se montait à plus de 80 millions d'euros. Aujourd'hui, cela représente 4 % du budget alors que le ministère tolère 20 %.

Pour ce qui est de la ligne de crédit, elle est passée de -17 millions à +3 millions d'euros.

En tant que responsable des finances communales, Roberto Traversini se sent satisfait. Personne ne pourra reprocher à ce collègue échevinal de ne pas avoir fait attention à chaque dépense. Au cours des 10 dernières années, la commune a investi 400 millions d'euros. Ces résultats sont dus aussi au travail des employés de la commune que Roberto Traversini remercie.

TOM ULVELING (CSV) présente le bilan de Megafuesend, qui a coûté 30 000 €. Grâce notamment à la participation de RTL, les résultats sont meilleurs que prévu.

Les sculptures du symposium seront installées dans la rue Aloyse-Kayser, le parc Edmond-Dune, le parc de la Chiers, la rue Pierre-Gansen, la rue d'Oberkorn et le 1535°.

Des filets avec des poissons dessinés par les enfants seront accrochés dans la zone piétonne entre la gelateria et ING. Il s'agit d'un projet commun des écoles, du Club Senior et du lycée international.

L'aire de jeux de Niederkorn devrait être terminée avant les grandes vacances.

Enfin, le collège échevinal a décidé d'installer le nouveau CID derrière le garage Collé à Niederkorn.

ERNY MULLER (LSAP) annonce le début des travaux d'extension du préscolaire Saint-Pierre. Le concours est terminé.

Le prix se monte à 1 560 000 € et est donc moins élevé que prévu. Il s'agit d'un projet «clé en main» comprenant l'architecture, la planification et l'exécution.

2. Actes et conventions

ALI RUCKERT (KPL) *suppose que le rapport d'Aquasud n'a pas été réalisé cette nuit. Pourquoi les conseillers ne l'ont-ils pas reçu plus tôt? Car le bourgmestre fait des déclarations que les conseillers communaux ne peuvent pas vérifier.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
va lui faire une proposition.

ALI RUCKERT (KPL) *ajoute que les baraques dont a parlé M. Traversini ont rendu bien des services pendant des années. Le bourgmestre s'est montré arrogant en parlant d'installations qui étaient uniques dans le pays à l'époque.*

M. Traversini a présenté Aquasud comme si tout était parfait. Or Ali Ruckert a entendu dire que parfois, les classes scolaires se retrouvent sans maître nageur et qu'un employé de la bibliothèque doit aller le remplacer.

En plus, si Aquasud ne coute pas cher à la commune, c'est parce que ce sont les employés qui paient à travers des salaires bas. C'est ce qui arrive lorsqu'on privatise des infrastructures et qu'on les fait gérer par de grosses boîtes.

Les communistes demandent au collègue échevinal de faire machine arrière pour ce qui est des privatisations. M. Traversini ne peut pas prétendre que cela reviendrait trop cher, car il a lui-même dit que les finances communales se portaient bien.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
n'est pas d'accord avec M. Ruckert, mais ne voit pas d'inconvénient à ce que celui-ci lise le rapport et pose ses questions lors de la prochaine séance.

L'ancienne piscine n'était pas une baraque au début, mais elle l'est devenue au fil du temps.

(Interruption)

Roberto Traversini pense qu'il s'agit de 1,6 ou 1,7 million d'euros.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Muller. Da géife mer zur Dagesuerdnung kommen. Här Ruckert, jo. Ganz gär.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir hutt eis de Rapport d'activité virgeluecht vun Aquasud. Deen ass jo net dës Nuecht gemaach ginn. Deen ass jo bestëmmt scho méi laang fäerdeggestallt ginn.

Firwat hu mer deen net éischter zougestallt kritt? Dann hätt ee sech dat a Rou kéinten ukucken. Well Dir behaapt elo einfach hei e puer Saachen, wou een net ka richtig drop reagieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma ech maachen Iech erëm e Virschlag.

ALI RUCKERT (KPL):

Dir hutt vun deenen ale Brake geschwat, déi mer do gehat hätten. Majo déi al Braken hunn eis während Joerzénge net gudden Déngscht zu Déifferdeng geleescht. An ech fannen et e bëssen iwwerhiefléich, wann een dann esou iwwerwert déi Installatiounen, déi do gemaach gi sinn, wéi kee Mënsch am Land esou Schwämmen hat wéi mir, schwätzt.

Ech muss och soen, Dir stellt dat alles duer, wéi wann do keng Problemer wäeren, wéi wann dat fantastesch wär. Ech hunn alt emol héieren, dass Schoulklassen dohinner ginn an datt se da kee Schwammmeeschter fannen. Da misste se biederle goe bei een, deen an der Bibliothék schafft oder soss enzwousch, ob en net eng Schwammstonn ofhält. Do ka jo dann awer net alles esou klappen, wéi Der sot.

Wéi gesot, et misst ee sech emol a Rou ukucken, wat do passéiert. Well Dir wësst jo ganz genau, wann dat eis net vill kascht, geet dat op d'Käschte vun deene Leit, déi do schaffen. Well deenen hir Léin si jo net grad besonnesch héich. Dat huet dermat ze dinn, dass Dir an

anerer déi ganz Saach privatiséiert hutt, engem grouse Konzern dat ginn hutt an d'Gemeng am Fong sech d'Hänn wollt an Onschold wäschen. Mä dat ass e Resultat vun där Politik.

Dofir wëll ech hei nach eng Kéier drun erënneren, als Verrieder vun der Kommunistescher Partei, dass mir derfir sinn, dass déi Privatiséierung réckgäנגeg gemaach gëtt an dass d'Gemeng sech dorëm këmmert.

A kommt elo net, dat géif eis schrecklech d'Aen aus dem Kapp kaschten, well Dir hutt selwer virdru gesot, dass sech d'Gemeengefinanze ganz gutt stinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Ech sinn natierlech absolutt net Ärer Meenung. Ech hunn awer kee Problem, wann Der dat elo alles nogekuckt hutt, datt mer an der nächster Sitzung virum Ofschloss nach eng Kéier doriwwer schwätzen, wann Der Saachen am Rapport fannt, déi aneschtens sinn, wéi wat ech Iech gesot hunn. Hunn domadder absolutt kee Problem.

Ech sinn nach ëmmer der Meenung, datt mer gutt sinn. Am Ufank waren et keng Braken. Mä zum Schluss waren et Braken. Vun der Energieverschwendung guer net ze schwätzen. Mä dat kënne mer jo dann d'nächste Kéier am Gemeengerot mateneen diskutieren.

(Ënnerbriechung)

Aus dem Bauch eraus, leie mer bei 1,6 oder 1,7 Milliounen. Ech misst awer genau nokucken, wat dat eis kascht hätt. Ech kucken dat no.

Da géife mer zum zweete Punkt kommen. Dat ass d'Charte fir d'Egalité entre femmes et hommes.

Mir hunn eng nei Mataarbechterin, d'Lang Elisabeth. Dir wësst, mir hate vill Wiessel, Schwangerschaft, net Schwangerschaft. D'Elisabeth schafft zënter e puer Woche bei eis. Ech hunn et gebieden, an de Gemeengerot ze kommen, datt dir et kenneléiert an datt d'Elisabeth eis kuerz sech a seng Aarbecht virstellt.

2. Actes et conventions

Well alles, wat hei geschafft ginn ass, war et net d'Elisabeth, dat et ausgeschafft huet, mä hatt schaff mat der Kommissioun zesummen, fir dat ëmzesetzen.

Elisabeth.

ELISABETH LANG:

Merci. Gudde Moien, Här Buergermeeschter, Schäffen a Conseilleren.

Wéi scho gesot, mäin Numm ass Elisabeth Lang. Ech sinn nei am Service. An ech presentéieren iech elo kuerz den Inhalt vum Plan d'action communal. D'Aktiounen, déi gemaach gi sinn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Méi haart.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

E bësse méi haart oder méi no.

ELISABETH LANG:

Méi no geet net.

(Diskussiounen)

Jo, dat wier fein.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Sou schnell geet et, datt een eng Fra méi am Gemengerot huet.

(Gelaachs)

ELISABETH LANG:

Da fänken ech nach eng Kéier un, dass och jiddereen héiert, wat ech soen. Also, gudde Moien alleguer. Wéi scho gesot, ech sinn nei am Service. Mäin Numm ass Elisabeth Lang.

Ech sinn am Service Egalité des chances zoustänneg fir de Volet Egalité entre femmes et hommes. Ech presentéieren iech kuerz den Inhalt vum Plan d'action communal, d'Aktiounen déi gemaach gi

sinn an och wéi mer ons an Zukunft virstellen, am Service weiderzeschaffen.

De Plan d'action communal baut op de Prinzipie vun der europäescher Charte fir d'Gläichstellung vu Fra a Mann op. Dës Charte besteet aus sechs Prinzipien an 30 Artikelen. Déi gouf och hei vun der Gemeng scho virun e puer Joer unerkannt.

Wa mer vun deene sechs Prinzipie vun der Charte schwätzen, geet et virun allem ëm d'Gläichstellung vu Fra a Mann als Grondrecht. Et geet drëms, déi verschidden direkt an indirekt Diskriminatiounen ze berécksiichtegen, wa mer ons wëlle fir d'Gläichstellung vu Fra a Mann asetzen. Et geet drëms, dass d'Fraen an d'Männer gläichermoossen an engem equilibréierte Verhältnis bei Decisiounen kënne matbestëmmen.

Et geet och drëms, sech géint Stereotyp-Duerstellungen vu Fra a Mann a fir méi en equitabelt Bild vu Fra a Mann anzesetzen.

Et geet drëms d'Gläichstellung vu Fra a Mann bei allen Aktiounen um kommunale Plang ze berécksiichtegen a matanzebegreifen.

An et geet eben drëms, dass mer dëse Plan d'action communal ausschaffen, respektéieren an dann och d'Moossnamen ergreifen, d'Aktiounen maachen, déi mer an deem Plang definéieren.

Bei deene konkreten Aktiounen, déi an deem Plang stinn an déi bis elo gemaach gi sinn, hu mer ons op dräi Beräicher konzentréiert. Et geet virun allem ëm d'Kommunalpolitik, d'Représentation politique, d'Gemeng Déifferdeng als Employeur a Sensibiliséierungsaarbecht.

Zum Thema Kommunalpolitik hu mer ons dofir agesat, d'Frae méi ze mobiliséieren, sech politesch ze engagéieren. Dozou gouf et een Informatiounsowend zum Thema. Dat ass an Zesummenaarbecht mam Ministère de l'Égalité des Chances organiséiert ginn. Et gouf d'Campagne Vote et égalité, déi der jo wahrscheinlech alleguer kennt. Da gouf et Affichë mam Slogan: «Je suis engagée dans la politique de ma commune». Op Lëtzebuergesch: A menger Gemeng politesch engagéiert. Dat sinn Affichen, déi

Roberto Traversini passe au second point, la charte pour l'égalité entre femmes et hommes.

La Ville de Differdange a recruté Elisabeth Lang il y a deux semaines. Elle va présenter son travail aux conseillers communaux.

Roberto Traversini précise que la charte n'a pas été élaborée par Elisabeth Lang.

ELISABETH LANG commence sa présentation.

TOM ULVELING (CSV) lui demande de parler plus fort.

ERNY MULLER (LSAP) ajoute qu'elle peut aussi se rapprocher du micro.
(Discussions)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) plaisante sur le fait que le conseil communal compte une nouvelle femme dans ses rangs.
(Rires)

ELISABETH LANG fait partie du service à l'égalité des chances entre femmes et hommes. Elle va présenter les actions mises en œuvre et celles prévues à l'avenir.

Le plan d'action communal repose sur les six principes et trente articles de la charte européenne pour l'égalité entre femmes et hommes.

Les six principes visent à supprimer les discriminations directes et indirectes. Les hommes et les femmes doivent pouvoir prendre les décisions dans un rapport équilibré. Il s'agit aussi de lutter contre les stéréotypes. Chaque action communale doit tenir compte de l'égalité entre les hommes et les femmes. Des mesures doivent être retenues dans le plan d'action qui devra ensuite être respecté par la commune.

Jusqu'à présent, le plan se concentre sur trois aspects: la politique communale, la représentation politique, la commune en tant qu'employeur et le travail de sensibilisation.

En ce qui concerne la politique communale, il faut convaincre

2. Actes et conventions

les femmes à se mobiliser. Elisabeth Lang rappelle le partenariat avec le ministère à l'Égalité des Chances et la campagne Vote et égalité.

Pour ce qui est de la commune en tant qu'employeur, une enquête a été réalisée en 2014 avec le ministère à l'Égalité des Chances et Eurogrupp concernant la parité entre hommes et femmes au sein de l'administration.

La même année, Sing-Loon a été recruté pour s'occuper de la diversité, de l'intégration et du handicap.

Le plan d'action communal a été présenté au public lors de la Journée internationale de la femme. Une coupe et un cadeau ont été offerts aux femmes avant la projection d'un film.

Deux rues ont été nommées d'après deux Differdangeoises: Yvonne Useldinger et Yvonne Stoffel-Wagener. La rue Marie-Rausch-Weyland existait déjà. Il faut comprendre que l'égalité des chances entre femmes et hommes fait partie des droits de l'homme et qu'il faut en tenir compte dans tous les aspects.

L'égalité entre femmes et hommes est aussi liée à des thèmes comme la diversité, le handicap et l'accessibilité. C'est pourquoi les deux services coopéreront davantage à l'avenir. L'objectif est d'atteindre un public plus vaste.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *est content de pouvoir approuver ce plan. Il remercie les membres de la commission à l'égalité des chances et notamment la présidente Alexandra Marcelet pour leur travail formidable.*

La charte européenne en question date de 2006. Son but était de promouvoir l'égalité des chances au niveau local.

La Ville de Differdange a signé la charte en 2010, mais n'a pas pris de mesures concrètes par la suite.

Aujourd'hui, alors que le service à l'égalité des chances est enfin stable, le plan d'action communale définissant vingt objectifs a été présenté. Il s'agit avant tout

an der Gemeng opgehaangen a verbreet goufen.

Zum Thema Déifferdenger Gemeng als Aarbechtsgeber, gouf eng Enquête gemaach an Zesummenaarbecht mam Ministère de l'Égalité des Chances a mat Eurogrupp. Déi Enquête ass 2014 gemaach ginn. An do geet et eben ëm d'Gläichstellung vu Fra a Mann innerhalb vun der Administratioun vun der Gemeng.

Am selwechte Joer 2014 gouf een neie Posten am Service geschaf. Dat ass de Sing-Loon. Dee këmmert sech ëm Diversité, intégration an Handicap. Dat ass mäi Mataarbechter.

Fir d'Journée internationale de la femme ass dëse Plan d'action communal effentlech virgestallt ginn. Do ass eng Coupe offréiert ginn an e Cadeau surprise fir d'Fraen. Duerno ass uschlëssend e Film zum Thema presentéiert ginn.

Weideres hu mer beim Projet Rues au féminin zwee Nimm vu Fraen, déi eppes mat Déifferdeng ze dinne hunn, fir Stroossennimm virgeschloen. Ech mengen, dat war hei och schonn eng Käier Thema. Dat ass d'Yvonne Useldinger an d'Yvonne Stoffel-Wagener. Et gëtt schonn eng Strooss mat enger Déifferdenger Fra. Dat ass d'Marie Rausch-Weyland.

An Zukunft ass et ebe wichteg ze verstoen, dass all Themepunkte vun der Sparte Égalité des chances entrees femmes et hommes grondsätzlech Mënscherechter sinn an deemno all Mënsch an all Themen an Aktiounsberäicher direkt an indirekt mat deem Thema betraff ass, ob een dat wëll oder net.

D'Themeberäicher Diversité, Intégration, Accessibilité an Handicap hänken am Alldag vun onse Projeten a Sensibilisatiounsaarbecht ëmmer erëm mam Thema Égalité entrees femmes et hommes zesummen. An aus deem Grond wëlle mir am Service an Zukunft méi staark zesummeschaffen. An an Zukunft deen nächste Plan d'action communal als transversale Plan d'action verstoen, wou mer déi verschidden Themeberäicher regroupéieren an esou vläicht méi e grouse Publikum errechen an och méi Projete kënnen starten. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. D'Ronn ass op. Den Här Hobscheit Pierre, w.e.gl.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Damen, Dir Hären, als Spriecher vun der LSAP wëll ech hei betounen, wéi frou ech sinn, dass mer dës kommunalen Aktiounsplang haut kënnen stëmmen. Ech wëll vun der Geleeënheet profitéieren, fir de Membere vun der Chancëgläichheetskommessioun mat un der Spëtzt hirer Presidentin Alexandra Marcelet fir déi formidabel Aarbecht ze gratuléieren. Ech weess, dass si sech ganz vill agesat huet an der Kommessioun als Presidentin. Ouni hiren onermiddlech Asaz, wiere mer haut net do, wou mer sinn, a kéinte mer haut net iwwert dës Plang ofstëmmen.

D'europäesch Charte, ronderëm déi dës Aktiounsplang dréit, geet schonn zréck op d'Joer 2006 – dat hu mer grad héieren – an huet domat schonn eelef Joer um Bockel. D'Zil vum Conseil des communes et régions war et deemools, fir méi Chancëgläichheet tëschent Männer a Fraen op lokalem Niveau ze sueren.

D'Gemeng Déifferdeng huet 2010 dës Charte schonn ënnerschriwwen, ouni dass et duerno wierklech zu konkrete Mesuren en vue vun der Schafung vun esou engem Aktiounsplang komm wier.

Haut, nodeems de kommunale Chancëgläichheitsservice personell endlech nees op stabilen Been steet, kënnen mer iwwert dës Plang diskutéieren, deen eng ronn 20 konkret Objektiv definéiert. Mir hu grad héieren, ëm wat et do genee geet. Virun allem fir eng besser Gläichstellung tëscht Mann a Fra am politesche Prozess an eiser Gemeng ze garantéieren.

Mat dësem Plang soll et net gedoe sinn. Au contraire. Dës Plang soll just eng éischt Etapp sinn. Denkbar ass zum Beispill, wéi et och ugedeit gouf, e grouse kommunale Plang dee sämtlech Themen, wéi Integratioun, Handicap, Egalitéit tëscht Mann a Fra an och den drëtten Alter ofdeckt, deen also e bësse méi

2. Actes et conventions

wäit geet a verschidden Themen zesumme faasst.

D'LSAP jiddefalls ass immens frou, dass mer haut op dësem Punkt ukomm sinn, wou mer iwwert dës kommunalen Aktiounsplang kënnen ofstëmmen. Ech wëll vun dëser Plaz aus all deene Leit, déi un dësem Pabeier matgeschafft hunn, nach eng Kéier e grouse Merci aussprechen. A mir wäerten dat hei selbstverständlech matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Häre Schäfferot, Kolleginnen a Kollegen, waart ech changéiere ganz kuerz de Brëll.

Dir Dammen an Dir Hären, schonn am Joer 2010 huet d'Stad Déifferdeng, als eng vun deenen néng Gemengen hei am Land, déi europäesch Charte vun der Chancëgläichheet zwësche Fra a Mann am lokale Liewen ënnerschriwwen. Si ass domadder en Engagement agaan, fir d'Ëmsetzung vun engem lokalen Aktiounsplang, dee mëttel- bis laangfristeg konsequent Efforte mat sech bréngt a Prioritéiten an Objektiver definéiert am Engagement fir d'Chancëgläichheet.

Säit deem hunn 18 Gemengen hei zu Lëtzebuerg dës europäesch Charte ënnerschriwwen, déi op allgemengen universelle Mënscherechter baséiert.

D'Gemeng Déifferdeng ass eng multikulturell Stad mat 106 verschiddenen Nationalitéiten. Dat ass eng flott Erausforderung, fir déi Stereotyp Viruuteler ze eliminéieren an eis anzesetzen fir d'Gläichheet vu Fra a Mann – oder Mann a Fra – an alle Liewensberäicher.

Am kommunalen Aktiounsplang 2014-2017 – e bësse spéit, awer wuel wësend, dass personell Contraintë virlouchen –, deen eis haut zur Ofstëmmung am Dossier Gemengerot virläit, fanne mer eng Panoplie vun Objektiver fir eng Politik ze maachen am Sënn vun der Chancëgläichheet. An domadder déi 30 Punkte vun der Charte, wat e politesch

a moralescht Engagement ass, ëmzesetzen an Zesummenaarbecht mam Chancëgläichheetsschaffen, dem Schäfferot, dem Gemengerot, de Gemengeservicer, de Kommissiounen an och mat Sensibiliséierungscampagnen no baussen hin. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren. D'Demokratesch Partei stëmmt dofir.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och Madamm Saeul. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, ech si frou, dass no laanger Zäit – quasi eng ganz Legislatur vun dësem Gemengerot – deen heiten Aktiounsplang endlech zum Vott kënn.

Mir hunn et hei mat engem laangen Historique ze dinn. Wou ech mer seriö Froe stellen, firwat mer esou laang Zäit gebraucht hunn. Ech hunn Iech, Här Buergermeeschter, dës Woch héiere soen „Zu Déifferdeng si mer schnell“ am Kader vum Konflikt mat Suessem an d'Fro vun der Rue de l'Industrie. Ma hei, muss ech soen, si mer ganz lues. 2010 ass d'Charte ënnerschriwwen ginn. Zënter 2012 si mer elo bei der véierter Persoun, déi am Chancëgläichheetsservice schafft. Dat heescht, dräi Persounen waren involvéiert, deen Aktiounsplang op d'Schinn ze kréien. Mat där zweeter Persoun, déi domadder befaasst war, ware mer am Fong scho ganz wäit komm.

A wéi mer dunn awer erëm eng Zäitchen ouni Persoun am Chancëgläichheetsservice waren, hu mer gesot, e Chancëgläichheetssplang kann ee ganz grouss uleeën. Et muss een en awer net ganz grouss uleeën, andeems ee seet, mir maachen elo eng pragmatesch Approche. Mir wielen e puer Haaptaktiounen eraus, déi mer verfaassen. Mam Zil, dass een iwwerhaupt emol e Suivi huet, Indicateuren an Donnéeën huet iwwert dat, wat mer grad maachen a sech e puer Ziler gëtt, déi dann och realistesch sinn.

Oft sinn esou Chancëgläichheetsspläng relativ grouss an dann ass d'Ëmsetzung

de garantir une plus grande parité entre hommes et femmes dans la vie politique communale.

Ce plan ne constitue qu'une première étape d'un plan plus vaste englobant aussi l'intégration, le handicap et le troisième âge.

Les socialistes se réjouissent du fait que ce point soit enfin soumis au vote. Pierre Hobscheid remercie tous ceux qui ont contribué à la réalisation du plan.

CHRISTIANE SAEUL (DP) doit changer de lunettes avant de prendre la parole.

Elle rappelle que Differdange a été une des premières communes du pays à signer la charte européenne en 2010. La commune s'est alors engagée à mettre en œuvre un plan d'action locale à moyen et long terme définissant les objectifs en matière d'égalité des chances.

Depuis, 18 communes ont signé cette charte reposant sur les droits de l'homme.

Differdange est une ville multiculturelle comptant 106 nationalités. Éliminer les préjugés et s'engager pour l'égalité entre les hommes et les femmes constitue un beau défi.

Le plan d'action communal comprend une série d'objectifs permettant de mettre en œuvre les trente points de la charte en partenariat avec l'échevin à l'égalité des chances, le collège échevinal, le conseil communal, les services communaux et les commissions.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) se réjouit que ce plan d'action soit enfin soumis au vote du conseil communal. Il ne comprend pas pourquoi il a fallu tout ce temps.

Cette semaine, le bourgmestre a vanté la rapidité du collège échevinal dans le cadre du conflit avec Sanem concernant la rue de l'Industrie. Mais la charte dont il est question aujourd'hui a été signée en 2010. Depuis 2012, quatre personnes ont travaillé au service à l'égalité des chances. Trois se sont occupées

2. Actes et conventions

de la charte. La deuxième avait bien avancé dans son travail. Finalement, on s'est aperçu qu'un plan d'action pour l'égalité des chances peut être vaste ou bien pragmatique. Une approche pragmatique permet d'avancer plus rapidement.

Isabel Scott a élaboré le plan en partenariat avec la commission. Fin 2016, ce plan a été présenté au collège échevinal. Il en a été question le 8 mars lors de la Journée internationale de la femme et aujourd'hui, il est soumis au vote du conseil communal.

Gary Diderich se demande pourquoi il a fallu tout ce temps et quel a été le choix politique du collège échevinal. En effet, le plan n'a pas du tout évolué.

Le volet «budget» par exemple ne peut pas être rempli par la commission. Comment la mise en œuvre du plan sera-t-elle financée?

En fait, il est question du plan de 2014-2017. Onze actions ont déjà été mises en œuvre et onze autres sont en train de l'être. Vingt-et-une sont neuves.

La commission aborde aussi souvent la question de la politique de recrutement. À compétences égales, on pourrait privilégier le sexe sous-représenté dans les différents services. Par exemple une femme pour conduire un camion et un homme pour travailler dans les maisons relais. Bien entendu, la priorité serait accordée aux qualifications. Le choix dépendrait aussi des candidatures. Il n'est pas question d'attendre trois ans qu'une femme ou un homme se présente.

Ce système fonctionne le mieux avec un conseil de recrutement tel qu'il a été introduit à Esch notamment par André Hoffmann de déi Lénk.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

suppose que c'est la raison pour laquelle M. Diderich approuve cette mesure.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *réplique qu'un tel conseil de recrutement s'assure que les can-*

net onbedéngt esou evident. Hei hu mer eng pragmatesch Approche gewielt, fir iergendwéi nach d'Chance ze hunn, dee Plang esou schnell wéi méiglech kënnen ze stëmmen.

Mat der ganz aktiver Mataarbecht vum Isabelle Scott, déi mat der Kommissioun deemools de Plang ausgeschafft hat, deem mer dofir Merci soen, hate mer de Plang Enn 2016 Ufank 2017 virleie gehat an dem Schäfferot matgedeelt. Den 8. Mäerz 2017, fir den internationale Fraendag, louch e vir. E louch vir am Kader vum 8. Mäerz, wou mer am Stadhaus e Film zum Thema gewisen haten. An elo den 21. Juni hu mer dat am Gemengerot leien.

Meng Fro ass déi: Firwat huet dat esou laang gedauert, wann e scho fäerdeg ausgeschafft war? A wat ass am Fong de Choix politique gewiescht vun dësem Schäfferot innerhalb vun deem Plang?

Ech als Member vun der Kommissioun hu keng Signaler vun engem Schäfferot héieren oder gesinn am Zesummenhang mat deem Chancëgläichheetsplang. En ass tel quel wéi mer e virgeluecht kruten. Dat kann een éieren als Kommissioun, well ee sech seet: „Dann hu mer gutt geschafft“. Esou kann een et positiv gesinn. Et kann een et och kritesch gesinn, andeems ee seet: Ass sech dat wierklech ugekuckt ginn? Ass wierklech eppes domadder gemaach ginn?

Wann een de Volet Budget kuckt, kënnen mir deen als Kommissioun net ausfëllen. Do ass weider näischt domat geschitt. Dat heescht, wéi realistesch ass d'Ëmsetzung, wann ee sech keng Gedanke mécht iwwert de Budget, deen d'Ëmsetzung finanzéiert? Dat si Froen, déi ee sech muss stellen.

Mir schwätzen hei vun engem Plang 2014-2017, well am Fong dee Plang, dee mer mam Corinne Lahure ausgeschafft hunn, gutt war an zum Deel schonn Aktiounen an Ugrëff geholl gi sinn. Deen hei Plang leeft elo bis Enn 2017. Mir schwätze vun eelef Aktiounen, déi schonn ëmgesat sinn. Eelef Aktiounen sinn amgaangen ëmgesat ze ginn. Eng Rei hunn och de Statut en permanence. Do muss een ëmmer oppassen, well dat déi ganzen Zäit kann heeschen an heiansdo ni. An 21 nei Aktiounen.

Ee Volet, deen ech an der Kommissioun ëmmer erëm ugeschwat hunn, deen awer net esou zrëckbehale ginn ass, ass deen, dass mer solle méi eng geziilt Astellungspolitik maachen. An anere Gemenge maache se dat schonn.

Zum Beispill, dass ee seet, mir bestellen an all Metier respektiv an all Service ëmmer de préférence déi Persounen an, déi vum Sexe sous-représenté sinn. Wa vill Männer an engem Volet sinn – zum Beispill Camionschaufferen a mir hunn eng Camionschauffeuse, déi sech bewirbt –, stelle mer d'Fra a mat där nammlecher Qualifikatioun. Fir dass mer an deem Beräich, an deem Metier fërderen, dass souwuel Mann wéi Fra sech ka bewerben.

Wa mer vill Fraen an engem Secteur hu wéi am edukative Beräich an an de Maisson-relais, stelle mer e Mann an deem Beräich an à qualification égale. Wann s de natierlech ee fënns. Dat hei ass opgrond vun de Bewerbungen. Et ass net, fir dräi Joer ze waarden, bis een e Mann oder eng Fra an engem Beräich fonnt huet.

Dat ass elo net zrëckbehale ginn. Dat funktionéiert am beschten – do gi mer iwwert d'Chancëgläichheet vu Mann a Fra eraus, an dat ass och gutt esou – mat engem Conseil de recrutement wéi zu Esch, deen ënnert der Mataarbecht vum Änder Hoffmann vun déi Lénk agefouert ginn ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ah, dofir ass et gutt, wahrscheinlech.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat ass e Conseil de recrutement, deen ebe sécherstellt, dass opgrond vu Kritären agestellt gëtt a jidderee gläich Chancen huet bei enger Astellung. An net wéi mer et leider hei an der Gemeng och kennen, ënnert dësem an dem viregten a ville viregte Schäfferéit, dass...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Maacht dach keng esou Ënnerstellungen.

2. Actes et conventions

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

No anere Kritäre gekuckt gött...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, maacht keng esou Ënnerstellungen, w.e.gl. oder beweist eis et.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

A Leit vu Familljen agestellt ginn, déi deene politesche Responsabelen nostinn. Dat ass eng Realitéit, e Fakt. Dat ass keng Ënnerstellung. Dat wësse mer alleguerten.

Ech mengen, mir kéinten elo virun de Wahlen de Courage huelen, fir ze soen: Kommt mir ginn eis elo eens virun de Wahlen, wou jo jiddereen d'Méiglecheet hat, an de leschte Joerzénge seng Leit ze placéieren ausser déi Lénk...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Är Mamm huet op der Gemeng geschafft oder net?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech soen net, dass jiddereen nëmmen agestellt gött opgrond vun deene Kritären.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ah! Dofir, passt op, wat Der sot.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech soen, dass et e Conseil de recrutement soll ginn, fir dass mer esou Diskussiounen net méi brauchen ze féieren. Wou Leit aus der Oppositoun an esou engem Conseil sinn – och Fonctionnairen oder zum Beispill d'Vertriederin vum Chancëgläichheitsservice – also d'Persoun, déi am Chancëgläichheitsservice schafft.

Elo virun de Wahlen kéinte mer dat nach op de Wee bréngen. Da kéinte mer an eng nei Legislatur starte mat där doter Basis, wou dann déi Saache kloer wären.

Fir ofzeschléissen, wëll ech awer op méi eng positiv Nott kommen. Mir hunn elo mat de Wahlen och eng Chance – dofir ass et gutt, dass deen Aktiounsplang elo kënnt – eng Chance, dat, wat mer hei elo stëmmen – jidderee schéngt jo bis elo dofir ze sinn, et huet nach net jidderee geschwat –, och an eiser Praxis innerhalb vun de Parteien, wann et ëm d'Representatioun vu Mann a Fra an der Politik geet, an der Realitéit ëmzesetzen.

Dat heescht, dass mer bei den nächste Kommissiounen zum Beispill net systematesch Fraen nenne fir an eng Sozialkommissioun, an eng Kannerkommissioun, an eng Schoulskommissioun, an eng Jugendkommissioun oder an eng Chancëgläichheitskommissioun, well do vill Frae vertruete sinn a wéineg Männer. Déi si vertrueden an enger Bautekommissioun oder an enger Finanzkommissioun. Mir hunn eng Presidentin an der Bautekommissioun. Dat wëll ech hei zwar ervirhiewen. Mä dat hieft net alles op an all deenen anere Kommissiounen wéi Verkéierskommissioun an anerer, wou ech denken, dass et am Sënn ass vun deem Aktiounsplang a vun där Charta, dass mer och eng Paritéit ustriewen.

Dat gëllt och, wéi mer eis uleeë fir d'Wahlen, wou ee kuckt, wéi ee seng Lëschten zesummetellt, fir dass mer do och op en anert Resultat komme vun 19 Gemengeconseillere just dräi Fraen, an dat nach duerch vill Rotatioun. Dann hätte mer eis do e bësse verbessert.

Jiddefalls als déi Lénk hu mir eege Mesurë geholl, wéi eben, dass mer eng Rotatioun maachen. Dat huet a ville Gemengeréit, wou mir elo vertruete waren, dozou gefouert, dass eng Fra nokomm ass. Bei eis hei zu Déifferdeng wäert dat schwéier ginn. Mä mir hoffen, dass dat jiddefalls bei den nächste Wahlen wäert de Fall sinn. An hoffen, dass de Wieler och an déi Richtung wäert goen. Well och Frae kënne sech ganz gutt an engem Gemengerot verrieden. Ech soen Iech Merci.

didats ont tous les mêmes chances, alors qu'à Differdange...

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
demande à M. Diderich de ne pas faire de telles insinuations à moins qu'il n'ait des preuves.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)
réplique qu'à Differdange, on choisit des membres de la famille ou des personnes proches des responsables politiques. Il est temps que les hommes politiques fassent preuve de courage. Mis à part déi Lénk, tous les autres ont placé leurs proches pendant des décennies.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
rappelle à M. Diderich que sa mère travaillait pour la commune.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)
n'a jamais dit qu'il n'y avait pas d'exceptions.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
conseille à M. Diderich de faire attention à ce qu'il dit.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)
réplique que l'existence d'un conseil de recrutement permettrait d'éviter des discussions de ce genre. Un tel conseil comprendrait des membres de l'opposition, des fonctionnaires ou la représentante du service à l'égalité des chances.

Les élections offriront la possibilité aux partis de mettre en pratique le plan d'action, par exemple en ce qui concerne la composition des commissions. Car actuellement, la commission sociale ou la commission des enfants se composent de nombreuses femmes, alors que celle des bâtisses se compose essentiellement d'hommes.

Le même type de réflexion doit être fait pour ce qui est des listes électorales. Actuellement, sur 19 conseillers communaux, il n'y a que 3 femmes.

Déi Lénk a notamment décidé d'établir une rotation, ce qui a permis à plusieurs femmes de faire partie de conseils commu-

2. Actes et conventions

naux. Malheureusement, cela n'a pas pu être le cas à Differdange. Gary Diderich espère que les électeurs se rendront compte que les femmes sont de bonnes représentantes.

ROBERT MANGEN (CSV) annonce le soutien à la charte de la part du CSV.

L'égalité des droits et le respect dans tous les domaines devraient être enseignés à l'école le plus tôt possible.

ALI RUCKERT (KPL) estime qu'une bonne partie des points soumis au vote aujourd'hui ont déjà été réalisés entre 2014 et 2017. Il s'agit donc de «moutarde après-dîner».

Cependant, ce débat est important tout comme il est important de réaliser les autres points.

Lorsqu'il est question de l'égalité entre les hommes et les femmes, il est étonnant de voir que l'aspect économique est systématiquement exclu. En tant que communiste, Ali Ruckert est convaincu qu'il n'y aura pas d'égalité des droits sans parité sociale. Car il est facile d'exiger que les hommes et les femmes touchent le même salaire à compétences et tâches égales. Mais encore faut-il établir des contrôles pour s'assurer que ce soit bien le cas sur le terrain.

Or la vérité, c'est que le principe existe déjà, mais qu'il n'est pas respecté. Ali Ruckert connaît des cas de femmes de ménage travaillant depuis 10 ou 12 ans, et auxquelles le patron refuse d'octroyer le salaire minimum qualifié auquel elles auraient pourtant droit. Bien sûr, elles pourraient le dénoncer. L'affaire s'étalerait alors sur cinq ou dix ans. Un jugement serait alors rendu, mais le patron ne s'y tiendrait toujours pas.

Le bourgmestre est au courant de cette situation, mais il ne prend pas position à la Chambre. Le plan communal mérite des louanges, mais il ne suffit pas. La commune doit se demander ce qu'elle peut faire sur le plan social.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉ GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Mangen, w.e.gl.

ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Als CSV ennerstëtze mir dës Charte européenne.

A sech sollt d'Gläichberechtigung an de géigesäitege Respekt vun alle Mënschen net nëmmen am Geschlechterberäich fréi an de Schoule geléiert ginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉ GRÉNG):

Merci och. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen hei iwwer e Punkt of, wou mer alleguer wëssen, dass vill vun deene Saache scho realiséiert gi sinn tëschent 2014 an 2017.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉ GRÉNG):

Richteg.

ALI RUCKERT (KPL):

Et ass also e bësse Moutarde après dîner.

Et ass natierlech schéin, wa mer dat elo op d'Dagesuerdnung kréien. An et ass och wichteg, dass déi aner Punkten, déi do dra sinn, och an Zukunft realiséiert ginn an och vläicht e bësse méi séier realiséiert ginn, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Wa mer hei iwwert d'Gläichberechtigung vun der Fra schwätzen, kann een nëmme verwonnert sinn, wann een esou europäesch Aktiounspläng gesäit, dass den ekonomesche Beräich systematesch ausgeschloss gëtt, dass net doriwwer geschwat gëtt.

Als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei sinn ech der fester Iwwerzeugung, wann et keng sozial Gläichstellung gëtt, wann also net sozial Gerechtegkeet kënnt, dass mer dann och net dozou wäerte kommen, dass et zur Gläichberechtigung vun der Fra kënnt. Et ass schéin a gutt, wann ee seet Männer a Frae mussen op enger Aarbeetsplaz datselwecht verdéngen, wa se equivalent ausgebild sinn an och esou schaffen. Mä dat muss jo da kontrolléiert ginn an an der Praxis duerchgesat ginn.

D'Realitéit ass awer déi, dass mir dat zwar schonn alles hunn, dass misst datselwecht bezuelt ginn, mä dass dat an der Praxis net de Fall ass. Do gëtt et ganz komplizéiert Fäll. Dat wësst der alleguer. Do gëtt et Fäll, déi beim Geriicht sinn, wou d'Botzfrae während zéng oder zwielef Joer schaffen, wou de Patron hinnen awer de qualifizéierte Mindestloun net wëll ginn, obscho se dat zegutt hunn.

Et kann een ëmmer soen: „Dat kann een akloen“. Dat gëtt och gemaach, mä dat dauert da fënnf Joer, zéng Joer an da gëtt een Uerteel geholl. Dann ass en Uerteel do, mä de Patron weigert sech nach ëmmer, de qualifizéierte Mindestloun ze bezuelen. An da geschitt guer näischt.

Dir kennt déi Saachen, Här Buergermeeschter. Mä ech hunn awer nach näischt vun Iech an der Chamber héieren, dass Der dozou Stellung geholl hätt. Et ass jo awer eng wichteg Saach. Ech si ganz d'accord mat Iech, wann Der dee kommunale Plang, dee gemaach ginn ass, lueft, mä do ass awer e bësse méi erfuerdert.

An och an eiser Gemeng misste mer eis vläicht méi pertinent d'Fro stellen, wat mer kënne maachen, fir zur sozialer Gläichberechtigung ze kommen. Well dat géif bedeuten, dass mer der Gläichberechtigung vun de Fraen e Schrack méi no kéimen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉ GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Schwachtgen, w.e.gl.

2. Actes et conventions

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Dir Hären, ech hale mech ganz kuerz, grad esou wéi den Här Mangel. Et ass elo net de Punkt, dass ech hei wëll soen, dass mer wëllen e Bilan maache vun de leschte Joren, wat mer alles Guddes gemaach hunn oder wat mer schlecht gemaach hunn.

Als Spriecher vun deene Grénge kann ech just soen, dass mer probéiert hunn, alles dat ëmzesetzen, wat effektiv och an deenen europäesche Chartë stoung. Ech ginn einfach op meng Partei iwwer an ech soe just, mir hunn eng komplett Paritéit op eiser Lëscht. Wann ech hei d'Donnéeë kucken, hu mer 50/50 Männer a Fraen op eiser Lëscht. Dat ass dat Beispill, wat mir als Gréng ginn an der nächster Zäit an der Aarbecht vun der Chancëgläichheet.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och Här Schwachtgen.

Madamm Schambourg, w.e.gl.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech fille mech dann awer och elo beruff, trotzdeem nach e puer Sätz zu deem Thema ze soen.

Mir schreiwen 2017. Eigentlech misst dat do en Thema sinn, wou mir haut guer net méi bräichten driwwer ze schwätzen. Ech fannen et einfach schued, datt dat awer nach ëmmer, besonnesch hei an Europa, en Thema ass, wou mer eis mussen domadder auserneeetzen. Am deegleche Liewen héiert ee ganz vill, datt et nach keng wierklech Gläichheet zwëschen Männer a Frae gëtt. Ech fannen dat wierklech en Hohn fir eis momentan Zäit.

Fraen am politesche Liewen ass net esou einfach. Mir alleguerten hu genau dës Joer missten eng Lëscht opstellen. Ech weess net, wéi et bei deenen aneren ass, mä et ass net esou einfach, Fraen ze motivéieren, fir an d'Politik ze kommen. D'Fra ass nach ëmmer doheem zoustän-

neg, fir d'Famill ze versueren no hirer Aarbecht. An ech hunn och ganz oft héieren: „Ech hu keng Anung vu Politik“.

Ech weess net, ob ee muss vill Anung hu vu Politik.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Do hutt Der Recht.

(Gelaachs)

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Politik ass fir mech, wéi e groussen Haushalt ze versueren. Wéi se dat doheem am Kleng maachen, ass et fir mech politesch am Groussen.

Forcéiere kann ee keen. Dat huet och kee wäert.

Fir een ze forcéieren, mat op eng Lëscht ze goen, hate mer ganz schlecht Beispiller gehat, well déi herno méi Zirkus maache wéi d'Saach wäert war.

Ech denken, et misst ee fir d'Éischt emol extrem vill Opklärung maachen a mat de Frae schwätzen. Dat wier dee richteg Wee, fir se politesch ze engagéieren. Well forcéiere kann ee kee Mënsch.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Ier mer zum Vott komme wollt ech zwou oder dräi kleng Äntwerte ginn.

Ech mengen, datt een net vun haut op muer Frae motivéiert kritt. Dat ass eng Aarbecht vu ganz laanger Dauer an net sechs Méint virun de Wahlen. Dat ass e Feeler, dee vill Parteie maachen. Mä ech wëll hei net Schoulmeeschter spillen.

Här Diderich, ech hunn es awer esou lues genuch mat deene béisen Ennerstellungen, déi Der ëmmer maacht. Net sot, awer Saachen undeit.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

ne tient pas à dresser un bilan de ce qui a été fait ou n'a pas été fait au cours des dernières années. Mais la commune a essayé de se tenir à la charte européenne.

En ce qui concerne les écologistes, leur liste électorale comprend 50 % de femmes.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV)

doit bien dire quelques mots à ce sujet.

En 2017, il ne devrait plus être nécessaire de tenir de tels débats. Malheureusement, ces discussions restent nécessaires dans la pratique, et ce, même en Europe. Dans la vie de tous les jours, l'égalité entre les hommes et les femmes n'existe toujours pas.

Cette année, les différents partis politiques doivent dresser des listes électorales. Pierrette Schambourg ne sait pas ce qu'il en est des autres, mais elle trouve difficile de motiver les femmes. Celles-ci s'occupent généralement de leurs familles après le travail et répètent qu'elles ne connaissent rien à la politique.

Pierrette Schambourg n'est pourtant pas convaincue qu'il faut vraiment s'y connaître.

(Rires)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

lui donne raison.

(Rires)

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV)

explique que la politique consiste à gérer un budget, comme on le fait à la maison. Mais il ne sert à rien de forcer quelqu'un à faire de la politique.

Pierrette Schambourg préconise la sensibilisation.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ne pense pas que l'on puisse motiver les femmes du jour au lendemain. C'est un travail de longue haleine. Or beaucoup de partis pensent qu'on peut le faire en six mois avant les élections.

3. Stade des mineurs de Lasauvage

Roberto Traversini en a assez des insinuations de M. Diderich, qui prétend des choses sans vraiment les dire.

Dans les services dont il a la responsabilité, Roberto Traversini ne participe même pas aux entretiens d'embauche. Les entretiens sont menés par le personnel. Il n'y a pas d'autre commune à procéder de la sorte.

En outre, M. Diderich connaît parfaitement la situation du service à l'égalité des chances. Le bourgmestre n'y peut rien si quelqu'un tombe malade ou enceinte. Il n'est pas le père.

(Rires)

(Vote)

Roberto Traversini passe à une convention avec CREOS. La commune leur met un terrain à disposition pour des transformateurs.

(Vote)

La convention avec le Club Senior existe depuis 27 ans. Le personnel a été renforcé qualitativement, c'est-à-dire du point de vue des diplômes.

(Vote)

Roberto Traversini passe à la rénovation des terrains de football, et notamment celui de Lasauvage.

ERNY MULLER (LSAP) explique que le projet se compose de trois parties. L'existant, c'est-à-dire les vestiaires et la buvette, sera assaini.

La buvette sera remplacée par des vestiaires supplémentaires. Il y en aura donc quatre en tout avec douches, ainsi que deux vestiaires pour les arbitres.

La façade sera recouverte de bois et isolée avec de la laine de roche. La partie inférieure sera assainie de manière écologique. La deuxième partie des travaux concerne la buvette à l'étage, qui sera placée sur un socle. Une terrasse conviviale permettra de suivre les matchs.

Soll ech Iech soen, wéi d'Leit bei eis a menge Servicer agestellt ginn? Do sinn ech guer net dobäi. D'Leit, déi hei am Service schaffen, maachen d'Virstellungsgesprécher. Ech sinn als Buergermeeschter net dobäi. Héchstens eng Kéier.

An all déi aner Gesprécher féiert d'Personal selwer. Fannt eng aner Gemeng, déi dat mécht.

An all déi béis Ënnerstellungen... Haalt dach op domadder. Dir kennt ganz genau d'Problemer an der Chancëgläicheet. Ech ka fir villes. Ech kann awer net dofir, datt ee krank gëtt a schwanger gëtt. Ech sinn net de Papp.

(Gelaachs)

Haalt w.e.gl. op domat. Mir kommen elo zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le plan d'action communal portant sur la période 2014-2017 relatif à la charte européenne pour l'égalité des femmes et hommes dans la vie locale.

Exzellent. De Punkt 2b) ass eng üblech Konventioun mat Creos, wa se Traffoen enzwousch opstellen, datt mer hinnen Terrain zur Verfügung stellen. Do kéinte mer direkt zum Vott kommen. Ausser et hätt elo een eng laang Ried zur Creos ze maachen. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les conventions de servitude avec Creos Luxembourg aux lieudits «avenue de la Liberté» à Niederborn, «Auf den Griewer» à Oberborn et «rue Émile Mark» à Differdange.

Déi nächst Konventioun ass eng, wou mer scho 27 Joer am Gemengerot hunn. Dat ass déi mam Club Senior Präzenbierg. Et ass keng grouss Ännerung. D'Personal ass qualitativ opgestockt ginn. Net méi, awer aner Diplomer uge-

rechent ginn. Soss ass absolutt alles d'selwecht an där Konventioun.

Da géife mer och do zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention du Club Senior Präzenbierg pour l'année 2017.

Den drëtte Punkt ass eppes, wat mer konsequent am Gaang sinn ze maachen: d'Renovatioun vun eise Fussballterrainen. An elo si mer zu Lasauvage ukomm. Här Muller ass dat esou?

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Jo. Merci, Här Buergermeeschter, Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemen-gen- a Schäfferot, ech stellen iech de Projet kuerz vir, ier den Här Bertinelli, de Sportsschäffen, eppes dozou seet. A vläicht och nach den Här Liesch, wat d'Energiemessuren ubelaangt, déi mer geholl hunn.

Wann der är Pläng an d'Erklärungen dozou kuckt, gesitt der, dass mer zu Lasauvage bei der Renovatioun vun deem Vestiaireentrakt am Fong dräi grouss Deeler hunn. Deen éischten Deel ass d'Grondsanéierung vun der besteeënder Struktur. Also souwuel déi besteeënd Vestiaire wéi och d'Buvette. Déi gëtt kärsanéiert.

Bannendra gi verschidden Transformatioune gemaach. Do wou d'Buvette war, kommen elo zousätzlech Vestiaires hin. Soudass mer véier grouss Vestiaire mat Dusche kréien an zwou Arbitresch Vestiaires, déi ee kann als solch benennen. Well dat, wat bis elo do war, konnt ee kengem méi zomudden.

Bausse gëtt d'Struktur an Holz agekleet a mat Steewoll isoléiert. Dee ganzen ënneschten Deel gëtt energiebewusst sanéiert.

Deen zweeten Deel ass d'Buvette um Stack uewendriwwer. D'Buvette gëtt also uewen op de Sockel gesat vun der besteeënder Konstruktioun. Do, wou déi al Buvette war, gëtt eng flott Terrass amenagéiert, wou ee kann de Match kucken a convivial zesummesetzen. Et ass

3. Stade des mineurs de Lasauvage

jo och wichtig, datt d'Leit sech kënnen ënnerteneen austauschen.

Dat drëtt Element ass eng Passerelle fir dohin ze kommen. Dat huet sech erginn wéinst dem staarken Dénivellement vum Terrain. Déi gëtt un deen ieweschten Deel ugepasst.

Wann der d'Käschte kuckt, gëtt et och verschidde gréisser Partien. Dat eent ass dee ganzen Développement, Projektmanagement a d'Begleitung. Da gesitt der d'Demolitioun an d'Sanéierung. Dann d'Kreatioun vun där Partie avant, wou mer déi nei Vestiaire maachen.

Des Weideren eng hëlzen Dall, déi d'Daachkonstruktioun duerstellt wéi och d'Terrass, den Daach mat grénger Vegetatioun, d'Isolatiounen, déi ganz Sanitär an eng Partie energetesch Moossnamen. A vu dass mer a Richtung niddreg Energie ginn, ass eng Ventilatioun fir dat ganz Gebai virgesinn.

De Käschtepunkt mat der TVA beleeft sech op 599.049,36 Euro.

Dat zu der Erklärung vum Bau.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Bertinelli, Dir kennt de Rescht erklären.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wëll just soen, datt dat hei dee leschte Sports-terrain an der Gemeng ass, dee mer am Gaang sinn ze renovéieren. Wouriwwer ech natierlech frou sinn, well et ass schonn dee fënneften Terrain, dee mer renovéiert hunn.

Mir hunn um Woiwer ugefaangen, dann Nidderkuer, dann Uewerkuer LUNA, den Zentrum, Lasauvage an den Thillleberg. Dat heescht, Lasauvage ass praktesch dee leschten Terrain, dee mer à jour setzen.

Déi Zoustänn hätt der misste kucke goen. Wou mer all Match vun der Terrainskommissioun vun der FLF gesot kritt hunn, datt dat doten net méi geet. Datt een an esou Raim keng Kanner méi kéint eraloossen.

Dorop hu mer reagiert a probéiert, dat esou schnell wéi méiglech hinzekréien. Am Ufank hate mer geduecht, mir kéinten et an Eegeregion maachen, well mer vill Aarbechten op déi Manéier gemaach hunn. Mä d'Situatioun, déi mer virfonnt haten, wéi mer déi falsch Plafongen erfogeholl hunn an opgerappt hunn, wat d'Kanalisioun an d'Reier ugeet, war einfach net méi convenabel. Dat konnte mer net selwer maachen. Soudatt mer higaange sinn an dofir eng Entreprise geholl hunn, fir dat ze realiséieren.

De Club Lasauvage, fir déi Leit, déi dat net wëssen, besteet säit 1953. Déi lescht dräi Joren huet de Club e Renouveau. De Club zielt de Moment 200 Membren, spillt an de Jugendequippen ausser de Cadeten an alleguerten den Divisiounen mat. Dëst Joer si se gestiegen, soudatt mer d'nächst Joer héchstwahrscheinlech schéin Derbyen hei an eiser Gemeng wäerte kréien, well Lasauvage, CS Uewerkuer a LUNA an enger Divisioun spillen. Dat gi flott Nomëtterger. Esou brauch een net wäit ze fueren, fir déi Derby kucken ze goen.

Mir si ganz frou, datt déi Aarbechten an Ugrëff geholl gi sinn. Mir hu schnell ugefaangen, fir och esou schnell wéi méiglech fäerdeg ze ginn, well mer déi Terrainen alleguerte brauchen. Mir musse schnell virukommen, fir datt d'Equippen Enn Oktober erëm op deem Terrain kënnen spillen.

Dat gesot, si mer wierklech frou, well et batter néideg war, dass deen Terrain esou realiséiert gëtt. Ech géif iech bidden, dat matzestëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Här Hobscheit.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Damen, Dir Hären, just ganz kuerz.

Den Här Bertinelli huet opgezielt, op wéi engen Terrainen iwwerall geschafft gouf a wéi eng Terrainen iwwerall an d'Rei gesat goufen. Et gouf vill an de leschte puer Joren an d'Terrainen an an d'Infrastrukturen investéiert. Net just

Enfin, une passerelle sera aménagée en raison du dénivellement du terrain.

Pour ce qui est du prix, le devis distingue entre le développement, la gestion du projet et l'accompagnement, la démolition et l'assainissement, et la création des nouveaux vestiaires.

La dalle en bois servant de toit sera écologique.

Une ventilation pour l'ensemble du bâtiment est également prévue.

Les couts se montent à 599 049,36 €, TVA incluse.

FRED BERTINELLI (LSAP) constate que ce terrain de sport est le dernier que la commune doit rénover. Il en est content.

Il rappelle que le collège échevinal a commencé par le terrain du Woiwer, puis ceux de Niederkorn, d'Oberkorn, du centre et du Thillenber.

Pour ce qui est du terrain de Lasauvage, la Commission des terrains de la FLF se plaignait à chaque rencontre.

Le collège échevinal a décidé de réagir rapidement. Au départ, la commune estimait pouvoir réaliser elle-même les travaux, mais elle s'est vite rendu compte que l'état des murs, des canalisations et des conduites ne le permettrait pas. Elle a donc fait appel à une entreprise.

Le club de Lasauvage existe depuis 1953. Il compte 200 licenciés et dispose d'équipes de cadets et de jeunes dans toutes les divisions. Cette année, il a été promu ce qui laisse présager de beaux derbys avec le CS Oberkorn et LUNA.

Les travaux doivent avancer rapidement, car les équipes doivent pouvoir jouer sur ce terrain fin octobre.

Fred Bertinelli demande aux conseillers d'approuver les travaux.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) constate que M. Bertinelli a dressé la liste des terrains réaménagés. Cette coalition et celle précédente ont beaucoup investi dans les infra-

3. Stade des mineurs de Lasauvage

structures. Tous les terrains en mauvais état ont été modernisés. Lorsque des clubs viennent jouer dans la commune, les terrains de sport sont comme des ambassadeurs. Or certains terrains étaient en piteux état. Des équipes comme LUNA n'avaient même plus le droit de participer aux championnats.

Pour Pierre Hobscheit, l'argent investi dans les associations est bien investi, car celles-ci remplissent un rôle social important.

M. Bertinelli a mentionné les équipes de jeunes de Lasauvage. Ces investissements sont donc dans l'intérêt des enfants. C'est pourquoi les socialistes approuveront les investissements de 600 000 € dans le terrain de Lasauvage.

ARTHUR WINTRINGER (DP) *salue à son tour la rénovation des vestiaires de Lasauvage. Il était temps.*

Même si Lasauvage jouait en troisième division, le club ne pouvait plus continuer dans ces conditions. Désormais, il est en deuxième division et le terrain doit faire bonne impression sur les adversaires.

Au départ, il était question d'une petite rénovation de 300 000 €. Finalement, le club aura droit à de nouvelles infrastructures pour le double du prix.

Arthur Wintringer souhaiterait que l'on aménage un abri pour que les spectateurs puissent se protéger en cas de pluie. Autrement, ils courront à la buvette et ne verront plus le match.

Le conseiller communal espère que le collège échevinal a pensé à tout.

Quand les travaux seront-ils achevés?

Arthur Wintringer signale les problèmes de stationnement que rencontrent les habitants de Lasauvage à cause du club et des visiteurs. Les habitants de la rue Principale et de la rue des Mineurs ont d'ailleurs adressé une lettre à M. Bertinelli signée par trente personnes.

vun dëser Koalitioun, mä och vun de Koalitioun virdrun. Dat wëll ech heier net verheemlechen. Mä ech mengen, dass mer vill geschafft hunn an de leschten zwee oder dräi Joren. All déi Terrainen, déi a kengem gudden Zoustand méi waren, hu mer an d'Rei gesat.

Wann d'Veräiner vun auswäerts kommen, si se quasi Ambassadeure vun eiser Gemeng. D'Infrastrukture weisen, wéi et an eiser Gemeng ausgesäit. Do waren Terrainen deelweis wierklech an engem desolaten Zoustand, wou et souguer esouwäit war, dass d'Veräiner net méi konnten um Championnat deelhuele, wéi dat bei der LUNA deelweis de Fall war. Dofir gouf séier reagiert.

Dat kascht natierlech ëmmer e bëssen eppes. Dat ass ganz kloer. Mä déi Suen, déi mer an eis Veräiner investéieren, sinn ëmmer gutt investéiert Suen, well eis Veräiner net just de sportlechen Deel erfëllen, mä och e wichtege soziale Rôle an eiser Gemeng.

Den Här Bertinelli huet et gesot vu Lasauvage mat de Jugendequippen. Duerfir ass et wichteg, dass mer an d'Sportsinfrastrukturen investéieren. Dat ass am Interessi vun eise Kanner. Duerfir menge mir als LSAP, dass déi 600.000 Euro, déi hei zu Lasauvage investéiert ginn, richteg investéiert Suen an eis Veräiner sinn. Duerfir wäerte mir dat do selbstverständlech matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Hobscheit. Här Wintringer, w.e.gl.

ARTHUR WINTRINGER (DP):

Här Buergermeeschter, Dir Häre Schäffchen, léif Frënn aus dem Gemengerot, d'DP begreisst, dass d'Vestiairen zu Lasauvage renovéiert ginn. Et ass och héich Zäit ginn.

Och wa Lasauvage nëmmen an der drëtter Divisioun gespillt huet, konnt een hinnen esou Duschen an esou Vestiairen net méi zoumudden. Elo si se jo an déi zweet Divisioun geklommen a si kréien e puer Veräiner méi op hiren Terrain. Déi solle jo och mat engem gudden Androck vu Lasauvage heem goen.

Wann een de Plang kuckt a liest, wat alles nei gemaach gëtt, schwätzt een net méi vun enger klenger Renovatioun, déi am Budget mat 300.000 Euro virgesi war, mä et schwätzt ee bal vun engem ganz neie Gebai. Dofir kascht dat Ganz jo och dat duebelt vun deem, wat virgesi war.

Ech maachen nach eemol drop opmierksam, souwéi ech dat scho bei der LUNA gemaach hunn, fir eng kleng Plaz virzegesinn, dass vläicht en Daach do wier op der Terrainsfläch, wou d'Leit ënner Daach stinn. Well mir gesi bei der LUNA, wann et ufänkt mat reenen, dass d'Leit all an d'Buvette lafen an dann net méi vill vum Match matkréien.

Mir hoffen, dass mat deem Investissement vu 600.000 Euro un alles geduecht ginn ass. An dass de Veräin nach vill Jore mat dësem flotten Ëmbau zefridden ass.

Eng Fro un den Här Bertinelli: Wéini soll dëse Projet fäerdeg sinn?

An deem Zesammenhang wëll ech nach eemol op d'Parkproblemer opmierksam maachen, déi eis Lasauvager Awunner mat de Visiteuren a mat dem Veräin hunn. An engem Brëif, deen un den Här Bertinelli adresséiert ass, hunn d'Awunner aus der rue Principale an aus der rue des Mineurs op dëse Problem opmierksam gemaach. Dëse Brëif ass plus ou moins vun 30 Awunner ënnerschriwwen ginn.

Vläicht kéint een e Schëld, deen op d'Parkplaz bei der Schoul oder op de Carreau des mines hiweist, ënnert dem Panneau vum FC Minière Lasauvage festmaachen. Oder eng limitéiert Autoszuel erof op den Terrain fuere loossen, oder d'Pecherte méi oft dorower schécken, wann e Match oder en Training ass. Esou gesinn eis Lasauvager Awunner, dass mir net nëmmen dem Veräin hëllefen, mä eis och hire Problemer wëlle unhuele.

Ech si sécher, dass den Här Bertinelli eng gutt Solutioun fënnt, dass déi zwou Parteien zefridde sinn. An deem Sënn stëmmt d'DP dëst gäre mat. Merci.

3. Stade des mineurs de Lasauvage

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Här Schwachtgen. Duerno kritt Dir d'Wuert, Här Ruckert.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech si frou, als relativ kënnege zu Lasauvage, dass mer dee Projet elo um Dësch leien hunn. Ech konnt mech selwer als Gemengefussballspiller während Joren iwwerzeegen, dass déi Installatioun lues a lues an den Alter komm ass.

Ech wëll och en Hommage maachen. Den Här Bertinelli huet et scho gesot, zënter 1953 besteet dee Biergaarbechter-Fussballsveräin – dat muss ee betounen –, dee vun enger Rei Pionéier aus dem Duerf opgebaut ginn ass. Déi dat héchstwahrscheinlech oder leider net méi erliewen, dass elo wierklech eppes ganz Modernes hikënnt, wat si deemools mat eegener Muskelkraaft no de Schichten opgebaut hunn. Dat dozou.

En zweete Punkt: Ech hu scho gesot, dass net just den FC Minière do spillt, mä och de Gemengefussball zënter Joren eng gutt Opnam fonnt huet a fir flott Fëten an där aler Buvette gesuergt huet.

Ech wëll awer och soen, dass den FC Minière zënter Jore gutt Kooperatioun mat Rodange huet, wou och en Austausch ass mat Jugendspieler a wou souguer, mengen ech, zesummen Equippe funktionnéiert hunn.

Wat mech dann och derzou bréngt, dass mer op deem Site musse kucken, wéi de Fonctionnement an Zukunft ass, ween d'Schlësselgewalt huet iwwert déi nei Buvette. Ech weess elo net genee, wéi et bei der LUNA ass. Wéi wäit ass de Schafferot oder eise Service des Sports mat dran, wat d'Locatiounen oder d'Weidervermietung ugeet fir Partyen an Ähnlech? Ob do de Veräin fräi Hand huet oder ob de Schafferot an Zukunft och en A drop behält. Wat ech wäermstens géif recommandéieren.

Mir wëssen, zënter dass eng ganz nei Führesequipe zu Lasauvage ass, déi net méi esou aus dem Duerf staamt, dass ganz vill Problemer just dee Mo-

ment opgetaucht sinn. Et sinn ebe Ko-habitatiounsproblemer mat de Leit ronderëm entstanen. Vermierkt: Déi ware schonn all déi Joren do, mä elo sinn et eben aner Leit, déi de Veräin féieren. A verschidde Leit ronderëm gesinn dat schlecht, well se ebe stack Lasauvager sinn a se maachen e bësse méi Drock. Awer och zu Recht, well heiansdo bis spéit an d'Nuecht eran Trafic ass.

Déi Gestoun muss een a Gemengerhand halen a mir musse kucken, akzeptabel Léisungen ze fannen. Den Här Wintringer huet de Parkingsproblem ugeschwat. Dat ass e reelle Problem. D'Leit hu sech ugewinnt, bis bei den Terrain, verschiddener quasi an d'Vestiaire eranzefueren, wat natierlech déi Leit stéiert, déi direkt derbäi wunnen. D'Leit hu sech och ugewinnt, duerch de Schoulgaart ze fueren, bis hannen hinne, bis bei déi Service-Bud déi do ass, bis hannert de Goal, wou se dann am Schoulgaart natierlech stéieren. An heiansdo mat héijer Vitesse fueren an esou weider.

All déi Saachen do mussen an de Grëff geholl ginn. Et ass en oppenen Terrain ronderëm. Et kann een derlaanscht spadseieren, et kann een driwwer spadseieren, et kann een zu all Moment drop spille goen, et kënnt ee bei d'Buvette, ouni iergendwéi eng Päerdchen opzemaachen. Déi Problemer soll een an Zukunft awer mat léisen, wann ee schonn déi flott Initiativ hält, fir dee Site do ze maachen.

Den FC Minière ass deen eenzege Sportsclub, deen eis Jugend deisäit kann halen, ouni laang Deplacementer musse ze maachen. An deem Sënn muss en total ënnerstëtzt ginn.

Et ass natierlech esou, dass dat just een Terrain ass. Do ass keen Auswäicherrain. Ass virgesinn, wann deen Terrain sollt schlecht ginn am Hierscht, wat en oft war, e synthetischen Auswäicherrain hei zu Déifferdeng ze hunn? Dat ass eng Fro, déi och nach derbäi passt.

Lasauvage huet eng Vocation touristique. Kann een esou Vestiaires oder esou eng Installatioun net an Zukunft och emol notzen, fir an dee Beräich mat eran ze goen ënner Gestoun natierlech vun der Gemeng oder vu soss engem Gremium, dee sech ëm dee Beräich do bekëmmert?

Arthur Wintringer propose d'installer un panneau indiquant les parkings de l'école et du Carreau des mines. Les agents municipaux pourraient aussi faire des contrôles plus fréquents. Cela montrerait que la commune s'intéresse aux habitants de Lasauvage. Mais Arthur Wintringer est certain que M. Bertinelli trouvera une bonne solution.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

a constaté personnellement que les infrastructures avaient mal vieilli.

Il rappelle que ce club de mineurs a été fondé en 1953. À l'époque, ils avaient aménagé le terrain eux-mêmes après le travail.

Le club de football de la commune joue aussi sur ce terrain et organise de belles fêtes dans la buvette.

La coopération du club avec Rodange est excellente avec des échanges de joueurs et des équipes jouant ensemble.

Fränz Schwachtgen demande qui aura la clé de la buvette. La commune s'occupera-t-elle de la location pour les fêtes? Ou bien le club pourra-t-il faire comme bon lui semble?

De nombreux problèmes sont apparus lors du changement de la direction du club, dont les membres ne sont plus de Lasauvage. Mais il est vrai qu'il y a beaucoup de va-et-vient jusque tard dans la nuit.

La commune doit trouver des solutions viables. M. Wintringer a parlé du stationnement. Certains entrent pratiquement en voiture dans les vestiaires. D'autres n'hésitent pas non plus à passer par le jardin de l'école, et ce, à grande vitesse.

Fränz Schwachtgen rappelle que le site est ouvert autour. On peut s'y promener ou jouer à tout moment. Il faut réfléchir à tous ces problèmes parallèlement à la modernisation du terrain.

Le FC Minière est important, car il est le seul club permettant aux jeunes de jouer au football sans longs déplacements.

3. Stade des mineurs de Lasauvage

Fränz Schwachtgen demande si le club pourra disposer d'un terrain synthétique de remplacement à Differdange si le terrain de Lasauvage devait être en mauvais état en automne.

Comme Lasauvage a une vocation touristique, les vestiaires pourront-ils être utilisés dans d'autres situations?

ALI RUCKERT (KPL) constate que les dépenses se montent à 599 049 €. Or le collège échevinal s'est montré particulièrement rapide, car la buvette, pour laquelle 22 000 € sont prévus a déjà été démolie. Bref, des travaux ont été réalisés sans l'accord du conseil communal.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) réplique que le collège échevinal avait annoncé lors de la dernière séance du conseil communal qu'il commencerait les travaux si possible.

ALI RUCKERT (KPL) trouve cette façon de procéder étrange. Le collège échevinal a eu recours à des fonds non approuvés.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) explique que cela est lié au début de la saison de football. Mais M. Ruckert a raison.

ALI RUCKERT (KPL) comprend.

Le collège échevinal a expliqué que la commune voulait réaliser les travaux elle-même, mais que cela n'a pas été possible. N'aurait-il pas pu choisir une entreprise differdangeoise?

Dans l'ensemble, la modernisation de ce terrain est une bonne chose. D'un autre côté, cela crée aussi des problèmes comme l'ont souligné les orateurs précédents.

Certains habitants ont envoyé une lettre au collège échevinal, mais n'ont pas reçu de réponse officielle. Trente personnes ont signé une pétition. Il est question du bruit, particulièrement dans la nuit.

La pétition démontre que les gens sont irrités. La commune doit réagir rapidement pour éviter un conflit inutile.

Ech soen iech Merci fir är Opmierksamkeet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut e Kredit vu 599.049 Euro fir d'Erneuerung vun Infrastrukturen um Terrain zu Lasauvage. Mä dës Kéier ware mer awer besonnesch séier, géif ech soen. Well déi 22.000 Euro, iwwer déi mer hei ofstëmmen, dass déi Buvette soll ofgerappt ginn... Déi ass schonn ofgerappt. Hei gëtt also scho geschafft, ouni dass den Accord do ass vum Gemengerot. Kënnt Der mer eng Erklärung dozou ginn?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo. An der leschter Gemengerotssitzung ass gesot ginn, wann Zäit ass, géife mer ufänken. Dat ass gesot gi vum Här Bertinelli. An der leschter Gemengerotssitzung ass gesot ginn, mir géife wahrencheinlech ufänken.

ALI RUCKERT (KPL):

Jo, mä dat ass awer e bëssen eng komesch Virgoensweis, muss ee soen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass net üüblech.

ALI RUCKERT (KPL):

Et si Kreditter do verschafft ginn, ouni dass driwwer ofgestëmmt ginn ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et huet eppes mat der Fussballer Saison ze dinn. Dir hutt Recht. Mä et ass gesot ginn.

ALI RUCKERT (KPL):

An der Rei.

Dir hutt gesot, dass fir d'Éischt dru geduecht ginn ass, dat an Eegeregie ze maachen, mä dass sech eng Rei Problemer gestallt hunn, déi dat net méiglech gemaach hunn. Meng Fro ass: Wäre et net méiglech gewiescht, zu Déifferdeng esou en Entrepreneur ze fannen, deen dat hätt kéinte maachen? Muss een do fir méi wäit goen? Gëtt et keng esou Betreiber hei an der Gemeng, déi dat kënne maachen?

Insgesamt ass et natierlech eng gutt Saach, déi do realiséiert gëtt. Et gëtt scho jorelaang doriwwer diskutéiert, dass besser Infrastrukturen do gebraucht ginn. Mä – an dat ass schonn ugeklungen – dat schaaft natierlech och eng Rei Problemer.

Et ass jo esou, dass eng Rei Leit onzefridde si mat der Situatioun. Déi hunn e Bréif un de Schäfferot gemaach, wou se awer keng offiziell Äntwert kritt hunn. Do hu se eng Petitioun gemaach iwwer 30 Leit. Et geet em d'Stationéieren an em de Kaméidi besonnesch bis spéit an d'Nuecht. Et si just e puer Zeilen, ech wëll déi dofir virlesen:

„Die Einschränkung der Lebensqualität in der rue Principale und der rue des Mineurs in Lasauvage verursacht durch den Lärm, das Parken ohne Rücksicht auf dem Bürgersteig oder längst der Strasse, die Behinderung des Verkehrs und das nur durch die Tätigkeit auf dem anliegenden Fussballfeld“.

Virun e puer Wochen ass déi Petitioun gemaach ginn. D'Leit sinn zimlech rosen, dass dat net a geuerdente Bannen ofleeft. Et wäre natierlech wichteg, wann d'Gemeng séier géif reagéieren, net dass et do zu engem onnéidege Konflikt kënnt.

Et gëtt ëmmer gesot, den FC Minière huet eng laang Traditiounsgeschicht. Dat ass wouer, mä spillt nach iergend e Lasauvager am FC Minière?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Op alle Fall kee Mineur méi.

3. Stade des mineurs de Lasauvage

ALI RUCKERT (KPL):

Ech froe mech, ob haut nach e Lasauvager am FC Minière spillt. Ech hunn héieren, d'Kanner géife mat Camionnetten vun Déifferdeng op den Terrain bruecht ginn, fir do kënnen ze spillen. Dat ass keng besonnesch glécklech Situation.

Mä wéi gesot, wat d'Problemer vum Kaméidi a vum Verkéier ugeet, misst awer gekuckt ginn, dass dat méi oder weéneger klappt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Mangel, w.e.gl.

ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir stëmmen als CSV fir d'Verbesserung vun der Funktioun an der Verschönerung vun der Sportsinfrastruktur.

Déi Lärmbelästegung kann ech novollzéie vun den Awunner. Net méi spéit wéi gëschter Owend ass um hallwer zwou Fussball gespilt ginn am Schoulhaff vun der Déifferdenger Schoul. Dat knuppt an dat stéiert scho beträchtlech de Schlof vun de Leit. Ech mengen, dass een déi Kloe vun deene Leit zu Lasauvage soll mat betruechten.

Fir dem Parkingsproblem entgéintzewierken, kënn een d'Pecherten emol méi oft dohinner schécken. Datt déi Leit penaliséiert ginn, wa se falsch parken. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Madamm Schambourg.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dat, wat an der leschter Zäit do stoung, war wierklech kengem Mënsch méi zouzemuuden. D'lescht Joer ware mer eng

Kéier dohinner kucken. Dat war ganz schro. Et ass wierklech net vu Muttwëll, dass hei eppes ënnerholl gëtt.

600.000 Euro ass net grad näischt. Mä bei verschiddene Projeten huet et wierklech kee Wäert méi, einfach nëmmen eng Plooschter drop ze pechen an an e puer Joer muss een dann erëm vu vir ufänken. An da gëtt et nach eng Kéier esou deier.

Mir hunn de Projet an der Bautekommissioun virgestallt kritt. Et ass e ganz flotte Projet, deen d'Strooss hält. Et ass näischt iwwerdriwwen. An et gëtt mat engem ganz normale Standard gebaut.

D'Problemer ronderëm den Terrain sinn ugeschwat ginn. Ech wëll elo net méi dorobber agoen. Mä ech denke schon, dass mir als Gemeng awer trotzdeem mussen e bëssen d'Hand iwwert d'Gerance vun der Buvette halen.

Do sinn an der leschter Zäit vill Reklamatiounen komm. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Ech wëll zwou oder dräi Saachen méi generell soen.

Zu den Devisen. Här Ruckert, mir kucken, ween dee bëllegsten ass. Mir froen Devisen un, respektiv gëtt et ausgeschriwwen. Leider war et keen aus eiser Gemeng.

D'Gestioun vun der Buvette vun den Terrainen. Da muss dat awer fir all Buvette op all Terrain gëllen. Där Saach muss sech am Hierscht déi nei Equipe oder déi al nei Equipe unhuelen. Et kann net sinn, dass déi eng Veräiner d'Gestioun selwer maachen – an dat ass nach ni a Fro gestallt ginn an de leschten 10, 20 oder 30 Joer – an déi aner Veräiner net. Do muss all Veräiner d'selwecht behandelt ginn an d'selwecht gekuckt ginn.

D'Spiller. Wann een d'Spiller kuckt, déi an eise Veräiner spillen, weess ech net, wivill Leit aus eiser Gemeng an deene Veräiner matspillen. Dat ass net nëmmen de Fall zu Lasauvage. Mir hu ganz vill Veräiner, sief et Kulturveräiner, Museksveräiner oder Sportsveräiner, wou mer frou sinn, dass mer Hëllef kréie vu Sportler, vu Museker a vu Kënschtler,

Il est vrai que le FC Minière a une longue tradition, mais Ali Ruckert se demande s'il y a encore des gens de Lasauvage qui y jouent.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond qu'en tout cas, l'équipe ne compte plus de mineurs.

ALI RUCKERT (KPL) a entendu dire que les enfants sont conduits au terrain avec des camionnettes depuis Differdange. Cette situation n'est pas heureuse.

Ali Ruckert demande à ce que les problèmes de circulation et de bruit soient réglés au plus vite.

ROBERT MANGEN (CSV) comprend que les gens se plaignent du bruit. Hier soir, des jeunes ont joué au football à 1 h 30 dans la cour de l'école de Differdange. Il est évident que cela dérange le sommeil des voisins.

Pour ce qui est du stationnement, les gardes champêtres devraient effectuer davantage de contrôles.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV) s'exclame qu'il était temps de moderniser ce terrain.

Six-cent-mille euros représentent beaucoup d'argent, mais il ne servirait à rien de réaliser les travaux à moitié.

Le projet a été présenté à la commission des bâtisses et il tient la route.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

explique à M. Ruckert que le collège échevinal demande des devis et choisit l'entreprise la moins chère. Malheureusement, aucune entreprise differdangeoise n'a répondu à l'appel.

En ce qui concerne la gestion de la buvette, le même système doit être appliqué partout. La commune ne peut pas prendre une décision à la tête du client.

Roberto Traversini ne sait pas combien de joueurs des différents clubs differdangeois habitent dans la commune. Il en est de même des autres associations. Cela n'a rien à voir avec Lasauvage.

3. Stade des mineurs de Lasauvage

FRED BERTINELLI (LSAP) *s'est dit qu'il fallait réaliser les travaux selon les règles de l'art. Or la situation était telle que la commune ne pouvait pas s'en charger seule. Le collège échevinal a choisi une entreprise spécialisée dans la remise en état de vieilles infrastructures. C'est aussi celle qui demandait le moins.*

L'accès au terrain est bloqué par une barrière. Seuls deux ou trois responsables en ont la clé. Il y a assez de place pour deux voitures ou un petit bus.

Le problème de circulation est évident. Le collège échevinal essaie de trouver une solution en recourant aux parkings de quartier.

Le collège échevinal est aussi intervenu plusieurs fois pour essayer d'améliorer l'entente entre le club et la population.

C'est un ancien responsable du club qui a lancé la pétition. Mais la seule chose qui compte pour Fred Bertinelli, c'est que les enfants puissent faire du sport dans toutes les localités.

Le collège échevinal a demandé aux membres du club de quitter les lieux à une certaine heure. Les lumières s'éteignent d'ailleurs automatiquement.

Fred Bertinelli rappelle que le service des sports doit émettre une autorisation pour que les clubs puissent organiser une fête. Cela a toujours bien fonctionné.

À Lasauvage, il existe un problème de stationnement, car le terrain se trouve dans une petite rue. Il n'est pas évident d'aménager un parking dans cette localité, mais le collège échevinal recherche une solution.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *ajoute qu'il n'y a pas de mines sous le terrain, ce qui est une chance.*
(Vote)

déi net aus eiser Gemeng sinn. Do soll een net nëmmen ee Veräin kucken. Et soll een et global kucken. Da gesäit een, datt et net nëmmen zu Lasauvage esou ass, mä a ganz villen anere Veräiner och. Ech wëll elo keen nennen.

Här Bertinelli.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Här Wintringer, déi éischt Fro, déi Der gestallt hutt. Hei hunn ech emol op Iech gelauschtert. Ech hu mer gesot, wann s de dat méchs, maach et och richtig.

Den Zoustand war wierklech esou schlecht, an Eegeregie hätt een dat net méi hikritt. Ech wëll awer betounen, datt mer hei dee bëllegste Betrib geholl hunn. Dee Betrib ass spezialiséiert a Renovierungsarbechte vun ale Strukturen, fir dat esou gutt wéi méiglech hinzekréien. Dofir hu mer dat esou gemaach.

Wat de Kaméidi an d'Autoen ugeet, ënnen, wou et erof op den Terrain geet, ass eng Barrière. Wa geschafft gëtt, ass déi Barrière normalerweis zou, datt kee mam Auto erof kënnt. Do hu just déi Leit – dat sinn zwee oder dräi Leit vun der Buvette an ee Responsabele vum Veräin Lasauvage – de Schlëssel fir opzemaachen. Do ass Plaz fir zwee Autoen oder dee klenge Bus, deen d'Equipe an d'Kanner bréngt, fir op den Terrain. Da muss en natierlech do erëm fort a sech enzwousch anescht stellen.

Datt do e Problem ass vun der Zirkulation, ass mer bewosst. Mä wéi ech scho gesot hunn, mir sinn am Gaang mat Quartiersparkingen ze préiwen, wéi wäit mer do Plaze fannen, wou mer e Parking kënnen hisetzen.

Mir hu schonn zweemol mam Veräin geschwat an och probéiert, ze intervenéiere mat deene Leit vu Lasauvage, fir datt déi Entente besser matenee funktionéiert.

Déi Initiativ fir déi Ënnerschrëftesammlung ass e fréiere Responsabele vun deem Veräin, dee viru Joren de Club mat gegrënnt huet a just um Eck wunnt. Ech hu mech als Sportsschäffen net dran ze mëschen. Ech hunn ze kucken, datt et soll klappen an datt eis Kanner an eiser Gemeng Sport kënne maachen,

ob dat zu Lasauvage, um Fousbann, zu Déifferdeng oder zu Uewerkuer ass. Mir hunn déi Infrastrukturen dohin ze setzen an ze kucken, datt dat klappt.

Natierlech hu mer dem Veräin gesot, datt ab enger gewëssener Zäit Schluss ass. Dat hu mer dës Kéier mat Luuchte regléiert, datt ab eng gewëssen Zäit alles ausgeet an datt dat och kontrolléiert gëtt.

Ech wëll och soen, datt eise Sportsservice kengem eng Autorisatioun gëtt, och wann de Buergermeeschter gesot huet, do sinn eenzel Veräiner, déi an eege Regie mol e Fest maachen. Mä dat gëtt alles bei eise Sportsservice ugefrot, wou se eng Autorisatioun kréien. Nidderkuer, den FC Déifferdeng a LUNA froe se ëmmer un. An normalerweis, wann an den Infrastrukturen näischt futti gemaach gëtt an et si keng Noperen, déi reklaméieren, ass dat bis elo ëmmer tipptopp gaangen.

Wéi gesot, zu Lasauvage hu mer wierklech e Problem mam Parking, well et an enger klenger Strooss läit. Doru si mer am Gaang ze schaffen a probéieren, dee Problem ze léisen. Et ass net esou einfach, fir zu Lasauvage e klenge Parking hinzekréien, mä mer sinn am Gaang, drun ze schaffen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Mir hunn déi grouss Chance, datt keng Miniëren ënert dem Terrain leien.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Richtig.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer zum Vott kommen.

4. PAG et PAP

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans, devis et crédit supplémentaire relatifs aux travaux de rénovation du stade des Mineurs à Lasauvage.

Da géife mer zu deem nächste Punkt kommen, eng kleng PAG-Ännerung. Et ass am Fong geholl eng Servitude, wou dra steet, datt ee muss 30 Meter vun de Gleiser ewech bleiwen. Mir sinn awer der Meenung, datt déi Betriber, déi mer wëllen hannert den Dimmi Si setzen, dat net sollen anhalen. Et gött kee Wunnge-bitt.

Dofir déi PAG-Ännerung. Dat ass, fir datt mer déi 7 oder 8 Handwierksbetriber kënnen dohinner setzen.

Här Schwachtgen.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wëll kuerz eppes zu där Sträif soen, déi do ofgeännert gött. Mir hunn eis dofir agesat, dass et gréng bleift an deem Sënn, datt et herno aménageabel ass, dass d'Natur an d'Ekonomie kënnen zesumme fonctionnéieren. Dat ass eng ganz gutt Saach.

Et war och ëmmer diskutéiert ginn, fir op deem Sträifen, dee bis bei d'Bunn geet, onbedéngt eng Trasse ze loossen, fir e Foussgängerwee oder e Vëloswee laanschtzezéien, deen aus der rue des Lignes eriwuer geet bei d'Bréck, wou d'Soclaire ass. Dat wier immens wichteg.

Wann een dat awer kéint an zukünftege Planunge mat eranhuelen, net dass ee vun deene Betriber herno bis an den Talus eran däerf bauen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Nee.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dann ass dat eriwuer. Ech maache just dorobber opmierksam.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ok. Villmools Merci.

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du PAG «Vor kurzen Hecken» à Niederkorn.

Merci. Deen nächste Punkt ass vill méi interessant, op alle Fall der Usicht no vum ganze Schäfferot.

Dëst ass déi drëtt gréisst PAG-Ännerung, déi mer bannent bal véier Joer gemaach hunn. Déi éischt grouss PAG-Ännerung, wësst der nach, déi fir vill positiv Reaktiounen bei eise Bierger a Biergerinnen gesuergt huet, war de Schutz vun eisen Eefamilljenhaiser den 1. Oktober 2014. Et muss ee soen, bis elo hunn d'Leit dat extrem gutt opgehall.

Oft gi mer nach vernannt zu Onrecht, firwat mer verschidden Haiser an de Koup geheien. D'Erklärung ass ganz kloer: well d'Autorisatioun respektiv den Dossier virum 1. Oktober 2014 heibanne war.

Déi zweet grouss PAG-Ännerung hate mer virum e puer Méint, wou mer de Ratterm ganz aus dem Bauperimeter erausgehall hunn. Dat war schonn e grouss Schratt.

Haut maache mer een drëttes grouss Schratt, d'Protektioun vun eisem Patrimoine bâti. Dat ass eng logesch Konsequenz vun deem, wat dëse Schäfferot virum dräi an halleft Joer ugekënnegt huet, fir eise Bierger a Biergerinnen d'Liewensqualitéit erëmzeginn.

Déi historesch Gebaier mussen erhale bleiwen. Dat ass d'Geschicht vun Déifferdeng, vun eise Grousselteren an doriwuer eraus. Dat ass wichteg fir d'Zukunft, datt entweder d'Face, de Volumen oder dat Ganz geschützt gött.

D'Detailer wäerte mer vum Här Muller héieren. Ech wëll virausschécken – den Här Muller widderhélt dat wahrschein-

Roberto Traversini passe à une modification du PAG. Normalement, une construction doit se trouver à trente mètres de la voie ferrée. Mais le collègue échevinal estime que les entreprises voulant s'implanter derrière le Dimmi Si n'ont pas à s'y tenir. Il ne s'agit pas d'une zone d'habitation.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

explique que les écologistes ont demandé à ce que cette ceinture reste verte. La nature et l'économie doivent coexister.

Il a aussi été question d'aménager un chemin ou une piste cyclable sur cette ceinture pour atteindre le pont à proximité de Soclaire.

Il ne faudrait donc pas qu'une entreprise construite jusqu'au talus.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que non.

(Vote)

Roberto Traversini passe à un point plus intéressant: la troisième plus grande modification du PAG en quatre ans.

Il rappelle la protection des maisons unifamiliales approuvée le 1^{er} octobre 2014 et qui a bien été acceptée par la population. Les gens se plaignent parfois que certaines maisons soient encore démolies, mais c'est parce que l'autorisation avait été donnée avant le 1^{er} octobre 2014.

La deuxième grande modification du PAG concernait la sortie du Ratterm du périmètre de construction.

Aujourd'hui, il est question de la protection du patrimoine bâti. Le but est d'améliorer la qualité de vie des citoyens.

Les bâtiments historiques représentent l'histoire de Differdange, l'histoire des grands-parents des Differdangeois. C'est pourquoi il faut protéger la façade, le gabarit ou tout le bâtiment.

Roberto Traversini annonce une réunion d'information publique le 10 juillet à 19 h 30 à l'Aalt Stadhaus.

Roberto Traversini cède la parole à M. Muller.

ERNY MULLER (LSAP) estime que ce point constitue le plat de résistance de la séance d'aujourd'hui. Il se réjouit de sa présence à l'ordre du jour, alors que le collège échevinal n'a pas réussi à finir le nouveau PAG avant les élections.

Il est question de l'histoire de la ville. Or dernièrement, à chaque démolition d'un bâtiment, la question du patrimoine a été posée soit par la population, soit par les hommes politiques. Mais comme il n'existait pas de documents officiels, le collège échevinal avait les mains liées.

La démarche visant à protéger les façades a commencé en 2011. Un état des lieux a été dressé en partenariat avec les Sites et Monuments. Des critères ont été fixés.

De nombreuses maisons de la commune datent de la première moitié du XX^e siècle. L'industrie de l'acier était florissante. Plusieurs livres portent d'ailleurs sur l'architecture de la Belle Époque.

Ensuite, les cités ouvrières ont vu le jour. Ces maisons étaient construites par Hadir, puis par Arbed pour leurs salariés. Il s'agissait en fait de préfinancements. Petit à petit, les ouvriers finissaient par acheter les maisons. Les cités ouvrières marquent l'aspect des communes du sud du pays.

Erny Muller ajoute que certains bâtiments seront entièrement protégés, c'est-à-dire la façade et le gabarit.

Les cités ouvrières seront protégées de façon analogue aux bâtiments, mais avec quelques nuances. Il sera notamment possible d'effectuer des transformations.

La troisième catégorie est celle des façades remarquables. Il y en a plusieurs à Differdange.

La quatrième catégorie porte sur les secteurs protégés. Il s'agit

de lech och: den 10. Juli ass owes um hallwer aacht eng wichteg Biergerversammlung, fir ze kucken, wat d'Bierger dozou soen. Et kann een natierlech iwwer d'Klassementer schwätzen. Mä schreift iech den Datum vum 10. Juli um hallwer aacht owes am Festsall am Ale Stadhaus op.

Dat gesot, Här Muller, hutt Dir d'Wuert, fir eis déi wichteg PAG-Ännerung virzestellen.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter.

Dëst ass am Fong de Plat de résistance vun där haiteger Sëtzung. Ech si perséinlech ganz frou driwwer, dass mer deen elo nach presentéiert kréien, nodeem mer et leider net gepackt haten, fir d'gesamt d'Modifikatioun vun der Stadentwécklung nach virun de Gemengewahlen ze evakuéieren.

Et schéngt mer séier wichteg, dass mer deen heiten Deel vun der Protektioun vu certains éléments vu Fassaden haut am Gemengerot ofseenen.

Hei geet et ëm den Historique vun eiser Stad. D'Protektioun vun de Fassaden ass eng Fro, déi immens d'actualité ass, well bei praktesch X Gebaier, déi déi lescht Zäit ofgerappt gi sinn – sief dat a verschiddene Gemengendeeler, Uewerkuer, Déifferdeng Zentrum oder wou och ëmmer –, koum et ëmmer erëm zu Diskussiounen bei der Populatioun a bei de Politiker, ob net kéint déi eng oder déi aner Fassad – et ass souguer och vu ganzen Haiser geschwat ginn – erhale ginn.

D'Absicht, wéi gesot, war nach ëmmer do déi lescht Joren, mä si war am Fong net officialiséiert. Soudass mer keng direkt Handhab haten, fir d'Fassaden ze erhalen oder dass een hätt kënne mat de Promoteuren, déi do entwéckelt hunn, en Accord fannen, fir dat dann awer ze maachen.

Am Schäfferot ass d'Demarche, fir d'Fassaden ze erhalen, schonn 2011 ugaangen. Mat der Begleedung vum Sites et Monuments ass deemools e Screening gemaach ginn iwwer eis ganz Gemeng. Do ass gekuckt ginn, wat fir eng

Fassaden, no wat fir enge Kritären ze erhale sinn.

Vill Haiser an eiser Gemeng datéieren aus der éischter Halschent vum 20. Joerhonnert. Et war eng Zäit, wou d'Stolindustrie floréiert huet. Si ass och nach ënner La Belle Époque opgefouert. A verschiddenen historesche Bicher ass dokumentéiert, wéi sech eis Stad entwéckelt huet a wat do alles vu ganz interessanter Architektur entstanden ass. Vill sougenannte Maisons de Maître oder aner ganz markant Stroossenhaier.

Dann ass eng nei Notioun opkomm vun de Cité-ouvrières, déi entwéckelt gi sinn. Déi sengerzäit den Arbeitsgeber – an der Haaptsaach Hadir oder spéider och nach ARBED, mä méi Hadir-Zäiten – fir hir Salariéen op der ganzer Linn gebaut hunn. Déi si virfinanzéiert hunn.

No an no sinn déi herno iwwergaangen an d'Leit hunn déi kaaft. Dat ass ee ganze Patrimoine, dee mer hei an eiser Gemeng, speziell am Süden, Opweises hunn, wou esou Cité-ouvrières einfach entstane sinn an nach haut eist Stadbild markéieren.

Déi ganz Demarche ass an dräi Haaptkategorien ze definéieren. Dat Éischt ass, dass mer e Gebai komplett schützen. Dat heescht d'Fassade plus de Gabarit vum Gebai.

Da gëtt et eng zweet Situatioun. Dat ass déi vun de Cité-ouvrières, wat meeschtens Stroossenhaier sinn, déi am Kader vum Patrimoine industriel oder social definéiert sinn, déi ähnlech ze behandele si wéi d'Gebaier, déi protegéiert sinn. Dat gëtt méi oder wéineger mat gewesenen Ofwäichungen wéi déi Kategorie Gebaier geschützt. Wou awer méi Méiglechkeete sinn, fir Transformatiounen ze maachen.

Dann hu mer nach eng drëtt Kategorie. Dat ass déi vun de Fassades remarquables. Ech mengen, där fanne mer der e ganze Koup an eiser Stad. Dat ass awer déi Kategorie, op déi mer nach eng Kéier zrëckkommen an déi anescht behandelt gëtt.

Da gëtt et nach eng iwwergeuerdent Kategorie, d'Kategorie 4. Dat ass am Fong de Secteur protégé. Do gi Secteuren definéiert, wou déi Haiser sech befannen, déi schützenswäert sinn. An deene Sec-

teuren, wann do nei gebaut gött, muss dat sech dem Bâti existant upassen.

Hei müssen awer gewësse Contrainten agehale ginn. Zum Beispill, wann aner Gebaier an enger anerer Form gebaut ginn, müssen déi esou ugepasst ginn, dass et d'Substanz net stéiert. Dat ass nei. Mä dat ass ganz wichteg.

Well wéi oft gesi mer, datt nieft engem schützenswäerte Gebai – scho vum Gabarit schützenswäert an net nëmme vun der Fassad hier – Gebaier mat X Stäck entstinn, déi d'Nopeschgebaier iwwerragen. Wat wierklech keng gutt Situatioun ass. Mat dëse Mesurë gött dat an Zukunft verhënnert.

Dir fannt an ärem Dossier eng ganz detailléiert Liste des constructions, wat alles geschützt ass. D'Fassaden respektiv d'Haiser, déi ze conservéiere sinn. All Haus oder Fassad ass eenzel opgefouert mat der Strooss, der Hausnummer an enger Foto vun der Fassad oder dem Gebai. Et sinn 287 Maisons à protéger an 341 Fassaden opgelëscht.

Wéi sinn d'Critères de sélection definéiert?

Et handelt sech ëm Konstruktiounen respektiv Citéen oder Fassaden, déi méi oder wéineger de Kritären entsprechen, déi ech iech elo opzielen. Dat ass den Authenteschkeetsgrad vun der Bausubstanz, vun der Typologie a vum Aménagement.

Et ass d'Exemplaritéit vum Typ vum Haus, d'Wichtigkeet vun der Architektur, den Temoignage historique vun de Gebaier – dat heescht déi lokal, national, sozialpolitesch, reliéis souguer militäresch oder paramilitäresch Geschicht vu Gebaier, zum Beispill déi vun der Gendarmerie, déi eppes Spezielles duerstellen – oder aner technesch oder industriell Funktiounen hunn, déi wichteg ware fir d'Regioun. All déi Temoignagë vun de Gebaier ginn do ënnert deene Kritäre berécksiichtegt.

Bei de Constructions à conserver ass d'Protection vum Bâtiment onbedéngt bäizebehalen. Et ass absolutt verbueden, dat Gebai ofzerappen. Mä trotzdeem, dass de Gabarit ze protégéieren ass an déi architekturell Form, ass et méiglech Annexen do ze bauen. Also «Possibilité d'ajouter des constructions annexes».

Bei de Cités ouvrières ass et d'selwecht. Mä do gött et Méiglechkeeten, fir auszebauen. Dat si méi kleng Haiser. Do huet een d'Méiglechkeet, fir dat der Situation de vie vun haut unzepassen.

Bei de Façades à conserver gött just d'Fassad protégéiert. Dee ganze Gabarit hannendru kann erneiert ginn.

An der Partie écrite gesitt der, mir hunn dat Ganzt an eise PAG général vun der Stad agefaasst. Et ass en neit Kapitel 47.2 agefüügt ginn iwwert d'Constructions à conserver. Do steet dann éischens bei de Constructions à conserver, dass op d'Mise en valeur vun den äusseren architektoneschen Elementer opzepassen ass. Dës Komponente si bei den Haiser de Gabarit, d'Fassad op der Stroossesäit, d'Varianten, d'Fassadenelementer, d'Dekoratiounselementer, déi eng Fassad charakteriséieren, d'Form vum Daach, d'Materialien, déi applizéiert gouf souwéi d'Faarwen an d'Fassaderevêtementen.

Et steet och ganz kloer dran: «L'ajout d'un niveau plat n'est pas admis».

Dat heescht op esou engem Gabarit, op esou engem Haus, dat geschützt ass, därf keen Niveau drop gebaut ginn. Et därf kee Stack drop gebaut. Mä wéi gesot, Annex-Konstruktiounen bäizefügen ass erlaabt. Natierlech muss eng Autorisation de construire ausgestallt ginn. An dat Ganzt muss harmonesch sinn.

Cités ou colonies à conserver. Ech hat iech scho gesot, wat déi duerstellen. Déi sinn ähnlech ze behandele wéi d'Constructions à conserver. Mä fir zum Beispill d'Liewensqualitéit vun de Bewunner vun esou Haiser der Zäit unzepassen, hat ech iech scho gesot, dass do Ausbauméiglechkeeten erlaabt sinn. Oft ass dat sanitärer Natur. Dir wësst, dass an deenen Haiser keng grouss Buedzëmmer sinn, wéi dat haut an de Wunnenge de Fall ass. Duerfir därfe do Ännerunge gemaach ginn, ouni awer dass d'Valeur historique an der Gesamtheit zerstéiert gött.

Dat gëllt natierlech fir déi ganz Rei vun Haiser. Duerfir ass et wichteg, dass e sougenannte Schéma type erschafft ginn ass, wat an all Haus an där ganzer Strooss därfe gemaach ginn, fir dass sech herno en harmonescht Bild ergëtt

de secteurs où se trouvent des maisons remarquables auxquelles les nouvelles constructions devront s'adapter. Souvent, à côté de maisons méritant d'être protégées, on construit des bâtiments écrasant celles-ci par leur hauteur. La catégorie des secteurs protégés permettra d'éviter de telles situations.

Les conseillers communaux disposent de la liste des constructions protégées. Il s'agit en tout de 287 maisons et de 341 façades.

Ces maisons respectent une série de critères comme le degré d'authenticité du bâti, de la typologie ou de l'aménagement, l'exemplarité du type de maison, la valeur architecturale, le témoignage historique, la fonction technique ou industrielle, etc.

Les constructions à conserver ne pourront être démolies sous aucun prétexte. Cependant, des annexes pourront être aménagées.

La même chose est vraie pour les cités ouvrières. Mais ces maisons pourront aussi être agrandies pour les adapter à la situation de vie.

Lorsque seule la façade est à préserver, le propriétaire aura le droit de modifier le gabarit.

Tous ces éléments figurent dans le PAG dans le nouveau chapitre 47.2. Celui-ci stipule notamment que pour les constructions à conserver, il faut faire attention aux éléments architecturaux extérieurs: le gabarit, la façade, les éléments de décoration de la façade, la forme du toit, les matériaux, les couleurs... Il est interdit d'ajouter un étage à une construction à conserver. En revanche, des annexes sont possibles à condition de disposer d'un permis de construire.

Les cités ouvrières peuvent être agrandies pour améliorer la qualité de vie des habitants. Dans ces maisons, les salles de bains par exemple sont souvent petites. Les propriétaires ont donc le droit de faire des transformations à condition de ne pas détruire la valeur historique.

Un schéma type a été créé pour préserver l'harmonie dans les rues.

En ce qui concerne les façades à préserver, Erny Muller mentionne plusieurs maisons dans la rue Emile-Mark le long de l'école. L'intérieur, en revanche, est souvent dans un état lamentable. C'est pourquoi il faut laisser la possibilité aux gens de moderniser l'intérieur tout en respectant la façade.

Des dérogations sont aussi prévues lors de l'assainissement énergétique des maisons pour préserver les façades.

Les conseillers communaux disposent de plans indiquant les différents secteurs où se trouvent les maisons classées en catégories.

Erny Muller annonce qu'un article à ce sujet sera publié dans le magazine. Le bourgmestre a déjà mentionné la réunion d'information publique. Le dossier sera aussi publié sur le site internet de la commune. Les citoyens pourront donc assister à la réunion en connaissance de cause. Erny Muller précise que le choix des maisons a été opéré par des architectes et des spécialistes ainsi que par les Sites et Monuments. Le collègue échevinal n'a pas tenu compte des propriétaires. Seule la façade a été prise en considération. Il s'agit de préserver le patrimoine architectural de la ville pour les générations futures.

MARTINE GOERGEN (DP) salue l'initiative visant à protéger les bâtiments de Differdange. L'historique de ce dossier prouve que les démocrates sont favorables à cette mesure. Malheureusement, ils ne peuvent pas être d'accord avec tous les points.

Le dossier remonte à 2010 ou 2011 et a vu le jour sous l'impulsion du DP et déi gréng. Il a fallu du temps pour dresser un état des lieux et mettre en place un registre. Finalement, le DP a trouvé que les mesures proposées allaient trop loin et a demandé à ce que la liste soit revue. Mais cela s'est avéré impos-

an dass dee gesamten Androck bestoe bleift.

Façades à conserver. Hei ass et wichtig, dass d'Fassad telle quelle erhalte bleift. Am Zentrum vun Déifferdeng, zum Beispill an der rue Emile Mark laanscht d'Schoulen, sti vill Haiser mat markante Fassaden. Gitt wann ech gelift awer net era kucken, wat do bannendra lass ass. Do ass et heiansdo lamentabel, well déi bannescht Strukturen net moderniséiert goufen.

Do muss een d'Méiglechkeet loosse, dass dat, wat hannert där Fassad ass, moderniséiert gëtt. Awer am Respekt vun der besteeënder Fassad, dat ass séier wichtig, dass déi erhalte bleift.

Dann hu mer nach de Fall vum Assainissement énergétique, wat jo haut och ganz am Trend ass. Dat heescht, ech maachen eng Energiesanierung vu mengem Haus. A wann ech dat op der Fassad maachen, ass keng Fassad méi do. Dofir muss een och an deene Fäll extra Mesurë kënnen zouloossen. Dass sougenannten Derogatioune kënnen zougeloooss gi bei der Sanéierung vun den Haiser, fir dass d'Fassad am Endeffekt erhalte bleift, déi dat wichtigst Element vun deem Haus ass.

Dir hutt d'Pläng ausgedeelt kritt. Ech hat iech scho gesot, dass mer an eenzelne Secteuren agéieren. Do gesitt der, wou sech déi eenzel Haiser befannen ënner deenen dräi Kategorien. Alleguer d'Kritäre si faarweg markéiert.

Dat wäerte mer alles am Detail an der Publikatioun vum Diffmag virstellen. Et fënnt eng Biergerversammlung statt, wéi den Här Buergermeeschter schonn erwänt huet. Mer wäerten och dee ganzen Dossier op den Internetportal setzen, dass d'Leit sech dat kënnen ukucken. Soudass se am Fong gutt preparéiert an déi Sitzung kënnen kommen. Dass se en connaissance de cause kommen. Dat wäert sécherlech ganz interessant ginn.

Ech brauch net an d'Detailer ze goen. Dir kënnt dat alles liesen, wat am eenzelen an den Texter steet. Mä dat resuméiert sech alles op dat, wat ech iech elo gesot hunn. Ech wëll awer nach ofschléissend bemierken, dass de Choix vun den Haiser a Fassade vun Architek-

ten a Spécialistes en matière gemaach gouf.

Déi ganz Analys ass wierklech vu Fachleit gemaach ginn. De Sites et Monuments war och implizéiert. Ouni sech awer drëm ze këmmere, wien eventuell hanner esou Fassade wunnt. Ech mengen, dat ass wichtig ze soen.

Do ass guer net op den eenzelen Numm vun de Leit, op déi eenzel Adresse vun de Leit, déi hannert de Fassade wunnen, gekuckt ginn. Et ass sech just op de Sujet konzentréiert ginn. Well et geet hei ganz eleng drëm, de Patrimoine architectural, deen eis Stad charakteriséiert – an dat ass net wéineg, dat wësst der alleguer – fir déi zukünfteg Generatiounen ze erhalen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. E ganz gutt Schlusswuert, Här Muller.

Madamm Goergen.

MARTINE GOERGEN (DP):

Merci, Här Buergermeeschter, léif Frënn aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech benotzen elo e Liiblingswuert vum Här Hobscheit: D'DP begréisst d'Initiativ, fir gewëssen erhalenswäert Gebaier an eiser Gemeng ze schützen. Sief dat als Ganzt oder ebe just d'Fassad.

Wann een den Historique vun dësem Dossier kuckt, weess een, datt d'DP mat der Initiativ prinzipiell averstanen ass. Mir kënnen awer leider net mat all de Punkte vun der Propos averstane sinn. Ech erklären Iech och elo firwat.

Dësen Dossier ass scho viru gutt siwe Joer, 2010-2011 ongeféier, an Ugrëff geholl ginn. Dat deemools ënner DP/déi gréng.

Et hat Zäit gebraucht, fir de Regëster opzestellen. Wéi dunnt déi virgeschloe Lëscht um Dësch louch, goungen d'Mesuren awer deenen ehemolege Verantwortlechen – jiddefalls deene vun der DP – ze wäit. An et war den Optrag, fir déi Lëscht nach eng Kéier ze iwwerschaffen. Dat war dunnt awer leider net méiglech duerch de Koalitiounswissel.

Dunn ass deen Dossier un déi nei Majoritéit gefall.

Ech denken, datt et ze verstoen ass, dass mir elo e bëssen erstaunt sinn, dass déi Lëscht quasi identesch ass. Et huet sech net vill verännert. Mir froen eis, wat an deenen dräi an hallef Joer entremps geschitt ass. Vlächtt hutt Dir dorop eng Erklärung, firwat dat esou laang gedauert huet, wann ee gesäit, dass kee groussen Ënnerschied besteet.

Um Inhalt huet sech op jidde Fall net vill geännert. Dofir gëllt eist ehemolegt Argument nach ëmmer. Mat verschiddeenen Inhalter vun der Lëscht kënnen mir absolutt averstane sinn. Besonnesch well mir jo och bei der Ofstëmmung vun der Modifikatioun vum PAG den 1. Oktober 2014 gefuerdert hunn, dass méi eng differenziéiert Virgoensweis sollt gemaach ginn.

Mä plazeweis geet se eis awer, wéi scho gesot, nach ëmmer e bëssen ze wäit. Ech kéint eenzel Beispiller opzielen, mä dat géif elo ze wäit féieren.

Mir denken, datt et wichteg ass, am Bléck ze behalen, a wéi enge Quartieren et néideg ass, datt et Méiglechkeete gëtt, sech modern weiderzëentwéckelen.

An deem Kader beonrouegt eis besonnesch – an dat mécht eise Vott vlächtt e bësse méi verständlech – de Cumul vun deenen zwou Mesuren. Dat heescht, engersäits d'Verbuet d'Eefamilljenhaiser ofzerappen an duerch zum Beispill méi Familljenhaiser ze ersetzen. An anerersäits de Schutz vun de Fassaden an/oder de ganzen Haiser.

Zesummen erlaben dës Mesuren op ville Plazen net méi, datt sech déi Plaze moderniséieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

MARTINE GOERGEN (DP):

Well kaum nach Spillraum do ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

MARTINE GOERGEN (DP):

Fir e Beispill ze ginn, géif ech gären d'rue Dicks-Lentz ervirhiewen. Besonnesch déi Säit, déi zum Parc de la Chiers geleeën ass. Mir wëssen all, datt deen Deel, deen ee vum Park aus gesäit, plazeweis net wierklech sexy ass. Mir risquéiere mam Unhuele vun dëser Mesure, datt guer net méi an dee Quartier, deen an deem Fall ebe vun deene béide Mesurë betraff ass, investéiert gëtt.

Et ass wahrscheinlech och net deen eenzege Quartier, wou dat esou wäert sinn.

Mir froen eis, ob et net besser wier, och wann d'Fassad misst integréiert oder erhale bleiwen, datt op esou enger Plaz e puer Haiser kéinten opkaaft ginn an hannendru kéinte méi Familljenhaiser entstoen. Dann hätt ee vir de Charakter erhalen an hannendrun hätt een awer dann eng aner Form vu Wunnen.

Mir lafen eben elo Gefor, dass guer net méi an esou Haiser investéiert gëtt an dass sech quasi jorelaang näischt wäert drun änneren.

Näischt schwätzt dergéint, eise Patrioine ze schützen. An deem Fall hei, de Charakter vun de Kolonienhaiser an de Bâti existant. Dass, wann eppes Neies gebaut gëtt, dat soll un de gesamte Quartier ugepasst ginn. Do schwätzt näischt dergéint.

Hannert de Mauere soll awer trotzdeem e modernt Liewe méiglech sinn. D'Leit wunnen haut eben anescht wéi viru 50 an 100 Joer.

D'Attraktivitéit vun eisem Stadbild soll kënnen steigen. Dat heescht an dësem Fall, datt net all eenzelt Haus oder Fassad muss erhale bleiwen, mä datt et soll equilibriert sinn an d'Mixitéit an d'Struktur vun der Stad berécksiichtegen.

Datt ee sech net kann iwwer all eenzelt Haus op der Lëscht eens ginn an datt d'Meenunge vun Experten, Historiker, Architekten, Gemengeverantwortlechen

sible à cause du changement de coalition.

Aujourd'hui, les démocrates sont étonnés de constater que la liste n'a pratiquement pas changé. Pourquoi le collège électoral a-t-il attendu trois ans et demi?

L'argument des démocrates reste en tout cas le même. Ils ne sont pas d'accord avec certains contenus. Lors de la modification du PAG le 1^{er} octobre 2014 déjà, ils avaient exigé des mesures plus différenciées. La liste proposée aujourd'hui va trop loin. Certains quartiers doivent pouvoir se moderniser.

Le DP s'inquiète surtout du cumul des deux mesures, c'est-à-dire l'interdiction de remplacer les maisons unifamiliales par des résidences et la protection des façades ou de maisons entières. La marge de manœuvre pour une modernisation de certains sites est trop restreinte.

Martine Goergen cite l'exemple de la rue Dicks-Lentz du côté du parc de la Chiers. Ces maisons ne sont pas sexys. Or les modifications du PAG risquent de stopper les investissements dans le quartier.

Les démocrates proposent d'acheter l'une ou l'autre de ces maisons et de construire des résidences derrière. Cela permettrait de conserver la façade tout en créant de l'espace d'habitation.

Autrement, les propriétaires risquent de ne plus investir dans leurs maisons et les quartiers n'évolueront plus pendant des années.

Martine Goergen n'est pas contraire à la protection du patrimoine — et notamment des cités ouvrières. Les nouvelles constructions doivent s'adapter au bâti. Mais à l'intérieur, il doit rester possible de mener une vie moderne. Aujourd'hui, les gens ne vivent plus comme il y a cent ans. L'attractivité de la ville doit pouvoir croître. C'est pourquoi il faut trouver le juste équilibre et ne pas protéger toutes les maisons.

Il est normal que l'on ne puisse pas être d'accord avec toutes les

maisons sur la liste. Mais les démocrates auraient préféré une autre façon de procéder. Certes, ils ont obtenu des informations lors d'une séance non publique du conseil communal. Mais cela ne correspond pas à l'idée qu'ils se font d'une politique transparente et participative. Les démocrates et la population auraient dû être concertés au moment de la sélection.

Le collège échevinal aurait aussi pu remettre le dossier plus tôt au lieu d'attendre le lundi soir précédent la séance de mercredi. Par ailleurs, la qualité des photos dans le dossier laisse à désirer. Martine Goergen aurait voulu aller voir ces maisons, mais n'en a pas eu le temps.

Les démocrates veulent protéger le patrimoine differdangeois, mais s'abstiendront lors du vote. Si la modification du PAG devait être approuvée, ils exigent que les propriétaires concernés soient informés par écrit et invités à la réunion du 10 juillet. Il s'agit d'expliquer aux gens les décisions prises concernant leurs propriétés. En effet, la commune ne peut pas partir du principe que les gens lisent les publications communales et le collège échevinal se doit de communiquer clairement.

Martine Goergen répète que les démocrates ne sont pas contraires à la protection du patrimoine, mais qu'ils s'inquiètent du cumul de mesures. La liste proposée aujourd'hui va trop loin.

Le collège échevinal aurait aussi dû laisser plus de temps aux conseillers communaux et à la commission des bâtisses.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

rappelle que le vote d'aujourd'hui porte sur la saisine et non sur la protection.

Les citoyens et les conseillers communaux ont parfaitement le droit de demander des modifications. M^{me} Goergen n'a qu'à dire quelles maisons elle ne veut pas protéger et le prochain collège échevinal approuvera peut-être sa proposition. Mais qu'elle ar-

an och de Bewunner ganz wäit ausernee ginn, ass normal. Trotzdeem – an dat ass e weidere Grond, firwat mir dëser Modifikatioun net kënnen zoustëmmen – hätte mir eis als DP eng aner Virgoensweis gewënnscht.

Och wa mir an enger netëffentlecher Sëtzung vum Gemengerot iwwert dëst Virgoen informéiert gi sinn an Erklärungen kritt hunn – dofir soen ech Merci vum dëser Plaz aus –, ass et awer an eisen Ae keen Zeeche vun transparenter a participativer Politik, datt weder d'Oppositionsparteien – also och mir als stärkste Fraktioun – wéi och d'Bierger an dee Selektiounsprozess matagebonne gi sinn.

Et wier net onméiglech gewiescht, zum Beispill dësen Dossier mat der Lëscht mat genuch Zäitofstand an net eréischt méindes owes virun der Gemengerots-sëtzung mëttwochs moies an eis Bautekommissioun ze ginn, wou een hätte kënne mat proppere Fotoen an e wéineg Rou zesumme mat de Vertrieeder vun alle Parteien an den Experten e Konsens fannen. Deen hätte mer dann all kënnen zesummen droen.

Als Gemeindeconseiller sinn ech och e wéineg enttäuscht iwwert d'Form vum deem Dossier. Besonnesch d'Qualitéit vun de Fotoen, déi och am PDF op der Cloud net vill besser ass. Ech perséinlech hätten mer méi Zäit gewënnscht, fir déi eenzel Haiser kënnen ukucken ze goen, wat awer mat deem Delai, dee mer vum Dossier aus hunn, an dee gesetzlech virgeschriwwen ass, kaum méiglech war.

Mir als DP hunn e puer Grënn, eis bei dësem Vott ze enthalen, och wa mir prinzipiell dofir sinn, den Déifferdenger Patrimoine ze schützen. Mir fuerderen awer op dëser Plaz, wann dës Modifikatioun dann elo trotzdeem haut gestëmmt gëtt, datt d'Proprietären all mat engem perséinleche Bréif a Kenntnis gesat ginn. Zum Beispill an deem ee se dann op déi Biergerversammlung den 10. Juli invitéiert. Och wann dat net explizit esou virgesinn ass.

Dat wär an eisen Aen am Sënn vun enger transparenter Politik an e wichtege Schrëtt, de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, zumindest gutt informéiert ze sinn, wann Decisiounen iwwer hiert Eigentum getraff ginn. An dat besonnesch hei,

wou esou vill Leit dovunner betraff sinn.

Mir kënnen nämlech leider net dovunner ausgoen, dass all Mënsch déi virgeschriwwen Publikatioun liest a géifen et als Zeeche vu gudde Wëlle gesinn, wann de Schäfferot hei kloer kommunizéiere géif.

Dëst gesot, widderhuelen ech, datt d'DP-Fraktioun am Prinzip net dogéint ass, eisen erhalenswäerte Patrimoine ze schützen, datt mer awer besonnesch am Zesummewierke mat der Modifikatioun, déi schonn a Kraaft ass, fannen, datt déi virleiend Lëscht ze wäit geet.

Mir hätten eis eng aner Abannung vun alle politesche Responsabele gewënnscht an notament méi Zäit, fir datt zum Beispill eben eng Bautekommissioun sech hätte kënnen intensiv domat befaassen.

Aus deene Grënn enthalte mir eis. An ech soe Merci, fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci Madamm Goergen.

Ech wëll dozou just soen, datt mer haut d'Saisine stëmmen. Mir stëmmen haut net de Schutz. Do kënnt nach eng ganz Prozedur hannendrun.

Et ass jo net esou, wéi wann net géif eng ëffentlech Debatt gefouert ginn. Dat muss een awer hei kloer soen. Wa Bierger a Biergerinnen herno nach eppes wëllen änneren oder de Gemengerot Saachen ännere wëll oder Dir, gitt dat roueg eran.

Wann Dir mengt, eng Face net wëllen ze schützen, bréngt dat eran. Et ass nach genuch Zäit. Et ka vläicht sinn, datt deen nächste Schäfferot dat hei stëmmt oder net. Mä maacht awer elo net esou, wéi wann haut schonn den definitive Vott wier. Alles dat, wat Der gesot hutt, kënnt Der nach maachen. Alles.

Ech spieren, datt den Här Hobscheit haut wëll zum Schluss schwätzen.

(Gelaachs)

Madamm Schambourg.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Punkt vum Ordre du jour kann ech nëmme begeeschtert zoustëmmen als Presidentin vun der Bautekommissioun, als Vertrieederin vun der CSV a souguer als Privatpersoun.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Ech sinn elo schonn ongeféier eng 15 Joer an der Bautekommissioun an dat do ass e Punkt, wou mer scho Joren dru schaffen an dovun schwätzen, fir d'Fassaden ze schützen, déi et derwäert sinn, wouduerch eise Patrimoine hei zu Déiferdeng erhale bleift.

Et gëtt eng ganz Rei vu Punkten, déi net ganz kloer an däitlech am Bautereglement festgehalen sinn, soudass mer déi Saachen iwwer Joren au fur et à mesure reglementéieren. An dorun ass och scho vill geschafft ginn.

Dat heizen ass e Punkt, wou mer bis elo nach keng konkret Handhab haten, fir déi verschidde Projeten ze refuséieren. Mir hunn zesumme mat de Proprietären, Promoteuren an Architekten ëmmer erëm gekuckt, fir den architektoneschen Aspekt vun engem Gebai ze erhalten. A meeschtens huet dat och esou funktionéiert. An dësem Fall ass zesumme geschafft gi mam Sites et Monuments, dem Architektbüro souwéi eise Leit aus dem Bautebüro.

Hei ass en Inventaire gemaach gi flächendeckend iwwert d'ganz Gemeng. Et si Kritäre festgehalen ginn, woubäi net nëmmen d'Fassad, mä och d'ganz Enveloppe vun der Konstruktioun beträff ass.

Et muss een trotzdeem wëssen, datt dëst eng Initiativ reng vun der Gemeng ass, déi nëmmen d'Gemeng betrëfft an näischt mam Klassement vu Gebailechkeeten ze dinn huet, dat iwwert de Sites et Monuments leeft. Wann do e Gebai klasséiert ass, gëtt et zimlech schwierig, fir Transformatiounen, Vergréisserun-

gen oder soss Ännerunge virzehuelen. Mir si vill méi flexibel.

Ech ginn net op déi ganz technesch Detailler an op déi ganz Kritären an. Dat ass scho gemaach gi vum Här Muller. Virun allem ass awer gekuckt ginn, fir d'Jugendstilhaiser, déi ëm déi lescht Joerhonnertwenn gebaut gi sinn, an déi sougenannte Kolonienhaiser ze protegéieren. Woubäi et hei fir vill Haiser schonn ze spët ass, déi am Laf vun de Joren total veronstalt gi sinn. Dat ass zwar schued. Mä et ass d'Realitéit.

Ech si frou, datt mer elo en Outil hunn, deen dann och de konkreten Ufuerderungen nokomme kann. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Schambourg. Här Ruckert, w.e.g.l.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn elo gesot kritt, dass 287 Haiser, dorënner déi sougenannte Cités industrielles, an 341 Fassaden géifen iwwert dee Wee geschützt ginn.

Dat ass eng wichteg Moossnam, iwwert déi mer hei schwätzen. Et muss ee bei där Geleeënheet drop hiweisen, dass mer mindestens 20 Joer, wann net méi, am Réckstand sinn. Well eben e groussen Deel, besonnesch vun deenen Aarbechterkolonien, deelweis scho richteg verschampeléiert gi sinn oder op alle Fall net méi vill mat deem ze dinn hunn, firwat se am Ufank vum 20. Joerhonnert gebaut gi sinn.

Et stëmmt zwar, dass se net geschützt ginn an deem Sënn, wéi wa se géife klasséiert ginn op enger Lëscht vum Sites et Monuments. Mä trotzdeem wäert dat awer zu vill Gesprécher féiere mat de Leit. Do gëtt et jo awer dann eng Rei Kritären, wat een däerf a wat een net däerf. Do besteet ëmmer de Risiko, wa Virschrëfte komme fir d'Leit, dass dann dat, wat si géife maachen a wat d'Gemeng seet, wat se dierfe maachen... Dass do och e grouse finanzielle Sputt ass. Dass se eventuell déi Renovatiou-

rête de prétendre que le vote d'aujourd'hui est définitif.

Roberto Traversini a l'impression que M. Hobscheid veut parler en dernier.

(Rires)

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV) est enthousiaste en tant que présidente de la commission des bâtisses, représentante du CSV et citoyenne.

Elle fait partie de la commission des bâtisses depuis 15 ans et ce point revient sans cesse.

Certains points du règlement des bâtisses ne sont pas clairs et c'est pourquoi les décisions sont prises au fur et à mesure.

Pour le moment, il n'était pas possible de refuser la réalisation de projets sur la base de la valeur architecturale d'un bâtiment. Le projet dont il est question aujourd'hui est le fruit d'un partenariat avec les Sites et Monuments et le bureau d'architectes. Un inventaire a été établi tenant compte non seulement des façades, mais aussi de l'enveloppe de la construction.

L'initiative de la commune n'a rien à voir avec le classement des bâtiments par les Sites et Monuments. La commune est plus flexible en ce qui concerne les transformations.

Pierrette Schambourg ne souhaite pas revenir sur les détails. Il s'agit surtout de protéger les bâtiments Art nouveau et les colonies. Malheureusement, de nombreuses maisons ont complètement été transformées au fil des ans. Désormais, la commune dispose d'un outil de travail.

ALI RUCKERT(KPL) rappelle que 287 maisons et 341 façades seront protégées. Malheureusement, la commune a vingt ans de retard. Une grande partie des colonies ouvrières ont complètement été défigurées et n'ont plus grand-chose à voir avec les bâtisses du début du XX^e siècle.

Il est vrai que la protection n'est pas comparable à un classement par les Sites et Monuments. Mais les propriétaires devront quand même se tenir à des rè-

4. PAG et PAP

gles. Et la conception des gens ne correspondra pas forcément à celle de la commune. Sans oublier que certains propriétaires ne pourront pas réaliser les travaux à cause des couts.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) réplique que le règlement sur les primes n'est pas encore terminé. Mais il sera présenté lors de la prochaine séance.

ALI RUCKERT (KPL) ajoute que lorsqu'on prend de telles mesures, il faut soutenir les gens financièrement. C'est ce que fait l'État, mais ses subsides sont généralement trop bas. Bref, la commune crée des problèmes qui entraîneront nécessairement des débats.

Ali Ruckert a constaté qu'une maison ouvrière ayant appartenu au directeur de Cockerill ne figure pas sur la liste. Or il s'agit de la première maison à avoir été construite dans cette rue. Il faudrait revoir la liste, car certains experts ne connaissent visiblement pas l'histoire de la ville.

Ali Ruckert regrette que la commission des bâtisses n'ait reçu le dossier que cette semaine.

Le bourgmestre a parlé d'une réunion d'information. Il faudra s'assurer que les gens soient prévenus.

En tout cas, Ali Ruckert salue le fait que le patrimoine de Differdange soit enfin protégé, même si beaucoup a déjà été détruit. Il ne s'agit pas de créer une espèce de Disneyland dans ces rues, mais de traiter le problème de manière raisonnable.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) approuve la modification du PAG. Si cette décision avait été prise il y a trente ans, la place du Marché aurait une tout autre allure aujourd'hui. De belles maisons ont été démolies.

Comment la procédure se déroulera-t-elle? Fränz Schwachtgen propose de décréter un moratoire si la loi le permet. Pendant la durée des discussions, il faudrait empêcher que les propriétaires ne transforment les fa-

nen déi d'Gemeng virschléit, guer net finanziell verwierkleche kënnen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert, et sollt haut och en neit Primmereglement fir d'Fassade kommen, mä et ass nach net fäerdeg. Genau dat, wat Der sot, si mer amgaangen ze maachen. Dat wäert an deen nächste Gemengerot kommen.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat wär meng Fro gewiescht. Wann een esou Oplage mécht, muss ee jo och an där enger oder anerer Form finanziell dozou bäidroen, dass déi Aarbechten op d'mannst an engem gewëssene Mooss vun der ëffentlecher Hand ënnerstëtzt ginn. Dat ass jo och beim Stat esou. Alldéngs ass et beim Stat esou, dass dacks déi Oplagen, déi d'Leit kréien, einfach net kënnen erfëllt ginn, well et esou deier gëtt a well d'Subside vum Stat esou kleng sinn. Dat heescht, do schaaft een eng Rei Problemer, wou ee sech dann awer muss bewosst sinn, dass dat zu vill Diskussiounen féiere wäert.

Déi Lëscht, déi mer hei presentéiert kritt hunn, misst ee vläicht awer nach eng Kéier nokucken. Ech hunn an engem Fall gesinn, dass an enger Strooss, wou esou Aarbechter-Haiser stinn, déi op déi Lëscht geholl gi sinn, en Haus ass, wou den Direkter vu Cockerill gewunnt huet. Dat éischt Haus, dat an där Strooss iwwerhaupt gebaut ginn ass. Dat steet net drop. Dat heescht, do gëtt et warscheinlech Experten a Fachleit, déi net onbedéngt d'Geschicht vun Déifferdeng kennen. Do misst ee vläicht nach déi eng oder aner Saach iwwerpräiwen.

Ech muss och soen, ech sinn erstaunt, dass d'Bautekommissioun bis elo esou wéineg agebonne ginn ass an déi Affär. Dës Woch hu se dat am Dossier gehat. Awer soss schéngt do net vill gelaf ze sinn. Wann dat esou ass, fannen ech dat e bësse bedauerlech.

Dir hutt gesot, Här Buergermeeschter, et gëtt eng Versammlung gemaach, wou déi Leit ageluede ginn. Et ass tatsächlech esou, dass wann Decisiounen geholl ginn, vill Leit dat iwwerhaupt net matkréien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

ALI RUCKERT (KPL):

Da muss een natierlech derfir suergen, dass esou vill Leit wéi méiglech gesot kréien: Hei, mir wëllen Äert Haus op déi Lëscht stellen. Hutt Der dozou eppes ze soen oder net? Dass dat herno net zu engem groussen Duerchernee féiert.

Soss, muss ech soen, dass ech dat als Vertrieber vun der Kommunistescher Partei ganz gutt fannen, wann och mat vill Verspéidung, dass mer op dee Wee do ginn. An derzou bäidroen, dass dee Patrimoine, deen nach do ass, deen nach net zerstéiert ginn ass, well et ass es vill zerstéiert ginn...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

ALI RUCKERT (KPL):

Dass deen erhale gëtt. Dat ass wichteg. Mir brauche jo keen Disneyland an deene Stroossen ze maachen, mä loosse mer soen dofir ze suergen, dass déi Saachen awer vernëfteg an de Grëff geholl ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den Här Schwachtgen an dann den Här Diderich.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dat ass eng ganz gutt Saach, déi mer elo endlech maachen. Ech wëll betounen, wann dat scho virun 30 Joer gemaach gi wär, hätte mer eis Déifferdenger Maartplaz nach an engem ganz aneren Zoustand. Vläicht net esou grouss a bombastesch. Do sinn am Laf vun der Zäit ganz vill flott Haiser ewechgehäit ginn.

Wat mech elo interesséiert: Wéi geet d'Prozedur weider? Wivill Zäit huele

mer eis? Wann dat méiglech ass, misst een op déi Lëscht emol e Moratoire aussprechen, wann dat gesetzlech méiglech ass. Dass elo an där Diskussiounszeit, wou déi eng oder aner Fassad vläicht erëm erausgeholl gëtt, respektiv net geschützt gëtt, wéi dat da soll sinn, respektiv aner Fassaden, wéi den Här Ruckert seet, déi nach vläicht op den Inventaire derbäi kommen, net därer dru gefréckelt ginn, bis dass déi ganz Saach definitiv votéiert ass. Wéi gesot, ech weess net, ob e Moratoire méiglech ass.

An där Opklärungsversammlung misst et drëm goen, wat fir Hëllef d'Leit kréien. Wat fir Hëllef se vum Stat a wat fir Hëllef se vun der Gemeng kréien. Do muss ee mam Stat schwätzen. Déi misste wierklech substanzuell sinn. Mir hu ganz vill Leit, déi mat hiren eegene Moyenen ëmbaue mussen. Do ass de Choix vum Material meeschtens deen, deen dem Portmonni nogeet an net onbedéngt fir en alen Horsteen nach nogeschnidden ze kréie vun engem Sculpteur. Esou Renovatiounsarbechte schloen an d'Geld a ganz vill Leit hunn déi Moyenen net. Da gëtt bäigebastelt an dat ass herno dann net méi ganz interessant.

Wann een Hëllef kritt oder ufreet, fir ëmzebauen, muss een en zimlech genee Plang eraginn. Awer zum Schluss, wann een d'Geneemegung huet, fir dee Plang ze realiséieren, no den Aarbechte geet kee kucken, ob dat iwwerhaupt gemaach ginn ass, wat gefrot gi war. Do misst eng Gemeng sech Moyene ginn, fir Kontrollen ze maachen an nozekucken, ob richteg ëmgebaut ginn ass, ob d'Normen agehale gi sinn oder net. Ech mengen, et wier ganz wichteg, de Leit och déi Assurance ze ginn.

Dat gëllt iwwerengs och fir Neibauten, wou mer jo dacks Saachen erliewen, wou de Promoteur sech einfach nach e puer Meter lénks oder riets eraushëlt oder e Kanal net do uschléisst, wou e soll ugeschloss ginn.

Dat gesot, freeën ech mech op d'Diskussion mat de Leit an ech géif dat och ënnerstëtzen, dass d'Leit solle gutt informéiert ginn, wann net souguer schrëftlech, dass se op der Lëscht stinn. Ech weess net, wat de Schafferot virgesinn huet. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen.

Zwou Saachen, ier ech dem Här Diderich d'Wuert ginn. Mir wäerten déi 628 Persounen perséinlech an engem Bréif uschreiwen, wou drasteet, wéi dat Haus soll gemaach ginn. Mir hunn hei absolutt näischt ze verstoppen. Déi 628 Fäll kréien – dat ass nach ni gemaach ginn, mir maachen dat – e Bréif. Déi kréie gesot, ob hiert Haus d'Kategorie een, zwee oder dräi ass. Da wësse se scho Bescheid, wa se an d'Versammlung kommen. Ech mengen, domat gi mer allem aus de Féiss.

D'Primme vun de Fassade wäerten och nach kommen. Mir schreiwen déi 628 Leit un a mir soen hinnen, wat de Gemengerot wëlle huet ze maachen. Mir als Schafferot hunn absolutt kee Problem dat ze maachen.

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, déi Lénk begreift, dass dat do elo endlech gemaach gëtt. Wäer dat ënnert dem viregte Schafferot gemaach ginn, wéi dat dann hei duergestallt ginn ass, dass déi Lëscht scho méi laang besteet, mengen ech, géif d'Nicloushaus nach stoen. A meng Hoffnung wäer grouss, dass den Hadir-Tower och nach géif stoen.

Wann ech kucken, wat hei vun Haiser zréckbehale ginn ass vun deenen Experten, denken ech... Iwwert den Hadir-Tower hätt ee vläicht missen nach eng Kéier diskutéieren. Mä wann ech elo kucken, feelen eng ganz Rei markant Gebaier, déi engem souzesoen Net-Expert net agefall wieren. Mir si se och a priori net agefall.

Dat si wierklech markant Gemeengebaier zu Uewerkuer aus dem Courant vun der Architektur vum Brutalismus, wou mer dräi Gebaier hunn, déi vläicht energetesch ganz problematesch sinn, mä awer an där nämmlecher Period gebaut gi sinn. Dat ass jo ee vun de Kritären, deen hei genannt ginn ass. Déi si si

gades sur la liste ou celles qui pourraient y être ajoutées.

La question des subsides nationaux et communaux devra être abordée lors de la réunion d'information publique. Car si ce sont les propriétaires à choisir les matériaux, ils se baseront avant tout sur le prix. Ce type de travaux de rénovation coûte cher et beaucoup de gens n'ont pas les moyens.

En plus, lorsqu'on réalise des travaux sur ce genre de bâtisses, il faut soumettre des plans précis. Mais une fois l'autorisation donnée, personne n'effectue des contrôles. C'est pourquoi la commune devra se donner les moyens de vérifier que les normes ont été respectées.

La même chose est vraie pour les nouvelles constructions. Souvent, la commune découvre après coup qu'un promoteur s'est approprié plusieurs mètres ou qu'il n'a pas fait de raccordements au canal.

Fränz Schwachtgen pense que les personnes concernées devraient être informées par écrit.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

confirme que la commune écrira aux 628 personnes concernées. Le collège échevinal n'a rien à cacher. La lettre contiendra des informations concernant la catégorie au sein de laquelle la maison en question est classée.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

salue à son tour cette décision. Si elle avait été prise par le collège échevinal précédent, la maison Niclou dans la Grand-rue n'aurait certainement pas été démolie. Et peut-être même que la tour Hadir n'aurait pas été détruite.

Gary Diderich constate qu'il manque des bâtiments marquants dans la liste, mais il admet qu'il ne s'en était pas rendu compte non plus. Il s'agit de trois bâtiments brutalistes d'Oberkorn qui sont significatifs pour leur époque, ce qui constitue un critère de protection: le centre sportif, l'école Um Bock et le Centre Noppeney. Ces bâtisses sont relative-

ment récentes, mais elles sont importantes du point de vue architectural. On ne trouve pas structures similaires dans toutes les villes. Il faut donc se poser la question de leur préservation.

Lorsqu'on écrit aux propriétaires pour leur parler de leurs maisons, il ne faut pas oublier de leur expliquer de quoi il s'agit. Car il n'est pas seulement question d'esthétique comme cela a été dit lors de la réunion du conseil communal. Cette réunion ressemblait plus à une répétition des cours de l'INAP. Il n'a pas vraiment été question des spécificités de Differdange. Gary Diderich n'a pas l'impression que cette réunion a contribué à éclairer son vote d'aujourd'hui.

Ce type de dossiers doit être communiqué plus rapidement aux conseillers communaux. Après tout, il n'a pas vraiment évolué depuis la réunion non publique sur le PAG. Il s'agit d'un dossier de quarante pages. Il aurait été préférable que le collège échevinal ne se tienne pas aux cinq jours prévus par la loi.

Le vote d'aujourd'hui servira à enclencher la procédure. Mais si le collège échevinal veut réellement inclure le conseil communal dans les décisions, il devra s'y prendre différemment.

Gary Diderich n'a pas pu aller voir tous les bâtiments dans un délai aussi court, mais la liste est vaste, ce qui est une bonne chose. Il reste à voir s'il manque des bâtiments.

Les gens ne savent souvent pas ce qui se trouve derrière une façade, par exemple celle de la maison Niclou. Or une façade simple peut cacher une ancienne ferme avec des annexes...

C'est pourquoi Gary Diderich propose de lancer un appel pour que les gens fassent des propositions motivées. Cela permettra de dénicher des maisons qui ont été oubliées.

Gary Diderich approuvera la modification du PAG, car il est content que ces mesures soient enfin prises. Il regrette cependant qu'il ait fallu tout ce temps

gnifikativ fir eng Period. De Grupp Tatra huet déi dräi gewielt. Ech schwätze vum Centre sportif, also vun eiser Sportshal, vun der Schoul „um Bock“ a vum Centre Noppeney.

Dat ass net Jugendstil. Dat ass keng Romantik. Dat ass keng al Zäit souzesoen, vun där mer hei schwätzen. Dat ass scho méi rezent, awer eng Period, déi wichteg ass an der Entwécklung vun der Architektur. A wichteg fir d'Stadbild vun Uewerkuer a markant. Wat een net onbedéngt an all aner Stad fënnt. Déi feelen hei op der Lëscht.

Do misst ee sech iwwerleeën an där Prozedur, déi elo nach kënnt, ob mer dat solle schützen. Ech denken, dat muss ee protegieren an et muss ee kucken, wéi een dat mécht, fir de Cachet vun deene Gebaier ze halen.

Wat ganz wichteg ass bei där Fro vum Patrimoine, wa mer d'Leit elo uschreiwe fir hir Haiser, awer och wa mer iwwer esou Gebaier schwätzen, ass, datt mer se opklären, ëm wat et do u sech geet. Et gëtt jo net nëmmen ëm Ästhetik. Dat ass ganz kloer an där Versammlung gesot ginn, déi mer hei haten. Ech begrëssen, dass déi stattfonnt huet.

Ech muss awer och soen, dass et éischter eng Opfrëschung war vu Coursen, déi ech jiddefalls am Inap scho gemaach hunn, wéi ech dat Mandat hei ugefaangen hunn. Wou mer net wierklech vill gewuer gi si spezifesch fir Déifferdeng. Also wéi eng Kategorien et gëtt, wéi e PAG funktionéiert an esou weider. Dat war just souzesoen eng Opfrëschung. Et huet net därmoossen dozou bäigedroen, dass een hei elo méi en informéierte Votter ka maachen.

Ech hu mat verschiddene Schäfte zu aneren Occasiounen driwwer geschwat. Ech fannen, dass esou en Dossier wierklech soll éischter un d'Gemengeréit kommunizéiert ginn. Dee besteet jo scho ganz laang, wann ech dat richteg verstinn. Ech mengen net, dass zwëschen där Réunion non publique, déi mer haten iwwer de PAG, an haut därmoosse vill mat deem Dossier geschitt ass, dass do elo nach Saache bäi- oder ewechkomm wären.

Op jidde Fall denken ech, dass een éischter déi 40 Säite kommunizéiere soll, wéi déi fënnef Aarbechtsdeeg, déi

de legale Minimum sinn. Dofir ass dat Thema ze wichteg.

Ech weess, dass et elo net eriwuer ass. D'Prozedur gëtt elo enclenchéiert. Jiddefalls, wann een de Gemengerot wëll méi abannen – an dat huet dës Schaffferot gesot, wéi en ugetratt ass, dass e méi op d'Kooperatioun an Zesummenaarbecht wëll goen – muss een dat an der Praxis weisen, wéi dat dann aussäit. Dat wär ënner anerem doduercher, dass een esou Dossierer éischter géif matdeelen.

Ech wäert elo net op eenzel Gebaier agoen. Ech denken, et ass relativ konsequent, wat hei protegéiert gëtt. Et sinn eng ganz Rei Saachen, wou ech just konnt Stéchprouwe maachen, well et onméiglech war, sech all déi Gebaier an deem Delai unzékucken, wann een och nach schafft. Et si ganz vill Gebaier op der Lëscht, déi protegéiert ginn. Dat ass gutt esou. Et muss een dann elo déi Zäit notzen, déi nach bleift, fir ze kucken, wat nach net protegéiert ass.

Ee Problem, dee mer zum Beispill beim Nicloushaus haten, war, well net vill Leit woussten, wéi et bannendran ausgesinn huet. Dat ass bei ganz villen Haiser, déi mer hei an der Gemeng hunn, de Fall. Esou kann et sinn, dass hannert enger ganz einfacher Fassad en aalt Baueienhaus verstoppt ass, wou eng Haascht dran ass, wou nach e Stall hannen als Annex ass, wou en Träpenhaus ass... Dat gesäit een net, wann een nëmmen op d'Fasad kuckt.

Verschidde Leit wëssen dat vläicht. Déi Leit solle mer mobiliséieren. Ech denken drun, fir en Opruff ze maachen an ze soen: Macht eis Virschléi, déi begrënnt sinn, déi motivéiert sinn. Firwat mengt der, dass dat esou ass? Fir dass een d'Méiglechkeet huet, ze kucken, wat engem vläicht do duerch d'Lappe gaangen ass.

Ech wäert dat stëmmen, well ech weess, dass déi Prozedur enclenchéiert ass, a well ech frou sinn, dass se endlech enclenchéiert ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Très bien!

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech bedauern, dass se net éischter an d'Weer geleet ginn ass. An dass eng Rei Saache leider scho geschitt sinn, déi elo net méi réckgäנגeg ze maache sinn. Mä do, wou mer elo sinn, ass de Choix, deen eis politesch iwwreg bleift.

Ech ënnerstëtzen, dass mer elo endlech op dee Wee ginn an net waarden, bis de PAG iergendwann eng Kéier kënnt. Well dann ass et erëm fir verschidde Gebaier ze spéit. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Diderich.

Ech kucken, ob et dee leschte Spriecher ass. Här Pierre Hobscheit, w.e.gl.

PIERRE HOBSCHAIT (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Damen, Dir Hären, dat hei ass e ganz wichtige Punkt um Ordre du jour vun haut. Deen Exercice – dat ass schonn e puermol ugeklongen – ass scho laang iwwerfällg an et ass gutt, dass mer dee maachen.

Mir kréie mat deem Dokument en Inventaire vun deem Patrimoine, dee soll geschützt ginn an eiser Gemeng. Den Här Muller ass op déi verschidde Kategorien agaange vu ganze Konstruktiounen, déi sollen erhalte bleiwen. D'Fassaden oder – wouriwwer ech besonnesch frou sinn – déi ganz Cité-ouvrières, déi mer wëllen erhalen.

D'Cité-ouvrières ass e gutt Stéchuert. Den Ausdrock verschampeléiert gouf gebraucht. Deen ass, mengen ech, net falsch. Ech hu grouss Deeler vu menger Kandheet an der Cité Henri Grey verbruecht, déi jo och hei mat dran ass. A wann ee gesäit, wat do geschitt ass, gëtt dat engem ze denken.

Natierlech ass et flott, wa Leit an hir Haiser investéieren, well dat weist, dass d'Leit sech, do, wou se sinn, wuel fillen an och do wëlle laangfristeg bleiwen. Op där anerer Säit hunn d'Leit awer och Saache gemaach, déi deelweis net konform waren zu deem Akt, dee se mat

der ARBED emol eng Kéier ënnerschriwwen hunn, wéi se déi Haiser kaaft hu virun iwwer 30 Joer. Dowéinst ass e bëssen den eenheetleche Charme vun där Cité verluer gaangen.

Wann zum Beispill Hecken ewechgerappt ginn, déi eigentlech misste stoe bleiwen, well den Akt dat esou virgesäit a si ginn duerch Gelänneren ersat, geet de Charme vun esou enger Cité verluer. Och wann een d'Fassade gesäit, wéi se deelweis gestalt gi sinn, huet dat mat dem urspréngleche Charakter vun esou enger Cité ouvrière – wéi d'Cité Grey e perfekt Beispill dofir ass – net méi ganz vill ze dinn. Dat ass natierlech bedauerlech.

D'Lëscht, déi mer hei virleien hunn, ass eng ganz vaste vun eenzelne Fassaden a vun eenzelne Stroossen. Wann ech kucken: Lasauvage zum Beispill ass quasi als ganz Duerf drop. Et ass wichteg de Charakter an d'historesch Bedeitung vun esou enger Uertschaft wéi Lasauvage ze ënnersträichen. Dass engem och dru geleeën ass, fir esou eng Uertschaft wéi Lasauvage, esou wéi se besteet an hirem Charakter an an hirem Charme ze erhalen.

Wa mer déi Lëscht hei éischter gehat hätten, wäre vläicht verschidden Diskussiounen a verschidde Saachen anescht gelaf. Déi Remarque ass natierlech ganz richtig. Mä mieux vaut tard que jamais. Haut kënne mer dee Prozess endlech declenchéieren.

Mir wäerten eng Biergerversammlung maachen. Den Dialog mat de Leit ass wichteg. Mat de Propriétaires vun deenen Haiser, déi hei op där Lëscht sinn, muss geschwat ginn. D'Leit mussen opgekläert ginn. D'Leit mussen wëssen, wat elo op se duerkënnt mat deem, wat mir haut hei an d'Weer leeden. Wat dat bedeit. Mä do hunn ech awer Vertrauen an de Schäfferot, dass dat wäert gemaach ginn.

D'LSAP op alle Fall begréisst dat hei absolut. D'Diskussiounen, déi an de leschte Wochen a Méint zu verschidde Projete gefouert gi sinn, hätte vläicht kënnen evitéiert ginn, wa mer dat hei schonn éischter gehat hätten. Dat ass ganz richtig. Mä mir stëmmen op alle Fall dat Dokument, souwéi et haut hei virläit, mat grousser Freed mat. A mir

et que de nombreux bâtiments aient disparu entretemps. Aujourd'hui, le choix politique se limite aux bâtiments restants. Mais Gary Diderich se réjouit que le collège échevinal n'ait pas décidé d'attendre le nouveau PAG.

PIERRE HOBSCHAIT (LSAP) estime que ce point de l'ordre du jour est particulièrement important. Il était temps que le conseil communal statue à ce sujet.

Le document présenté au conseil communal constitue un inventaire des bâtisses à protéger. M. Muller a parlé notamment des façades et des cités ouvrières.

En ce qui concerne les cités ouvrières, l'expression «défigurées» employée tout à l'heure n'est pas fautive. Pierre Hobscheit a passé une partie de son enfance dans la cité Henry Grey. Elle a bien changé.

Que les gens investissent dans leurs maisons est une bonne chose, car cela prouve qu'ils s'y sentent bien et qu'ils veulent y rester. Mais certaines transformations ne sont pas conformes à l'acte signé il y a trente ans avec l'Arbed. C'est pourquoi ces cités ont perdu une partie de leur charme. Pierre Hobscheit cite le remplacement des haies par des garde-corps. Certaines façades ont également perdu de leur caractère typique.

La liste proposée est vaste. Lasauvage y figure presque entièrement. Cela souligne le caractère historique de la localité.

Les orateurs précédents ont raison de dire que davantage de bâtiments auraient pu être conservés si la liste avait été dressée plus tôt. Mais mieux vaut tard que jamais.

Pierre Hobscheit rappelle qu'une réunion d'information publique sera organisée. Le dialogue avec les propriétaires est important. Les gens doivent savoir de quoi il s'agit. Le conseiller fait confiance au collège échevinal à ce sujet.

Il constate que de nombreuses discussions auraient pu être évitées ces derniers mois si la com-

4. PAG et PAP

mune avait eu un outil comme celui-ci. Les socialistes approuveront la modification du PAG.

ROBERT MANGEN (CSV) *signale que ce projet a été abordé par la commission des finances. Il faudra adapter les subsides. Robert Mangen conseille au collège échevinal de développer plusieurs modèles afin d'analyser les conséquences pour la commune.*

Actuellement, les subsides communaux sont faibles par rapport à ceux de l'État.

TOM ULVELING (CSV) *souhaite expliquer sur quoi porte le vote d'aujourd'hui. Le conseil communal prend une décision de principe afin de protéger des façades. Une procédure sera lancée. Les ministères concernés donneront leur avis. Ensuite, le conseil communal prendra une décision définitive.*

Depuis quelques mois, une nouvelle loi oblige les communes à informer les citoyens de manière digitale, c'est-à-dire dans leurs fauteuils.

ALI RUCKERT (KPL) *s'exclame que ceux qui sont assis dans leurs fauteuils ne sont pas souvent connectés.*

TOM ULVELING (CSV) *rétorque que lorsqu'on travaille sur ordinateur, on est généralement assis. Il est d'accord avec M. Mangen sur le fait que les primes devront être lucratives afin de convaincre les gens de réaliser des travaux.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *s'étonne de deux ou trois propos du DP. D'un côté, les démocrates disent qu'ils n'ont pas eu le temps d'étudier le dossier. De l'autre, ils expliquent que le dossier n'a pratiquement pas évolué en sept ans. Ils ont donc eu sept ans pour analyser le dossier.*

La liste présentée à l'époque n'allait pas assez loin pour les écologistes. Aujourd'hui, les trois partenaires de coalition sont d'accord.

Les maisons protégées ne seront pas laissées à l'abandon. Le col-

sinn da gespaant, wéi d'Diskussioun mat de Leit wäerte verlafen.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech soen Iech och Merci, Här Hobscheit.

Den Här Mangen. Jiddweree kritt d'Wuert.

ROBERT MANGEN (CSV):

Ganz kuerz, Här Buergermeeschter. Mir haten an der Finanzkommissioun iwwert de Projet geschwat. D'Klasséiere vun den Haiser an de Fassaden ass natierlech eng finanziell Belaaschtung fir d'Leit. Déi Subsiden, déi mer bis elo ausbezuelet hunn, mussen natierlech ugepasst ginn. Ech géif dem Schäfferot mat op de Wee ginn, dass e vläicht ënnerschiddlech Modeller ausschafft a kuckt, wat dat fir eng Belaaschtung fir d'Gemeng ass. Mir hate bei deem engen oder anere Fall gesinn, wat dat ausmécht.

D'Subside vun de Gemenge maache relativ wéineg aus am Verglach zum Stat. Vläch sollt ee sech e Beispill huelen un de Valeuren, déi de Stat zrëckbezilt. Et gesäit een, datt dat awer eng gewëssen Zomm ausmécht. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Här Tom Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir Dammen, Dir Hären, Här Buergermeeschter, ech wëll just ganz kuerz droop agoen, wat déi Saisine bedeit. Dat ass am Fong eng Décision de principe, déi mer haut huelen, fir déi Fassaden ze schützen. Elo leeft eng ganz ëffentlech Prozedur un, wou mer no der ëffentlecher Publikatioun och Avise vu Ministeren hei an do kréien. Duerno kënnst et dann erëm an de Gemengerot, wou den definitive Votum geholl gëtt.

Et ass elo vill diskutéiert gi vun Informatioun. Zënter e puer Méint ass dat neit Omnibusgesetz a Kraaft, dat eis verflucht, dem Bierger digital Informatioun praktesch a seng Fotell doheim an d'Stuff ze bréngen. Dat heescht, de Bierger huet d'Méiglechkeet, wierklech alles en détail doheim ze kucken.

ALI RUCKERT (KPL):

Déi, déi an de Fotelle sëtzen, sinn dacks guer net digital verbonden.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Normalerweis sëtzt een an der Fotell oder op engem Stull, wann een digital eppes schafft.

Wat den Här Mangen gesot huet, gesinn ech och esou. Déi nei Primme muss een effektiv lukrativ maachen, fir dass d'Leit, deenen hir Fassad oder Haus geschützt ass och kënnen dru schaffen. A fir dass se och encouragéiert ginn, fir drun ze schaffen. Well mir hunn näischt geschafft, wann d'Leit alles verfale loosse, well se faute de moyens näischt kënne maachen. De Buergermeeschter huet scho gesot, dass mer dat wäerten an déi nächst Sitzung bréngen.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Zwou oder dräi Saachen, déi mech bei der DP erëm wonneren. Dat hätt iech jo elo gewonnert, wann ech dat net gesot hätt.

Ech weess net, wee sech muss a Fro stellen. Dir sot op där enger Säit et hätt ze laang gedauert. Dir hätt net Zäit genuch gehat, fir den Dossier ze kucken. Dir hutt Är Ried ugefaangen, datt den Dossier scho siwe Joer al ass an datt net vill Ännerungen dra wäeren. Dat heescht, Dir hat am Fong geholl siwe Joer laang Zäit, fir Saachen nozekucken.

Dat stëmmt, datt mer laang driwwer geschwat hu virun e puer Joren. Well eis war dat deemools net wäit genuch gaangen. Mir hunn elo e Koalitiounspartner, wou déi dräi Parteie sech eens sinn, datt ee soll méi wäit goen. Awer

net vill méi wäit. Dat wollt ech kloerstellen.

Déi Haiser wäerten net zerfalen. Mir mierken hei zu Déifferdeng, datt d'Famille sech erëm kënnen Eefamilljenhaiser leeschten.

Dat war während Joren net méi de Fall. A firwat ass dat de Fall? Well d'Promoteuren, déi net méi opkafen. Well d'Promoteuren d'Privatleit net iwwerbidden. Dat ass de Grond.

Dir wäert gesinn, d'Haiser wäerten net eidel stoen. Well d'Proprietäre vun deenen Haiser wunne souwisou meeschtens net hei. Deenen ass Déifferdeng am Fong geholl ganz egal. Do gëtt just nom Portmonni gekuckt.

Dat heescht, wann de Promoteur net iwwerbitt, kënnen erëm Famillje mat Kanner hei kafen. Dat war während Joren net de Fall. Doriwwer ware mer eis wierklech net eens. Dofir sinn ech awer frou, datt dat mat dëser Koalitioun méiglech ass.

Ech mengen, datt een Zäit genuch hat. Haut gëtt et Google Maps. Do kann een all déi sämtlech Adressen erëmfannen. Déi sämtlech Adresse kann ee sech iwwert dee Wee ukucken. Et ass vläicht eng Woch. Mä dir hutt jo elo gutt dräi Méint Zäit. Et gëtt eng Biergerversammlung gemaach. Dir hutt also genuch Zäit, fir ze soen, wat der net sou gutt fannt a wat der gutt fannt. Loosst eis et wëssen. Da kënne mer drop reagieren. A vläicht kann een dann en unanime Vott huelen. Mä ech hunn net d'Gefill, datt dat äre grouse Wunsch ass, eng Kéier mat eis iwwerteneen ze stëmmen.

Ech widderhuelen et nach eng Kéier: D'Primme vun de Fassade wäerte kommen. An ech versprechen, datt déi 628 Proprietäre wäerten ugeschriwwen ginn a gesot kréien, wat de Gemengerot wëlle huet ze maachen. Dat gouf et nach ni virdrun. Mir maachen dat. Mir hunn op alle Fall hei näischt ze verstopen.

Här Diderich, et kann een ëmmer soen: Dat hätt ee kéinten éischter maachen. Vill Saache kann een éischter maachen. Mä ech sinn op alle Fall frou, datt dat elo gemaach gëtt, datt mer wierklech eppes fir de Patrimoine vun eiser Stad maachen. Här Muller.

MARTINE GOERGEN (DP):

Däerf ech dorobber reagieren?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ganz gären.

MARTINE GOERGEN (DP):

Fir d'Éischt soen ech, dass ech mech driwwer freeën, dass Der decidéiert, fir e Bréif erauszeschécken. Dat begrësse mir. Dat war jo och a menger Ried esou dran. Dofir sinn ech ganz frou, dass Der op dee Wee gitt.

Ech mengen, dass et als Gemengeverantwortlech an als Conseilleren eist gutt Recht ass ze soen: Mir si mat där Propos, wéi se elo an d'Prozedur geet, net averstanen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

MARTINE GOERGEN (DP):

Oder: Mir fanne se net ideal. Mir stëmmen jo net carrément dergéint.

Ech hoffe fir Déifferdeng, dass Der Recht behaalt, dass déi Haiser net wäerte verfalen. Dass weider dran investéiert gëtt. An dass d'Leit sech et leeschte kënnen, an deenen Haiser ze wunnen. Do sinn ech absolutt Ärer Meenung. Ech hoffen, dass Der Recht behaalt an där Hisiicht.

Dat verhënnert jo och net, dass mir eis weider an déi Prozedur involvéieren. An ech denken, dass Dir net kënnt virausoen, ob mir herno mam Resultat ze fridde sinn oder net. Dass et méiglech ass, dass mir dat da matstëmmen. Mä dat musse mer dann um Resultat gesinn.

lège échevinal constate que les familles font leur retour à Differdange. Pendant des années, les maisons unifamiliales étaient achetées par des promoteurs. Aujourd'hui, ce n'est plus le cas. C'est pourquoi les maisons ne resteront pas vides. Pendant des années, les promoteurs achetaient les maisons et les écologistes n'arrivaient pas à trouver un accord avec les démocrates. Roberto Traversini rappelle qu'on peut en outre trouver toutes les adresses dans Google Maps. Les conseillers communaux ont donc le temps de voir toutes les maisons. Si quelque chose ne leur convient pas, ils n'auront qu'à le signaler au collège échevinal. Mais Roberto Traversini n'a pas l'impression que le DP souhaite un vote unanime.

Le bourgmestre répète que des primes pour les façades seront mises en place et promet que les personnes concernées seront informées par écrit.

Il est vrai que la commune aurait pu agir plus vite. Mais ce qui importe, c'est que le patrimoine de Differdange soit enfin protégé.

MARTINE GOERGEN (DP) se réjouit que le collège échevinal envoie une lettre aux personnes concernées.

Pour le reste, un conseiller communal a le droit de ne pas être d'accord avec une proposition ou de ne pas la trouver idéale. Dans ce cas-ci, les démocrates ne voteront d'ailleurs pas contre.

Martine Goergen espère que M. Traversini a raison lorsqu'il dit que les maisons ne tomberont pas en ruines, que les gens auront de quoi s'acheter des maisons unifamiliales et qu'ils investiront dans leurs remises en état.

Que les démocrates s'abstiennent lors du vote ne signifie pas qu'ils ne participeront pas à la procédure. M. Traversini ne peut pas savoir maintenant quelle sera leur décision définitive. Il est possible qu'ils finissent par approuver le projet.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

plaisante sur le fait qu'il n'a pas souvent raison, mais que dans ce cas-ci, il est sûr de lui.

(Rires)

Actuellement, les promoteurs ne s'intéressent plus aux maisons unifamiliales à Differdange.

Roberto Traversini rappelle que le DP n'a pas approuvé deux PAP lors de la dernière séance proposant des modèles d'habitations différents. Le collègue échevinal essaie de protéger les maisons tout en créant des appartements. Mais cela ne plait pas non plus aux démocrates.

MARTINE GOERGEN (DP)

constate que les démocrates et les écologistes ont une conception différente du développement urbain. Cela apparaît désormais comme une évidence.

Martine Goergen espère cependant que M. Traversini a raison.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

espère que les citoyens seront du même avis que lui.

ERNY MULLER (LSAP) *tient à remercier tous les fonctionnaires et les responsables politiques qui ont travaillé sur ce dossier.*

Dès son intronisation, le collègue échevinal a pris en main ce dossier et a analysé tous les détails. Erny Muller explique que plusieurs bâtiments ont été supprimés de la liste afin de faciliter le développement urbain. Dans d'autres cas, le collègue échevinal a décidé de protéger uniquement la façade, alors que tout le bâtiment aurait pu être préservé. Mais le collègue échevinal était conscient qu'autrement, plus rien n'aurait été investi dans la bâtisse.

Erny Muller ajoute que depuis qu'il est échevin, seules une ou deux personnes ont demandé à ce que leurs maisons soient classées. C'est peu et cela démontre la sensibilité du dossier.

(Discussions)

Erny Muller pense que de nombreuses personnes ne seront pas contentes d'apprendre que leurs maisons seront protégées. Le

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hunn net oft Recht, mä hei wäert ech Recht behalen.

(Gelaachs)

MARTINE GOERGEN (DP):

Ech hoffen et.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech kann Iech soen, datt et am Moment esou ass, datt d'Promoteure sech net méi fir d'Eefamilljenhaiser zu Déifferdeng interesséieren an datt d'Famille sech et leeschte kënnen. Mir gesinn dat un der Zuel vu Leit, déi sech hei umelen.

Mir hu jo Alternativen. Mä déi muss een dann och matstëmmen. Mir haten zwee PAPen an der leschter Sitzung gehat, wou mer aner Wunnmodeller schafen. Do hutt der fonnt, datt dat net gutt wär. Do sollt d'Spillplaz bleiwen. Mir versichen awer konsequent ze sinn. Op där enger Säit, Haiser ze schützen, an op där anerer Säit versiche mer awer och Wunnengen op de Marché ze bréngen. Méi kleng Appartementer. Do sidd der dogéint. Hei enthaalt der iech. Et ass schwéier. Et ass wierklech schwéier.

MARTINE GOERGEN (DP):

Ech denken, datt mer eng aner Vue vu Stadentwécklung hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Majo dofir.

MARTINE GOERGEN (DP):

An dat kënnt hei ebe ganz kloer eraus.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

MARTINE GOERGEN (DP):

Ech hoffen, datt Der Recht behaalt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass richtig. An ech hoffen, datt d'Bierger an d'Biergerinnen dobaussen dat dann och esou wäerte gesinn.

Här Muller.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Et ass villes gesot ginn a vill Froe beäntwert ginn. Ech wëll just allgemeng op de Sujet agoen.

Fir d'Éischt emol wëll ech awer all eise Fonctionnairen aus de Büroen, souwéi de politesch Verantwortleche Merci soen, déi un deem Dossier hei geschafft an ugepaakt hunn.

Wéi mer ugetruede sinn, hu mer eis direkt deem Dossier ugeholl. Mir hunn e wierklech am Detail op de Leescht geholl a punkto vun deene Froe, wéi déi Différence-de-vue war a vun elo.

Eng Partie Gebaier hu mer erausgeholl – dat waren der net wéineg –, wou mer gesot hunn, dat maache mer am Interêt vun der Stadentwécklung, wéi Dir och gesot hutt, Madamm Goergen. Mir schützen d'Fassad an net dat ganz Gebai. Obwuel een ëfters de Fall hat, datt een hätt kënnen dat ganz Gebai schützen. Mä mir hunn et dann awer net gemaach, well mer iwwert den Zoustand ëm déi Gebaier Bescheid woussten. Mir wëssen, wa mer do net eng kleng Ouverture maachen, dass d'Substanz kann nei gemaach ginn, geschitt guer näischt. Dat wëlle mer jo och net. Dat war déi Approche, déi mer haten.

Fir iech d'Sensibilitéit vum Dossier ze illustréieren: Bis elo ass eng Proposition erakomm. Et huet keen de Fanger ausgestreckt. Just wéineg Leit. An där Zäit, wou ech elo hei sinn, sinn een oder héchstens zwee, déi gefrot hunn, fir hiert Haus klasséiert ze kréien oder hir Fassad klasséiert ze kréien. A véier Joer! Dat sinn der wierklech net vill.

(Diskussionen)

o sinn der och wahrscheinlech vill net frou, déi dat elo gewuer ginn, dass dat esou ass. A wann een och e ganz bree-den Dialog féiert, weess ech net, wou dat hiféiert.

Selbstverständlech maache mer alles transparent, dass d'Leit dat individuell matgedeelt kréien, datt se déi néideg Erklärunge kréien an dass se och d'Konsequenze gewuer ginn.

Vun de Primmen ass geschwat ginn. Do wäerte mer eppes ausschaffen. Dat wäerte mer an déi eenzel Kommissioun ginn. Mir hunn eis scho Gedanken driwwer gemaach. Do si mer frou, d'Stellungsname vun der Finanzkommissioun, der Bautekommissioun an der Sozialkommissioun ze héieren.

Ech sinn awer net mat deene Gebaier d'accord, Här Diderich, déi Dir opgezielt hutt. Ech sinn do ganz anerer Meinung. Ech wëll elo net aus dem Bauch eraus decidéieren, wat fir e Gebai wichtig ass oder net. Do soll een d'Experte matschwätze loossen, wat fir ee Gebai wéi ee Wäert huet.

Mir wëlle jo och eng nei Visioun fir Déifferdeng hunn. Et gëtt vläicht Gebaier – an dozou gehéiert sécherlech den Hadir-Tower –, déi een hätt kënne stoe loossen. Spéitstens an enger Woch – an do sidd Der mat um Dësch – wäert den neien Tower-Concours presentéiert ginn. Da gesitt der, wat trotz enger Stadtentwécklung alles entstoe kann, wann een en neie Wee geet.

Wéi gesot, Respekt virun deem, wat besteet, mä och heiansdo de Courage hu fir eng nei Visioun. Ech mengen, dat ass och wichtig. Awer ëmmer am Respekt vis-à-vis vun der Substanz. Dat ass wichtig fir eng Stad. Dat charakteriséiert eng Stad. Mä eng nei Perspektiv charakteriséiert och eng Stad.

Subsiden a Kommunikatioun si séier wichtig. Mir wäerte sämtlech Informatiounen op eisem neie Portal virstellen, souvill wéi méiglech Informatiounen drop setzen, dass d'Leit dat alles gewuer ginn. Natierlech déi, déi den Internet beherrschen. Mä wahrscheinlech net alleguer hei an der Gemeng. Deem muss een och ëmmer Rechnung droen, wéi den Här Ruckert sot. Et gëtt vill Leit, déi net mat deene Moyene schaffen an

déi mussen och déi néideg a richtig Informatiounen kréien.

Ech géif iech op jidde Fall bieten, dat hei ze stëmmen. Domat geet déi ganz Prozedur un. D'Diskussioun an dee ganzen Dialog ginn un. Ech weess net, ob mer elo e Moratoire scho maachen. Dat soll säin normale Wee goen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Soss hunn d'Leit jo kee Choix.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Voilà. Soss bremse mer direkt. Dat wëlle mer jo net. Dat Ganzt ass jo nach kee Fait accompli.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Mir wëlle jo den Dialog elo opmaachen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller.

D'Madamm Schambourg huet vläicht d'Schlusswuert.

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Ech wollt just eng Kéier Positioun dozou huelen, datt hei e puermol ugeklon-ge ginn ass, an der Bautekommissioun wier net vill doriwwer geschwat ginn. Dat ass net richtig.

Mir hu praktesch an all Bautekommissioun iwwert déi Problematik geschwat, well mer konkret Projeten dozou erakritt hunn. A well mer eis zu Dout doriwwer opgereege hunn, Här Ruckert. Dat weess Äre Papp och, well hien an der Bautekommissioun ass. Dat ware konkret Punkten. Haaptsächlech ass et drëm gaangen, datt d'Leit eng Garage

collège échevinal devra agir de manière transparente et fournir les explications nécessaires.

En ce qui concerne les primes, le collège échevinal attendra la prise de position des commissions des finances et des bâtisses ainsi que de la commission sociale.

Erny Muller n'est pas d'accord avec les bâtiments proposés par M. Diderich. Mais il préfère laisser les experts décider.

La tour Hadir aurait peut-être pu être sauvée. Mais dans une semaine aura lieu la présentation du concours pour la construction de la nouvelle tour. Il faut avoir du courage pour imposer une nouvelle vision, pour peu que l'on respecte le bâti. Une ville se caractérise à la fois par sa substance et par ses perspectives d'avenir.

Ceux qui maîtrisent internet pourront s'informer dans une nouvelle rubrique du site internet de la commune. Mais comme l'a dit M. Ruckert, il faut aussi tenir compte de ceux qui n'ont pas accès à l'information numérique.

Erny Muller ne sait pas s'il faut mettre en place un moratoire.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

estime que cela enlèverait tout choix aux gens.

ERNY MULLER (LSAP) *ajoute que la commune ne veut pas mettre les gens devant un fait accompli, mais promouvoir le dialogue.*

PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV) *revient sur la remarque selon laquelle il n'aurait pas été question de ce point au sein de la commission des bâtisses. C'est faux.*

Le problème a été abordé pratiquement chaque fois dans le cadre de projets concrets. Le père de M. Ruckert, qui fait partie de la commission, le sait très bien. Les propriétaires voulaient par exemple construire un garage au rez-de-chaussée ou enlever l'encadrement des fenêtres. Pierrette Schambourg répète que de tels cas de figure se sont présentés à

toutes les réunions et ont entraîné de longues discussions. Les critères abordés dans ces discussions ont été repris dans la liste. Bref, les arguments avancés par la commission des bâtisses ont été entendus.

Certes, la liste n'a été remise que récemment au conseil communal, mais de toute façon, ce n'est pas à la commission des bâtisses d'aller voir toutes les maisons. Autrement, il lui faudrait vingt séances.

Il est évident que la liste pourra être complétée au fur et à mesure. M. Diderich a mentionné trois bâtiments brutalistes à Oberkorn. Or pour Pierrette Schambourg, il ne s'agit pas de brutalisme, mais d'une architecture typique des années 70 et dont la structure ne vaut pas un clou. À l'époque, on préconisait le béton, mais sans hydrofuge ou de l'hydrofuge de mauvaise qualité. Le centre sportif sera assaini, mais il n'y a plus rien à faire pour l'autre bâtiment.

ALI RUCKERT (KPL) *n'a rien prétendu d'autre que le fait que la commission des bâtisses n'a reçu le dossier que lors de sa dernière séance. Il serait étonné qu'on lui dise que la commission disposait du dossier il y a un mois ou trois ans. D'ailleurs, les délais courts ont été confirmés aujourd'hui.*

(Discussions)

Il est vrai que des questions de détail ont été abordées, mais Ali Ruckert aurait préféré que le dossier passe plus de temps à la commission des bâtisses.

Ce dossier n'est pas tombé du ciel. Tout à l'heure, il a été question de sept ans et il n'aurait que peu évolué depuis. Or M. Traversini faisait déjà partie du collège échevinal. C'est pourquoi Ali Ruckert pense qu'il aurait été possible de remettre ce dossier à la commission des bâtisses et au conseil communal il y a un mois. Certes, la loi fixe un délai minimal de cinq jours, mais si le dossier est bouclé, il n'y a pas de raison d'attendre aussi longtemps. Ce n'est pas démocratique.

op de Rez-de-Chaussée am Wunnraum era baue wollten, wou mir ëmmer gréng Punkten an d'Gesicht kritt hunn, wa mer erëm esou eng Demande kritt hunn.

(Gelaachs)

Haaptsächlech ass et och drëm gaangen, datt d'Leit effektiv wollten, wa se nei Fënstere gebraucht hunn an hiert Haus, dann eben d'Encadrementer net zréck maachen. Ech muss soen, mir haten op d'mannst eng Kéier all Sëtzung esou e Fall, wou mer wierklech eis driwwer opgereegt hunn a laang diskutéiert hunn, datt déi Saachen net ginn.

Déi Kritären, déi mir do ervirbruecht hunn, si jo och mat an dëst Dokument eragefloss. Dat sinn alleguerten déi Saachen, déi mir kritiséiert hunn eben op deene Projeten, wou mer net domadder averstane waren, an déi elo hei mat an dat Dokument erakomm sinn.

Effektiv, hu mer och elo eréischt déi Lëscht kritt. Also am Dossier vum Ordre du jour vun haut. Mä ech denken net, datt et un der Bautekommissioun ass, fir all Haus ze begutachten. Dofir hate mir e Bureau d'études.

Wa mir als Bautekommissioun erausgaange wieren, wiere mir 20 Kommissiounen laang ënnerwee gewiescht, fir all eenzelt Haus aus der Gemeng ausmaachen. Mir wousste vun Ufank un, datt dat heiten, wat elo an deem Dossier ass, de Gros ass vun deene Saachen, déi à première vue ze schütze sinn.

Et war och vun Ufank u gewosst, datt nach gäre Saache kënnen dobäi kommen. Also Gebailechkeeten dobäi kommen au fur et à mesure, esou wéi mer se erakréien. Ech mengen, deem Büro hu mer eist Vertrauen entgéint bruecht, datt deen emol de Gros hei an deen Inventaire setzt.

Den Här Diderich huet dräi Gebaier genannt zu Uewerkuer, déi hien als brutalist bezeechent huet. Do hunn ech mech misse schudder, well fir mech ass dat kee Brutalisme. Dat sinn eben typesch Gebaier souwéi se an de 70er Jore gebaut gi sinn. An och wann den Aspekt dovunner aus de 70er Joren ass, ass awer d'Struktur schrott géif ech elo mol gäre soen. Ech hat hei en anert Wuert opgeschriwwen. Mä ech soen dat net.

Deemools ass ganz vill a Bëtong gebaut ginn. Mä entweder ouni Hydrofuge oder mat engem Hydrofuge, deen eng ganz aner Qualitéiten hat wéi haut. Dat ass e Gebai – haaptsächlech eent dovunner – dat net méi ze retten ass. Do kann een nach just mam Bagger doduerch fueren.

Mir hu scho vun der Sportshal geschwat. Do wëlle mer eng Kärsanéierung virhuelen. Dat ass och eng ganz gutt Saach. Mä dat anert Gebai, do ass net méi ganz vill ze maachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Schambourg.

Här Ruckert. Jo, ganz gären.

ALI RUCKERT (KPL):

Ech wëll drun erënneren, dass dat eenzelt, wat ech gesot hunn, ass, dass d'Bautekommissioun deen Dossier och eréischt an hirer leschter Sitzung hat. Soss hunn ech näischt gesot.

Wann elo ee mer seet, mir hu scho virun engem Mount iwwert den Dossier diskutéiert, oder virun dräi Joer, wonneren ech mech. Ech hunn dat jo och elo hei bestätegt kritt, dass se deen eréischt kritt hunn. Méi hunn ech am Fong net gesot.

(Ënnerbriechung)

Dat ass richtig. Iwwer verschidden Detailler ass diskutéiert ginn. Mä ech hätt mer gewënscht, dass, ier dat elo heihinner kënnt, deen Dossier e bësse méi laang an der Bautekommissioun gewiescht wär.

Dat ass jo elo net vum Himmel gefall. Mir hunn elo grad gesot kritt, siwe Joer laang géif dee bestoen. Do waart Dir schonn am Schäfferot, Här Traversini. An et wär net vill dru geännert ginn. Da wär et jo awer bestëmmt net schwéier gewiescht, deen Dossier virun engem Mount der Bautekommissioun an dem Gemengerot zoukommen ze loossen.

Ech verstinn net, firwat dat ni méiglech ass, dass mir Dossieren, déi schonn ofgeschloss sinn, ëmmer nëmme fënnf

5. Enseignement fondamental et musical

Deeg virdru kréien. Dir kënnt Iech do op d'Gesetz beruffen, mä dat ass net ganz demokratesch.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech fannen et extrem demokratesch, wéi mer hei virginn. Well elo weess all Bierger a Biergerin konkret, mäin Haus oder mäin Haus net. A si kënnen an der Biergerversammlung konkret driwwer diskutéieren. Nach eng Kéier: De Vott fënnt eréischt am Hierscht statt.

An zum Schluss wëll ech iech just soen, datt mer frou sinn, datt dat hei elo bal unanime ofgestëmmt gëtt. Well mir kämpfe ganz vill – an den Här Muller ass Zeien – an deene Stroossen, wou mer d'Eefamilljenhaiser net geschützt hunn, mat de Promoteuren, datt se déi Haiser solle stoe loossen. Dofir mengen ech, datt dat heiten extrem wichteg ass.

Net wäit ewech vun hei, do war et wierklech bal fënneg op zwielef. Do hu mer et nach verhënnert kritt. An dofir ass dat extrem wichteg. Well heimadder schütze mer och déi Stroossen, wou am Moment d'Eefamilljenhaiser net geschützt sinn. An dir wësst ganz genau, wéi eng Stroossen ech mengen. Do si wierklech flott Haiser an do solle mer dat och maachen.

Da géife mer elo zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 12 voix oui et 7 abstentions d'approuver la modification ponctuelle des parties écrites et graphique du PAG «secteurs et éléments protégés d'intérêt communal».

Da géife mer zum fënnefte Punkt kommen, och e ganz wichtege Punkt, eis Schoulorganisatioun. Eise Schoulschäffen, den Här Liesch Georges, wäert eis dat virstellen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Damen an Dir Hären, ech presentéieren

iech déi lescht Schoulorganisatioun fir dës Legislaturperiod. Déi ënnerscheet sech an e puer Punkte par rapport zu deem, wat mer déi lescht Joren hei diskutéiert hunn. Ech ginn op déi Punkten an. Et sinn eng Partie Punkten, déi vun nationaler Säit aus geännert hunn, déi natierlech en Impakt op Déifferdeng wäerten hunn. Déi eng a finanziellen, déi aner a personelle Strukturen.

Ech gi fir d'Éischt duerch d'Zuelen erduerch, fir dass jiddwereen – och déi Leit déi eis nolauschten an eis liesen – am Bild sinn, vu wat mer hei zu Déifferdeng schwätzen.

Wéi all Joer deele mer dem Ministère den 31.12. mat, wivill Kanner bei eis an de Schoule sinn. Opgrond vun deenen Zuele kréie mer Bescheed gesot, wivill Stonnen Enseignement mer hei zu Déifferdeng zegutt hunn. Op déi Stonnen drop ginn dann nach extra Stonne pro Gemeng, jee no Projet, jee no deem, zousätzlech verdeelt. Op déi wäert ech nach am Detail agoen.

Da kritt all Comité – all Schoul huet jo säi Comité d'Enseignants – pro rata seng Stonnen, déi se an hirem Gebai hunn a mécht dann eng Propos, wéi se déi Stonnen an hirem Gebai wäerten asetzen.

Dëst Joer hu mer 6.496 Stonnen Enseignement zougesprach kritt. Dovunner ginn der 5.295 vun den Enseignanten direkt gehalen. Et bleiwen der also nach ronn 1.200, déi mer mussen ausschreien. Deemno ass nach Plaz hei zu Déifferdeng, haaptsächlech am Cycle 2 bis 4. Also déi Leit, déi elo hir Exame fäerdeg hunn, solle sech op Déifferdeng mellen.

Ech mengen, dass mer eng interessant Stad si fir den Enseignement. Ech wëll net verstopp, dass et net ëmmer déi einfachste Plaz sinn. Mä ech mengen awer, dass et fir e Pädagog ganz interessant ass, hei zu Déifferdeng ze schaffen, well mer e Corps enseignant hunn, deen héich motivéiert an immens gutt Aarbecht leescht. Wat wierklech extrem wichteg ass. An ech menge behaapten ze kënnen, dass d'Enseignante bei dësem wéi och bei deem leschte Schafferot ëmmer en oppent Ouer fonnt hu fir hir Do-leancen.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

trouve le procédé très démocratique. Les propriétaires savent désormais si leur maison figure sur la liste et pourront s'informer lors de la réunion publique. Le collège échevinal doit lutter contre les promoteurs pour les empêcher de démolir les maisons unifamiliales dans les rues où elles ne sont pas protégées. C'est pourquoi le dossier d'aujourd'hui est tellement important.

(Vote)

Roberto Traversini passe à l'organisation scolaire.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

présentera la dernière organisation scolaire de cette période législative. Elle est un peu différente des précédentes. Il y a eu plusieurs changements sur le plan national impactant Differdange. Georges Liesch commence par les chiffres. Le 31 décembre de chaque année, Differdange informe le ministère du nombre d'enfants fréquentant les écoles de Differdange. Sur la base de ces chiffres, le ministère fixe le nombre d'heures d'enseignement auxquelles Differdange a droit. Des heures supplémentaires sont ajoutées en fonction des différents projets. Les comités d'école décident ensuite comment répartir ces heures.

Cette année, Differdange a droit à 6496 heures d'enseignement. Un appel à candidatures devra être lancé pour 1200 heures. Georges Liesch lance un appel aux enseignants ayant fini leurs examens.

Differdange est une ville intéressante pour l'enseignement, même si elle n'est pas facile. Le corps enseignant est motivé et réalise du bon travail. Le collège échevinal est toujours à son écoute.

5. Enseignement fondamental et musical

L'école de Differdange compte 763 élèves. Georges Liesch s'inquiète de sa taille même si les chiffres ont baissé ces deux dernières années. Bien que l'étude démographique montre que le nombre d'enfants devrait baisser dans le centre de Differdange, il estime qu'une école de quartier sur la place Nelson-Mandela reste nécessaire.

L'école de Differdange comptera une classe précoce supplémentaire.

Cinq-cent-onze enfants fréquenteront le Fousbann avec deux classes supplémentaires pour le cycle 1 et une classe supplémentaire pour les cycles 2 à 4.

Vingt-cinq enfants vont à l'école à Lasauvage. Georges Liesch trouve important que les enfants du précoce et du préscolaire continuent à aller à l'école dans leur localité.

Niederkorn compte 592 élèves et la tendance est à la hausse. Le graphique dans le dossier des conseillers communaux montre l'évolution depuis 18 ans. C'est pourquoi une école de quartier pour 300 enfants sera construite dans le Mathendahl. À Niederkorn, une classe a été ajoutée au précoce et une classe aux cycles 2 à 4 tandis qu'une classe a été supprimée dans le cycle 1.

L'école d'Oberkorn est relativement petite avec ses 466 élèves. Une classe a été supprimée dans le précoce et une classe a été ajoutée dans le cycle 1 et les cycles 2 à 4.

L'école du Bock sera rénovée. Dans quelques années, Oberkorn disposera donc de plus de salles de classe.

Le Woiwer compte 400 élèves. La population est destinée à augmenter fortement dans le quartier. Une nouvelle école avec maison relais ouvrira ses portes l'année prochaine.

Le collège échevinal a aussi réservé un terrain pour construire une école dans le nouveau quartier écologique du Woiwer. De cette façon, le nombre d'élèves ne devrait pas augmenter dans l'école principale.

En tout, Differdange compte 2753 élèves inscrits, ce qui re-

Wéi verdeele sech déi Stonnen, déi mer elo hunn? Déifferdeng huet mat 763 Élèven nach ëmmer déi meeschte Stonnen. Dat ass déi gréisste Schoul, déi eis nach ëmmer suerge mécht, well awer ganz vill Kanner op engem Site sinn. Och wann déi Zuel elo déi lescht zwee Joren e bëssen erofgaangen ass. An och wann d'Demografie-Analys, déi der scho presentéiert kritt hutt, weist, dass zu Déifferdeng an Zukunft d'Schülerzuel och nach wäert e bëssen erofgoen. D'Demografie-Analys weist, dass den Déifferdenger Zentrum u sech méi al gött a manner Kanner wäert hunn. Souwéi den Developpement am Moment virgesinn ass, mengen ech, sollte mer trotzdeem hei weider op där Pist bleiwen, fir eng Quartier-Schoul op der aler Kierchplaz, op der Place Mandela, ze maachen, alleng scho fir dee grouss Site zu Déifferdeng ze entlaaschten.

Zu Déifferdeng hu mer eng Klass méi, ee Precoce méi. Dat si Schwankungen déi duerch d'ganz Gemeng ganz normal sinn. Dat ass näischt Aussergewöhnliches.

Fousbann: 511 Schüler. Och schonn eng grouss Schoul. Mir hunn zwou Klassen am Cycle 1 méi an eng am Cycle 2 bis 4 méi.

Lasauvage bleiwe mer dobäi. Och wann d'Unzuel just 25 Kanner sinn, fanne mer, dass dat awer eng wichteg Plaz ass fir d'Lasauvager Kanner, fir de Precoce an Préscolaire do ze maachen, fir se net musse schonn am ganz klengen Alter ze transportéieren. Mir bleiwen dobäi, dass mer déi Schoul zu Lasauvage oprechterhalen a weider ënnerstëtzen. Ech menge souguer, dass ee vläicht misst emol driwwer nodenken, e Schratt méi wäit ze goen. Dat wär eng Diskussioun, déi een eng Kéier kënnt féieren.

Nidderkuer: 592 Kanner. Dir gesitt, dass Nidderkuer an den Zuelen och zimlech héich ass. Mä do ass et anescht wéi zu Déifferdeng. D'Demografie-Analys weist do eng Augmentatioun. Ech hunn iech e klenge Grafik ausgedeelt, wou der gesitt, dass déi effektiv zu Nidderkuer an deene leschten 18 Joren stattfonnt huet. Dofir ass et méi wéi berechtigt, dass mer do reagéieren, andeem mer eng Quartier-Schoul am Mattendall wäerte bauen, déi bis zu 300 Kanner ophuele kann. Soudass mer den Nidderkuerer Zentrum e ganz Stéck

entlaaschten an en plus Reserven hu fir dat, wat zu Nidderkuer nach alles bäi kënnt.

Zu Nidderkuer kréie mer e Precoce bäi. Am Cycle 1 geet eng Klass zou. Am Cycle 2 bis 4 geet eng Klass méi op.

Uewerkuer: 466 Schüler. Par rapport zu deenen anere Schoulen ass dat eng kleng Schoul. Ech fanne se trotzdeem, mat 466 Schüler, relativ grouss. Do ass e Precoce manner, e Cycle 1 méi an e Cycle 2 bis 4 méi.

Zu Uewerkuer gött et Pläng vu Renovéierung vun der Bock-Schoul, wou mer verschidde Varianten hunn. D'Pläng sinn elo souwäit fort, dass mer, mengen ech, kënnen eng Decisioun huelen, wat mer maachen. Soudass mer do eigentlech an e puer Jore weidere Schoulraum wäerte schafen an déi Schoul dann och entlaaschten op deem Site.

Woiwer ass eis klengste Schoul, wann ech Lasauvage ausklammern, mat ronn 400 Schüler. Do ass d'Joer e Cycle 2 bis 4 manner. Mir wëssen alleguerten, dass um Quartier Woiwer nach immens vill gebaut gött an deenen nächste Joren, soudass do d'Progressioun wäert am stäerkste sinn. Do si mer amgaangen e Bau ze maachen. Dee kënnt gutt virun. Dee misst eigentlech an deenen nächste Méint fäerdeg sinn. Ech schätzen emol ufanks d'nächst Joer kann deen a Betrib geholl ginn. Dat gött e gemeinsam Gebai vu Schoul mat Maison relais. Mä et entsteet awer och méi Schoulraum do. Soudass mer do schonn e klenge Puffer geschaf hu fir dat, wat nach kënnt.

En plus am Quartier Woiwer, an deem Eko-Quartier, deen do entsteet, hu mer en Terrain reservéiert relativ uewen, fir nach eng Quartier-Schoul ze bauen. Soudass mer genuch Potential hunn, fir de Woiwer net eropkommen ze loosser op 500 oder 600 Schüler, mä deen Niveau hei kënnen ze halen.

Insgesamt schwätze mer zu Déifferdeng am Moment vun 2.753 Schüler, déi bei eis ageschriwwe sinn. Iwwert d'ganz Gemeng gekuckt, leie mer bei enger Moyenne vu 14,7 Schüler pro Klass. Dat ass eng niddreg Moyenne par rapport zu anere Gemengen. Am Süde si se vergläichbar méi kleng. An anere Géigende vum Land si se e bësse méi héich.

5. Enseignement fondamental et musical

Ech wëll awer soen, dass dat e Choix pédagogique ass, ob ee léiwer eng Klass huet mat manner Schüler mat engem Enseignant oder ob ee seet, mir maache méi héich Klasseneffektiver a mir maache vläicht méi Enseignement à deux. D'Comitéë maache Proposen. Bis elo hunn ech hir Argumenter ëmmer konnten novollzéien an ënnerstëtze weiderhin hire Wee, dee se hei zu Déifferdeng am Moment ginn.

Zum Contingent komme Saachen dobäi. Ech ginn net ganz an den Detail. Et sinn zum Beispill Plaze fir Remplacement permanent. Fir d'Poste-d'accueille si Saache bäi komm. Mir hunn nach ëmmer e Poste de logopédie. Mir hunn eng Naturschoul. Dat ass nei. Heifir wëll ech dem Minister eng Kéier Merci soen, dass eis Demande favorabel geholl ginn ass, dass an der Naturschoul och elo ee Posten iwwerholl gëtt hors contingent. Dat war bis elo net esou. Bis elo ass d'Naturschoul ausschliesslech vun der Gemeng Déifferdeng gemaach ginn. Mir hu Reitstonnen. Déi aacht Postes Educateurs gradués bleiwen natierlech.

Ee Bemol fir e Projet, deem ech op jidde Fall immens interessant fonnt hunn. Dat ass dee Projet, deem um Fousbann déi lescht zwee Joer gelaf ass ënnert der Observatioun vun der Uni Lëtzebuerg an och elo zu Déifferdeng ugelaft ass. Mir haten eng Demande gemaach, fir bei deem Projet méi Stonnen ze kréien. Et geet hei ëm d'Sproochentwécklung am Spillschoulalter. Wou mer gesinn hunn an d'Uni eis confirméiert huet, dass um Fousbann dee Projet enorm vill bruecht huet par rapport zu deene Kanner, déi dee Projet matgemaach hunn, am Verglach mat deenen, déi net an deem Projet mat dra waren. Och dat éischt Joer zu Déifferdeng weisen d'Resultater, dass dat wierklech vill bréngt.

De Ministère ass awer der Meenung, dass dat kee pädagogesch innovative Projet wär an huet eis leider nëmme sechs Stonne fir déi zwou Schoulen zougestane. Wat natierlech bedeit, dass ganz wéineg Kanner an Zukunft wäerte kënne vun deem Projet profitéieren. Dat fannen ech bedauerlech.

Op deem Excel-Tableau, deem ech iech ausgedeelt hunn, si Grafiken opgezeechent, wou dir gesitt, dass d'Kannerzuel an de leschte Jore par rapport zu der Bevëlkerung och gewuess ass. Analog do-

zou muss een den Demografie-Bericht dozou och kucken, wat deen ausseet fir déi kommend Joren. Dorop baséiert eis Schoulpolitik, eis Visioun, dat wat mer am Moment maachen. Méi Quartier-Schoulen. Manner grouss Schoulen. Ech komme méi spéit nach eng Kéier op dësen Punkt zrëck.

Oft héiert een: Wat kascht dat dann eiser Gemeng oder jiddwerengem, wa mer e Choix pédagogique huele fir méi kleng Klassen? Géife mer net Sue spueren, wa mer méi grouss Klasse géife maachen? Nee, géife mer net. Ausser mir géifen dem Ministère soen, mir verzichten op e puer Dausend Stonnen a mir wëllen déi net. Well mer da manner Enseignanten hunn, géife mer effektiv Sue spueren.

Ech mengen awer hei am Gemengerot ass keen, deem dat wéilt maachen. Wann ee weess, dass mer nach all Joer gestriden hunn, fir de Contingent eropgesat ze kréien, ass dat eng Optioun, déi mer jo sécher net wëlle maachen.

D'autant plus, datt am nächste Budget d'Salairë vun den Enseignante jo net méi am Budget vun der Gemeng sinn.

De Coût moyen de l'élève, wann een deen esou ka rechnen, läit bei eiser Gemeng bei 6.123 Euro. Ech kann deen net vergläiche mat anere Gemengen, well ech déi Zuelen net hunn. En ass déi lescht dräi Jore liicht erofgaangen.

Wann ee weess, dass dee gréisste Posten dovunner d'Salairë sinn, ass dat Erof- oder Eropgoe bedéngt doduerch, dass zum Beispill an engem Joer vill Enseignanten an d'Pensioun ginn an doduerch Neier eropkommen, déi manner verdéngen. Dann huet een do natierlech direkt grouss Differenzen. Et ass also op kee Fall esou, dass eis Schüler direkt manner Suen hätte pro Schoul. Dee Budget ass eropgaangen an deene leschte Joren. Mä de gesamte Budget mat de Salairen – dat ass dee gréisste Posten – ass e bëssen erofgaangen.

Ech hunn den Inspekter gefrot gehat, wéi hien d'Evaluatioun an deene leschte fënnef Joren hei zu Déifferdeng gesinn huet, zënter dass hien hei tätég ass. Wou leie mer mat der Orientéierung? Wou leie mer prozentual gesinn am nationale Verglach? Wéi ass d'Situatioun zu Déifferdeng a wéi ass se am Land?

présente 14,7 élèves par classe, un chiffre relativement bas. On peut soit préférer de petites classes avec un enseignant ou des classes plus grandes avec deux enseignants. Georges Liesch se tient généralement aux recommandations des comités scolaires.

Des heures supplémentaires sont ajoutées au contingent, notamment pour les remplacements permanents, la logopédie ou l'École Nature, ce qui est nouveau.

En revanche, le projet en cours au Fousbann en partenariat avec l'université afin d'améliorer le développement du langage dans le préscolaire n'obtiendra pas davantage d'heures. C'est dommage, car l'université a confirmé que ce projet a énormément apporté aux enfants. Mais pour le ministère, il ne s'agit pas d'un projet pédagogique innovant. C'est pourquoi il faudra se contenter de six heures pour deux bâtiments. Seuls très peu d'enfants pourront en profiter.

Les conseillers communaux disposent de tableaux Excel montrant que le nombre d'enfants a augmenté ces dernières années. La politique scolaire du collège échevinal repose sur l'étude démographique réalisée. Georges Liesch préconise davantage d'écoles de quartier et moins de grands établissements.

Le choix pédagogique de créer des classes relativement petites coûte-t-il plus cher? Non, à moins que la commune ne renonce à quelques milliers d'heures offertes par le ministère. Ce n'est pas ce que le conseil communal veut.

Le cout moyen par élève se monte à 6123 €. Il a légèrement baissé par rapport aux autres années, ce qui peut s'expliquer par exemple par le départ en retraite de plusieurs enseignants. Georges Liesch a demandé à l'inspecteur comment il évaluait le développement de l'enseignement à Differdange depuis cinq ans — notamment en ce qui concerne l'orientation.

5. Enseignement fondamental et musical

14 % des élèves sont orientés vers le classique. Ce chiffre reste stable, mais il est inférieur au niveau national de 35 %.

71 % sont orientés vers le secondaire technique et 14 % vers le modulaire contre 51 et 13 % dans le reste du pays. 1 % des enfants prolongent le cycle 4. Ce chiffre est le même au niveau national.

La plus grande différence par rapport à la moyenne nationale se trouve donc dans l'orientation vers le classique ou le technique. Georges Liesch n'y voit pas de problème, car les deux filières conduisent au bac et le Luxembourg a besoin d'artisans. En revanche, il faut s'assurer que tous les enfants ayant les compétences pour entrer dans un lycée classique soient orientés correctement.

Georges Liesch a souvent entendu dire que les enfants différenciés étaient mieux orientés que ceux d'autres communes. Il arrive en effet souvent que des enfants orientés vers le classique doivent changer de filière au bout de deux ou trois ans et considèrent alors celle-ci comme un second choix. Georges Liesch ne partage pas cette politique et se réjouit que l'orientation à Differdange soit efficace.

Parmi les nouveautés de l'organisation scolaire figure le campus en forêt du Kannerbongert. Les délais sont respectés pour le moment.

La dernière fois, les conseillers communaux ont demandé ce qu'il en était de la sécurité du terrain. Georges Liesch leur a remis l'étude effectuée. Il n'y a pas de danger. Ce projet est réalisé en partenariat avec le ministère de l'Environnement et le garde forestier. Les endroits où se rendront les enfants sont sécurisés.

Les enseignants de l'école en forêt travailleront en étroite collaboration avec les éducateurs de la maison relais. Ils auront la possibilité de discuter ensemble trois fois par jour plus d'une demi-heure. Cela est prévu dans

Ech mengen, dass et net weider verwonnerlech ass, dass d'Orientéierung an de Classique bei ongeféier 14% läit. Déi ass lichter eropgaangen hannert dem Kommaberäich, esou dass ee ka soen, déi wär eigentlech stabel iwwert déi lescht fënnef Jore gewiescht. National gesi läit se bei 35%.

Am Secondaire technique läit d'Orientéierung zu Déifferdeng bei 71% an national gesi bei 51%. Modulaire si mer hei zu Déifferdeng bei enger Orientéierung vu 14% vu Kanner, déi an de Modulaire ginn. National 13%. Do si mer also quasi op der Moyenne drop. Da gëtt et nach d'Méiglechkeet vum Allongement du Cycle 4. Dat heescht Schüler, déi also méi laang an der Primärschoul bleiwen. Do leie mer bei 1% an national ass dat och 1%. Déi spillen also keng Roll.

Den Ënnerscheed läit also an der Orientéierung Classique an Technique. Vu dass ech verwennte Verfechter dovunner sinn, dass dat fir mech keng grouss Ënnerscheeder sinn, well ee souwuel am Classique wéi am Technique op deem héchsten Niveau hei am Land, nämlech op e Bac, ka kommen. An dass et och wichteg ass, gutt ausgebildeten Handwerker hei am Land ze hunn. Dat ass also fir mech eng Zuel, déi mech net erfëiert. Ech fannen net, dass mer do méi missen ustriewen. Natierlech kann een en Equilibre schaffen. An et sollt ee probéieren, all déi Kanner déi d'Méiglechkeeten oder d'Kompetenzen hunn, fir an de Classique ze goen, dass déi och richteg orientéiert ginn.

E Feedback, dee sech net an Zuelen ausdrécke léisst an deem ech awer och matkritt hunn, ass dee vun de Lycéeën. Déi soen, dass déi Kanner, déi vun Déifferdeng an d'Lycéeën kommen, gutt orientéiert si par rapport zu anere Gemengen, wou d'Kanner oft falsch orientéiert sinn. Dat heescht, entweder an déi eng Richtung, wou se am Technique sinn a besser am Classique gewiescht wäeren oder si sinn am Classique, well do mat vill Drock geschafft gouf, dass déi Kanner an de Classique kommen a se herno, no zwee dräi Joer, awer am Technique landen a mengen, dat wär dann deem zweete Choix.

Dat ass eng Politik, déi ech jiddefalls net wäert ënnerstëtzen. Duerfir sinn ech frou ze héieren vun eenzelen Direkteren vu

Lycéeën, dass eis Kanner vun Déifferdeng eng gutt Orientéierung hunn. An dass et bal ëmmer klappt.

Da ginn ech elo nach weider duerch d'Schoulorganisatioun a picken e puer nei Saachen eraus. Déi aner Saachen hutt der am Dossier fonnt. Déi si jo quasi identesch zu deene leschte Joren. Nei ass eis Bësch-Klass, déi mer am Campus Kannerbongert wäerten opmaache fir d'Rentree. D'Aarbechte sinn am Gaang. Mir leien iwwerall am Timing, esou dass am Moment näischt drop hiweist, dass dat wäert schif goen.

Ech hunn iech och haut nach eng Kéier déi Etüd, wou ech am leschte Gemengrot op d'Fro geäntwert hat, wéi et mat de Galerien ënnendrenner stéing, ausgedelt. Déi weist kloer, dass mer natierlech keng Schoulklass op en Terrain bauen, deem iergendwelleche Risiko bedeit. Dir hutt déi Etüd. Dir kënnt also alles noliesen.

Natierlech baue mer eng Schoul op en Terrain, deem absolutt sécher ass. Mir hunn all Analyse gemaach, all Etüd gemaach, och an aner Richtungen. Ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren, dass déi Bësch-Klass a ganz enker Zesummenaarbecht mam Ministère de l'Environnement gemaach gëtt a mat eisem Fierschter. Iwwerall do, wou d'Kanner sech wäerten an de Bësch erabeweegen – dat ass net egal wou, mä si hu Plazen, wou se sollen an d'äerfen higoen –, ginn all Joer Experte vu Beem doduerch, déi ënner anerem doudeg Äscht erausschneiden an deem Deel vum Bësch securiséieren. Mir maache wierklech alles, dass do absolutt näischt ka passéieren.

D'Bësch-Klass ass zesumme mat der Maison relais. Aus dem Horaire gesitt der, dass d'Enseignante mat den Educateuren an den Educatrices eng enk Zesummenaarbecht tëschent Maison relais a Schoul ustriewen. Dräimol den Dag hu se d'Méiglechkeet, iwwer eng hallef Stonn, wou se zesumme sinn, en Austausch ze hunn. Dat ass e wesentlech Schrëtt no vir par rapport, wéi et an de Schoulen de Moment méiglech ass, well déi Zäit dann ëmmer op d'Fräizäit vun deem engen oder anere geet an op de gudde Wëlle berout vun deem engen oder aneren, wat och geschitt. Mä hei ass et wierklech ageschriwwen am Horaire. Dat heescht, den Austausch të

5. Enseignement fondamental et musical

schent deenen engen an deenen aneren, déi iwwert datselwecht Kand diskutéieren, ass hei wierklech fest verankert. Dat fannen ech ganz flott.

D'Kanner kommen aus deene fënnef Uertschaften. 24 Kanner sinn ageschriwwen an der Bësch-Klass. Déi kommen aus allen Uertschaften: Déifferdeng, Fousbann, Lasauvage, Nidderkuer, Uewerkuer. Also vun iwwerall. Och dat freet mech. Kee Quartier dominiert. Si komme vun iwwerall.

E Punkt, deen ech nach wëll ervirhiewen, ass de PRS, well mer domadder nach eng Kéier wäerte beschäftegt ginn. De PRS, de Plan de réussite scolaire, hu mer iech virun dräi Joer virgestallt. Dee gouf vun all Gebai ausgeschafft. All Gebai hat säin eegene PRS. An doropshi si verschidden Decisiounen gefall. Notamment well eng Schoul, Déifferdeng zum Beispill, als PRS gesot huet: Mir këmmen eis ëm Antiaggressiounsprogrammer bei eis an der Schoul. Wat drop hiweist, dass et e Malaise gëtt, wann esou vill Kanner op engem Site sinn. Dat ass fir mech ee vun den Trigger-Momenten gewiescht, fir aner Weeër ze goen.

Dee PRS war dräi Joer gültig a leeft elo aus. D'Schoule schaffen elo un engem Bilan vun deene PRSen. Déi kréie mer am Hierscht. Soubal si déi fäerdeg hunn, kréie mer hei presentéiert, wat aus deene PRSe ginn ass. Wat hir Ziler waren. Wat se erreecht hunn. A wéi si dat an hire Gebaier empfonnt hunn

Ech kann haut scho soen, dass ech vill Aktivitéiten an deene leschten dräi Jore gemierkt hunn, wou se konkret an déi Richtung geschafft hunn. Ech si gespannt op hire Bilan, wéi si dat an hire Gebaier gesinn.

Dir gesitt am Dossier, datt de PRS elo ersat gëtt duerch e sougenannte PDS, de Plan de développement scolaire. Do geet et also drëm, dass d'Schoule sech Gedanken maachen, wéi se haut do stinn. A wéi se sech an deenen nächste Jore gesinn. Also e bëssen an d'Zukunft eragekuckt. D'Comité sinn am Gaang, op där enger Säit e Bilan ze maache vun de PRSen a sinn am Gaang déi PDSen ze schreiwen. Och do wäerte mer dann am Hierscht déi Dokumenter kréien. All Schoul wäert dat fir sech maachen a kucken, wéi si hiert Gebai, hire Schoulcampus, an der Entwécklung an deenen

nächste Jore gesinn. Dorop komme mer dann am Hierscht zréck, wann der déi Saache bis hutt.

Wat nach nei ass: den Inspektorat gouf ofgeschaf. Et gëtt keng Inspektoren méi am Land. Déi ginn ersat duerch SchoulDirekteren. Mir haten een Inspekter fir eis Gemeng. Dee gëtt elo ersat duerch en Direkter mat zwee Adjointen, déi deiselwecht Kompetenzen hunn. Dat ass sécher fir eis Gemeng eng Plus-value, well mir elo méi Leit a méi Stonnen zur Verfügung hu fir eis Schoulen, fir d'Schoulmeeschteren, eis jonk Leit, déi vun der Uni kommen, ze begleeden, ze forméieren, an anzeféieren. Mir hunn also als Gemeng sécher elo méi Ressourcen zur Verfügung wéi virun.

Fir eis als Gemeng, géif ech soen, ass déi heiten Decisiounen sécher eng ganz positiv Saach. Ech perséinlech si frou, dass déi ursprénglech Iddi, fir en Direkter pro Schoulcampus anzeféieren, vum Dësch ass. Dat war fir mech eng Illusioun an eppes, wat sech um Terrain absolut net hätt kéinte maache loosse. Dat heite fannen ech allerdéngs eng clever Decisioun, fir dat esou ze maachen. Ech mengen, dass do vill Gemengen vun dëser Decisioun profitéieren kënnen.

Am Dossier geet rieds vun enger Phase transitoire. Zum Beispill d'EBS-Kanner an esou weider. Do sinn also eng Partie Saachen, déi mer bis elo all Joer gemaach hu mam Inspektorat zesummen, déi elo och esou weidergefouert ginn, bis dass den Direktorat sech etabliert huet an der Rentrée. Da ginn déi nach eng Kéier evoluéiert a gekuckt, wéi dat an Zukunft organiséiert gëtt. Ech hoffen, dass mer am Hierscht, wa mer d'Schoulorganisatioun nach eng Kéier mussen adaptéieren, vläicht méi Kloeerheet schonn hunn an dass mer déi Phase transitoire dann e bësse méi genau definéieren kënnen.

„Phase transitoire“ heescht net, dass et net weiderleeft. Dat leeft weider, en attendant dass den Direkter mat sengen Adjointen hei sinn. Dass mer Kloeerheet kréien, wéi si sech dat da fir déi nächst Zäit virstellen.

E wichtege Punkt ass, dass d'Relioun an de Schoulhoren hei zu Déifferdeng wéi och am ganze Land net méi wäert figuréieren. Déi gëtt ersat duerch de Cours „Vieso“, Vie et société. Am

les horaires des uns et des autres.

Les 24 enfants inscrits proviennent des cinq localités de Differdange, Fousbann, Lasauvage, Niederkorn et Oberkorn. Georges Liesch est content qu'il n'y ait pas de quartier dominant.

Il y a trois ans, Georges Liesch a présenté aux conseillers le plan de réussite scolaire des différents établissements. Differdange avait par exemple lancé un programme contre l'agressivité.

Désormais, il est temps pour les écoles de dresser un bilan. Ce bilan sera ensuite présenté au conseil communal pour voir notamment si les objectifs ont été atteints. Georges Liesch a en tout cas remarqué au fil du temps que les écoles travaillaient concrètement à la réalisation de leurs objectifs.

Le plan de réussite scolaire va être remplacé par le PDS, le plan de développement scolaire. Les comités d'école sont en train de les rédiger. Il s'agit de voir comment les comités voient le développement de leurs écoles au cours des prochaines années. Les inspecteurs scolaires sont remplacés par des directeurs. Differdange comptera un directeur et deux directeurs adjoints. Cela permettra aux écoles de la commune de disposer de plus de ressources.

Georges Liesch pense que cette décision s'avèrera positive pour Differdange et se réjouit que l'idée d'introduire un directeur par établissement n'ait pas été retenue, car elle n'aurait pas été applicable sur le terrain.

Une phase transitoire est prévue. Les projets entamés avec l'inspectorat se poursuivront en attendant que la direction soit mise en place à la rentrée. Georges Liesch espère avoir plus de détails en automne lors de l'adaptation de l'organisation scolaire et que jusque-là, le fonctionnement de la phase transitoire soit plus claire.

La religion ne fera plus partie du programme scolaire et sera remplacée par le cours «Vie et

5. Enseignement fondamental et musical

société». La question s'est posée de savoir si ce cours serait tenu par les anciens enseignants de religion, mais la réponse est non. Les personnes qui tiendront ce cours ont dû suivre une formation poussée. Deux ou trois anciens enseignants de religion l'ont suivie, les autres non.

M. Ruckert a récemment abordé la question de la natation et a fait un amalgame entre natation scolaire et natation publique. Or Differdange ne fonctionne pas comme d'autres communes. Pour ce qui est du public, la sécurité est assurée par Aquasud. Mais pour la natation scolaire, la commune loue les bassins et il doit y avoir un maître nageur par bassin. Les maîtres nageurs d'Aquasud ne sont pas pris en considération. Si un maître nageur se porte malade le matin, le cours tombe à l'eau. M. Ruckert s'est plaint que la commune serait allée emprunter des maîtres nageurs à la bibliothèque. En fait, deux anciens maîtres nageurs travaillent à la bibliothèque et la commune leur a demandé s'ils étaient disposés à intervenir spontanément lorsqu'un maître nageur est malade. Le premier est proche de la retraite et a répondu non. Le deuxième a également refusé, car il ne s'est pas entraîné depuis longtemps et a dit qu'il ne se sentirait pas à l'aise.

La commune a également essayé de mettre sur pied une convention avec Aquasud portant sur les maîtres nageurs. Mais c'est difficile, car les maîtres nageurs sont rares et les disponibilités de ceux d'Aquasud ne correspondent pas aux besoins de la commune.

C'est pourquoi le collège échevinal a finalement décidé de créer un poste de maître nageur. Les examens auront lieu dans deux semaines et Differdange espère obtenir un des vingt candidats. Le collège échevinal souhaite partager ce maître nageur avec Pétange, qui fait lui aussi face à la pénurie de maîtres nageurs. L'accord entre Differdange et Pétange pourrait même aller au-

Ufank gouf et vill Bedenken, ënner anere, ob déiselwecht Enseignanten, déi vir dru Relioun gehalen hunn, elo de Vieso-Cours halen. Dat ass natierlech net de Fall.

Déi Leit, déi déi de Cours Vie et société ofhalen, hu missten eng relativ opwänneg Formatioun matmaachen. Awer déi Leit, déi Relioun gehalen hunn, konnten sech natierlech och mellen, fir déi Formatioun matzemaachen. Ech weess, dass der zwee dräi hei aus der Gemeng, dat gemaach hunn. De Gros awer net. Déi müssen dann eng aner Léisung fannen, wat hir berufflech Zukunft ugeet. Mä mir hu genuch Leit déi de Vieso-Cours hale kënnen, déi déi Formatioun gemaach hunn.

Da kommen ech op e Punkt zeréck, dee schonn eng Kéier heibannen ugeschwat ginn ass – ech menge vum Här Ruckert: d'Schwammen. Dir hat e bëssen en Amalgamm gemaach tëschent Schoul-schwammen a Public-Schwammen, wat hei zu Déifferdeng e bëssen anescht ass wéi an anere Gemengen.

Wat de Public ugeet, ass et jo esou, datt Aquasud d'Securitéit vum Schwamme geréiert. Wa mir als Schoul dohinner ginn, huet Aquasud am Fong näischt mat eis ze dinn. Mir lounen déi Zäiten, wou mir Basenge brauchen. Mir brauchen pro Baseng ee Schwammmeeschter. Wann ee vum Aquasud dobäi ass, gëtt deen net ugerechent.

Wann also vun eisen zwee Schwammmeeschteren ee kuerzfristeg krank ass oder moies krank war, ass mueres d'Schwammen ofgesot ginn, wat net glécklech war. Dat ass net glécklech fir d'Enseignanten, net fir d'Kanner an och net fir eis als Gemeng. Mir hunn no Léisunge gesicht.

Ech fannen, Dir hat Iech e bëssen onglécklech ausgedréckt, dass mer do Leit léine ginn, déi an der Bibliothék schaffen. Mir sinn déi net léine gaangen. Et ass souwisou ni dozou komm. Mir hu se just einfach gefrot. Ech hätt et awer och net richteg fonnt, eng aner Léisung ze proposéieren, ouni déi ze froen. Herno hätte se vläicht gesot: Ma hätt Der mech gefrot, hätt ech dat natierlech gär gemaach.

Mir hunn effektiv eis zwee Schwammmeeschteren, déi an der Bibliothék sinn,

gefrot, ob si esou spontan bereet wären, anzesprange bei engem Krankeschäin. Ee vun deenen zwee, deen deemnächst an d'Pensioun geet, huet gesot: Dat mécht fir mech kee Sënn. Deen aneren huet gesot: Esou einfach ass dat net. Vlächicht war dat e bëssen naiv vun eis. Ech sinn eigentlech guer net méi am Training. A wann ech do soll einfach spontan asprangen, fillen ech mech awer net esou immens wuel, well ech elo eigentlech net méi esou fit an trainéiert si wéi e Schwammmeeschter, deen dat jo och muss sinn. An en huet dunn och nach gesot: Dat gefält mir eigentlech net esou. Dat ass eng Decisioun, déi ech absolutt respektéieren.

Mir hate probéiert, mat Aquasud eng Konventioun ze maachen, an ze kucken, ob mer hir Schwammmeeschtere kéinte geléint kréien. Dat ass awer ganz schwéier. Éischtens, well et um Marché quasi keng Schwammmeeschtere gëtt. Déi si ganz schwéier ze fannen. En plus, well hir Horairë mat eisen Horairen net iwwerteneestëmmen. Soudass dat esou spontan op jidde Fall net méiglech ass. Mir hunn dat awer scho gemaach bei Krankeschäiner respektiv bei Congéen, déi ugekënnegt waren. Do hu mer schonn op esou Ressourcen zrëckgegraff. Dat war fir eis awer keng definitiv Léisung.

Déi definitiv Léisung gesi mer haut um Ordre du jour. Mir hunn eng Création de poste gemaach vun engem Schwammmeeschter. Wëssend, dass an zwou Wochen d'Exame vun de Schwammmeeschtere sinn, wou sech an déi 20 Kandidat gemellt hunn, wou mer dann och direkt wëllen dobäi sinn, fir een ze kréien.

Mir wäerten dee Schwammmeeschter mat Péiteng deelen. Mir haten e ganz interessant Gespréich mat dem Péitenger Schäfferot. Si sinn och an der Nout, wat d'Schwammmeeschteren ugeet. Just bei hinnen ass et esou, dass si se grad am Public brauchen a mir am Schoul-schwammen. Esou dass dat eng flott Ergänzung ass.

Et gesäit och esou aus, wéi wann déi Konventioun méi wäit géif goen, wéi nëmmen ee Schwammmeeschter austauschen, mä dass sech do eventuell e Roulement kéint astellen tëschent dem Péitenger an dem Déifferdenger

5. Enseignement fondamental et musical

Schwammmeeschter, wat ech absolutt géif begreissen.

Zwee Wuert nach zu der Fête sportive de la jeunesse européenne. Déi war dëst Joer hei zu Déifferdeng fir d'50. Kéier. Ech mengen, dat ass schonn derwäert, dass een dat och eng Kéier ernimmt. Et ass e Jugendsportsfest, dat scho 50 Joer laang organiséiert gëtt. Dat ass awer schonn eppes Grousses. An esou wéi d'Chance oder d'Malchance et wëll, fält den Anniversaire natierlech ëmmer op Déifferdeng.

Ech muss soen, ech war begeeschtert vun der Organisatioun vun deem 50. Anniversaire. Mir hunn hei zu Déifferdeng wierklech e flott Bild no bausse ginn. Mir hu grousst Luef kritt vun deene Gemengen, déi hei op Déifferdeng komm sinn. Dofir, vun hei aus, e grouss Merci un d'Organisatiounsteam, wat kee grousst Team war, muss ech soen, déi awer eng super Aarbecht geleescht hunn, fir dat doten iwwert d'Bün ze kréien.

D'nächst Joer ass et zu Cranendonck, wou mer eis dat kënnen ukucke goen.

D'Activités périscolaires. Dat sinn déi üblech Saachen, déi mer bis elo ëmmer maachen. Dat klénge elo e bëssen üblech. Ech fannen déi Saachen eenzel alleguerten immens flott. Dat weist d'Motivatioun vun eisen Enseignanten, fir esou Projeten ze developpéieren. Sief dat d'Kloterwand, sief dat den Équestre. Dat sinn also lauter Projeten, déi nëmme méiglech sinn, wann ee Schoulpersonal huet, dat bereet ass, nach nieft der Schoul Projeten ze maachen a well se och mierken, dass et de Kanner eppes bréngt.

Duerfir, wann ech soe "wéi üblech", ass et net pejorativ.

Ech wëll just eppes eraushiewen, wat dëst Joer nei ass. An och dat weist erëm eng Kéier, wéi motivéiert eis Enseignante sinn. Dat ass de Makerspace. Ech fannen dat eng super Initiativ. Fir déi, déi net wëssen, wat dat ass, am Makerspace geet et eigentlech drëm, fir d'Informatik an d'handwierklecht Geschéck mat de Kanner schonn am fréien Alter kandgerecht auszeüben. Dat ass wierklech e super Projet, deen um Woiwer ënnert der Leedung vun de Leit aus der Technischoul ugebuede gëtt. Mir hunn dofir e

kleng Budget zur Verfügung gestallt, fir dat ze ënnerstëtzen.

Zu de Baute muss ech net méi vill soen. Ech hunn dat an deenen eenzelne Kapitelen agebaut.

Vläicht nach e kleng Bilan vun deem, wat mer an de leschten dräi Joren hei am Schäfferot gemaach hunn. Nieft enger Neiorientéierung vun der Schoulpolitik: wou gi mer hin? méi Richtung Campusschoulen? manner grouss Schoulen?, hu mer vill wäert geluecht op de séchere Schoulwee, ee grouss Projet, deen ech mam Fred Bertinelli zesummen ausgeschafft hunn, wou Déifferdeng emol erëm visibel gemaach gëtt, wat fir ee Schoulwee d'Kanner huele sollen. Mir hunn eng flott Broschür ausgeschafft mat den Enseignanten zesummen. Dofir e grouss Merci un d'Enseignanten an un de Service Technique vum Fred Bertinelli senge Leit, déi un deem Dossier geschafft hunn.

An all Schoul ass en Abris vélo an en Abris fir d'Dreckskechten. Dat war eng gutt Decisioun. Mir hu Schoulgäert zur Verfügung gestallt, wou Enseignanten an dese Schoulgäert schaffen. Dat sinn nieft den Infrastrukturen och Projeten, déi fir mech ganz wichteg sinn.

Zum Schluss e puer Mercien, déi ech wëll ausschwätzen. Ech wëll ufänke mat engem Merci un den Inspekter, deen eis jo wäert verlossen, well et d'Inspektorat jo net méi gëtt. Ech hat d'Chance, déi lescht dräi Jore mat him zesummenzeschaffen. Dat war eng ganz agreabel Zesummenaarbecht a virun allem och eng ganz konstruktiv Zesummenaarbecht. Dofir e grouss Merci un hie fir déi Aarbecht, déi hien hei an deene leschte fënnf Jore gemaach huet.

E grouss Merci un eis Comités d'écoles, déi säit Joerzénge hei zu Déifferdeng funktionéieren a bewisen hunn hei am Land, dass et méiglech ass, mat esou Comités d'écoles – Déifferdeng war eng vun den éischte Gemengen, déi op dee Wee gaangen ass – ze schaffen. Si maache sech vill Aarbecht an hirer Fräizäit, wat d'Qualitéit vun Enseignanten hei zu Déifferdeng ugeet. An eis als Politiker wierklech mat Fachkenntnes ëmmer erëm iwwerraschen, mat den Argumenter, déi si bréngen. E grouss Merci fir hir gutt Aarbecht.

delà. Les deux communes réfléchissent à établir un système de roulement.

Cette année, Differdange a organisé la 50^e édition de la Fête sportive de la jeunesse européenne. L'organisation s'est très bien passée et Differdange a réussi à donner une belle image d'elle-même. Georges Liesch remercie la petite équipe qui a organisé l'évènement. Elle a réalisé un travail extraordinaire. L'année prochaine, la Fête aura lieu à Cranendonck.

Les activités périscolaires regroupent les activités que les écoles organisent habituellement, comme le mur d'escalade ou l'équitation. Ces projets ne sont possibles que grâce à la motivation du personnel enseignant. C'est pourquoi Georges Liesch insiste sur le fait que le terme «habituellement» n'est pas à prendre au sens péjoratif. Parmi les nouveautés de cette année figure le Makerspace, qui allie informatique et habileté avec les mains. Il s'agit d'un projet extraordinaire organisé au Woiwer par les enseignants de l'École technique.

Georges Liesch ne souhaite pas revenir sur les nouvelles constructions, mais insister sur ce qui a été fait depuis trois ans. Ensemble avec M. Bertinelli, il a mis l'accent sur la sécurité sur le chemin de l'école. Une brochure a été réalisée avec les enseignants. Georges Liesch les remercie ainsi que M. Bertinelli et le service technique.

Toutes les écoles ont un abri pour vélo et un abri pour les poubelles. La commune a aussi aménagé des jardins scolaires.

Georges Liesch remercie l'inspecteur. La collaboration au cours des dernières années a été agréable et constructive. L'échevin remercie aussi les comités d'école. Differdange a démontré qu'il était possible de travailler avec de tels comités. Leurs membres travaillent dur pendant leur temps libre et surprennent souvent les hommes politiques par leurs connaissances. Un grand merci aussi au service scolaire, qui a élaboré l'organi-

5. Enseignement fondamental et musical

sation, et particulièrement à Danielle Spini, qui n'est pas là depuis longtemps et qui partira bientôt à la retraite, mais qui a réalisé un travail extraordinaire pendant cette courte période.

Un remerciement enfin à la commission scolaire. Les nombreuses réunions ont été constructives et ses membres ont traité la matière sans tenir compte du volet politique.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) constate que l'organisation scolaire est un dossier revenant chaque année.

Pourtant, il conserve toujours la même importance.

L'organisation scolaire permet d'encadrer les quelque 3000 élèves de Differdange.

Pierre Hobscheit remercie les différents acteurs. Les enseignants et les éducateurs sont aux prises tous les jours avec de nouveaux défis.

Cinq-mille-deux-cent-quatre-vingt-quinze heures de cours seront dispensées par des enseignants travaillant déjà à Differdange et mille-deux-cent-une heures restent à pourvoir.

Un grand merci au service scolaire, qui veille au bon fonctionnement des écoles jour après jour ainsi qu'à la commission scolaire qui a contribué à la réalisation de ce document.

Le dossier ne contient qu'un rapport très bref de la réunion de la commission scolaire du 12 juin. N'existe-t-il pas de document permettant de suivre les discussions plus en détail?

L'année prochaine, 2800 enfants fréquenteront 190 classes. Le nombre de classes a augmenté de cinq unités.

Les effectifs sont bas avec une moyenne de 12,3 et 12,6 dans les cycles 2.1 et 3.1. Le nombre d'élèves monte à 16,5 dans le cycle 3.2. Les effectifs sont-ils destinés à rester aussi bas? Pierre Hobscheit a cru comprendre que oui.

L'année dernière, le conseiller communal avait regretté le fait que certains parents ne répondaient pas aux lettres concernant une éventuelle inscription

Merci natierlech och un de Service scolaire, dee wéi all Joer dës Schoulorganisatioun ausgeschafft huet. E spezielle Merci un d'Danielle Spini, déi elo eréischt virun een oder zwee Joer bei eis bäigestouss ass, déi deemnächst wäert a seng Pensioon goen, déi awer an där kuerzer Zäit, wou hatt do war, wierklech eng ganz super Aarbecht geleescht huet bei eis am Service.

An e leschte Merci geet natierlech och un d'Schoulkommissioun, déi, muss ech soen, ganz agreabel war déi lescht Joren. Mir hu vill Versammlunge gehat a vill konstruktiv Input kritt. Si hu sech wierklech mat der Matière befaasst, bal ëmmer parteionofhängeg, souwéi dat jo och soll sinn. An dofir och e grouesse Merci un d'Schoulkommissioun.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Den Här Hobscheit huet d'Wuert.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, „alle Jahre wieder“, kéint ee soen. Am Juni ass et nees souwäit. Dann diskutéieren a stëmmen mer am Gemengerot iwwert d'Schoulorganisatioun fir dat nächst Schouljoer of. Och wann dat en Exercice ass, dee sech all Joer widderhëlt, esou ännert dat awer näischt un der Wichtigkeet vun dësem Exercice.

Mir setzen hei de Kader fir den Enseignement vun eisen net grad 3.000 Kanner an eiser Gemeng. Alleng dës grouss Zuel weist, wéi wichteg dëst Dokument ass, a wéi wichteg eng adequat Organisatioun ass.

Ier ech am Detail op d'Schouljoer 2017/2018 aginn, wëll ech virop deene verschiddenen Acteure Merci soen. Virop natierlech eisem Léierpersonal an den Educateurs, déi an eise Schoulen eng net ëmmer einfach Aufgab müssen erfëllen, andeems si sech Dag fir Dag neien Herausforderungen musse stellen. Den Här Liesch huet et gesot: 5.295 Stonne kënnen vun de Schoulmeeschteren

rinnen a Léierinnen, déi hei zu Déifferdeng affektiert sinn, gehale ginn. 1.201 Stonne bleiwen nach ze besetzen.

E grouesse Merci geet och un de Schoulservice op eiser Gemeng, deen derfir surger muss, dass organisatoresch alles klappt an dass de Fonctionnement vun eise Schoulen Dag fir Dag garantéiert ass.

Merci soe wëll ech vun dëser Plaz aus natierlech och alle Membere vun der Schoulkommissioun, déi dëst Dokument, iwwert dat mer haut hei diskutéieren, mat opgestallt hunn.

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, virop eng Fro, déi ech och schonn d'lescht Joer hei opgeworf hat. Wann ech et richteg gesinn hunn, ass am Dossier just e ganz knappe Rapport vun der Schoulkommissioun vum 12. Juni. Gëtt et keng weider méi detailléiert Rapporte vun der Kommissioun, an deene sech vläicht méi am Detail mat der Schoulorganisatioun ausernee gesat gëtt a wou een d'Diskussioun vun der Kommissioun méi am Detail kéint novollzéien?

Ech kommen dann elo direkt zum Dokument selwer. Eng ronn 2.800 Kanner ginn d'nächst Joer an 190 Klassen uechtert d'Gemeng an d'Schoul. Wann d'Zuele stëmmen, ass dat e Plus vu fënnf Klasse par rapport zum Schouljoer vu virun.

Opfälleg sinn aus menger Siicht déi dach relativ niddreg Klasseneffektiver – den Här Liesch ass schonn drop agaan – virun allem an de Cyclen 2.1 an 3.1, wou mer bei 12,3 respektiv 12,6 Schüler pro Klasse leien. Während d'Moyenne am Cycle 3.2 bei 16,5 läit. Ech wollt den Här Liesch u sech froen, ob et bei deene klengen Effektiver soll bleiwen. Ma ech mengen, en huet déi Fro a senger Interventioun scho quasi beäntwert, dass mer éischter bei där Richtung wëlle bleiwen.

Ech hat d'lescht Joer op dëser Plaz d'Remarque gemaach, dass et mech stéiert, dass mer vun enger ganzer Rei Eltere vu potentielle Precoce-Schüler iwwerhaupt keng Äntwert op eis Bréiwer kréien, ob si hir Kanner wëllen aschreiwen oder net. Zwar ass d'Zuel vun den Elteren, déi guer net op eis Courriere geäntwert hunn, vun 53 op 40 zréckgaangen. An

5. Enseignement fondamental et musical

awer fannen ech, dass dat vill Kanner sinn.

Ech kritiséieren dat net, wéi mer dat d'lescht Joer hei fälschlecherweis ënnerstallt gouf, well ech d'Kanner wëll an de Precoce zwängen, mä well ech ganz einfach fannen, dass et e Minimum un Héiflechkeet a Respekt ass, fir op e Bréif ze äntweren, deen ee vun enger Gemeng kritt. Spéitstens wann ee fir déi zweete Kéier ugeschriwwé gëtt, ob ee säi Kand wëll an de Precoce aschreiwen oder net. Dat huet awer, wéi gesot, näischt domat ze dinn, dass ech der Meenung sinn, dass all Kand muss an de Precoce. Mä op e Bréif vun enger Gemeng kann een awer äntweren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech komme vun den e bësse méi bloussen Zuelen eriwier bei den eigentlechen Inhalt vun dëser Schoulorganisatioun. Eng Schoulorganisatioun, an där et dëst Joer nieft villem Altbewäertem och e puer interessant Neierunge gëtt, op déi ech am Laf vu menger Interventioun nach wäert agoen.

Ech wëll och dëst Joer den inhaltlechen Deel mat engem Aspekt ufänken, deen eis als LSAP immens wichteg ass, wou ee vläicht net den éischte Moment drun denkt, mä dat ass de Schoulsport. Net just well mir de Sportsschaff an eise Reien hunn, mä mir sinn einfach als LSAP der Meenung, dass de Sport an der Schoul eng immens wichteg Roll soll spillen. An et ass eis immens wichteg, dass eis Schülerinnen a Schüler an der Gemeng e Maximum vun de kommunale Sportsinfrastrukture kënne profitéieren. Duerfir ass et eis och wichteg – och dat ass hei schonn ugeklongen –, dass de Schwammunterrecht am Aquasud souwäit dat nëmmen iergendwéi méiglech ass soll garantéiert sinn. An ëmsou méi wichteg ass et och, dass mer eis als Gemeng duerfir ëm adequat Sportsinfrastrukture bekëmmern, wann nei Gebaier entstinn.

Infrastrukture sinn iwwerhaapt e wichteg Stéckwuert. Ech deelen do dem Här Liesch seng Meenung, dass et besser ass, dass mer op de Wee gi vu klenger Quartier-Schoule mat manner Schüler, wéi dass eis Campussen ëmmer méi grouss ginn an iergendwann einfach ze grouss sinn.

E wesentlechen Deel vun deem Dokument, iwwert dat mer haut diskutéieren, maachen d'Mesuren aus, fir deene Kanner ënnert d'Äerm ze gräifen, déi sech schwéier di mam Léieren. Mesurë wéi den Enseignement à deux, de speziellen Encadrement fir Kanner, déi Problemer hu mat enger Dyslexie, Dysphasie oder Dyskalkulie oder de Léieratelier si gutt a wichteg, fir dass dës Kanner net scho fréi an hirer schoulescher Carrière op der Streck bleiwen.

Genee esou wichteg ass et, dass eis Schoul sech mat deene Kanner auserneeetzt, déi aus deem engen oder anere Grond, wéi et sou schéin heescht, verhaltensgestéiert sinn. Duerfir mécht eng Infrastruktur wéi den Espace Sënn. Et mécht engem ëmmer nees suergen, wann ee mat de Leit vum Terrain diskutéiert a matkritt, mat wat fir Ausnahmesituatiounen d'Léierpersonal ëmmer nees an hire Klasse konfrontéiert ass. Da muss een als Gemeng déi richteg Konzepter an Usätz fannen an entgéintsetzen. An dat maache mir als Stad Déiferdeng. Mesurë wéi Classes d'accueil an den enke Kontakt tëscht der Schoul an der Education différenciée sinn duerfir richteg a gutt.

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, eng Neierung, déi op eist Léierpersonal duerkënnt – och dat huet den Här Liesch a senger Interventioun scho gesot – ass de Plan de développement scolaire, de PDS. Hei kënnt op eist Léierpersonal nees e ganze Batz un Aarbecht duer, souwéi d'Gesetz et fuerdert, fir déi eenzel Mesuren ze dokumentéieren. Ech si gespaant wéi dës PDS sech um Terrain bemierkbar mécht an hoffen, dass dat net eng onnëtz zousätzlech Belaaschtung an Aarbecht fir eist Léierpersonal bedeit.

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, et kann een et all Joers nëmme widderhuelen, dass eis spezifesch Offere wéi zum Beispill d'Naturschoul eng fantastesch Saach fir eis Schülerinnen a Schüler ass. Dës Schoul huet sech

de leurs enfants dans le précoce. Ce chiffre est passé de 53 à 40, mais cela reste élevé.

Pierre Hobscheit ne veut pas forcer les parents à inscrire leurs enfants dans le précoce, mais il trouve que ne pas répondre à une lettre de la commune est un manque de respect.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
est du même avis.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) passe au contenu de l'organisation scolaire, qui apporte plusieurs nouveautés cette année.

Il commence par le sport scolaire, non pas uniquement parce que l'échevin au sport est socialiste, mais parce qu'il s'agit d'un élément important. Les élèves doivent pouvoir profiter au maximum des infrastructures sportives de la commune. C'est pourquoi Pierre Hobscheit trouve que le cours de natation à Aquasud doit être garanti. La commune doit toujours prendre en considération les salles de sport quand elle construit de nouveaux établissements.

Comme M. Liesch, Pierre Hobscheit préfère les petites écoles de quartier aux grands campus. Une large partie de l'organisation scolaire traite des enfants qui ont du mal à apprendre. Des mesures comme l'enseignement à deux, l'encadrement des enfants souffrant de dyslexie, de dysphasie ou de dyscalculie ou le «Léieratelier» sont importants.

Il faut aussi tenir compte des enfants souffrant de troubles du comportement. C'est pourquoi l'Espace reste nécessaire. Il est inquiétant d'entendre les enseignants parler des situations d'exception auxquelles ils sont confrontés. Mais la Ville de Differdange propose des concepts pour y faire face.

Le PDS, le plan de développement scolaire, constitue une nouveauté. Il représente du travail supplémentaire pour les enseignants. Pierre Hobscheit espère que ce travail ne se révélera pas inutile.

5. Enseignement fondamental et musical

Il trouve que des offres comme l'École Nature sont fantasmatiques. Il salue le partenariat entre l'École Nature et l'École technique.

L'utilisation des nouvelles technologies doit jouer un rôle important dans l'école du XXI^e siècle. Les salles de classe sont bien équipées en matériel informatique. Des projets comme le Makerspace sont à saluer.

Les loisirs traditionnels ne doivent cependant pas être négligés. Pierre Hobscheit mentionne le LASEP, les nuits de la lecture et le conseil communal des enfants.

En ce qui concerne la sécurité des enfants, la surveillance est clairement règlementée par l'organisation scolaire. Le Séchere Schoulwee et la Coupe scolaire montrent aux enfants comment se comporter dans le trafic.

La communication entre les écoles et les maisons relais est un sujet qui tient à cœur à Pierre Hobscheit. Il est important de l'améliorer.

L'organisation scolaire s'inscrit dans la continuité. Parmi les nouveautés figure cependant la classe en forêt pouvant accueillir jusqu'à trente enfants. Pour le moment, 24 sont inscrits. Le projet présente donc un intérêt certain.

La commune n'a pas d'influence directe sur le nouveau cours «Vie et société». Pierre Hobscheit se dit curieux de voir comment il va s'établir dans l'école fondamentale.

L'école est en train de changer. Elle n'est plus la même que celle que l'orateur ou d'autres ont fréquentée. Et il ne fait pas seulement allusion à M. Muller et M. Schwachtgen.

La commune doit constamment adapter ses offres aux nouveaux besoins des enfants tant sur le plan pédagogiques que des infrastructures.

Pierre Hobscheit annonce que le LSAP soutiendra l'organisation scolaire.

scho laang fest etabliert an erfüllt eng wichteg Aufgab, fir eise Kanner d'Natur méi no ze bréngen. Grad esou wichteg sinn och Projete wéi d'Technikschoul. D'Zesummenaarbecht tëschent der Natur an der Technikschoul ass natierlech nëmmen ze begreissen.

Erlaabt mer, op een Aspekt anzegoen, deen eiser Meenung no an der Schoul vum 21. Joerhonnert net ze kuerz dierf kommen. Dat ass de Gebrauch vun den neien Technologien. Eis Klassen all si gutt mat informatischem Material équipéiert. Nei Projete wéi de Makerspace sinn absolutt ze begreissen.

Bei aller Léift zur Technologie sollt een awer déi klassesch Fräizäitgestaltung net vergiessen. Déi schéngt eis immens wichteg. Duerfir sinn Aktivitéiten, wéi se zum Beispill vun der LASEP am sportleche Beräich ugebuede ginn, grad esou wichteg wéi Initiative wéi zum Beispill d'Liesnuechten, wou mer eise Schülerinnen a Schüler d'Wichtigkeet vum Liese méi no bréngen. Och de Kanner gemengerot, als eng politesch auserschoulesch Aktivitéit, soll hei net vergiess ginn, well et wichteg ass, de Kanner d'Méiglechkeet vu politescher Participatioun esou fréi wéi méiglech ze erklären.

E kuerzt Wuert zum Thema Sécherheet an a ronderëm d'Schoul. D'Surveillance ass am Dokument iwwert d'Schoulorganisatioun ganz explizit geregelt. Dat ass gutt esou. Genee esou wichteg ass et, dass mer eise Kanner am Kader vu Projete wéi dem séchere Schoulwee an der Coupe scolaire, d'Verkéiserssécherheet méi no bréngen an hinnen erklären, wéi se sech am Verkéier, wa se ënnerwee an d'Schoul sinn, richtig verhalten sollen.

Ech komme scho bal zum Schluss a wollt e puer Remarquë maachen zu engem Aspekt, dee mer e bëssen um Häerz läit. Ech hat dat d'lescht Joer scho gesot. Ech wëll dat awer dëst Joer ganz gären nach eemol widderhuelen. Dat ass d'Kommunikatioun tëschent de Schoulen an de Maison-relais. Déi, menger Meenung no, ganz wichteg ass. Déi muss nämlech nach weider verbessert ginn. Den Dialog muss gefërdert ginn, fir en optimaalt Betreungsangebot am Sënn vun eise Kanner kënnen ze garantéieren.

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, d'Schoulorganisatioun steet am Zeeche vun der Kontinuitéit. Trotzdeem hu mer e puer wichteg Neierunge wéi zum Beispill d'Bësch-Klass am Préscolaire. Bis zu 30 Kanner kënnen do betreit ginn. Wann ech Iech richtig verstane hunn, Här Liesch, sinn der bis elo 24 ageschriwwen. Dat weist, dass den Interessi un dësem Projet grouss ass.

Eng aner interessant Neierung, déi op eis Schoulen duerkënnt, op déi d'Gemeng elo vläicht net onbedéngt direkt Afloss huet, ass deen neie Cours vie et société. Hei dierft ee gespaant sinn, wéi dëse Cours sech wäert an eise Grondschoulen etabléieren.

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech hätt den Tour sou lues gemaach. Och dee Message hunn ech d'lescht Joer am Fong schonn hei ginn. D'Schoul ass am Gaang sech ze verännere iwwert déi lescht Joren. D'Schoul ass net méi déiselwecht wéi déi, wou ech an d'Schoul gaange sinn. D'Schoul ass net méi déiselwecht wéi déi, wou vläicht d'Leit vun enger anerer Generatioun an d'Schoul gaange sinn. Net nëmmen den Här Muller an och no lénks gekuckt op den Här Schwachtgen.

D'Schoul ännert sech. Do muss eng Gemeng schratthalen. Do muss eng Gemeng sech drun upassen. Hir Offere permanent drun upassen, fir se un d'Besoinen vun de Kanner ze adaptéieren a fir de Kanner et ze erméiglechen, eng Schoul ze offréieren, déi hinnen eng Méiglechkeet bitt, sech no hire Capacitéiten ze entfalten, wou kee Kand op der Streck bleift, well et an deem engen oder anere Beräich Problemer huet. Mir sinn et eise Kanner einfach schëlleg, hinnen eng beschtméiglechste Offer ze bidde souwuel op pädagogeschem Plang, wéi och wat d'Infrastrukturen ugeet.

D'LSAP dréit dës Schoulorganisatioun op alle Fall mat. Ech soen iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech soen Iech och villmools Merci.

Här Pascal Bürger, w.e.gl.

5. Enseignement fondamental et musical

PASCAL BÜRGER (DP):

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleeinnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Den Här Hobscheit huet dat schonn uklénge gelooss, wéi all Joers sëtze mer nees hei virun deem voluminéisen Dossier vun der Schoulorganisatioun. E ganz wichtegen Dossier fir d'Organisatioun vun eiser Gemeng.

Et ass natierlech flott gewiescht, dëst Joer ze gesinn, dass déi eenzel Neiegekeeten am Dossier erausgestrach gi sinn, sou dass ee sech besser dran erëmfënnt.

Den Här Liesch huet et schonn ugesprach, d'Schoul muss sech ëmmer der demografescher Entwécklung vun der Gemeng upassen. Fir op e puer Zuelen anzegoen, kuerz déi Klassen, déi bäikomm sinn. Sechs am Ganzen. Eng am Précoce, dräi am Préscolaire an zwou am Primaire. D'lescht Joer hate mer nach e Minus vun enger Klass. Do gesi mer déi Fluktuatioun, wou eng Gemeng sech ëmmer nees muss upassen.

Ech rwidderhuelen dann och déi Mercien, déi schonn déi zwee Virriedner ernimmt hunn. All deene Leit, déi un deem Dossier matgeschafft hunn, vum Service scolaire iwwert d'Schoullkommissioun, d'Enseignanten, d'Educateuren, eisem Schoulschäffen, dem Här Liesch, deen eis hei gutt Informatiounen ginn huet, souwéi e grouse Merci un de Ministère, deen deene gréisste Froe betreffend de benéidegte Contingenten nokomm ass.

Ech wäert elo net am Detail op déi eenzel Saachen am Dossier agoen. Jiddwereen huet den Dossier viru sech leien. Et ass schonn eng länger Zäitchen hei am Gaang an ech wëll iech net ze vill op d'Folter spanen. Dofir e puer kleng Froen betreffend haaptsächlech déi nei Saachen, déi am Dossier sinn.

D'Bësch-Klass. Fir mech a fir meng Partei eng ganz interessant Initiativ. Ech wäert net méi op d'Garderien agoen. Dat hu mer ausféierlech an deene leschte Säite schonn duerchgeholl gehat. Ech hätt e puer Froen par rapport zur Bësch-Klass. Den Här Liesch huet eis gesot, dass 24 Kanner ageschriwwen sinn an der Bësch-Klass aus verschiddene Quartieren. Déi Inscriptiounen, sinn déi einfach esou ugeholl ginn? Gouf et méi Ins-

criptiounen? Gëtt et Kanner, déi net ugeholl gi sinn? Wéi waren d'Kritären par rapport zu deene Kanner, déi elo déi Bësch-Klass wäerte besichen? Idem fir de Personnel enseignant – déi, déi do ënnerriichten. Gouf et méi Demanden? Op wéi enger Basis sinn déi Enseignanten agestallt ginn?

Dee groussen Avantage vun enger Bësch-Klass – ausserhalb vun deem ekologeschen Aspekt an zum Kennelëiere vun der Natur – ass fir mech – an ech hunn dat all Joers nach an der Schoulorganisatioun ugedeit – de Fait, dass mer do Kanner kréien, déi sech an enger Schoul e bësse méi beweegen wäerten.

Mir müssen eis bewosst sinn, dass eis Kanner ëmmer méi sëtzen. 85% vun der Zäit, déi se am Dag verbréngen – ech schwätzen elo net vum schlofen –, sëtze se. A wat dat fir Auswierkungen huet, kann een a ganz villen Etüden, déi an Amerika gemaach gi sinn, noliessen. Dofir ass dat dote schonn een Usaz, fir d'Kanner méi an d'Bewegung ze kréien. Aner Usätz gëtt et och nach. Mä déi muss ech elo net hei grouss ausbreeden.

Interessant sinn am Kontext vun der Bewegung déi Trouble-comportementauxen, déi mer am Dossier kënnen noliessen. Do ass ee Saz, dee mer an d'A gesprongen ass op Sait 31: "...ne cessent d'avoir ces problèmes à la fin des cours". Dat kéint drop hiweisen, dass, wat se méi laang sëtzen, wat dee Besoin, fir sech an iergendenger Form ze bewegen oder auszutoben méi grouss gëtt. Dat wär en interessanten Usaz fir déi nächst Joren, fir ze kucken, wat fir Moyenen et gëtt, fir de Bedürfnis vun der Kanner par rapport zur Bewegung kënnen nozekommen. Dat geet net alleng mat zwou Stonne Sport, déi se den Dag iwwer hunn. Do kann een deem an der Klass mat enger ganzer Partie Moyenen entgéintwierken.

Zu den Trouble-comportementauxen hätt ech och e puer Froen. Gëtt et Zuelen, wivill Kanner vun esou Troubles du comportement betraff sinn? Wéi eng sinn dat eventuell am Speziellen? A wéi ass d'Evolution iwwert déi lescht Joren an deem Beräich?

Eng gutt Saach sinn déi kleng Klassen-effektiver. Déi leien tëschent 14 a 17 Kanner. Soudass ee ganz ville Probleemer

PASCAL BÜRGER (DP) constate à son tour que le dossier de l'organisation scolaire est important. Il se réjouit du fait que les nouveautés aient été soulignées cette année. Cela facilite la tâche des conseillers communaux.

Comme l'a dit M. Liesch, l'école doit s'adapter au développement démographique de la commune. En tout, six nouvelles classes ont été créées: une dans le précoce, trois dans le préscolaire et deux dans le primaire.

Pascal Bürger remercie à son tour tous ceux qui ont coopéré à la réalisation du dossier: le service scolaire, la commission scolaire, les enseignants, les éducateurs, M. Liesch et le ministère. Il n'entend pas entrer dans les détails du dossier. Il souhaite cependant poser quelques questions.

La classe en forêt constitue une initiative intéressante. Vingt-quatre enfants sont inscrits. Y en a-t-il d'autres qui n'ont pas été acceptés? D'après quels critères les enfants ont-ils été choisis? Sur quelle base les enseignants ont-ils été recrutés?

À côté de l'aspect écologique, la classe en forêt offre comme avantage de faire bouger plus les enfants. Ceux-ci passent 85 % de leurs journées assis. Des études américaines en ont montré les conséquences néfastes. Mais il y a aussi d'autres façons d'inciter les enfants à bouger.

Pascal Bürger passe aux troubles comportementaux et constate qu'à la page 31, le dossier précise que les problèmes surviennent surtout à la fin des cours. Cela semble montrer qu'au bout d'un certain temps les enfants ressentent le besoin de bouger. Au cours des prochaines années, il faudra voir comment faire face à ce problème. Deux heures de sport ne suffisent pas. Les mesures doivent être intégrées aux classes.

Pascal Bürger demande combien d'enfants souffrent de troubles comportementaux. De quels troubles s'agit-il? Comment ce problème a-t-il évolué au fil du temps?

5. Enseignement fondamental et musical

La moyenne d'élèves par classe se situe entre 14 et 17. C'est bien. Cependant, de nombreux parents inscrivent leurs enfants dans d'autres communes. Le chiffre est passé de 102 à 120 enfants. Quelles en sont les raisons? Les parents se contentent-ils d'envoyer une lettre sans explications?

M. Liesch a déjà répondu aux questions de Pascal Bürger concernant le maître nageur. Pour ce qui est des remplacements, l'organisation scolaire mentionne le contingent demandé. Mais qu'en est-il de l'absentéisme?

Les syndicats enseignants ne semblent pas emballés par le PDS. Pour les enseignants, cela représente plus de travail administratif et moins de temps pour enseigner.

M. Liesch a abordé la question de la direction des régions.

Pascal Bürger annonce que le DP approuvera l'organisation scolaire 2017-2018.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
déclare avoir envie de l'embrasser.
(Rires)

PASCAL BÜRGER (DP) *ne préfère pas.*
(Rires)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
cède la parole à Gary Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *plaisante sur le fait que les nouveaux micros représentent un défi.*

L'organisation scolaire est pour le conseiller communal le deuxième thème récurrent le plus important de l'année après le budget.

Une des missions de l'école est de promouvoir l'égalité des chances entre femmes et hommes. Elle doit contribuer à effacer les barrières empêchant la participation aux différents niveaux de la société. L'école de Differdange fait de son mieux, mais elle ne constitue qu'un élément parmi d'autres. Gary Diderich mentionne notamment la

schon direkt op der Plaz kann entgéintwierken.

Opfalend ass – dat war och schonn d'lescht Joer am Dossier vun der Schoulorganisatioun –, dass eng ganz Partie Elteren hir Kanner an anere Gemengen aschreiwen an anere Schoulen. D'lescht Joer ware mer bei 102 Kanner. Elo si mer scho bei 120. Dat ass sécherlech mat ganz villen Ursaache verbonnen. Interessant wär, ob de Schäfferot do Méiglechkeeten hätt, erauszefannen, wat d'Ursaache sinn. Ass dat einfach e Bréif deen d'Leit eraschécken, an deem se soen, ech melle mäi Kand do an do un? Oder sinn eventuell aner Ursaache bekannt?

Eng Fro, déi ech hat zu der Création de poste vun engem Schwammmeeschter am Enseignement fondamental, huet den Här Liesch beäntwert. Ech hat ee Moment geduecht, et wär e Schoulmeeschter, dee géif detachéiert ginn als Schwammmeeschter. Mä déi Äntwert hutt Der mer an Ärer Introductioun ginn.

Bei de Remplacementer gesi mer de Contingent, deen ugefrot ginn ass. Deen och accordéiert ginn ass. Wéi gesäit et mam Taux d'absentéisme iwwert d'Joer aus? Kréie mer dee mat eisem Service ouni Problem iwwert d'Joer opgefaangen?

Zum Cours Vie et société hu mer d'Äntwerten alleguer kritt. Wat de PDS ubelaangt – ech mengen, dat hat den Här Hobscheit kuerz ugesprach – sinn d'Enseignantsgewerkschaften net onbedéngt happy driwwer.

Dat gëtt natierlech e Méiopwand un administrativer Aarbecht fir eis Enseignanten. A wann ee seet Méiopwand un administrativer Aarbecht, heescht et op där anerer Säit e Mangel un Zäit, fir Schoul ze halen. Dat wichtegst ass ëmmer nach Schoul halen an op d'Kanner anzegoen. Mä dozou wäert ech mech elo net weider äusseren.

Den Här Liesch hat d'Direction de régions ugesprach. Dat wäerte mer jo evolutiv an nächster Zäit kënne beobachten.

Op jidde Fall wäert ech als Vertrieeder vun der Demokratescher Partei d'Schoulorganisatioun 2017/2018 – den

Här Buergermeeschter wénkt scho mam Kapp – mat Jo stëmmen. Wéi all Joer. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech kussen Iech.

(Gelaachs)

PASCAL BÜRGER (DP):

Net direkt.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

PASCAL BÜRGER (DP):

Ech hunn de Mikro net.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter, den neie Mikro ass e bëssen en Challenge.

D'Schoulorganisatioun ass, wéi scho gesot, e wichtege Sujet am Joer. Fir mech, nieft dem Budget, deen zweet wichtigste Punkt um Ordre du jour, deen all Joers erëmkënnt, awer dofir net u Wichtegkeet verléiert.

Mir haten haut den Term Chancëgläichheet zwësche Mann a Fra respektiv Fra a Mann, an d'Schoul huet och als Opdrag Chancëgläichheet fir jiddereen. Dat heescht, d'aktiiv Ofbau vum alle Barrieren, déi der Participatioun op de verschiddene Levele vun der Gesellschaft am Wee stinn. Do hu mer nach vill ze dinn.

5. Enseignement fondamental et musical

D'Schoul zu Déifferdeng probéiert säi méiglechste Bäitrag ze leeschten, woubäi d'Schoul do een Aspekt ass, awer nach ganz vill aner Aspekter matspillen.

Zum Beispill d'ekonomesch Situatioun vun der jeeweileger Famill. An zu Lëtzebuerg si mer ganz schnell bei der Wunnengssituatioun vun de jeeweilege Familien, wou d'Schoulleeschtung och mat der Wunnsituatioun zesummenhängt, wann ee bedenkt, dass mer vill kleng Wunnunitéiten hunn, wou Famille mat ville Kanner dra wunnen. Wat ee mol eng Kéier misst wierklech nofuer-schen an eng Etüd maachen, fir erauszefannen, wéi déi Situatioun ass. Well ni zur Rou ze kommen, vill dozou bäidréit, dass d'schoulesch Leeschtung net déi ass, wéi se kéint sinn, wann een déi néideg Konditiounen souwuel an der Schoul wéi och doheem hätt. Dass een net an enger Wunnkiche muss léieren, wou vläicht gekacht gëtt, Fernseh gekuckt gëtt, Erwuessener ënnertenee schwätzen an de Brudder iergendeppes spilt, wat Kaméidi mécht. An da soll ee selwer nach léieren.

Do ass nach eppes ze maachen. An et gëtt nach vill aner Aspekter. Och kucken, wat de Cadre de vie vun deenen ass, déi bei eis an d'Schoul ginn. Well d'Léierpersonal an all déi Projeten, déi absolutt begréissenswäert sinn, kënnen net alles opfänken, wat vun doheem oder soss an der Gesellschaft d'Situatioun vun de Kanner an hirer schoulescher Leeschtung beaflosst.

Positiv ass an deem Sënn, dass dese Schäfferot an d'Richtung vu méi klenger Quartier-Schoule geet. Dat ass ee Grond, firwat ech op d'Zänn gebass hunn, fir de Projet am Péitenger Wee ze stëmmen. Well dat ënner anerem domat zesummegehaangen huet, fir en Terrain ze fannen am Mattendall, wou een esou eng Schoul ka bauen.

Ech hat dat ënnert dem viregte Schäfferot des Ëfteren ugeschwat a kritiséiert, dass mer mat deene Masterpläng, déi du bestanen hunn, a Richtung Grosscampusse gaange wäeren. Ech si frou, dass mer elo quasi e Konsens hei hunn, dass et awer an eng aner Richtung muss gien. Well souguer wa genuch Plaz do ass, ass et ëmmer eng aner Organisatioun fir vill Schüler. Dat mierkt ee bei de Lycéeën. Lycéeën, déi méi kleng an eng fami-

liär Gréisst hunn, bidden de Schüler oft e bessere Kader wéi déi ganz grouss.

Elo zu enger Situatioun, déi eis jo eruedroe ginn ass duerch en E-Mail vun engem Enseignant, déi awer scho vir-drun net onbekannt war: d'Replacement. Ëmmer méi oft gi Klassen zesummegeklaakt, wou een awer nëmmen nach vu Surveillance ka schwätzen a wou een net méi wierklech eng Aarbecht ka maachen als Enseignant mat enger Klass.

Déi Situatiounen heefe sech. Wou et scheinbar eben net duergeet mat de Remplaçanten, fir mat där Situatioun eens ze ginn. Ech wollt dozou méi Detailler wëssen. Hutt Dir vläicht – wéi den Här Bürger och scho gefrot huet – eng Unzuel vun Ausfäll? Huet dat evoluéiert? Sinn einfach ze mann Remplaçanten do? Oder wourunner läit dat? A wat ënnerhuet Der, dass déi Situatioun net éiweg esou weidergeet?

Well dat huet och Auswierkungen op d'Moral an op d'Energie vum Personal an domadder och op d'Leeschtung, déi si awer all Dag müssen am Kontakt mat de Kanner bréngen. Dat ass eng ganz usprochsvoll Aarbecht, wann ee se esou mécht, wéi eng ganz Rei et maachen. Wann dat och net ëmmer bei jidderengem de Fall ass, denken ech, dass déi meescht awer hiren Asaz bréngen.

Ech begréissen ausdrécklech d'Ariichtung vun enger Bësch-Klass aus villerlee Hisiicht. Do ginn zu Esch ganz vill Erfarunge gesammelt. An och de Makerspace, dee souzesoen eng Erweiderung vun der Technischoul ass, ass absolutt ze begréissen.

Mat der Naturschoul hu mir eng laang Traditioun. D'Technischoul ass eng flott Innovatioun, déi ganz wäertvoll ass. Et mierkt een, dass d'Kanner ganz anescht aus deenen Aktivitéiten erauskommen, wéi aus munch anere Cours.

Wat ech awer vermessen am Dossier, ass d'Velosschoul. Déi gëtt gebaut. Ech weess net, wéini déi fäerdeggestallt gëtt. Ob do och eng Ouverture geplangt ass. Ech gi mol dovun aus, dass déi fir d'Rentrée fäerdeg ass. Hei hätt ech och e puer Froen: awéiwäit ginn do d'Klassen hin. Ass geplangt, dass do Klassen higinn an der Schoulzäit? Respektiv

situation économique des familles ainsi que le logement. Au Luxembourg, de nombreuses grandes familles vivent dans des appartements relativement petits. Il faudrait voir à quel point cela influence les résultats scolaires des enfants. Car il n'est pas évident de devoir apprendre dans une cuisine par exemple, où d'autres discutent, préparent à manger ou regardent la télévision.

Il faut donc tenir compte du cadre de vie des élèves différenciés. Le personnel enseignant et les projets pédagogiques ne peuvent pas compenser entièrement les problèmes auxquels sont confrontés les enfants à la maison ou dans la société.

Gary Diderich salue la décision du collège échevinal de privilégier les petites écoles de quartier. C'est une des raisons pour lesquelles il s'est convaincu d'approuver le projet de la route de Pétange.

Le collège échevinal précédent préconisait les grands campus scolaires. Désormais, le consensus est aux structures plus petites, qui offrent souvent un cadre plus propice à l'apprentissage.

Gary Diderich passe à la question des remplacements. Dans certaines classes, on ne fait guère plus que de la surveillance. Les enseignants ne peuvent plus y travailler sérieusement. Gary Diderich demande des détails. Le collège échevinal connaît-il le taux d'absentéisme? Y a-t-il assez de remplaçants? Que compte entreprendre le collège échevinal? Car cette situation sape le moral des enseignants qui sont pour la plupart engagés.

Gary Diderich salue l'ouverture de la classe en forêt ainsi que du Makerspace.

L'École Nature a une longue tradition à Differdange. L'École technique constitue une belle innovation. On ressent leur influence sur les enfants.

En ce qui concerne la Ve-losschoul, Gary Diderich demande si une date d'ouverture est prévue. Les classes s'y rendront-

5. Enseignement fondamental et musical

elles pendant les heures de cours? Qu'en est-il des maisons relais?

Gary Diderich propose aussi la création d'une école de cuisine pour les enfants. Ceux qui mangent tous les jours à la cantine ne savent plus nécessairement comment on cuisine des légumes, du poisson ou de la viande. Le conseiller communal préfère ne pas manger de viande ou de poisson pour des raisons écologiques et éthiques, mais il trouve que les enfants devraient savoir comment les préparer. Il salue le travail de la bibliothèque dans le domaine de la lecture et apporte son soutien à des projets comme le Poppespännchen. L'imagination y joue un rôle plus important que si les enfants regardent un film de Disney.

Lors de la dernière séance, Gary Diderich avait demandé ce qui serait fait du parcours de vélo mobile qu'on voulait jeter à la poubelle.

En ce qui concerne la natation, du matériel à disparu. A-t-il été remplacé?

Pour le reste, Gary Diderich n'entend pas revenir sur tous les points. Les tandems sont mis en suspens en raison des nouveautés concernant la direction. Il faudra voir comment se présentera l'organisation scolaire l'année prochaine.

ROBERT MANGEN (CSV) s'associe aux remerciements de ses prédécesseurs.

Deux-mille-sept-cent-cinquante élèves fréquentent les cinq écoles fondamentales de Differdange. Robert Mangen souhaiterait savoir comment est calculé l'indice social.

En ce qui concerne les effectifs des classes, le conseiller communal trouve que 17 ou 19 élèves par classe sont un nombre raisonnable. Les enfants doivent apprendre à s'intégrer dans un groupe plus grand. La classe en forêt accueillera d'ailleurs trente élèves.

(Interruption)

d'Maison relais? Wéi leeft dat of? Wéi fënnt dat statt?

Da wollt ech eng Iddi erabrénge. Wann ee vun esou Schoule schwätzt, denken ech, dass een och am Beräich vun der Ernährung kéint eppes maachen. Wéi zum Beispill eng Kachschoul, eng Plaz, wou d'Personal sech kéint drop spezialiséieren, punkto Ernährung mat de Kanner ze schaffen. Well ganz vill Kanner kréien net méi mat, wéi ee kacht. Wann ee fënnef Deeg an der Woch an der Kantine ässt, gesäit een de Prozess net méi, wéi ee Geméis, Fleesch oder Fësch selwer kacht.

Obwuel ech mech dofir asetzen, dass ee Fësch a Fleesch des Ëfteren ewech léisst aus ekologesche Grënn. Et kann een och ethesch Grënn hunn, dass ee weess, wat et heescht, selwer ze kachen. Ech mengen, dass dat ganz wichteg ass, well net méi jiddereen d'Méiglechkeet huet, dat ze léieren a matzekréien. Dat ass eng Ureegung, déi ech wollt maachen.

Ze begrëisse sinn Initiativen, déi am Beräich liesen a virliese geschéien an der Schoul an och zum Deel ausserhalb der Schoul. Do mécht d'Bibliothék eng ganz gutt Aarbecht. Etüde weisen, dass Liesen a Virlesen immens wichteg si fir d'Entwécklung vun de kognitiven an de kreative Capacitéite vun de Kanner.

All déi Projete soll ee weider ënnerstëtzen. Déi si ganz begrëssenswäert. Zum Beispill d'Poppespännchen, wou d'Klassen heiansdo higaange sinn. Oder de Festival, wou d'Imaginatioun méi Plaz huet wéi en Disneyfilm. Oder en Theaterstéck. Do ware ganz sënnvoll Initiativen am vergaangene Joer.

Fir op de Vëlo zrëckzekommen, hat ech d'leschte Kéier nogefrot, wat mat deem Vëlosparcours, deen een esou opstelle kann, geschitt ass. Här Traversini, Dir hat mer versprochen, nozefroen, ob deen entsuergt ginn ass wéinst Plazmangel oder ob en nach ze rette wär.

A beim Schwammsport war Material verschwonnen. Do wollt ech nofroen, ob dat mëttlerweil erëm zur Verfügung gestallt ginn ass fir d'Schwammklassen.

Ansonste wëll ech net méi op all Punkten agoen, déi schonn ugeschwat gi sinn. Et sinn eng Rei nei Entwécklungen do. Bei ville Punkte ass et esou, datt ee

wéint der Direktioun verschidde Saachen en suspens setzt wéi d'Tandemen. Oder Saachen einfach emol en attendant esou weiderlafen. An eng Phase transitoire elo am Gaang ass. Do si mer da gespaant, och mam PDS, wéi sech d'Schoulorganisatioun d'nächst Joer presentéiert.

Op jidde Fall ënnerstëtzen a stëmmen mir déi dote Schoulorganisatioun.

Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Merci och, Här Diderich.

Wee wëll als nächsten d'Wuert kréien?

Den Här Mangen, w.e.gl.

ROBERT MANGEN (CSV):

Ech schlëisse mech de Mercien u vun de Virriedner.

Dëst Joer besichen 2.750 Schüler ons fënnef Déifferdenger Grondschoulen. Et géif mech interesséieren, aus wat den Indice social besteet.

Och dëst Joer muss een deelweis awer erëm d'Moyenne vun de Klasse bemängelen. Dat ass eng Diskussioun, déi jo scho säit Jore besteet, wou jiddweree seng Meenung huet. Mä ech fannen, datt eng Schülerzuel vu 17 bis 19 pedagogesch duerchaus ze vertrieben ass. D'Kanner müssen och léieren, sech an engem gréisseren Grupp ze integréieren quasi als Virbereedung op dat zukünftegt Liewen an enger Gesellschaft.

An der Bësch-Klass sinn 30 Kanner virgesinn. Dat ass och eng relativ gréisser Zuel. Dat huet zum Avantage, datt se sech do an engem méi groussen Grupp fillen.

(Ënnerbriechung)

Heiansdo sinn awer nach zousätzlech Enseignante bei deenen anere Klassen derbäi. Doriwwer kann een nach Diskussiounen féieren.

Mir hunn deelweis Informatiounen kritt, wéi déi Schülerzuel sech op d'Resultater vun de Schüler auswierkt. Kéint een an

5. Enseignement fondamental et musical

Zukunft vläicht e bësse méi Informatioun kréien?

Et ass natierlech schwéier als Conseiller, wann een net am Schoulwiesen tätég ass, fir pedagogesch Konzepter virzebréngen. Dat sollt dem Schoulpersonal zougestane ginn.

Ech begréissen déi nei geplangte Reorganisatioun vun de Grondschoulen, wou en Directeur des régions agefouert gëtt. A besonnesch, datt mir ee Schouldirekter fir ons Stad Déifferdeng kréien. Et ass zwar vläicht méi eng light Version vu Schouldirekteren, wann nëmmen een do ass fir déi gesamt Schoulen, mä dat ass awer eng positiv Evolutioun.

Da wëll ech e puer Bemierkungen maachen a Froe stellen. D'Aféiere vum Cours „Vie et société“ ass elo obligatoresch fir jiddwereen. Dat begréissen ech. Et ass a sech den Ersatz vun der Relioun a Moral laïque an dat ass elo fir jiddwereen zougänglech. Dat ass sécherlech eng sënnavoll Entscheedung.

D'Bësch-Klass ass e ganz flott Konzept. Et ass schued, datt net méi Kanner kënnen dorun deelhuele. Den Här Bürger huet d'Beweeglechkeet vun de Kanner ugeschwat. Déi ass do natierlech vill méi grouss. D'Kanner sinn an der Natur. Et si vill Studien, déi lafen, dass d'Beweeglechkeet an onse Schoule relativ geréng ass. Ech hu festgestallt, datt am Precocé an am Préscolaire nëmmen eng Turnstonn pro Woch geplangt ass. Deelweis wéinst raimleche Problemer. Do misst ee vläicht versichen, fir datt een d'Kanner sou fréi wéi méiglech awer un d'Bewegung ka bannen, vläicht d'Coursen dann e bësse méi kuerz ze halen, datt se sech an de Coursen e bësse beweegen.

D'Schwammmeeschtere sinn ugeschwat ginn. Do ass eng vernënfteg Léisung fonnt ginn. Am Cycle 1 gouf et Problemer, well ze vill Kanner am Planschbësch waren an net vernënfteg léiere konnten. Ech mengen, datt dee Problem mat deenen zousätzleche Schwammmeeschtere geléist gëtt.

Mech géif interesséieren, wéi héich d'Zuel an onser Gemeng mat Kanner mat Troubles du comportement ass a wéi déi am Espace rencontre betreit ginn. Et sinn 23 Stonnen hors contingent fir esou Schüler virgesinn. Ech fanne dat bei esou Problem-Schüler rela-

tiv geréng. Do kéint ee beim Ministère méi Ënnerstëtzung froen, wa vill Kanner a Fro kommen.

D'Cours-d'appui si batter néideg fir schwach Schüler. Ech stelle fest, datt d'Lernklinik, den Enseignement à deux an de Projet Dys-Dys iwwert d'Jore manner Stonne kréien. Fir dës Projekte bleiwen oft nëmmen eng bis véier Stonne pro Klass a pro Woch. Dat kann heiansdo e bësse geréng sinn. Hei stellt sech d'Fro, ob d'Stonne vun der Naturschoul, der Technischoul a vum Kloteeren net hors contingent kéinten agefouert ginn, wou een dann zousätzlech Stonnen hätt, fir déi Kanner an deene Beräicher ze betreien.

D'Logopädieklass ass mat maximal aacht Schüler uginn. Do sinn néng Stonne pro Woch an e Professeur de logopédie, virgesinn. Et géif mech interesséieren, wivill Kanner a Fro kommen. An ob déi Raimlechkeeten, wou d'Logopädie ass, speziell ausgestatt sinn zum Beispill fir schwéierhéierend Kanner. Déi Raimlechkeete mussen esou ugepasst sinn, datt de Lärmpegel méi geréng ass.

Et ass sécherlech net einfach, bei esou vill Schüler a Gebailechkeeten, eng annähernd gerecht a reiwungslos Schoulorganisatioun ze plangen. D'Zukunft vun onser Gesellschaft hänkt vun der Ausbildung vun onse Kanner of. Dofir leeën ech grouss Hoffnung an de Projet vun der neier Schouldirektioun an an déi Konzepter déi an Zukunft ausgeschafft ginn am Beräich vum Schoulfonctionnement an der Pädagogie. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Kommunistescher Partei wëll ech mech deene ville Mercien uschleissen, déi fir d'Éischt vum Schäffe Liesch an duerno vun anere Gemengeconseillere hee un all déi gaange sinn, déi am Schoulbetrib matwierken. Déi dozou bäidroen, dass villes an der Schoul besser gëtt.

Robert Mangen constate que d'autres classes disposent de plus d'enseignants.

On dit souvent que les résultats scolaires sont liés au nombre d'élèves. Y a-t-il des informations à ce sujet?

Pour un conseiller communal non actif dans l'enseignement, il est difficile de présenter des concepts pédagogiques. Robert Mangen salue la réorganisation de l'enseignement fondamental avec les directeurs des régions. Ce n'est pas comparable entièrement à des directeurs d'école, mais l'évolution est positive.

Le cours «Vie et société» devient obligatoire. C'est une bonne chose. Il remplace la religion et la morale laïque.

Robert Mangen regrette que la classe en forêt ne puisse pas accueillir plus d'enfants. Les enfants bougent relativement peu à l'école. Il faudrait trouver une solution.

Une solution raisonnable a été trouvée concernant les maîtres nageurs. Les enfants du cycle 1 avaient du mal à apprendre à nager parce qu'ils étaient trop nombreux dans la petite piscine. Robert Mangen voudrait savoir combien d'enfants souffrent de troubles comportementaux et comment ils sont accompagnés dans l'Espace de rencontre. Différendange ne dispose que de 23 heures hors contingent pour ces enfants.

Les cours d'appui restent essentiels. Des projets comme l'enseignement à deux ou dys-dys ont perdu des heures au fil des années. Robert Mangen se demande si les heures allouées à l'École Nature, l'École technique et l'escalade ne pourraient pas passer hors contingent afin de soutenir davantage ces enfants.

La classe de logopédie peut accueillir huit enfants au maximum. Combien d'enfants sont-ils concernés? Les locaux sont-ils adaptés aux malentendants? Le futur de notre société dépend de l'éducation des enfants. Robert Mangen repose ses espoirs sur la nouvelle direction scolaire et les concepts pédagogiques.

5. Enseignement fondamental et musical

ALI RUCKERT (KPL) remercie à son tour tous ceux actifs dans l'enseignement.

En revanche, il ne remercie pas le gouvernement, qui fait des économies dans tous les domaines: les universités, les lycées, les communes...

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) réplique que le gouvernement recrute 300 nouveaux enseignants.

ALI RUCKERT (KPL) demande à M. Traversini combien d'enseignants partent à la retraite.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond qu'il ne le sait pas. Mais le budget indique que 300 enseignants seront engagés. Ceux qui partent à la retraite seront remplacés de toute façon.

ALI RUCKERT (KPL) revient sur la suppression du poste concernant le développement langagier en maternelle. Cela n'a rien à voir avec la valeur pédagogique du projet. Il s'agit seulement de faire des économies. Cette politique contrecarre les efforts entrepris par les communes pour lutter contre les discriminations. On a dit que l'école changeait. Mais en fait, elle ne change que pour que tout reste pareil. Quand Ali Ruckert était en première au lycée classique, moins de 5 % des élèves étaient issus de familles d'ouvriers. Aujourd'hui, cela n'a pas changé. Par conséquent, l'école ne contribue pas à atténuer les discriminations structurelles de la société. Cependant, les choses bougent sur le plan local. De nombreux échecs en milieu scolaire dépendent du système scolaire. C'est pourquoi le parti communiste exige une école polytechnique unique où la décision d'aller au lycée classique ou technique n'est pas prise tôt. Le nombre d'élèves fréquentant l'enseignement technique est particulièrement élevé dans les communes avec de nombreux immigrés et ouvriers. L'école ne

Kee Merci hunn ech awer fir d'Regierung, muss ech soen, well déi op allen Niveaue spuert. Sief dat bei der Universitéit, sief dat an de Lycéeën, sief dat an de Gemengen. Et ass hei ugeklongen, dass...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Si stellt elo 300 Enseignanten an. Ech sinn net hei fir d'Regierung...

ALI RUCKERT (KPL):

Da sot mer emol wivill, dass der a Pensiouen ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat weess ech net.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat wësst Der net, gesitt Der. Ma firwat sot Der dann, se stellen der 300 an?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech soen Iech, datt der 300 supplémentaire agestellt ginn. Esou steet et op alle Fall am Budget. Ech weess awer net, wivill Leit an d'Pensiouen ginn. Déi gi souwisou ersat. Hoffen ech emol, Här Ruckert. Pardon, datt ech Iech ënnerbrach hunn.

ALI RUCKERT (KPL):

Ech soen, dass ech kee Merci hu fir d'Spuerpolitik vun der Regierung. Vir-druck ass ugeklongen, dass dee Posten an der Sproochentwécklung am Spillschoulalter net méi iwwerholl gëtt. Ech behaapten, dass et net dorëms geet, dass dat kee pädagogesche Wäert huet, mä dass dat aus Spuermoossnamen ass, wou dat gemaach gëtt. An aus soss guer näischt.

Dofir ass et natierlech ze bedauern, wann op lokalem Niveau wéi zu Déifferdeng grouss Ustrengunge gemaach ginn fir Diskriminéierungen, déi et an

der Gesellschaft gëtt, ofzebauen, dass déi da vun enger Spuerpolitik vun enger Regierung konterkaréiert ginn.

Vir-druck ass gesot ginn: „D'Schoul verännert sech“. Mä et kann een och soen: „D'Schoul verännert sech, fir dass alles beim selwechte bleift.“ Firwat soen ech dat?

Ech wëll drun erënneren, déi Zäit wéi ech d'Première gemaach hunn am klassesche Lycée, si manner wéi 5% aus Aarbechterfamilie komm. Ech war ee vun deene wéinegen. Huet sech dat haut grondleeënd geännert? Dat huet sech net grondleeënd geännert. Dat heescht, et kann een net soen, dass d'Schoul déi Diskriminéierungen, déi strukturell an der Gesellschaft do sinn, zum groussen Deel géif verännern. Dozou dréit dann och, wéi gesot, déi Spuerpolitik vun der Regierung bäi.

Ech wëll elo net an d'Detailer agoen. Et si vill wichteg Virschléi gemaach ginn. An et gesäit een och, dass et op lokalem Niveau weidergeet.

Mä ech wëll awer grondsätzlech soen, vill vun deem, wat an der Schoul net ze erreechen ass, hänkt mam Schoulsystem zesummen. Dofir trëtt d'Kommunistesch Partei derfir an, dass eng polytechnesch Gesamtschoul soll geschaf ginn, wou also net scho fréi den Ënnerscheed gemaach gëtt vun deenen, déi an de klassenche Lycée dierfe goen a vun deenen, déi an den technesche Lycée orientéiert ginn. Mer gesinn, dass hei zu Déifferdeng besonnesch deen Deel héich ass, deen an den technesche Lycée gelotst gëtt.

Dat ass net zu Déifferdeng alleng. Dat ass och an anere Gemengen, wou d'Unzuel vun den Immigranten, déi Aarbechter sinn, oder vu Lëtzebuerger Aarbechter, iwwerduerchschnëttlech héich ass. Do muss ech mer dann awer d'Fro stellen, ob net schonn Diskriminéierungen, déi souwisou bestinn, iwwert dee Wee weidergefouert ginn.

Genau dat ass d'Ursach, firwat dass d'Kommunistesch Partei eng polytechnesch Gesamtschoul fuerdert, wou all Schüler ausgebild gëtt an Theorie an a Praxis. An dass tatsächlech eng Schoul vun der Chancéglicheit gemaach gëtt. Dat géif natierlech bedeuten, wann dat géif gemaach ginn, dass iwwert de

5. Enseignement fondamental et musical

Staatsbudget vill méi Sue misste fléisse souwuel an d'postprimär Schoulariichtunge wéi och an d'Grondschoul. An duerfir fuerdere mir och, dass de Staatsbudget ëm een Drëttel gehéicht gëtt, fir eben an déi Richtung kënnen ze goen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Ech huelen dat da mat an d'Stad.

Här Schwachtgen Fränz.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech hu mer d'Wuert als Leschte gefrot. Vu dass ech laangjäreg Praxis an der Schoul hat, halen ech mech ëmmer gär bis zum Schluss zrëck, well ech och d'Meenung vun deenen anere Parteie wëll nolauschten a just nach dat derbäi soen, wat a mengen Ae wichteg ass.

Den éischte Punkt, deen ech wëllt ernimmen, sinn déi Effektiver, wou ech net d'accord si mam Här Mangen, mol eng Kéier. A wou ech awer d'accord si mam Här Ruckert an deem Sënn, dass mer eng Schoul vun der Chancëgläicheet fir all d'Schüler – ob et en Aarbechterkand ass jedwellecher Natur – müssen ustriewen. Dat geet leider Gottes nëmme, wann ech an engem Klasseverband sinn – ech soen elo 18 oder 19 ass nach net héich –, wou mer eis Moyennë kontinuëierlech gesenkt hunn op 15. E Klasseverband, wou et méiglech ass, d'Kommunikatioun mam Schüler a mat den Elteren oprecht ze erhalen. Wou et méiglech ass, Schüler ze integréieren, déi divers Comportementsschwieregkeeten hunn. Wou et méiglech ass, Schüler a Beweegung ze kréien, amplaz se an der Bänk musse setzen ze loossen, well se eben zu ze vill sinn. Dat ass eng vun de fundamentale Fuerderungen, déi an alle pädagogeschen Diskussiounen lafen.

Zum Thema Gesamtschoul. An de 60er a 70er Joren, hu mer vill derfir gekämpft. Et ass nach ëmmer an de Käpp an eng gewësse Richtung ze denken. Mir hu jo eng Gesamtschoul bis d'sechst Schouljoer. An anere Länner ass déi Schoul nëmme bis d'véiert Schouljoer. An Däitschland, ab véiertem Schouljoer gi se scho getrennt.

Gott sei Dank hu mir nach Gesamtschoul am fënneften oder sechsten Schouljoer. Do musse mer all Méiglechkeete kréien, fir eben déi sozial a sproochlech Kohäsioun, déi international Villfalt vun eise Schüler, op een Nenner ze bréngen.

Dofir ginn ech och ëmmer rosen, wann ech héieren, dass déi Zuel vu Schüler, déi net méi zu Déifferdeng an d'Schoul ginn, aus diverse Grënn ëmmer méi héich gëtt. Ech wier frou, wann doriwwer géif eng Analys gemaach ginn. Beispillsweis wa Froe beäntwert ginn: Wat fir Schüler sinn dat? Wéi ass hire Profil? Wéi ass den Elteren hire Profil? Sinn et Lëtzebuerger Schüler? Sinn et auslännesch Schüler? Sinn et aisé Schüler vun den Elteren hier? Oder wat sinn d'Ursaachen?

Fir wierklech kënnen ganz kloer ze soen – an dat ass mäi Verdacht –, dass ganz vill Lëtzebuerger hir Kanner net hei am Zentrum an d'Schoul schécken, well hinnen den Niveau net gefält a well se mengen, d'Schüler géifen net genuch gefördert ginn.

Et ass dat. Do kéint ech elo Nimm nennen vu Leit, déi sech politesch op d'Lëscht setzen. Do gëtt ganz kloer net verheemlecht, aus wat fir Grënn, dass dat ass. Dat musse mer an de Grëff kréien. Soss gi mer effektiv ëmmer méi zu enger Ghetto-Schoul haaptsächlech hei am Zentrum oder an anere Quartieren. Mer müssen dat och uprangeren, dass och Schüler soi-disant aus gehuewene Klassen hei zu Déifferdeng esou gefördert ginn, wéi et muss sinn.

Ech ka vill Beispiller nennen. Ech kann och mäi Beispill huelen. Meng Kanner sinn hei an d'Schoul gaangen. Si hunn eng schoulesch Reussite gehat. Si kennen hire Milieu hei zu Déifferdeng. Si liewen an deem Milieu hei zu Déifferdeng. Se bleiwen och hei an deem Milieu wunnen.

Dat ass eng Tendenz, déi ech wierklech uprangeren. Sief et, dass et och aner valabel Grënn gëtt – an ech wëll och bleiwen net allen Elteren do ze no trieden.

Ech denken et kann ee wierklech soen, datt mer zu Déifferdeng eng top Schoul am Primär hunn, well mer esou vill Offeren hunn. Esou eng Villfalt vun Offe-

fait que refléter les discriminations qui existent déjà.

Les communistes veulent une école polytechnique unique formant tous les élèves dans la théorie et la pratique. Ce serait une école de l'égalité des chances. Bien entendu, l'État serait obligé d'augmenter le budget alloué aux écoles fondamentales et postprimaires. Ali Ruckert exige une augmentation d'un tiers.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
en parlera à Luxembourg-ville.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)
a préféré écouter l'opinion des autres avant de prendre la parole. Il ne reviendra que sur ce qui le semble important.

Il n'est pas d'accord avec M. Mangen concernant les effectifs. Si l'on veut une école de l'égalité des chances comme M. Ruckert le demande, les effectifs doivent rester bas. C'est ce qui permet par exemple d'intégrer les élèves aux troubles comportementaux.

Dans les années 60 et 70, il était beaucoup question d'une école unique. Aujourd'hui, au Luxembourg, elle existe jusqu'en sixième année, ce qui n'est pas le cas dans d'autres pays. Il s'agit de garantir la cohésion sociale et linguistique des élèves.

Fränz Schwachtgen regrette que le nombre d'enfants n'allant pas à l'école à Differdange augmente. De qui s'agit-il? Quel est leur profil? Qui sont leurs parents? Sont-ils issus d'un milieu aisé? Fränz Schwachtgen soupçonne que de nombreux parents n'apprécient pas le niveau de l'école de Differdange-centre et craignent que leurs enfants ne soient pas suffisamment stimulés. Il faut trouver une solution, car autrement, certains établissements risquent de se transformer en écoles-ghettos. Tous les enfants doivent être stimulés comme il faut.

Les enfants de Fränz Schwachtgen ont fréquenté avec succès l'école de Differdange et ils vivent dans la localité. C'est ce qu'il faut rechercher. Même si

5. Enseignement fondamental et musical

bien entendu certains parents ont de bonnes raisons de déplacer leurs enfants.

L'enseignement de Differdange est au top grâce à ses offres et à ses innovations. Mais il faut se garder d'en demander trop aux enseignants. Tout à l'heure, il a été question des tâches administratives. Mais la rédaction de documents ou les formations prennent aussi du temps.

Les enseignants doivent avoir le temps d'aller avec leurs classes à l'École Nature ou l'École technique. L'organisation de colonies scolaires, par exemple, représente du travail et une responsabilité énorme jour et nuit. La fête du sport internationale a dû être organisée par des bénévoles — et pas seulement de l'enseignement. Il est de plus en plus difficile de trouver des volontaires, parce que les enseignants sont surmenés.

Differdange n'a plus d'association de parents d'élèves. Or ces associations sont utiles parce qu'elles travaillent avec les écoles.

L'intérêt des hommes politiques a baissé dans de nombreux domaines comme la coupe scolaire. La commune organise toujours une petite réception, mais cette année, à peine cinq ou six personnes y ont participé. Ces projets n'ont plus le même écho qu'autrefois.

L'école en forêt est une innovation, même si elle existait déjà à Esch. Fränz Schwachtgen souhaite bonne chance à cette nouvelle institution ainsi qu'aux enseignants qui s'en occupent.

Fränz Schwachtgen dit à M. Wintringer qu'il ne pense pas que le terrain va s'affaisser. Le conseiller communal suppose qu'en fonction des conditions météorologiques, les enfants ne peuvent pas aller dans la forêt tous les jours. Il leur faudrait donc un pied-à-terre pour que la classe puisse continuer à fonctionner.

Le cours «Vie et société» prépare les enfants à une vie dans une société ouverte et tolérante. Fränz Schwachtgen était un adversaire farouche de l'ancien

ren huet keng aner Gemeng ze bidden. Sou vill Innovatioun huet keng aner Gemeng ze bidden. Dofir soll een eis Schoul och an deem Sënn luewen.

Virun allem wëll ech soen, dass mer eis Enseignanten net därferen iwwerfuerderen. Einescht ass d'administrativ Aarbecht ugeschwat ginn. Mä och duerch soss Aarbechte wéi Ausschaffe vun Dokumentatiounen, Weiderbildungen, risikéieren all aner Initiativen ofzehuelen.

Et ass schéin a gutt, dass mer eng Naturschoul hunn, eng Technischoul an aner Aktivitéiten, wou mer Enseignanten dofir fräigestallt kritt hunn. Mä mer müssen awer och Leit behalen, déi bereet sinn, dohinner ze goe mat hirer Klass. Et ass liicht gesot, mir maachen, dass d'Gemeng Angeboter mécht, fir an d'Colonie scolaire ze goen. Mä kuckt emol, wat en Enseignant muss bréngen mat sengem Begleederstaff an heiansdo och mat den Elteren, fir dass esou eng Woch gutt iwwert d'Bün geet. Dat ass Dag an Nuecht mat enger riseger Responsabilitéit.

Ech huelen d'Beispill – den Här Liesch huet et ugeschwat – vum internationale Schoulsport-Fest. Bis zu dräi Enseignanten, déi sech zum Deel dofir hierginn hunn, déi awer nach müssen Uniscoursen niewelaanscht maachen, ass dat mat lauter Bénévollen aus dem Enseignement an aus der Zivilgesellschaft gelaf. Dat ass a ville Beräicher, wou dat esou geschitt, dass ee keng Leit méi fënnt, well se iwwerlaascht si mat aneren Aufgaben.

Fir op d'Elteren ze schwätzen ze kommen. Elterevereenegungen hu mer scho laang keng méi. Vlächtt sollt een an Zukunft emol erëm probéieren, Elterevereenegungen op d'Been ze kréien mat enger Struktur, fir se um Schoulwiesen ze interesséieren. Well dat ass e Reservoir vu Leit, déi matschaffen an der Schoul a ronderëm d'Schoul. Natierlech och Kritik solle bréngen, wann et ubruecht ass. Ech wier frou, wann eise Schäferot oder deen nächste Gemengerot géif Initiativen an déi Richtung huelen.

Ech huelen d'Coupe scolaire, déi zu Déifferdeng organiséiert ginn ass. Ech mengen och zu Nidderkuer an zu Uewerkuer ass et déiselwecht Situatioun, dass do den Interessi vun de Politiker ganz staark nogelooss huet.

Soss war ëmmer e klengen Empfang duerno. Dee war och dëst Joer zu Déifferdeng. Mä dee war à huis clos. Do ware fënnf oder sechs Leit. Ech weess, dass vill Leit schaffen natierlech. Mä et ass e bëssen à huis clos gelaf. An déi Saachen hunn net méi deeselwechte Widderhall wéi soss.

Ech wëll dann nach zu e puer aktuelle Punkte Stellung huelen. D'Bësch-Klass ass dacks ernimmt ginn. Dat ass eng Innovatioun. Zu Esch gëtt et dat scho méi laang. Et muss een där neier Institutioun vill Gléck wënschen an och deenen Enseignanten, déi sech dofir fräiwëlleg hierginn hunn a mat Motivatioun eraklammen.

Ech denken, dass keen do wäert ofsaken, Här Wintringer. An ech hoffen dat och.

Et gëtt gesot, déi Klass kéim all Dag zesummen. Heiansdo geschéien emol Intempérien, déi dat wahrscheinlech onméiglech maachen. Da muss ee vlächtt e Pied-à-terre iergendwou an enger Sektoun hunn, dass déi Klass awer ka funktionnéieren, wann aus iergendwelleche Grënn eppes net géif klappen. Op jidde Fall gesinn ech dat als eng ganz positiv Neierung hei an der Gemeng.

Deen neie Cours „Vie et société“, bréngt eis an der Saach e Schrack méi no, dass mer eis Kanner geeschteg kënnen op hiert Liewe virbereeden an enger Gesellschaft, déi op no alle Richtungen ass. Op no Toleranz. Ech denken, dass dat Fach, wann et gutt Programmer gëtt, seng Friichte wäert droen.

Et gouf iwwert d'Direktore geschwat. Ech war verwennte Géigner vun deem alen Direktesch-Modell, dee viru Joren am Gespréich war. Ech sinn och frou, dass d'Éducation nationale den Inspektorat ëmstrukturéiert huet, soudass dat am Fong en Directoire gëtt, dee kollegial soll funktionnéieren mat den Enseignanten zesummen. Dat hate mer ugestrief. Dat ass och effektiv elo komm.

Ech wollt nach soen, dass mer Effortemusse maachen am séchere Schoulwee, respektiv Vëllosschoul. Do hätt ech eng Fro. Et war am Ufank ugeklongen, wéi wa mer kéinten Aktivitéite mat Schoulklasse maachen. Ech kennen den aktuelle Stand vun där Saach net.

5. Enseignement fondamental et musical

Wann een op Coupe-scolairen dobäi ass, mierkt een, dass Schüler am fënneften oder sechste Schouljoer nach ni e Vëlo am Grapp haten an zum Deel och souguer fäerten, fir op e Vëlo ze klammen. Wat och mat der Motricitéit zesammenhängt.

Wann ech op d'Thema kommen – wéi den Här Bürger zu Recht gesot huet –, eis Kanner setzen ze vill. Se kréie kierperlech Schied dovunner. Se kréien och geeschteg net méi dat mat, wat e Kand brauch, fir kënne gutt am Liewen herno eens ze ginn. Ze kleng Schoulhäff, wou d'Enseignante sech net méi eraus traue, well d'Kanner herno blesséiert erakommen.

Ech huelen d'Beispill Fousbann, vis-à-vis vun der Apdikt, wou e Pausenhaff ass vun aacht Meter Breet mat geféierlechen Träpen. Dat geet definitiv net duer, fir eng gewësse Mobilitéit an der Schoul ze developpéieren ausserhalb vun engem Sportsunterricht, dee jo dann elo Gott sei Dank am Schwammen eng Léisung fonnt huet.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech all deene Mercien uschléissen, déi éinescht scho villfach hei genannt gi sinn. An eisem ganze Léierpersonal. Déi motivéiert Ënnerstëtzung vun eis – oder vu mir op jidde Fall – mat op de Wee ginn.

Ech soen iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och Här Schwachtgen.

Här Antony Fränz, w.e.gl.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Ech hätt eng kleng Remarque ze maachen, wat de séchere Schoulwee ubelaangt. Ech ka mech mam beschte Wëlen net mat deem Gedanken ofginn, wat mer elo do gemaach hunn. Wat mer agezeechent hunn. Datt mer dohinner gaange sinn an eis Kanner – déi Jugendliche an och déi Grouss – an eng Einbahn duerchfuere loosse.

Woumat ech och net kann zefridde sinn, sinn déi nei Vëlosweeër, déi agezeechent

gi sinn op den Haaptstroossen. Well déi huelen een Drëttel vun der Breet vun der Strooss an, wat eng immens Gefor ass sou gutt fir de Vëlosfuierer wéi fir den Autosfuierer.

Ech weess awer hoergenee, datt dat net op der Mëscht vun eiser Gemeng gewuess ass. Mir kréien dat vum Ministère aus der Stad octroyéiert. Well et gëtt am ganze Land ëmgesat. Dann huelen ech un, datt et esou ass.

(Ënnerbriechung)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Loosst den Här Antony ausschwätzen.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Da musst Dir Iech dofir veräntweren. Ech jiddefalls kann dat mat mengem Gewëssen net verrieden. Ech hoffen, datt wierklech ni en Accident do geschitt.

Dat zweet, wat ech wollt soen, Här Mangen, Dir hutt mech e bëssen enttäuscht. Ech weess et net. Vlächtt sidd Dir schlecht informéiert. Et sinn e puer Leit, déi heibanne setzen an déi am Schoulsystem schaffen. Ech huelen Iech gär mat bei eis an de Lycée, wou Klasse si vun 18 oder 19 Kanner. Dat ass net einfach, fir mat deene Schoul ze halen. All Enseignant an all Proff ass glécklech, wann en een, zwee, dräi oder véier Kanner manner a senger Klass huet. Souwäit ech weess hunn d'Fransouse wëlle, d'Zuel op 12 Kanner pro Klass ze reduzéieren. Dat kënnt vlächtt an nächster Zukunft.

Dann hätt ech eng Fro. Ech huelen un, datt déi Leit vum Inspektorat integral eriwuer an d'Direktioun geholl ginn. Oder wat geschitt mat deenen?

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Antony.

Da géife mer elo zu den Äntwerte komme vun deene ville Froen.

système de directeurs. Il est content que l'inspection ait été restructuré en directoire collaborant avec les enseignants.

Des efforts doivent être faits en matière de sécurité sur le chemin de l'école.

Pour ce qui est de l'école de vélo, où en est le projet? Certains enfants en cinquième ou sixième n'ont jamais touché un vélo et ont même peur d'y monter.

Comme l'a dit M. Bürger, les enfants passent trop de temps assis. En plus, les cours de récréation sont trop petites. Celle du Fousbann a une largeur de huit mètres avec des escaliers dangereux. Cela ne suffit pas pour développer une bonne motricité. Fränz Schwachtgen remercie à son tour le personnel enseignant. Il leur promet son soutien.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP) ne comprend pas comment la commune peut laisser les enfants et les jeunes rouler à vélo dans les sens uniques.

Il regrette également l'aménagement des pistes cyclables dans les routes principales. Elles occupent un tiers de la chaussée et constituent un danger pour les cyclistes et les automobilistes. François Antony sait cependant qu'il s'agit d'une décision de l'État.

(Interruption)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) demande qu'on laisse M. Antony s'exprimer.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP) ne tolère pas ce qui a été fait. Il espère que cela ne provoquera pas d'accident.

Il se dit déçu par les propos de M. Mangen. Visiblement, celui-ci est mal informé. Mais il y a des conseillers communaux qui travaillent dans l'enseignement. François Antony veut bien l'emmener dans une classe de lycée avec 18 ou 19 élèves. Chaque enseignant est content de pouvoir enseigner dans une classe plus petite. Les Français veulent même descendre les effectifs à 12 par classe.

5. Enseignement fondamental et musical

François Antony demande si les gens de l'inspection seront intégralement repris dans la nouvelle direction.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé aux réponses. Le parcours de vélo dont a parlé M. Diderich a été jeté parce qu'il était cassé.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *essaiera d'être bref.*

M. Hobscheit a demandé un rapport détaillé de la commission. C'est possible, mais un rapport sur l'organisation scolaire serait très volumineux. Georges Liesch rappelle que chaque parti est représenté dans la commission scolaire. Par conséquent, chaque représentant peut rapporter les informations à son parti.

En ce qui concerne les effectifs, certaines classes comptent 12 élèves parce que les salles sont petites. Mais il ne s'agit pas de la norme. La moyenne se situe aux alentours de 15.

Les infrastructures sportives sont importantes. Deux heures de sport par semaine ne suffisent pas. Même au lycée, les enseignants savent que parfois, il vaut mieux interrompre le cours pendant cinq minutes et faire autre chose.

La Ville de Differdange aménage des salles de défoulement dans tous les bâtiments où cela est possible — par exemple à Differdange ou au Woiwer. En fait, il s'agit de salles de gymnastiques pour les petits, qui n'ont pas besoin d'une salle de sport énorme. Georges Liesch espère que c'est la voie à suivre.

En plus, grâce à la nouvelle école qui sera construite sur la place de l'Église il sera possible de créer des infrastructures sportives sur le site de l'école ménagère.

Plusieurs orateurs ont abordé la question du dialogue entre les enseignants et les éducateurs. Comme M. Hobscheit, Georges Liesch pense que cet élément est important. Cette coopération est ancrée dans la crèche en forêt, mais repose sur la bonne volonté dans les autres écoles.

D'Vëloen hunn ech nogefrot. De Vëlosparcours, Här Diderich. D'Vëloe sinn natierlech do. Déi sinn um Woiwer stoukéisiert. An de Parcours war esou futti, datt deen ewechgehäit ginn ass.

Här Liesch, Dir hutt d'Wuert.

(Äußerbriechung)

Dat hänt just vun Iech of, wéini mer
hei fäerdeg sinn.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH
(DÉI GRÉNG):**

Ech verspieche mech ganz kuerz ze ha-
le bei den Äntwerten.

Ech fänke vir un. Den Här Hobscheit hat gefrot, de Rapport vun der Kommissioun méi détailléiert ze kréien. Ech kann dat gär maachen, mä ech erënnere drun, datt all Partei e Verrieder an der Schoulkommissioun huet, wou eng extra Schoulkommissioun ass nëmmen iwwert d'Schoulorganisatioun. Fir dat an engem Rapport ze verfaassen, gëtt dat natierlech ganz vill Text. Mir kënnen et gär maachen. Mä, wéi gesot, all Partei huet e Verrieder, wou een déi Diskussioun jo da kéint rapportéiert kréien.

Dir hat rieds vun de klenge Raim. Do si verschidde Moyennë vun zwielef Kanner. Dat ass korrekt. Am Tableau steet ënnendrënner eng Erklärung. Mir hunn a verschiddene Schoule ganz kleng Raim, wou net méi Schüler erlaabt sinn. Dat erkläert, firwat an där enger oder anerer Klass just zwielef Kanner sinn. Dat ass also net d'Normalitéit. Et ass och net de Wee, wou mer wëllen higoen.

Ech denken, dass déi Moyenne, wou mer elo sinn – ronderëm 15 – e ganz gesonnte Peegel ass. Duerfir hu mer d'Erklärung och dës Kéier drënner geschriwwen, firwat d'Moyenne heiansdo esou déif op zwielef ass. Dat ass well de Raum esou kleng ass.

D'Sportsinfrastruktur ass e puermol erwänt ginn. Ech stëmmen all Riedner zou, dass dat wichteg ass. Den Här Bürger huet dat gutt erkläert. Et geet net duer mat zwou Stonne Sport an der Schoul. All Enseignant weess dat. An och am Lycée gëtt et der ëmmer méi, déi dat erkennen, dass et emol heiandsdo

derwäert ass, fënnf Minutten eppes anescht ze maachen a sengem Cours. Sou kann een zum Beispill während der Mathe eng Kéier eng Übungsstonn maachen, déi mat physischer Belaaschtung ze dinn huet. Einfach fir e bëssen eppes anescht ze maachen.

Mir reagéieren dorop, andeems mer an all Gebai, wou et méiglech ass, Salles de défoulement aféieren. Déi lescht hu mer hei zu Déifferdeng opgemaach. An och an dem neie Gebai um Woiwer, dat elo gebaut gëtt, ginn esou Salle-de-dé foulmenten ageriicht.

Dat sinn am Fong Turnsäll fir déi Kleng,
wann een esou wëll. Well déi brauche jo
eigentlech keng riseg Hal. Deene geet
oft e bësse méi e grouse Raum duer.
Déi hu mer do iwwerall virgesinn. Ech
mengen, dass dat dee richtege Wee ass.

En plus, duerch d'Decisioun vun dësem Schafferot, d'Schoul, déi mer hei am Zentrum op der Kierchplaz bauen – ech soen ëmmer nach Kierchplaz – hu mer d'Méiglechkeet...

(Äußerbriechung)

Jo, wahrscheinlich.

Doduerch schafe mer am Zentrum – do wou d'Haushaltungsschoul ass – Plaz, fir eng weider Sportsinfrastruktur ze bauen. Dofir musse mer dat heiten awer fir d'Éischt emol realiséieren. Da kann de Fred Bertinelli do nach eng Sportshal bauen.

Den Dialog tèschent Enseignement an Educateur ass e puermol ugeschwat ginn. Dee misst verstäerkt ginn. Ech sinn do ganz Ärer Meenung, Här Hob-scheit. Dat ass fir mech och e ganz wich-tegt Element. An der Bësch-Crèche ass dat elo verankert. An deenen anere Schoulen ass et op „Good Will” . Et leeft. Mä et leeft net gutt.

Fir mech als Schoulschäffen ass et wichtig, dass mer an all neit Gebai, wat mer bauen an och an deene bestoenden, Personalraim kréien. De Moment ass et leider esou, dass d'Enseignanten e Konferenzsall hunn an d'Educateuren näischt. Dat ass net gutt.

Ech fannen, et däerf och net sinn, dass d'Educateuren an d'Educatricen e Personalraum fir sech krëien. Si sollen ze-

5. Enseignement fondamental et musical

summe mat den Enseignanten e Personalraum hunn. Well ganz oft an der Praxis ginn d'Saache bei enger Taass Kaffi diskutéiert. Dat geet just, wann een e Personalraum zesummen huet. Dofir leeë mer bei den Neibaute ganz vill wäert dorop.

Den Här Bürger hat gefrot, bei der Inscriptioun an d'Bësch-Klass, ob mer Demandë verworf hunn a wat d'Kritäre sinn. Momentan si mir bei 24 Kanner. Mir kënnen der 30 ophuelen. Dat heescht, mir hu kee missten ofweisen. Kritären hu mer an deem Sënn net. D'Leit hunn einfach hir Kandidatur gestallt, si wëllen hir Kanner dohinner ginn a konnten hir Kanner do aschreiwelen.

(Ënnerbriechung)

Neen, op kee Fall.

Et waren effektiv Elteren, déi gefrot hunn, wou d'Kand am Rollstull ass. Dat ass op kee Fall e Kritär. Dat ass souguer éischter erwünscht. Ech fannen dat e ganz flotten Challenge. Et ass eng inklusiv Bësch-Schoul a Bësch-Crèche. Dat heescht, all Handicap deen et gëtt, ass och an der Bësch-Klass an an der Bësch-Schoul wellkomm. Ech fannen, datt dat och e ganz wichtegt Element am Projet pédagogique vun där Bësch-Schoul ass.

Bei den Enseignanten ass et e bëssen anescht. Bei den Enseignanten ass et jo esou, dass mir gesot kréien, fir déi 30 Kanner hutt der zwee Enseignanten zeggutt. Déi gi bei hirer Versammlung ausgeschriwwen. Do melle sech d'Enseignanten. Dat heescht, do hu sech déi zwee gemellt. Vlächten waren der och méi drun interesséiert. Dat kann ech mer scho virstellen. Mä dat geet der Anciennetéit no. Do hu mir als Gemeng näischt domadder ze dinn.

Déi zwee hu sech gemellt. Mä oft wëssen d'Enseignanten, deen oder dee mellte sech, well déi jo och de Projet ausgeschafft hunn. An aus Respekt – och wa se dann d'Anciennetéit net anhalen – loosse se déi dann awer vir. Also ech si ganz zefridden. Mat deenen zwee, déi sech do gemellt hunn, weess ech, dass mer dat Konzept un d'Rulle kréien. Dat ass fir mech ganz wichteg.

D'Zuele vum Espace kucken ech no. Ech weess, dass maximal fënnf Kanner

kënne mateneen opgeholl ginn an den Espace. D'Zuele vun de leschte Joren – wivill et der waren an ob der méi laang oder méi kuerz do waren –, kann ech elo net esou direkt soen. Ech muss dat nofroen an der Équipe multi, ob si do Zuelematerial hunn. Da géif ech Iech dat vlächten den nächste Gemengerot noliwweren.

D'Affectation à une autre école: Wat d'Argumenter sinn, gouf e puermol erwänt. Ech kann Iech just d'Zuele ginn. Well mir froe jo net d'Argumenter. Mir hunn och kee Recht, dat ze froen. D'Eltere soen eis einfach, mir ginn an eng aner Schoul. A wann déi aner Gemeng se opgehelt, ass et okay.

D'selwecht, wéi wann Eltere bei eis kommen aus enger anerer Gemeng, well se zum Beispill hei schaffen. Do froe mir och net.

Ech weess net, ob ech dat erausfannen. Ob mer do eng Etüd kréien. Mir kënnen déi Leit uschreiwelen. Mä da kënne se nach soen: „Dat geet iech näischt un“. An dann hu se och all Recht dat ze soen. Dat gëtt net esou einfach, fir dat erauszefannen. Dat bleift vlächten e wéineg eng Grozon.

Den Här Diderich hat d'Statistik vun de Remplacementen an den Ausfäll nogefrot. Mir kucken dat no. Mir hunn natierlech d'Zuelen. Eng préparéiert Statistik hunn ech elo net hei prett. Ech kucken dat no, dass ech dat opbereeden, dass ech Iech dat ka ginn.

Aus dem Bauch eraus, géif ech soen, dass mer dëst Joer méi Schwieregkeeten hate wéi d'lescht Joer. Et ass awer esou, dass mir als Gemeng all moies eng Präsenz hunn. A wa Leit ausfalen, huelen d'Leit aus eisem Service den Telefon a si ruffen déi Remplaçants permanents un.

Dat si jo net eis Leit. Dat si Leit aus dem Pool. Wann do, zum Beispill, schonn aner Gemengen ugeruff hunn oder deen huet schonn eppes, ass keen do. Dat war dëst Joer méi oft, mengen ech, de Fall wéi déi Jore virun, dass einfach kee Remplaçant do war. Dat heescht, et gouf keen. Hei ënnen am Süden, war einfach keen do. Da sinn eis d'Hänn natierlech gebonnen.

Mir hunn als Gemeng kee Personal. Mir hunn och kee Recht, Personal hin ze

L'échevin tient à ce que les nouveaux établissements aient une salle du personnel. Actuellement, les enseignants disposent d'une salle de conférence, mais pas les éducateurs. Or Georges Liesch estime que les deux groupes doivent pouvoir se rencontrer et discuter des différents sujets autour d'une tasse de café.

M. Bürger a demandé des informations quant aux inscriptions dans l'école en forêt. Actuellement, 24 enfants sont inscrits. L'école a une capacité de trente élèves. Il n'y a pas de critères, car aucune demande n'a dû être rejetée.

(Interruption)

Georges Liesch répond que les enfants en fauteuil roulant sont admis. L'école et la crèche en forêt sont inclusives.

La commune avait besoin de deux enseignants pour trente enfants et lors d'une réunion, deux enseignants se sont proposés. Il est possible que d'autres aient été intéressés par le projet, mais le choix s'est fait soit par ancienneté, soit par respect pour ceux qui avaient élaboré le projet. En tout cas, Georges Liesch se dit certain que le concept va fonctionner.

Pour ce qui est de l'Espace, il ne connaît pas les chiffres exacts, mais sait que seuls cinq enfants peuvent y être admis en même temps. Il s'informera auprès de l'équipe multidisciplinaire.

En ce qui concerne les affectations dans les autres écoles, la commune ne demande pas les raisons. C'est une décision que prennent les parents. Certes, la commune peut leur écrire pour leur poser la question, mais ils pourraient tout aussi bien répondre que cela ne la concerne pas.

M. Diderich souhaite des informations quant aux remplacements. Georges Liesch ne dispose pas de statistiques, mais fera préparer un document. Il a l'impression que cette année, il y a eu plus de problèmes que l'année dernière. Lorsqu'un enseignant est absent, la commune téléphone aux remplaçants per-

5. Enseignement fondamental et musical

manents. Mais si personne n'est disponible pour le sud du pays, la commune ne peut rien faire. En effet, elle n'a pas le droit d'envoyer du personnel dans les classes.

L'école de vélo est comparable à l'école de musique ou à l'école de blues. Elle n'a rien à voir avec l'organisation scolaire. Georges Liesch sait qu'elle sera inaugurée prochainement et que les classes et les maisons relais y seront les bienvenues.

(Interruption de M. Diderich)

Georges Liesch répond que l'école de vélo est organisée par le CIGL et qu'elle est ouverte au public et aux services communaux. Si une classe décide d'y aller, quelqu'un du CIGL leur montrera le site. Mais l'activité est comparable à une sortie pédagogique.

Dans les écoles disposant d'une cuisine, les enseignants y organisent souvent des activités. Les maisons relais constituent un endroit idéal pour ces activités. À Oberkorn, les enfants peuvent voir la cuisine à travers une grande fenêtre ce qui permet une interaction avec le chef. C'était d'ailleurs une demande des cuisiniers, des enseignants et des éducateurs.

Georges Liesch informe M. Mangen que l'indice social représente 64 heures.

M. Mangen a dit que les écoles ne disposaient pas d'assez d'heures pour s'occuper des enfants aux troubles du comportement. Dans la pratique, il peut arriver qu'un enfant explose lorsqu'il est confronté à une situation. Bien entendu, un tel enfant n'est pas envoyé directement dans l'Espace. Les éducateurs l'emmènent dans la salle de défoulement et travaillent avec eux jusqu'à ce qu'ils puissent réintégrer leur classe. Si les situations se répètent, l'équipe multidisciplinaire en est informée et ouvre un dossier. C'est elle qui décide qu'un enfant doit passer un certain temps dans l'Espace. Mais avant, elle en informe les parents. Ce type de décision n'est jamais pris ad hoc.

schécken. Dat heescht, mir hu just dann eis Lëscht mat de Remplaçanten, déi, wéi Der sot, mol eng Surveillance maachen. Där muss een der dann och nach fannen. Do sinn eis d'Hänn e bësse gebonnen.

Wat d'Vëllosschoul ugeet. Mir hunn och eng Museksschoul. Mir hunn eng Bluesschoul. Dat huet awer näischt mat der Organisation scolaire ze dinn.

Mä ech weess, dass de Projet bal fäerdeg ass a geschwë wäert ageweit ginn. D'Schoulklasse sinn natierlech wëllkomm, souwéi och d'Maison-relaise wëllkomm sinn, fir an der Vëllosschoul Aktivitéiten ze maachen. Et ass awer net esou eng Schoul wéi d'Technikschoul oder d'Naturschoul, déi vun der Schoul organiséiert ginn. Vu Schoulmeeschteren. Dat hei leeft parallel. Dat leeft net iwwert d'Organisation scolaire.

(Ënnerbriechung duerch den Här Diderich)

Si gëtt haaptsächlech vum CIGL organiséiert, deen eng Präsenz do uewen huet et souwuel fir de Public wéi eben och fir eis Servicer. Wann eng Schoulklass seet, mir gi gär dohinner, kënnen se gären dohinner goen. Dann ass och ee vum CIGL do, deen hinne verschidde Saache weist. Mä et ass keen Enseignant do. Den Enseignant mécht dat dann am Fong selwer, wéi wann en eng aner Sortie pédagogique géif maachen.

Kachen ass eng flott Saach. An deene Schoulen, wou mer Kach-Méiglechkeeten hunn – dat ass bal an all Schoul – si vill Enseignanten, déi dat als Aktivitéit maache mat hire Kanner. Si hunn eng Kach-Méiglechkeet zur Verfügung. D'Maison relaisen och.

Mä de Schwéierpunkt beim Kachen, mengen ech, läit vläicht éischter an de Maison-relaisen, well do – wéi Der gesot hutt – an der Kantin fir vill Kanner gekacht gëtt. Zu Uewerkuer, kënn der iech dovunner iwwerzeegen, dass mer d'Konzept anescht gemaach hunn. Mir hunn eng Kiche gebaut mat enger grousser Fënster, mat engem groussen Accès direkt an den Iessraum, wéi dat erwünscht ass. Dass de Kach net iergendwou am Keller setzt an d'Kanner net mierken, wou d'Iessen hierkënn a sech froen, ween dat gekacht huet. Mä

do ass eng Interaktioun tëscht dem Kach an de Kanner.

Dat ass vun de Käch, vum Léierpersonal a vun den Educateuren an Educatricen erwünscht. A vun eis och.

Den Här Mangen hat den Indice social gefrot. Wivill Stonnen dat ausmécht. Dëst Joer sinn et 64 Stonnen, wat deen Indice social fir Déifferdeng ausmécht. Also 64 Stonne kréie mer méi guttgeschriwwen duerch deen Indice social, deen national ausgerechent gëtt.

Dir hat och gefrot mam Comportement. Dat wäeren net genuch Stonnen, fir et opzefänken. Dat muss ee vläicht an der Praxis e bësse kucken.

Mir hu Kanner, déi verhalensstéierend sinn. Et gëtt der, déi hu just eng Reaktioun – dat kann duerch viles ausgeléist ginn –, déi dann einfach aus der Këscht sprangen op gutt Lëtzebuergesch gesot. Da sinn déi jo net direkt am Espace.

All Schoul huet Educateur- an Educatrice-graduéeën. Dat sinn am Fong eis Pompjeesequippen. Dat heescht, wann et wierklech eng grav Situatioun gëtt, ginn déi geruff. Déi kommen op d'Plaz. Déi huelen d'Kand kuerz aus der Klass eraus, ginn an d'Salle de défoulement, maachen iergendeppes a schaffe mat deene Kanner bis se erëm kënnen an de Cours zrëckgoen.

Falls dat méi oft virkënnt, ass et um Educateur oder un der Educatrice graduée fir ze soen: „Hei do ass e Problem. Dat ass elo net kuerzfristeg, mä do ass eppes hannendrun“. Da gëtt dat gemellt un d'Équipe multi, déi dann en Dossier opmécht a kuckt, wat mat deem Kand lass ass. Déi hëlt eventuell d'Decisioun, dass dat Kand elo mol soll vläicht fir eng gewëssen Zäit an den Espace kommen.

Do gëtt et awer mat den Elteren eng Récksprooch. Dat ass eng Measure, déi vill méi wäit geet an déi net ad hoc ka geholl ginn. Do gi mat den Eltere Gespréicher gefouert.

Ech menge vun de Stonnen hier, ass et op jidde Fall ok. Ech hu bis elo nach net bericht kritt, dass d'Leit an der Équipe multi, déi fir déi Kanner schaffen, soen, si bräichte méi Raim, méi Plaz. Déi soen

5. Enseignement fondamental et musical

et ass ok. Also mat deene Stonne gi mer eens.

(Ënnerbriechung)

Ech hunn dem Här Bürger scho gesot, datt ech déi Statistik net prett hunn. Mir bereeden déi op a bréngen déi an den nächste Gemengerot, wivill Kanner iwwert déi lescht Joren, iwwer kuerz oder laang, am Espace waren. Mir hunn d'Zuelen net opbereet. Ech liwweren déi no.

Den Här Ruckert huet eppes gesot, do muss ech e bësse méi wäit aushuelen. Ech ginn Iech net Recht.

Dir féiert en Discours vu gëschter, wann Der sot, dass eng Diskriminéierung stattfënnt. An Ärem Beispill hutt Der gesot, dass net vill Aarbechterkanner am Classique waren zu Ärer Zäit. Zu menger Zäit vläicht och. Mä et ass en Discours vu gëschter. Ech muss soen, Dir ënnerstëtzt d'Diskriminéierung weider mat esou engem Discours, wéi dass Der se ofschaaft.

Haut ass et keng Diskriminéierung méi am Technique. Deen Discours, mengen ech, däerf een an der Ëffentlechkeet an als Politiker net féieren. Wann een am Technique ass, huet een esou vill Méiglechkeeten op eng Première ze komme wéi am Classique. Et ass just en anere Wee. En ass net méi laang. En ass net méi schwéier. Mä e behinhalt aner Fächer, aner Kompartimenter. Leit, déi op enger Treizième Technique zum Beispill sinn, sief dat eng Technique Général, eng Technique Commerce oder eng Paramédical, hunn all Accèsen zu Universitätsstudie wéi all anerer och. Wéi déi, déi de Classique gemaach hunn.

Duerfir ass et fir mech absolutt keng Diskriminéierung. Ech encouragéieren d'Eltere wierklech op déi Orientierungsgesprécher ze lauschten. Op d'Experten. Ech fannen et vill méi wichteg, dass e Kand gutt orientéiert gëtt a säi Wee gutt an ouni Echecke mécht, wéi ze probéieren, deen Discours ze féieren, dass et fir d'Éischt an der Hierarchie de Classique gëtt an duerno den Technique. Dat ass en Discours, deen zum Echec féiert.

Ech kann Iech aus der Praxis soen, datt dat net einfach ass, wann op Drock vun Elteren d'Kanner an de Classique ge-

schéckt ginn. No zwee oder dräi Joer, no villen Echecken, mierke se, datt et net geet. Da gi se an den Technique geschéckt. Déi si gebranntmarkt a soen, ech sinn elo just nach am Technique. Dat ass schonn emol eppes am Kapp, wou ee muss domat eens ginn.

A fir dann nach eng Reussite hinzekréien, gëtt et immens schwéier. Besser wier et, déi Kanner wären direkt an den Technique gaangen, hätten do warscheinlech e ganz interessante Parcours gemaach mat Fächer, déi hinne vill méi geleeën hätte wéi am Classique.

Dofir fannen ech Ären Discours net gerechtfäerdegt, fir vun Diskriminéierung ze schwätzen, well dat net méi de Fall ass.

ALI RUCKERT (KPL):

Dofir däerfen dann d'Kanner vu Riichteren nach ëmmer Riichter ginn an d'Kanner vu Proffe Proffen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dat huet näischt...

ALI RUCKERT (KPL):

Datt alles esou bleift.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Neen.

ALI RUCKERT (KPL):

Dach.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dat huet absolutt...

ALI RUCKERT (KPL):

Dach.

En ce qui concerne le nombre d'heures, personne n'a jamais dit à M. Liesch que l'équipe multidisciplinaire avait besoin de plus de temps ou de place.

(Interruption)

Georges Liesch répète qu'il ne dispose pas de statistiques sur le nombre d'enfants ayant été admis dans l'Espace. Il les communiquera dès qu'il les aura.

Il n'est pas d'accord avec ce qu'a dit M. Ruckert. Celui-ci mène un discours d'hier en disant que de son temps, peu d'enfants issus de familles ouvrières fréquentaient l'enseignement classique. Mais en disant cela, il soutient cette discrimination. Car aujourd'hui, l'enseignement technique offre les mêmes possibilités que le classique. Il n'est ni plus long, ni plus difficile, mais il propose d'autres cours. Les élèves ayant réussi leurs treizièmes peuvent faire des études universitaires. C'est pourquoi Georges Liesch ne voit pas où se trouve la discrimination et encourage les parents à suivre les conseils d'orientation. Car un enfant bien orienté peut réussir sa scolarité alors que le discours de M. Ruckert sur la hiérarchisation des enseignements conduit à l'échec.

Pour les enfants, il n'est pas évident d'aller au classique parce que les parents l'ont voulu. Après plusieurs échecs, ils finissent généralement au technique, qui constitue alors pour eux une solution de repli difficile à accepter. Il aurait mieux valu les envoyer directement au technique suivre des cours les intéressant davantage.

C'est pourquoi le discours sur la discrimination n'est pas justifié.

ALI RUCKERT (KPL) ironise sur le fait que les enfants de juges deviennent des juges et les enfants de professeurs des professeurs.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) proteste.

ALI RUCKERT (KPL) insiste sur le fait que ces choses ne changent pas.

5. Enseignement fondamental et musical

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *réplique que cela n'a rien à voir avec le fait que les enfants d'enseignants deviennent des enseignants. Son père n'était pas instituteur et pourtant lui l'est devenu. Il rencontre tous les jours des enfants issus de familles ouvrières qui réussissent leurs études techniques, vont ensuite à l'université et exercent enfin le métier qu'ils ont choisi.*

M. Antony a parlé des pistes cyclables. C'est probablement à M. Bertinelli de lui répondre. Mais il peut déjà lui dire qu'il s'est trompé sur plusieurs points.

Georges Liesch n'est pas non plus d'accord avec M. Mangen. Celui-ci n'a qu'à écrire dans son programme électoral qu'il souhaite augmenter les effectifs des classes. Aux électeurs de décider si c'est ce qu'ils veulent.

La plupart des partis politiques écoutent les gens sur le terrain qui préfèrent les classes plus petites à l'enseignement à deux. Pour la commune, cela ne change rien d'un point de vue financier ou logistique. La décision est donc purement pédagogique. Et les enseignants pensent que des classes plus petites conviennent mieux aux enfants. Georges Liesch sait bien que l'on prétend que les enseignants préconisent les classes plus petites pour travailler moins. Mais c'est faux. Aujourd'hui, les classes sont hétérogènes. Des enfants handicapés, par exemple, sont plus difficiles à gérer. Pourtant, il est important de les intégrer. Si on décide d'agrandir les classes, il faudra sortir les enfants aux besoins spécifiques, ce que personne ne veut.

L'impact sur les enfants ayant des difficultés d'apprentissage est aussi plus grand qu'avec l'enseignement à deux.

Mais apparemment, le CSV préfère s'engager sur une autre voie.

ROBERT MANGEN (CSV) *estime qu'il faut respecter toutes les opinions. Dans ses propos, il s'est basé sur des informations*

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert, dat huet absolutt guer näischt domadder ze dinn, dass d'Kanner vu Schoulmeeschtere Schoulmeeschter ginn. Dat huet absolutt guer näischt domadder ze dinn.

Mäi Papp war net Schoulmeeschter an ech sinn et awer ginn. Also vun dohier mengen ech, sinn ech dann e gutt Beispill. Dat huet absolutt guer näischt domadder ze dinn. Ech erliewen all Dag a menger Praxis Kanner, déi aus Aarbechterfamilie kommen, déi nach dëst Joer wäerten hiren Diplom kréien am Technique an nach weider op d'Uni ginn, fir dee Beruff ze maachen, deen hinne Spaass mécht. Ech fannen dat méi wichtig.

Ech weess net, ob ech dorop soll agoen oder ob den Här Bertinelli wäert drop agoen, wat den Här Antony gesot huet mat de Vëlosweeër. Dir hutt Iech do e puermol ganz gutt verträppelt. Mir musse verschidde Saache richtegstellen. Mä den Här Bertinelli ass do méi concernéiert wéi ech als Schoulschafften.

Nach ee Punkt hunn ech hei stoen. Da sinn ech fäerdeg. Do gi mer eis dann och net eens, Här Mangen. Mä schreift dat an Äre Wahlprogramm, dass Dir gäre Klassen hätt mat méi héijen Effektiver. Da mussen d'Leit dobaussen decidéieren, wéi eng Partei se fannen, déi um richtege Wee ass.

Ech sinn op deem Wee – an ech menge meng Partei an och, wann ech den Tour de table héieren, déi meescht Parteien –, dass een de Leit vum Terrain, déi am Fong d'Expertise hunn, nolauschtert an d'Argumenter lauschtert, firwat se op de Wee ginn, fir ze soen, mir hu léiwer eng Klass mat mannger Effektiver, wéi dass mer zum Beispill en Enseignement à deux hätte mat engem héijen Effectif.

Well fir d'Gemeng ass weder dat eent nach dat anert eng Plus-value. Weder finanziell nach logistesches. Et ass also reng pädagogesch, wou déi Decisioun geholl gëtt. An d'Argumenter vun den Enseignanten – a vu dass ech selwer dra schaffen, kann ech et absolutt novollzéien –, dass deen heite Wee fir d'Kanner besser ass.

Ech weess, dass ëmmer gesot gëtt, den Enseignant hätt léiwer eng Klass mat just 15 Kanner wéi mat 20, well en da mannger Aarbecht huet. Dat ass net d'Realitéit. D'Realitéit ass – ech weess net, ween dat grad gesot huet –, dass een haut keng homogen Klasse méi huet. D'Klasse sinn immens heterogen. Si sinn inklusiv.

Wann een an enger Klass Leit huet, déi zum Beispill verschidden Handicappen hunn, ass dat eng Méi-Belaaschtung. Mä et ass awer korrekt, dass déi Kanner an déi Klassen integréiert ginn. De Wee, fir ze soen, mir maache méi grouss Klassen, féiert dann dohin, dass déi Kanner net méi an enger Klass wäeren. Dat wëll, mengen ech, awer och keen. A wann ee kleng Klassen huet, kann een esou Leit effektiv vill besser integréieren.

Och op Kanner mat Léierschwieregkeeten, huet een als Enseignant vill méi e groussen Impakt wéi an engem Enseignement à deux. Hunn ech an der Praxis selwer och festgestallt. Duerfir iwwerzeege mech d'Argumenter vun de Leit vum Terrain. Mä do gi mer eis dann net eens. D'CSV ass do op engem anere Wee.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Ganz gären, Här Mangen. Den Här Mangen ass perséinlech ugeschwat ginn. Da kritt en direkt d'Wuert.

ROBERT MANGEN (CSV):

D'Meenunge sinn do gedeelt. Ech mengen, et soll ee jiddwer Meenung respektéieren.

D'Informatiounen, déi ech hunn, hunn ech aus anere Länner. Ech hunn och mat Pädagoge geschwat. Et kann een déi eng an déi aner Versioun huelen. D'Integratioun ass europäesch. Dat hu mir als Lëtzebuerger ënnerschriwwen. Dat musse mer maachen.

Dat spillt elo keng Roll, ob do elo een an der Klass ass oder net. Do musse mer eis drun halen. Et gëtt Länner, wou Kanner sinn, déi Problemer hunn, déi dann zousätzlecht Personal kréien. Dat ass och eng Iwwerleeung, déi ee muss maachen. Déi Diskussioun kann ee féieren.

5. Enseignement fondamental et musical

An et soll een d'Meenung vu jiddwerengem respektéieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Esou ass et.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Schreift dat an Äre Wahlprogramm.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den Här Antony Fränz, w.e.gl.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Ech wollt dem Här Liesch just kuerz äntweren. Dir hutt behaupt, oder gesot, datt ech mech do verstréckt hätt an där Saach, wat de séchere Wee ubelaangt. Ech hu mech doudséch net verstréckt. Ech hu just bei mär geduecht, datt et net méiglech ka sinn, datt dat elo hei vun der Gemeng aus kënnt.

Wann ech gesinn, datt et zu Esch ass an iwwerall, ass dat meng normal Schlussfolgerung, datt de Stat dat octroyéiert huet.

(Diskussiounen)

Ech wëll elo net weider schwätzen. Soss muss ech eppes anescht soen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir kënnt soe wat Der wëllt.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Ech hu mat ganz ville Leit geschwat. Wann dir Leit dobausse fannt, déi dat positiv fannen, bréngt mir déi.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Antony Fränz.

Den Här Mangen nach eng Kéier.

ROBERT MANGEN (CSV):

D'CSV ass de séchere Wee, Här Buergermeeschter.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat, muss ech soen, ass net ëmmer richtig. Mir géifen zur Ofstëmmung kommen.

Le conseil communal décide d'approuver à l'unanimité l'organisation scolaire pour l'année d'études 2017-2018.

Da géife mer zum nächste Punkt kommen. D'Organisatioun vun eiser Museksschoul.

Här Ulveling Tom, Dir hutt d'Wuert.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Damen, Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech soen, ech hu mech elo zrëckgehal bei der Schoulorganisatioun.

Leider ass net erwänt ginn, dass mer – e bëssen esou wéi beim Sportsdag – och e Kulturtag d'nächst Joer an de Schoule wëllen aféieren, wou d'Élèven am Ale Stadhaus kënne verschidden Ateliere besichen. Haaptsächlech geet et drëm, fir eis Museksschoul ze presentéieren mat de sämtlechen Instrumenter. D'Bibliothék an esou weider. Ech mengen, dass dat eng gutt Saach wär.

Dat gesot, musse mer bei der Organisatioun vun der Museksschoul hannen ufänke wéi bei den Araber, fir verschidde Problemer ze verstoen. Nämlech vir-aussichtlech, dass d'Élèven d'nächst Jo-

provenant d'autres pays. Il a aussi discuté avec des pédagogues.

Pour ce qui est de l'intégration, il s'agit d'une directive européenne. D'autres pays préfèrent recruter plus de personnel. La discussion mérite donc d'être menée.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) répète à M. Mangen de rédiger cela dans son programme électoral.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP) rappelle que d'après M. Liesch, il se serait trompé tout à l'heure lorsqu'il a parlé de la sécurité sur le chemin de l'école. Or François Antony s'étonne que l'idée provienne de la Ville de Differdange. Il suppose plutôt que cela a été octroyé par l'État. (Discussions)

François Antony s'exclame qu'il préfère arrêter de parler.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) lui répond qu'il peut dire ce qu'il veut.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP) suggère au bourgmestre de trouver des gens qui trouvent la situation positive.

ROBERT MANGEN (CSV) rappelle que le séchere Wee, c'est le CSV. (Rires)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) réplique que ce n'est pas toujours vrai. (Vote)

Roberto Traversini passe à l'organisation de l'École de musique.

TOM ULVELING (CSV) regrette qu'il n'ait pas encore été question de la journée culturelle qui sera introduite dans les écoles l'année prochaine. On y présentera notamment l'École de musique et tous les instruments, mais aussi la bibliothèque.

Pour ce qui est de l'organisation de l'École de musique, Tom Ulveling commence par les chiffres. Le nombre d'élèves va pas-

6. Finances comunales

ser de 390 à 440, soit 50 de plus ou 15 %.

Cette organisation est la première du nouveau directeur. Celui-ci entend former un partenariat avec les maisons relais et les structures d'accueil afin d'y promouvoir les cours musicaux.

De nouveaux cours — la contrebasse et le chant — vont être introduits.

Des histoires musicales mettant en scène des instruments seront présentées à un millier d'enfants.

L'École de musique entend aussi renforcer son partenariat avec l'École internationale.

La deuxième page de l'organisation reprend le nom des personnes actives à l'École et de ceux qui ont arrêté ou qui partent à la retraite. Tom Ulveling remercie notamment M. Felix Schaber.

Étant donné l'augmentation du nombre d'élèves, le secrétariat sera transformé en salle de classe. La nouvelle secrétaire partagera un bureau avec le directeur. L'ancienne secrétaire, M^{me} Brandenburger s'occupera exclusivement des cours de langues.

Tom Ulveling remercie expressément le nouveau directeur pour ses initiatives. Il mentionne notamment le Cello-Day et les différentes excursions.

L'échevin demande au conseil communal d'approuver l'organisation. Le nombre d'élèves démontre que l'École de musique est sur la bonne voie. M. Muller prévoit d'aménager des salles supplémentaires pour l'École de musique sur la place Nelson-Mandela.

ROBERT MANGEN (CSV) se réjouit de l'augmentation du nombre d'élèves. Il ne peut qu'approuver le dynamisme du nouveau directeur.

(Vote)

Roberto Traversini passe aux décharges de l'état des restants. On répète continuellement que les gens ont de moins en moins d'argent et que les taxes augmentent sans cesse. C'est pourquoi le bourgmestre a demandé

er wäerte vun 390 op 440 eropgoen. Dat si 50 Élève méi. Dat mécht 15% Kanner oder Studenten. Dat explizéiert munches, wat ech iech elo nach wëll soen.

Dir hutt dem neien Direkter seng éischt eegestänneg Organisatioun virleien. Hie wëllt en neit Partenariat mat de Maison-relaisen an de Structure-d'accueille maache fir Cours-musicauxen an de Maison-relaisen am Zentrum, am Woier an am Kornascht anzeféieren. Et ginn nei Coursen agefouert, notamment Kontrabass a Gesank.

Et ass virgesinn, musikalesch Geschichte mat Presentatiounen vun Instrumenter ze organiséieren, wat ongeféier Dausend Kanner virgestallt gëtt. Natierlech wäerte mer och eis Verbindungen mat der École internationale hei zu Déifferdeng verstärken, wat och erëm méi Schüler oder Élève bréngt.

Op der zweeter Säit fannt der all déi Leit, déi an der Museksschoul aktiv sinn, respektiv ophalen oder an d'Pensioun ginn. Stellvertriedend fir all déi, déi fort ginn, wëll ech dem Här Schaber Felix villmools Merci soen, dass hie laang Joren hei oeuvréiert huet zu eiser vollstänneger Zefriddenheet.

D'Lokaler mussen nei opgedeelt ginn, well mer 10 bis 15% méi Kanner erwaarden. Den Direkter huet dofir decidéiert, dass d'Sekretariat an Zukunft net méi eegestänneg wäert sinn, mä dee Büro recuperéiert gëtt als Klassesall. Déi nei Sekretärin kënnt mam Direkter zesummen an ee Büro.

D'Madamm Brandenburger, déi laang Joren als Sekretärin tätég war a Cours de langues ginn huet, wäert an Zukunft nëmmen nach Cours des langues ginn. Dofir musse mer eng nei Kraaft astellen, déi d'Sekretariat op hallef Zäit mécht. Et gëtt eng nei Persoun gesicht, fir dass d'Sekretariat kann esou fonctionnéieren, wéi et hei virgesinn ass. Dir gesitt d'Horaiern.

Ech wëll dem Direkter nach eng Kéier villmools Merci soe fir all déi Initiativen, déi en am Laf vum Joer geholl huet. Ech denken un d'Visite vun der Philharmonie, déi mer zesummen am Musée Prince Jean mat Élève vun der Museksschoul gemaach hunn. Mir waren och eng Excursioun maachen op Bréissel an

de Musée vun den Instrumenter. Den neien Direkter huet den Cello-Day agefouert. All Joers gëtt en neit Instrument oder en anert Instrument virgestallt mat Atelieren a mat Concerten. Fir d'nächst Joer ass de Percussiounsday virgesinn.

Dat gesot wär ech frou, wann der géift déi heite Schoulorganisatioun stëmmen. Ech mengen, mir sinn um gudde Wee. Deen héijen Interêt bei de Kanner beweist, dass mer um richtege Wee sinn.

Mir sinn eis bewosst, dass, wa mer esou weiderfueren, déi Raim natierlech net wäerten duer goen. Dofir ass den Här Muller am Gaang, am Kader vun der Planung vun der Place Nelson Mandela, Raim virzegesinn an engem vun deene Gebaier, déi do sollen entstoen.

Ech soen iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och Här Ulveling.

Här Mangen.

ROBERT MANGEN (CSV):

Et freet mech den Zoulaf vun de Schüler an der Museksschoul. Dat kann een nëmme begréissen. Och déi Cours de chant. D'Dynamik vum neien Direkter schéngt ze wierken. Et kann een en nëmmen ënnerstëtzen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Très bien! Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation provisoire de l'École de musique 2017-2018.

Merci. Den nächste Punkt sinn d'Dechargé vum État des Restants. Dir hutt dat am Dossier leien. Ech hu mer d'Méi ginn, déi lescht Joren ze kucken, well jo ëmmer gesot gëtt, d'Leit ginn ëmmer méi aarm an d'Taxe méi deier, quitte

7. Règlements communaux

datt mer scho Jore keng Taxe méi an d'Luucht gesat hunn, hunn ech mer eraus schreiwe gelooss wéi et am Moment mam Restant ass a wéi et virun zéng Joer war.

Dir gesitt, datt mer ganz vill Suen op-dreiwen. All Joer ginn ongeféier zwëschen 30.000 a 50.000 Euro verluer. Dat geschitt net duerch Zoufall. Dat ass well eise Service alles mécht, datt d'Gemeng déi Sue kritt, wat natierlech och richtig ass.

Als Beispill huelen ech d'Joer 2003. Do war den État restants vun de Suen, déi mer net erëm kritt hunn, op 23%. Dat waren deemools ronn 20.000 Euro, déi mer net erakritt hunn. Haut, 2016, leie mer bei 36.000. Dat si 5%. Dat weist, datt et net esou ass, datt d'Leit ëmmer manner wëlle bezuelen oder keng Méiglechkeet hunn ze bezuelen. D'Chiffere weisen op alle Fall ganz kloer, datt et net esou ass.

Dëst Joer sinn et 36.000 Euro, déi net opzedreiwe sinn. Just fir ze soen, datt et net esou ass, wéi alt heiansdo behaapt gëtt.

Ech wär natierlech frou, an ech mengen och eise Receveur, wann der dat géift esou matstëmmen.

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'état des restants pour l'exercice 2016 et les décharges accordées.

Merci. Dëse Punkt sinn Titres de recettes. Wat mer am Laf vum Joer erakritt hu vu verschiddene Fester. Dat muss och duerch de Gemengerot goen. Et si ronn 2 Milliounen Euro. Dat ass net näischt. Do gesäit een, datt d'Fester an d'Sponsoren, wierklech eppes erabrénge.

Wann dat esou an der Rei ass, géife mer déi zum Vott ginn.

Le collège échevinal décide d'approuver à l'unanimité les avis et titres de recettes de l'exercice 2016.

Merci. An dann nach e ganz wichtegt Kapitel, d'Modifikatioun vun eisem Règlement de circulation. Do ginn ech dem Här Bertinelli direkt d'Wuert, well dat ass net esou ohne. Här Bertinelli.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Do gesäit een e bëssen – fir op dat anzegeen, wat mer am Virfeld hei geschwat hunn –, wat fir eng Volontéit dëse Schäfferot huet, fir am Verkéier verschidde Saachen ze änneren an drop ze reagieren.

Eng vun deene Saachen ass, fir dem Vëlo an eiser Stad vill méi Espace ze ginn. Wann der kuckt, ausser e puer Staatsstroossen, hu mer praktesch nëmmen nach 30er Zonen. Fir eis ass et ganz wichteg dem Vëlo en anere Stellegäert ze ginn, wéi deen deen en de Moment huet.

E puer grouss Stied an eisem Land hunn dat schonn agefouert. Eng vun deene gréisste Saachen, déi hei an der Reform drastinn, ass natierlech, datt ee mat engem Vëlo, do wou et gezechent ass, duerch eng Einbahn fuere kann. Natierlech si mer net geckeg. Mir waren eis déi Stroossen ukucken, wou dat machbar ass. Stroossen, déi iwwersichtlech sinn. Do hu mer dat gemaach, datt ee mam Vëlo kann an eng Einbahn fuere, fir de kuerze Wee a fir d'Leit drun ze kréien, mam Vëlo ze fuere. Well mam Vëlo ass een hei an der Gemeng vill méi schnell wéi mam Auto.

Dëse Programm, dee mer am Gaang sinn, ass net fäerdeg. Dee wäert nach weidergoen, fir eis Stad nach méi verkéiersberouegend ze kréien, wou mer de Schwéierpunkt op de Vëlo an d'Vëlosweeër setzen. Dat wäert heimadder nach net gedoe sinn.

Den Här Liesch an ech haten och Stroosse fonnt, wou et geféierlech war a wou mer gesot hunn: „Hei net“. Mir hu scho gekuckt wou et machbar ass. An do hu mer et och gemaach.

une comparaison avec les chiffres d'il y a dix ans.

Toutes ces années, la commune a perdu entre 30 000 et 50 000 € par an. L'année dernière, elle a récupéré beaucoup d'argent. Ce n'est pas dû au hasard, mais aux efforts de tous les services.

En 2003, la commune a perdu 20 000 €, soit 23 % de la somme due. En 2016, elle a perdu 36 000 €, soit 5 %. Cela démontre que les gens n'ont pas moins d'argent qu'avant.

Roberto Traversini demande aux conseillers communaux d'approuver l'état des restants. (Vote)

Roberto Traversini passe aux titres de recettes. La commune a perçu quelque deux-millions d'euros de ses fêtes. C'est considérable et cela démontre qu'elles rapportent de l'argent grâce notamment aux sponsors.

(Vote)

Roberto Traversini passe aux modifications du règlement de circulation.

FRED BERTINELLI (LSAP) estime que ces modifications démontrent la volonté du collège échevinal d'améliorer la situation sur les routes.

Dans pratiquement toute la ville, la vitesse est limitée à 30 km/h. Il est important de valoriser le vélo. Une des nouveautés apportées par la réforme est que les cyclistes pourront circuler dans les rues à sens unique. Le collège échevinal a dressé un état des lieux des rues où cela est possible. Cela permettra aux gens d'arriver plus rapidement à destination, car à Differdange il est plus facile de circuler à vélo qu'en voiture. Il s'agit de calmer la situation sur les routes en privilégiant le vélo.

Bien entendu, certaines routes sont trop dangereuses. Mais le collège échevinal a trouvé celles où c'est possible.

Le collège échevinal veut aussi accorder plus d'importance aux voitures électriques et aux transports en commun. Des bornes de recharge sont en train d'être installées. Le parc automobile

7. Règlements communaux

de la commune est remplacé par des voitures ou des machines électriques. Fred Bertinelli est convaincu qu'une fois le contournement ouvert, l'importance du vélo va s'accroître. Il répète que le collègue échevinal a pris la décision de privilégier le vélo et les véhicules électriques.

Les conseillers communaux disposent d'un dossier avec tous les changements de panneaux et de priorités. La réforme a été approuvée par le ministère. Les modifications entreront en vigueur dès que le conseil communal l'aura approuvée à son tour.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) salue l'initiative. Differdange est sur la bonne voie.

D'autres pays et d'autres communes ont montré ce qu'il faut faire et ce qu'il ne faut pas faire. Aux Pays-Bas par exemple, les parents peuvent laisser leurs enfants circuler à vélo en ville et en dehors des villes. Gary Diderich essaie de s'imaginer un enfant de huit ans à Differdange se rendre au Woiwer, à Niederkorn, à Belvaux ou à Sanem. Mais aujourd'hui, c'est malheureusement impossible. Tracer des lignes et des flèches n'y changera rien. Il faudra par exemple aussi expliquer aux automobilistes s'ils ont le droit de traverser la ligne. D'après le Code de la route, c'est permis si la ligne n'est pas continue. Mais les gens ne le savent pas forcément.

Parfois, on se retrouve à un carrefour avec une rue à sens unique où des voitures sont garées des deux côtés. Une solution pourrait être de supprimer une ou deux places de stationnement afin que le cycliste puisse voir si des voitures arrivent. D'autres panneaux ou des couleurs sont peut-être aussi nécessaires.

Sans être un expert, Gary Diderich sait qu'aux Pays-Bas les panneaux sont suffisamment clairs pour que les cyclistes et les enfants se sentent en sécurité. À Differdange, il reste du pain sur la planche.

Fir dass de Vëlo a gréissere Stied méi Importenz kritt, déi e leider an deene leschte Joerzénge verluer huet.

En anere wichtege Facteur an dëser Reform ass den Elektroauto. Duerch d'ganz Gemeng si mer am Gaang Prisen unzemaachen a Plazen ze reservéiere fir Elektroautoen. Woumat mer e politesche Message no bausse wëlle ginn, datt mer op den Elektroauto an op den ëffentlechen Transport setzen. Mir sinn am Gaang ze kucke mat eisen technesche Servicer, fir wäitméiglechst mat Elektroautoen oder mat Maschinnen, déi elektresch bedriwwe sinn, kënnen ze fieren. Dat ass e Choix politique, wou ech voll dohannert stinn. A wann d'Ëmgeegungsstrooss op ass – dee gréisste Problem an deene leschte Joren an eiser Gemeng ass d'Zolwerstrooss, déi wäerte mer zrëckbauen –, wäert de Vëlo méi eng grouss Importenz kréien. Dat gött ëmmer méi gefrot an den eenzelne Stroossen.

An dëser Reform sinn alleguerten déi Schëlter dran, déi mer iwwert déi lescht Méint geännert hunn. Mir wëllen eis Stad méi verkéiersberouegend kréien, dem Vëlo eng méi grouss Importenz ginn a méi op Elektresch, wat d'Maschinnen an d'Autoen ugeet, setzen. Dat ass e Choix vun dësem Schäfferot. Mir wäerten och no där Etüd, déi mer gemaach hunn, an déi Richtung weiderfieren.

Wat d'Reform selwer ugeet, gesitt der alleguerten déi Changementer, Schëlter, Virfaarten an dat, wat mer am Gaang sinn ze änneren. E ganze Koup Saachen, eenzel Einbahnen an eenzelne Quartieren, wou et Sënn mécht. Déi Reform ass vum Ministère akzeptéiert. All déi Beschëlderungen, déi der gesitt, sinn akzeptéiert. Dat trëtt a Kraaft, wann der dat matstëmmt. Domadder hätte mer e groussen Deel an déi Richtung, déi dës Gemeng wëll aschloen am Verkéier, gestëmmt.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Bertinelli. Merci, Här Buergermeeschter fir d'Wuert.

Déi Léng begréisst d'allgemeng Richtung vun där doter Initiativ. Dat ass dee Wee, deen ee muss goen.

Et kann een awer driwwer schwätzen, wéi een dee Wee geet. Aus anere Länner an och zum Deel aus anere Gemengen kennt ee Beispiller, wéi een et ka maachen a wéi een et eben och net ka maachen.

Wann een an Holland ënnerwee ass, gesäit ee gutt Beispiller, wéi een et ka maachen, dass d'Mobilitéit fir d'Vëloen esou sécher ass, dass d'Leit hir Kanner mat rouegem Gewëssen am Duerf, an der Stad, zwëschen den Dierfer an zwëschen de Stied fuere loossen.

Wann ee sech dat nëmme virstellt, dass ee sech géif soen, ech loosse mäi Kand vun aacht Joer virun d'Dier an ech weess, dass et gutt um Woiwer ukënnt. Oder et mécht dee ganze Wee mam Vëlo bis op Nidderkuer, bis op Bieles, souguer nach am Wahrscheinlechten am Moment, wann et gutt kann drécken, respektiv bis op Suessem, wär dat jo eng immens Virstellung. Vun där Virstellung si mer leider awer nach wäit ewech. Déi kréie mer och net duerch déi Linnen an duerch déi Feiler geléist. De Vëlo kritt awer emol eng aner Plaz am ëffentleche Raum am Verkéier ageraamt.

Da muss een awer och kucken, ob et domadder duergeet, dat op de Buedem ze molen. Et muss een nach aner Initiativen ergräifen, fir dat ze erklären. Heescht dat dann elo, dass den Auto nieft der Linn muss fieren oder iwwert d'Linn ka fieren? Op alle Fall de Code la Route seet, dass een därif iwwer gestrécht Linne fieren. Mä et besteet awer eng gewëssen Onsécherheet bei de Leit.

An et gött och verschidde Kräizungen, wou déi eng Säit Einbahn ass, déi aner Säit zwou Säiten Autoe geparkt sinn an da soll een do ëm den Eck duerch d'Einbahn fieren. Wou ee sech awer nach eng Kéier muss iwwerleeën, ob dat dee richtege Wee ass. Respektiv wat ee maache kann. Vläch muss een eng oder zwou Parkplazen ewechloossen, dass ee

7. Règlements communaux

besser ëm den Eck gesäit. Oder muss ee vläicht mat méi Faarwe schaffen? Muss ee vläicht mat anere Schëlter schaffen?

Ech sinn net de Verkéiersexpert an deem Sënn. Mä wat ech op jidde Fall an Holland op e puer Plaze gesinn hunn, ass, datt et esou kloer signaliséiert ass, dass d'Leit an d'Kanner sech sécher spieren. Dass mer eis do nach e puer Saache müssen iwuerleeën, fir dass dat och hei nach méi kloer gött.

Mä u sech ass et en éischte Schratt, awer elo net d'Léisung an d'gëlle Kou, fir dat do gemaach ze hunn.

Ech ënnerstëtzen dat heiten a stëmmen dat mat. Mä ech wär awer frou, wa mer eis géifen zesumme Gedanke maachen, wéi mer do nach anescht kënne verfuehren, fir dass dat nach méi sécher gött fir jiddereen.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Diderich. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, wann Dir Vëloen an d'Einbahnstroosse moolt, huet dat vläicht e schéine Showeffekt, mä dat ass relativ geféierlech an der Praxis.

Vir drun huet den Här Antony dat schonn ugeschwat. Ech kann nëmmen ënnerstëtzen, wat e gesot huet. Ech fanne, dass dat keng gutt Iddi ass, wat hei passéiert. A wa mer elo doriwwer ofstëmmen, wéilt ech awer, dass mer déi Artikelen, wat déi Einbahnstroosse mat de Vëloen ugeet, separat ofstëmmen. Dat schénge mer d'Artikelen 2, 12-2.1.2, 13-2.1.2, 23-2.1.2 an 32-2.1.2 ze sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Kënnt Der mer se nach eng Kéier widerhuelen? Da schreiwen ech mer se op.

ALI RUCKERT (KPL):

Artikel 2, Artikel 12-2.1.2, Artikel 13-2.1.2, Artikel 23-2.1.2 an Artikel 32-2.1.2. Ech hoffen, dass ech elo keen iwewersinn hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen. Wann net, huele mer dat no.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Däerf ech dorop äntweren?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, selbstverständlech, Här Bertinelli.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Et geet eis net nëmmen ëm d'Vëlofuerer, déi déi Vëloen an enger Stad fuere kënnen, mä et geet eis och ëm en Ëmdenken. Ëm eng aner Verkéiersféierung fir déi, déi am Auto setzen. Well wann ech an eng Einbahn fuere, muss ech wëssen, datt mer Vëloen entgéintkomme kënnen. Wou mer dee gréisste Problem hunn – an ech schwätzen hei aus Erfahrung – mat deene Schëlter, déi mer opsetzen. Dee gréisste Problem hu mer mat der Vitesse an den Einbahnen. An den Einbahnen, well dat riicht Stroosse sinn, soen d'Leit: Do kënnt mer keen entgéint. Wa mer déi Stroossen an eiser Gemeng huelen, wou am schnellste gefuer gött – an dat kann ech iech schwaarz op wäiss weisen –, sinn dat d'Einbahnen.

Et ass jo net mat deem heite Projet alleng geden. Mir hätte gär en Ëmdenke bei deene Leit, déi mat den Autoe fuere, datt an enger Stad, wou 30er Zonen, Schoulen a Lieu-de-rencontré sinn, lues a lues e Bewosstsinn kënnt an de Käpp vun deene Leit, déi mat den Autoe fuere. Hei ka mer e Vëlo entgéintkommen.

Den Här Liesch an ech hu Plaze fonnt, wou mer gesot hunn: Hei geet et net. Hei kënne mer dat net duerchsetzen. Mä et geet drëm, fir eng aner Verkéiers-

La réforme d'aujourd'hui constitue un premier pas, mais pas une solution. Gary Diderich approuvera la réforme, mais demande que l'on continue de rendre la situation plus sûre.

ALI RUCKERT (KPL) s'exclame qu'il est bien beau de dessiner des vélos dans les rues à sens unique, mais que c'est surtout aussi très dangereux. Il soutient ce qu'a dit M. Antony tout à l'heure. Il demande que les articles 2, 12-2.1.2, 13-2.1.2, 23-2.1.2 et 32-2.1.2 soient votés séparément.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) demande à M. Ruckert de répéter les articles.

ALI RUCKERT (KPL) s'exécute. Il espère ne rien avoir oublié.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que si c'est le cas, l'article en question sera ajouté par la suite.

FRED BERTINELLI (LSAP) souhaite prendre position.

Pour lui, il ne s'agit pas seulement de permettre aux cyclistes de circuler en ville, mais de faire évoluer les mentalités. Lorsqu'un automobiliste s'engage dans une rue à sens unique, il doit savoir qu'il peut croiser un cycliste. Or c'est justement dans les rues à sens unique que les automobilistes ont tendance à rouler trop vite.

Bien sûr, ce seul projet ne suffit pas. Mais les automobilistes doivent comprendre que dans une ville avec des zones 30, des écoles et des lieux de rencontre, ils peuvent rencontrer des vélos dans la rue.

M. Liesch et Fred Bertinelli savent que ce n'est pas réalisable partout. Mais le vélo doit être valorisé.

Les pistes cyclables entre Differdange et Niederkorn auraient dû être terminées, mais l'État a pris du retard.

Bien entendu, la situation n'est pas comparable aux Pays-Bas où les rues ont été tracées à la règle.

7. Règlements communaux

Aujourd'hui, au Luxembourg, les automobilistes sont irrités quand ils voient un cycliste. Parfois, des cyclistes roulent à vingt ou trente kilomètres par heure et pourtant, les automobilistes klaxonnent. Or le vélo est un moyen de transport comme les autres.

La Ville de Differdange ne réinvente pas la roue. Des études de circulation démontrent que c'est ce qu'il faut faire. Tout n'est pas permis aux automobilistes. Ils doivent se tenir aux limitations de vitesse, car des cyclistes peuvent surgir.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que d'autres villes au Luxembourg procèdent déjà de la même manière. Ceux qui sont contraires à l'idée ne roulent pas eux-mêmes à vélo.

Tout comme le piéton, le cycliste recherche le chemin le plus court. Si c'est nécessaire, il roule sur le trottoir. C'est pourquoi il vaut mieux lui permettre certaines choses. Le collège échevinal est unanime.

Par ailleurs, s'il fallait interdire aux cyclistes de circuler dans les sens uniques, il n'y en aurait plus à Luxembourg-ville ou aux Pays-Bas. Differdange ne réinvente pas la roue.

Roberto Traversini passe aux votes.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

propose de soumettre tous les articles portant sur les sens uniques à un vote séparé comme demandé par

M. Ruckert.
(Votes)

situatioun an eiser Stad ze kréie wéi déi, déi mer elo hunn. A fir dem Vëlo e Stel-
lewäert ze ginn.

Dat hei ass eréischt en Ufank. Déi Vë-
losweeër zwëschen Déifferdeng an Nid-
derkuer hätte scho kënne fäerdeg sinn.
Mer waarden e bëssen op de Stat.

Alleguerten déi Ubannunge si mer am-
gaangen ze maachen. Et ass net grad
esou wéi an Holland, well do déi
meescht Stied mam Räissbriet gezee-
chent gi sinn an niewendrun d'Vëlospist
gesat gi sinn. Déi Chance hu mer leider
net. Soss géife mer dat och maachen.
Mä do, wou et méiglech ass, probéiere
mer dem Vëlo en anere Stel-
lewäert ze ginn.

Well et schéngt mer jo awer haut esou
ze sinn, wann ee mam Vëlo – an déi vill
Vëlosfuerer wëssen dat – iwwert
d'Strooss fiert, wou Autoe kommen,
datt ee scho kromm gekuckt gëtt. Datt
scho getut gëtt. Firwat fiers du iwwer-
haapt mam Vëlo hei.

Oder wann ech gesinn, dass Vëlosfuerer,
déi mat 20 oder souguer iwwer 30 fue-
ren den Autosfuerer schonn op den
Nerv geet a getut gëtt. Mir mussen do
eng Bewosstsinnänerung an de Käpp
vun de Leit kréien, datt e Vëlo grad esou
e Verkéiersteilnehmer ass wéi en Auto a
grad esou e Stel-
lewäert muss hunn an
eiser Stad wéi en Auto. Et muss een ier-
gendwou ufänken, wat mer och elo ge-
maach hunn.

Mä dee Vëlo wäert an deenen nächste
Joren an anere Stel-
lewäert kréie wéi
deen, deen en elo huet. Dat ass näischt,
wat mir hei zu Déifferdeng erfonnt
hunn, mä dat si ganz grouss Verkéierse-
tuden, déi dat do soen, dass mer op
deen dote Wee musse goen.

A wéi gesot, mir mussen iergendwou
ufänken. A Bewosstsinnänerungen an
de Käpp vun de Leit kréien, déi mat den
Autoe fueren, dass mam Auto op der
Strooss net alles erlaabt ass an datt ee
muss wëssen, hei dierf een net méi wéi
30 fueren, well do ka mer e Vëlo ent-
géintkommen. Dat fannen ech guer net
esou schlecht.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli.

Mir erfannen d'Rad net nei. Et ass jo
net, wéi wann déi grouss Stied och hei
am Land net schonn esou géife fueren.

Ech wëll elo kengem ze no trieden, mä
et mierkt een awer gutt, datt déi Leit,
déi dogéint sinn, net selwer perséinlech
Vëlo fueren. Well wat sicht de Vëlosfue-
rer? Dee mécht genau datselwecht wéi
de Foussgänger. Dee sicht sech dee
kierzte Wee. E sicht sech dee kierzte
Wee, andeem en entweder iwwert
d'Trottoir fiert oder op verschiddene
Weeër. Dat ass esou. E Vëlosfuerer ass
wéi e Foussgänger. Dee sicht sech dee
kierzte Wee. An dann ass et vläicht gutt,
datt een him och verschidde Saachen er-
laabt.

Op alle Fall ass dee ganze Schäfferot en-
ger Meenung. Et ass een net liewens-
midd, wann een duerch eng Einbahn
fiert, well soss dierfen et an der Stad
keng Vëlosfuerer méi ginn. Oder an
Holland. A guer net ze schwätze vun
anere grouss Länner, wou dat scho
laang agefouert ginn ass, ier et op Déif-
ferdeng komm ass. D'Rad gëtt hei net
nei erfonnt.

Mir géifen dann zum Vott kommen.
Zwee Votten. Deen éischte Vott sinn
d'Artikelen 2, 12-2-12, 13-2-12, 23-2-
12 an 32-2-12. Wann ech richtig verstan-
nen hunn, Här Ruckert, musst Dir elo
dogéint stëmmen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Mä wann den Här Ruckert elo een iw-
wersinn hätt, huele mer all déi Artike-
len, wou kann iwwer eng Einbahn era-
gefuer gi mat Vëloen, an engem separate
Votum. Och wann ee vergiess ginn ass,
sou ass e mat abegraff.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

7. Règlements communaux

Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 2 voix non d'approuver le nouvel article du règlement général de circulation dénommé «Art. 2/12: Accès interdit, excepté cycles» au sein du chapitre 2 «Circulation – Interdictions et restrictions».

Villmoos Merci. De Vott iwwert de Rescht vun der Reform.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver toutes les autres modifications du règlement général de la circulation.

Villmoos Merci.

Da komme mer zu engem Avenant zum Stationnement résidentiel, Här Bertinelli.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Mir fuere weider mat de Quartiers résidentiels. Dat geet weider op de Fousbann an Nidderkuer. Dat sinn d'rue Pierre Gansen, d'rue de Sanem, d'Kräizung rue Woïwer erop op de Fousbann. All déi Modifikatiounen iwwert d'Reform sinn akzeptéiert.

Lues a lues kommen déi Stécker all zesammen, well mer Deel fir Deel huelen. Mir si bal esouwäit. Ech hoffen, datt mer nach an dëser Legislaturperiod fäerdeg ginn, datt mer eis ganz Stad am Quartier résidentiel hunn.

Mir hunn eenzel Parkingen an déi Quartiere gesat a fuere natierlech mat där Politik weider. Dat ass och erwünscht bei der Populatioun dobaussen. D'Leit si frou doriwwer, datt déi Autosfuere, déi näischt an hire Quartiere verluer hunn, hir Autoen net méi do deposéieren. Duerfir fuere mer domat weider, well dat och vun eise Bierger esou erwünscht ass. Mir hunn all Méindeg grouss Demanden an der Verkéierskommissioun, firwat hire Quartier nach net résidentiel ass. Mir mussen ëmmer waarden, bis d'Reform vum Ministère erëm ass.

Dat hei ass e groussen Deel vum Puzzle. An et feelt net méi ganz vill, dann hu mer eis ganz Stad an engem Quartier résidentiel, wat och esou erwünscht ass. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och Här Bertinelli. Här Bernard, Dir hutt d'Wuert.

CARLO BERNARD (DP):

Ech wollt just soen, datt déi Parking-résidentielle ganz gutt sinn, mä datt herno och kontrolléiert muss ginn.

Well am Quartier, wou ech wunnen, do ass Parking, Trottoir a Vëloswee. Dir hutt e Vëloswee agezeechent a mir hunn en Trottoir do. D'Autoe stinn zweemol falsch. Mat deem enge Rad sti se um Trottoir. Mat deem anere sti se um Vëloswee. Dat ass doudgefëierlech.

Ech sinn d'accord mat de Vëlospisten. Mä da muss et awer och kontrolléiert ginn. An och fir d'Vëlofuere. Well mueres fuere der erof op Déifferdeng an d'Zolwerstrooss, wou et ganz geféierlech ass. Do ass riets a lénks e Vëloswee. Mä déi fuere awer lénks laanscht d'Autoen. Da mussen d'Vëlofuere och kontrolléiert ginn, ob se sech un d'Situatioun halen, datt se dann och d'Vëlospur benotzen.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir hutt ganz Recht. Och de Vëlo muss sech un de Code de la Route halen.

Eis néng Beamte maachen eng ganz gutt Aarbecht. De Schafferot huet decidéiert dee Service opzestocken, well mer méi Leit brauchen, fir dat hinze kréien. Mir sinn eis däers bewosst. Mir probéieren esou gutt et geet, bei där viller Aarbecht, déi d'Leit hunn.

Dat do ass e Quartier résidentiel, wou Dir wunnt, Här Bernard, wou se net esou oft kontrolléiere ginn. Mä wa Problemer sinn – ech mengen, Dir sidd Conseiller hei am Gemengerot –, braucht Der nëmme Bescheid ze soen. Da këmmere mir eis drëm.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe à un avenant au stationnement résidentiel.

FRED BERTINELLI (LSAP) précise que le stationnement résidentiel est étendu au Fousbann et à Niederkorn, notamment dans la rue Pierre-Gansen, la rue de Sanem et la rue Woïwer en direction du Fousbann.

Fred Bertinelli espère qu'avant la fin de la période législative, tout le territoire sera soumis au stationnement résidentiel.

Le collège échevinal aménage aussi des parcs de stationnement dans les quartiers. Les habitants sont contents que les automobilistes ne déposent plus leurs voitures dans les quartiers. La commission de la circulation est submergée de demandes d'introduction du stationnement résidentiel.

Aujourd'hui, le collège échevinal ajoute une nouvelle pièce au puzzle.

CARLO BERNARD (DP) n'a rien contre le stationnement résidentiel, mais il faut des contrôles.

Dans le quartier où il habite, il y a le trottoir, des places de stationnement et des pistes cyclables. Les voitures se garent avec une roue sur le trottoir et une deuxième sur les pistes. Sans oublier que les cyclistes ne se tiennent pas toujours aux règles. La situation est dangereuse.

FRED BERTINELLI (LSAP) admet que les cyclistes doivent se tenir au Code de la route.

Les neuf agents municipaux font du bon travail et le collège échevinal a décidé de renforcer l'équipe.

Il est vrai que le quartier où habite M. Bernard n'est pas contrôlé souvent. Mais s'il y a des problèmes, M. Bernard n'a qu'à le dire. Les agents municipaux réagissent aux sollicitations.

(Vote)

7. Règlements communaux

Fred Bertinelli passe aux règlements temporaires de circulation. La rue Saint-Nicolas sera fermée du 15 mai à décembre. Les travaux dans la rue de l'Église et la rue Saint-Pierre se poursuivent jusqu'au 28 juillet. Dans la rue de Niederkorn, de nouveaux arrêts de Diffbus sont construits.

Dans la rue de Belvaux, des travaux de réseau sont effectués.

La construction de la rocade avance bien. Les techniciens de la commune participent aux réunions. Fred Bertinelli demande aux habitants d'être patients, mais il s'agit d'un gros chantier. Dès que M. Muller ou Fred Bertinelli remarquent que quelque chose ne va pas, ils contactent les personnes concernées et essaient de trouver une solution.

Au cours des prochains jours, le macadam sera posé au Fousbann. Les travaux sont finis à hauteur de la station-service. Bref, le rêve du contournement deviendra bientôt réalité.

Le revêtement de la chaussée dans la Grand-rue sera posé le 1^{er} juillet. M. Muller a travaillé dur pour y parvenir. Le 15 aura lieu l'ouverture officielle de la rue. Le conseil communal y est cordialement invité.

ARTHUR WINTRINGER (DP) a une question concernant CBL. Avant-hier, il a été dit que la route serait ouverte à la circulation. Les camionneurs sont-ils au courant? Car ils continuent de passer par le virage.

Mir ginn oft ugeschwat. Wann an deem engem oder anere Quartier Problemer sinn, reagéiere mer drop. Wéi gesot, eise Service mat eisen Agents de circulation ass e bëssen ënnerbesat. Mä wa mer wëssen, wou e Problem ass, reagéiere mer ganz schnell a ginn eis dat ukucken.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉ GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli.

Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant au stationnement résidentiel.

Elo komme mer nach zu de Règlement-temporaires.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Bei de Reglement-temporaire sinn Aarbechten am Gaang an der rue Saint Nicolas. Vum 15. Mee bis Dezember ass zou. Do gött eng Residenz gebaut. Dofir ass en Deel vum Trottoir gespaart.

An der rue de l'Église an der rue Saint Pierre ginn d'Aarbechte weider bis den 28. Juli. Da sinn déi och fäerdeg. Dat ass e Schantjen, dee scho méi laang am Gaang ass.

An der rue de Niederkorn ginn d'Emplacementer gemaach fir eisen Diffbus. Déi nei Haltestellen, déi gebaut ginn. Do muss een e bësse ronderëm fueren.

An an der rue de Belvaux gi Reseaux-aarbechte gemaach.

Dir gesitt, wann der duerch d'rue Emile Mark fuert, datt eise Projet vun der Ëmgeungsstrooss relativ gutt virugeet. Dat ass, well mer do hannendru bleiwen an eis an de Reunionen amëschen, datt déi Saachen och viruginn. Hei froe mer nach eng Kéier ëm Verständnis bei déi Leit. Mä bei esou grouss Schantercher bleift et net aus, datt mer heiansdo d'Leit musse ploen.

Eis Leit aus der Gemeng probéieren ëmmer an deene Sitzunge mat Ponts & Chaussées dobäi ze sinn. Den Här Muller an ech këmmen eis drëm. Wa mer nëmme gesinn, datt lénks oder riets eppes net klappt, ruffe mer d'Leit zesammen a probéieren déi Problemer esou schnell wéi méiglech ze léisen.

Um Fousbann feelt nach just de Makadam. Dat wäert an deenen nächsten Deeg gemaach ginn. Uewe bei der Station si mer esouwäit. An endlech geet dann e groussen Dram, ech menge vun eis alleguerten, an Erfëllung, datt déi Ëmgeungsstrooss endlech opgeet. Datt mer déi Situatioun, fir an eis Stad eranzefueren, zum groussen Deel verbessert kréien.

Här Buergermeeschter, wann Der erlaabt, wéilt ech de Gemengerot iwwer eenzel Saachen informéieren. Den 1. Juli gött de Belag an der Groussstrooss geluecht. Do huet den Här Muller ganz vill dru geschafft, datt dat esou schnell virugaangen ass. De 25. sidd der alleguerten häerzlech invitéiert. De 15. ass déi offiziell Ouverture vun der Groussstrooss mat den Amenagementer. Do sidd der häerzlech invitéiert. Dir kritt nach eng Invitatioun. Mir hunn do Drock gemaach, fir dat nach esou schnell virum Congé collectif iwwert d'Bün ze kréien.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉ GRÉNG):

Merci och, Här Bertinelli.

Här Wintringer, w.e.gl.

ARTHUR WINTRINGER (DP):

Ech hätt eng Fro. Virgëschter, wou mer bei d'CBL waren, war gesot ginn, d'Strooss géif opgemaach ginn. Ech hunn awer eng Mail kritt, dass se nach gëschter dee ganzen Dag iwwert dee schaarfen Eck gefuer sinn. Wëssen d'Camionschaufferen net Bescheid? Oder steet dat Schëld nach ëmmer do, dass se net dierfen do erop fueren? Well gëschter si se nach dee ganzen Dag iwwert dee schaarfen Eck do gefuer.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

D'Chauffere waren net informéiert gi vum Betrib selwer. Dat ass eng Gewunnecht. Dee kontaminéierte Buedem, dee se ewechgeholl hunn, muss jo elo erëm mat guddem Buedem opgefëllt ginn.

De Buergermeeschter hat an enger Gemengerotssitzung de Leit gesot, datt et deen een oder aneren Dag wäert daueren, bis dat Lach erëm mat guddem Buedem opgefëllt ass an datt an där Strooss eng Dose Camion wäerten era-fueren.

Fir déi Leit, déi dat net matkritt hunn, huet d'Gemeng Suessem eis leschte Freideg e Mail geschéckt, fir déi Strooss zouzemaachen. Bierger hätte reklaméiert, datt do vill ze vill Camion géife fueren.

All Déifferdenger kennt déi Strooss, wou de Lazzara war, wou de Micolino war, wou an de leschte 50 Joer Honnerten an Honnerte Camionen an déi Zone industrielle gefuer sinn. De Schäfferot war ganz iwwerrascht. Mir hunn direkt drop reagéiert. Freides owes haten d'Leit e Flyer an hirer Boîte. D'Saache ginn ni esou waarm giess, wéi se gekacht ginn. Mir hunn elo nach eng Kéier Rendez-vous mam Schäfferot vun der Gemeng Suessem, fir dat ze klären an eng definitiv Léisung ze fannen.

Mä Dir hutt Recht. Dat war awer intern iwwert de Betrib. Domadder hu mir näischt ze dinn, Här Wintringer. Mä et ass hinne gesot ginn, datt se elo sollen déi aner Strooss erausfueren, fir dat Lach mat Buedem ze fëllen.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Ech hat geduecht, Dir géift eis luewen, well mer esou schnell reagéiert haten.

Mir kéimen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Den achte Punkt sinn d'Kreatioun vu véier Posten. Dir wësst, datt mer alles insourcen. Och eis Programmation. Dofir géife mer nach wëllen e Poste schafen an der Museksschoul, wéi den Här Ulveling virdru gesot huet. Eng hal-lef Tache, well d'Madamm Brandenburger sech nach méi intensiv ëm d'Sproochcourse këmmere wäert.

Duerch dat neit Nationalitéitgesetz ass et méiglech, wann een 20 Joer zu Lëtzebuerg gewunnt huet, dass ee 24 Stonne Course muss maachen. Déi Course wäerten am September ufänken. Deen Zyklus wäert sech iwwert d'ganz Joer zéien, wou een all Ablack ka matmaachen. Wann ech richteg informéiert sinn, sinn et e puer Dausend Leit, déi bei eis kéinten iwwert dee Wee Lëtzebuerger ginn. Dat ass enorm vill. Mä si brauchen eben déi 24 Stonne Cours.

Am Service scolaire – den Här Liesch an den Här Ruckert haten dat schonn ugeschwat – e Poste vun engem Schwammmeeschter oder enger Schwammmeeschterin. An am Service des Sports eng Aarbechterplaz, well do ëmmer méi Sportskomplexer bäikommen. Da géife mer doriwwer ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organigramme du personnel communal.

Dëse Punkt geet iwwert déi verschidde Schreifweise vun eise Stroossen a vun eise Plazen. Mir schloe se d'selwecht vir, wéi der se am Dossier hutt a wéi se dann och am Gestcom, am SIGI an am Kadaster stinn. Dat ass eng Proforma. Eis Propositionen sinn déiselwecht wéi am Kadaster, am SIGI an am Gestcom.

Här Hobscheit.

FRED BERTINELLI (LSAP) répond que les chauffeurs n'ont pas été informés par l'entreprise.

La terre contaminée doit être remplacée par de la nouvelle terre. C'est pourquoi le bourgmestre avait informé les habitants qu'une douzaine de camions allaient devoir passer par cette rue.

Fred Bertinelli rappelle que vendredi dernier, la commune de Sanem avait prévenu Differdange qu'elle fermerait la rue en raison de réclamations des habitants. Cela a fortement surpris le collège échevinal. Le soir même, un flyer a été distribué aux riverains. Le collège échevinal de Differdange a rendez-vous avec le collège échevinal de Sanem pour trouver une solution définitive.

Pour revenir à la question de M. Wintringer, l'entreprise n'avait pas prévenu ses chauffeurs. C'est désormais chose faite.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) s'attendait à des louanges pour la réactivité du collège échevinal.

(Vote)

Roberto Traversini passe à la création de quatre postes, dont une demi-tâche à l'École de musique pour remplacer M^{me} Brandenburger, qui se consacrera davantage aux cours de langue.

La nouvelle loi sur la nationalité permet désormais aux personnes ayant vécu 20 ans au Luxembourg de demander la nationalité luxembourgeoise à condition qu'elles suivent un cours de 24 heures.

Un poste de maître-nageur est créé dans le service scolaire et un poste d'ouvrier dans le service des sports.

(Vote)

Roberto Traversini passe à la dénomination de rues. Il propose de reprendre les noms tels qu'ils figurent dans le Gestcom, au SIGI et dans le cadastre.

9. Dénomination de rues / 10. Statuts du TICE

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *a remarqué que dans le dossier, le nom de la rue dans laquelle il a grandi n'est pas cohérent avec celui figurant sur les panneaux. Une fois, il est écrit rue Docteur Émile Pauly et une fois rue Docteur Pauly. La commune devrait décider si elle veut inscrire les prénoms sur les panneaux ou pas.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *se dit convaincu que M. Bertinelli s'occupera de la question. (Vote)*

Roberto Traversini passe à une petite modification des statuts du TICE.

Actuellement, le bureau est composé de huit personnes, mais le syndicat compte neuf communes. Le comité a décidé que chaque commune doit être représentée au sein du bureau. Roberto Traversini cède la parole à M. Antony, qui fait partie du comité.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP) *souhaite apporter quelques précisions.*

Chaque commune devenant membre du TICE a droit à un représentant au sein du comité, mais pas au sein du bureau, où l'État ne le permet pas. Le bureau est voté par le comité.

Le nombre de représentants dépend du nombre d'habitants des communes. Differdange a droit à quatre membres: M^{me} Schambourg, M. Bertinelli, M. Bernard et François Antony.

Les nouvelles communes doivent participer aux frais — notamment les terrains et les bâtiments — à partir de la date où elles ont rejoint le TICE.

Le TICE va changer de nom pour devenir les Tramways intercommunaux dans le canton d'Esch. L'objectif est d'inclure le tram dans la dénomination.

Tous les 15 novembre, les communes reçoivent des informations sur la situation du TICE et ses finances.

Le TICE vient de commander 400 laptops pour le personnel

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Ech hu just eng kleng Remarque dozou.

Zoufälleg taucht eng Strooss an där Lëscht op an där ech opgewuess sinn an do si mer awer net kohärent par rapport zu de Stroosseschëlter, déi mer als Gemeng opstellen. Well do steet rue Docteur Emile Pauly an um offizielle Schëld vun der Gemeng steet rue Docteur Pauly. Dat ass net datselwecht.

Mir sollten eis doriwwer eens ginn, wéi mer d'Stroossen op eise Schëlter nennen. Ob mer de Virnumm ewechloossen oder net. Op jidde Fall um offizielle Schëld vun der Gemeng, steet rue Docteur Pauly. Hei decidéiere mer eis elo fir rue Docteur Emile Pauly. Wa scho Kohärenz, da richteg an iwwerall.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech sinn iwwerzeegt, datt den Här Bertinelli dat direkt wäert an Optrag ginn.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Ass mer bei där Strooss eben opgefall. Dat just als Remarque.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir hutt vollkomme Recht. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'harmonisation orthographique de différents noms de rues.

Deen nächste Punkt ass eng kleng Modifikatioun vun den T.I.C.E.-Statuten. Ech maachen e kleng Resumé.

Do sinn aacht Leit am Moment am Büro. Et sinn awer néng Gemenge Member. De Comité huet decidéiert dat opzestocken, datt all Gemeng soll am Büro vertruede sinn. Mir fannen dat eng gutt Iddi.

Dat war elo e schnelle Resumé, mä dat ass d'Haaptessenz, ëm wat et geet. Den Här Antony Fränz ass an deem Comité an hoffentlech seet en datselwecht, wat ech elo gesot hunn.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Selbstverständlech, Här Buergermeeschter.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt iech e puer Detailer vun deene Statuten-Ännerunge matdeelen, déi mer virleien hunn, fir approvéeiert ze ginn.

Wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, ass eng dovunner déi, datt all nei Gemeng, déi wëll Member gi bei eis am TICE, e Recht huet op ee Member am Comité. Net am Büro wuelverstanen. Am Büro huet de Stat dat net zouge-looss. De Büro gëtt vum Comité gewielt.

Et ass e Schlëssel gesat ginn, datt all Gemeng pro 3,5% vun der Populatioun vun all de Gemengen ee Member zegutt huet. Dat heescht, mir hunn der véier zegutt. An dat am Numm vun der Madamm Schambourg, dem Här Bertinelli, dem Här Bernard a menger Weinegkeet.

Déi nei Gemengen, déi dem Syndikat wëlle bäitrieden, musse sech un den Onkäscht wéi Terrainen an Immobilie bedeelegen. Awer eréischt vun deem Datum un, wou se dem TICE bäitrieden. Net wéi et soss war vun Ufank un, well dat wäeren Onmass Zomme ginn, déi eng Gemeng haut net méi kéint bewältigen.

Wéi der vläicht schonn héieren hutt, gëtt den TICE ëmbenannt. Bis elo huet TICE Transport Intercommunal de Personnes dans le Canton d'Esch geheescht a gëtt elo ëmbenannt an Tramways Intercommunaux dans le Canton d'Esch. Firwat? Dat ass fir den Numm Tram dran ze involvéieren an deem Sënn. Dofir den Numm Tramway.

All 15. November ginn d'Gemengen driwwer informéiert, wéi de Stand vum TICE ass, wéi et mat de Sue steet a wivill Onkäschtchen op all Gemeng zoukommen. Vu dass se dat am Budget musse bedenken.

Zum Schluss nach eng kleng Informatioun. Mir hu 400 Laptoppe bestallt fir

10. Statuts du TICE

d'Personal, dat do schafft – d'Buschauf-
feren zum Beispill –, dass déi um Quivi-
ve sinn a wëssen, wou se dru sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Déi si méi wäit wéi mir hei.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat wollt Der jo domadder soen.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Ech mengen, ech hätt domadder alles
gesot. Ech soen iech Merci fir d'No-
lauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Den Här Bertinelli.

SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Firwat kouw et zu enger Statuten-Än-
nerung? D'Statuten-Ännerung ass
komm, well mer vu verschiddene Ge-
mengen Demandë virleien haten, fir
dem Syndikat bäizetrieden. Et ass eng
riseg Diskussioun ginn.

D'Déifferdenger Gemeng ass eng vun de
Grënner vun dësem Syndikat. Iwwert
d'Joren ass vill investéiert ginn. Do ass
eng Formule gesicht ginn, wann eng nei
Gemeng dësem Syndikat wéilt bäitrie-
den, wéi d'Konditiounen sinn. Well mir
haten de Fall, dass eng Gemeng wollt
bäitrieden. Mä et war näischt festgeha-
len an de Statuten, wat déi Gemeng
misst leeschten, fir opgehall ze ginn.

D'Dotatioun gëtt jo op d'Gréisst vun
den Awunner vun der Stad bezuelt. Do
ware Gemengen dobäi, déi net domat
d'accord waren. Mä all déi Gebailech-
keeten, all déi Saachen, den Avoir ass jo-

relaang vu verschiddene Gemenge ge-
leescht ginn a geschélt ginn. Da kann et
jo net sinn, datt eng Gemeng, déi nei
bäikënnt, zum Nulltarif bäikënnt. Do
huet missen eng Léisung fonnt ginn. Do
ass laang driwwer diskutéiert ginn.

Dat ass ee vun de Facteuren. Elo ass dat
ganz kloer definéiert. Déi Gemeng, déi
elo wëll bäikommen, weess, datt se
muss souvill bäileeën op d'Gréisst vun
hirer Gemeng an op den Avoir vum TI-
CE, fir dem Syndikat kënne bäizetrie-
den. Dofir déi Statuten-Ännerung.

Am Gemeengesetz ass festgehalten, datt
de Prozentsaz op 5,3% soll erhéicht
ginn. De Wëlle vun de Gemengen alle-
guerte war fir de Schlëssel vum Personal
an d'Luucht gesat ze kréien, fir méi Leit
am Büro an am Comité ze hunn. Dat
ass elo esou festgehalten.

Wat den Numm ugeet, dir wësst jo alle-
guerten, datt de Prosud am Gaang ass,
am Süden un engem Tram ze schaffen,
wéi och an der Stad. Dohier den Numm
Tramways, falls enges Daags de Süd-
tram sollt kommen, wou de ganze Sü-
den am Gaang ass, drun ze schaffen, fir
dat ze koordinéiere mat Tram a Bus, fir
net nëmmen alleng op de Bus ugewisen
ze sinn. Dofir d'Propositioun vun alle
Gemengeréit, fir den Numm Tramways
mat eranzehuelen. Den definitiven
Numm ass nach net honnertprozenteg
kloer. Mä Tramway soll mat dra sinn,
well dat Bus an Tram zesummen ass.

Dat ass e bëssen d'Entstehung, wéi et zu
der Statuten-Ännerung komm ass. Mä
dee groussen Deel vun der Statuten-Än-
nerung war, well Gemenge wollt bäi-
trieden an néierens kloer definéiert war,
wat ee misst maachen, fir bäizetrieden.
Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Här Bernard Carlo, laangjäreg Member
am TICE, wou en nach ëmmer dran
ass.

CARLO BERNARD (DP):

Ech hunn eng Fro. Dir hutt gesot pro
Gemeng een am Comité. Am Büro.

— et notamment les chauffeurs
de bus.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
*constate que le TICE est en
avance sur la Ville de Differ-
dange.*

FRANÇOIS ANTONY (LSAP) *répond
que oui.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
*suppose que c'est ce que M. An-
tony voulait dire.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *ajoute que
les modifications des statuts
sont dues au fait que des com-
munes ont demandé à rejoindre
le TICE, ce qui a provoqué une
discussion.*

*Differdange est une des com-
munes fondatrices. Au fil des
ans, des sommes importantes
ont été investies dans le syndi-
cat. Mais les statuts ne pré-
voient pas de conditions d'ad-
mission. Les avoirs du TICE ont
été financés au fil des ans par les
communes membres. Il serait
inadmissible que les nouvelles
communes puissent en profiter
sans avoir rien à payer.*

*Grâce aux nouveaux statuts, les
communes voulant rejoindre le
TICE connaissent leur contribu-
tion calculée sur base de leur po-
pulation et des avoirs du syndi-
cat.*

*Les différentes communes mem-
bres ont souhaité disposer de
plus de représentants au sein du
bureau et du comité. Cela aussi
a été retenu dans les statuts.*

*Le Prosud travaille à la mise en
place d'un tram. C'est pourquoi
le nom du TICE va changer
pour inclure le mot «tramway»,
même si le nom définitif n'est
pas encore connu.*

*Fred Bertinelli répète que le but
principal de la modification de
statuts était de définir les condi-
tions d'admission.*

CARLO BERNARD (DP) *constate que
M. Antony a parlé d'un repré-
sentant par commune au sein du
bureau.*

10. Statuts du TICE

FRANÇOIS ANTONY (LSAP) *s'excuse. Il voulait dire un membre au sein du comité.*

(Discussion)

François Antony précise que le bureau est élu par le comité.

CARLO BERNARD (DP) *suppose qu'il y a donc neuf communes et neuf personnes au bureau.*

FRANÇOIS ANTONY (LSAP) *répond qu'il y en a huit.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *confirme que le bureau compte huit membres.*

FRANÇOIS ANTONY (LSAP) *répète qu'il y a huit membres et neuf communes.*

CARLO BERNARD (DP) *lit dans le dossier que le bureau compte neuf membres.*
(Discussions)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *constate que le nombre va passer de huit à neuf. Il y a trois ou quatre ans, des discussions ont eu lieu parce que Kayl n'était pas représenté.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *constate que dans le mail dont il dispose, il est écrit que le ministère de l'Intérieur n'a pas souhaité que chaque commune membre soit représentée dans le bureau.*

FRANÇOIS ANTONY (LSAP) *confirme les propos de M. Diderich.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *rappelle que le nom ne semble pas encore clair. Les statuts vont être approuvés. Ensuite, ils seront envoyés au ministère de l'Intérieur avant de revenir. Est-ce exact?*

FRANÇOIS ANTONY (LSAP) *trouve la procédure détaillée.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *insiste sur le fait que le mail est contradictoire.*

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Neen. Entschëllegt. Ech hu gesot pro Gemeng ee Member am Comité. Och wann en ënner 3% kënnt.

(Diskussioun)

Neen, am Comité. De Büro gëtt gewielt vum Comité.

CARLO BERNARD (DP):

Ech hunn eng Fro dozou. Et sinn néng Leit am Büro an et sinn néng Gemen-gen.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Neen, aacht.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, aacht Leit am Büro.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Den Här Bertinelli huet et virdru gesot. Den Här Buergermeeschter och.

Et sinn aacht Memberen an néng Gemen-gen. Also eng Gemeng huet keen.

CARLO BERNARD (DP):

Et sinn der néng am Büro. Hei steet et geschriwwen.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Gëtt et nach Froen dozou? Ech liesen, datt am Moment vun aacht op néng eropgesat gëtt, well all Gemeng soll am Büro vertrauede sinn. Virun dräi véier Joer war Kaméidi, wou d'Büroen zesumme-gesat gi sinn an d'Gemeng Keel do net vertrauede war. Den TICE-Comité huet dat net richteg empfonnt.

Jo, Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dir sot elo dat. Am Mail, dee mer hei leien hunn, steet: ... «était d'introduire l'idée que chaque commune membre puisse être représentée au sein du bureau. Comme cela n'est pas souhaité par le ministère de l'Intérieur, cette notion a été laissée tomber, mais aurait fait beaucoup de bien au syndicat».

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Jo.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Den Numm schéngt och iergendwéi net ganz kloer ze sinn. Stëmme mir elo déi Statuten, esou wéi se hei stinn?

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Wéi am Comité, jo.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

An da geet dat un den Interieur. Da kënnt dat nach eng Kéier zrëck. An da wësse mer, wou mer dru sinn. Oder wat maache mer elo?

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Dat ass jo awer détailléiert.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

De Mail ass kontradiktöresch.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech mengen, datt mer déi Statue sollen esou stëmmen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Déi Statute si konform zum Syndikats-gesetz. De Comité seet wuel néng Leit fir de Büro, mä et steet net an deenen neie Statuten, dass dat vun all Gemeng

11. Commissions/ 12. Motion de déi Lénk

een ass. Dat heescht, de Comité ass autonom, seng néng Leit ze stëmmen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ah.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

An och déi vum TICE. Dat heescht, wa sech der e puer aus enger Gemeng mengen an et géif zu engem Votum kommen, dass in fine der just dräi aus enger Gemeng am Büro sinn, da si se dran. An egal ween déi Gemeng ass, déi net dran ass, déi ka sech op de Kapp stellen. De Statut ass konform zum Gemengesyndikatsgesetz.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications des status du TICE.

Villmools Merci.

Bis zu dësem Moment hunn ech keng Ännerungen an de Kommissioun virleien. Wann dat esou ass, brauche mer net doriwwer ofzestëmmen.

Dann hu mer nach eng Motioun virleien a Froen. Dir hutt d'Wuert, Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech hunn eng Motioun erabruucht opgrond vun der Circulaire 33/24 vum Innenministère vum 24. November 2015. Déi seet, dass d'Gemenge kënnen Logementer fir BPIen, d'Bénéficiaires de pro-

tection internationale, a Leit, déi Urecht op sozial Mietwunnengen hunn, ufroen. Dat heescht fir déi zwou Populatiounen.

Duerch déi Circulaire kréien d'Gemen- gen d'Méiglechkeet, um Marché eppes ze lounen a weider ze verlounen a kréie vum Ministère eng finanziell Ënnerstët- zung. Déi Gemeng, déi dat mécht, huet am Fong keng Onkäschten dobäi.

Vu dass all Mount 200 nei Leit op Lët- zebuerg kommen a mer bis zu 1.200 Bé- néficiaires de protection internationale a Foyeren hunn, déi net méi missten als Demandeur betruecht ginn, also net méi missten an de Foyere sinn, well se wéi all Awunner hei am Land Rechter a Flichten hunn a kéinten einfach um Marché lounen – well se RMG kréien, soulaang se keng Aarbecht hunn –, ass et wichteg, esou schnell wéi méiglech ze kucken, dass déi Leit eng aner Plaz kréie fir ze wunnen, fir dass an de Foyeren erëm Plaze fräi ginn. Well déi geschwë ganz iwwerfëllt sinn an da keng Plaze méi an de Foyere sinn.

Vu dass Déifferdeng eng vun deenen eenzege Gemenge war, déi d'Hand aus- gestreckt hat, fir Flüchtlingen opzehue- len, denken ech, dass mer mat deem Moyen, deen de Ministère der Gemeng gëtt, e Schratt weidergoen sollten an och eppes Aktives maachen, fir de Bénéfi- ciaires de protection internationale eng Méiglechkeet ze ginn, eng Wunneng ze fannen. Dës Motioun fuerdert de Schäf- ferot op, wann de Gemengerot déi da stëmmt, um Marché Haiser ze fannen, déi ze lounen an un d'Bénéficiaires de protection internationale weider ze ver- lounen.

An der Motioun steet och, dass ee soll en Inventaire maache vun de Logemen- ter, déi hei zu Déifferdeng fräi stinn. An et soll een och d'Bierger informéieren, dass esou Logementer gesicht ginn, ähn- lech wéi dat bei der AIS Kordall de Fall war. D'Propriétaires ze froen, hutt der e Logement, wat der kéint verloune fir deen doten Zweck. Dat kéint een och hei maachen.

Ech wär frou, wa mer zesumme kéinten als Déifferdenger Gemeng déi doten In- itiativ huelen. Ech war iwwerrascht, dat eréischt op der Assise de l'Intégration gewuer ginn ze sinn. Ech mengen, dass et virun allem um Manque vun Infor- matiounen iwwer esou Mesurë läit, dass

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
demande que les statuts soient approuvés tels qu'ils sont.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COM- MUNAL) *précise que les statuts sont conformes à la loi sur les syndicats. Le comité prévoit neuf membres pour le bureau, mais cela ne signifie pas qu'il s'agisse d'un représentant par commune. Il se pourrait donc qu'une commune dispose de trois représentants. Et si une commune n'a aucun représen- tant, elle ne peut rien y faire, car les statuts sont conformes à la loi.*
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
constate qu'il n'y a pas de mo- dification des commissions. Il passe à une motion de M. Dide- rich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *a dé- posé une motion sur base de la circulaire 33-24 du ministère de l'Intérieur. La commune peut désormais demander des loge- ments pour les bénéficiaires de protection internationale et pour les personnes ayant droit à des logements sociaux. Elle peut louer des habitations, les sous- louer et recevoir une aide de l'État.*

Deux-cents personnes arrivent chaque mois au Luxembourg. Differdange compte 1200 BPI, qui n'ont plus besoin de vivre dans des foyers. Il faudrait donc leur trouver rapidement une ha- bitation afin que des places se li- bèrent dans les foyers.

Differdange étant une des seules communes à avoir accueilli des réfugiés, elle devrait profiter de l'instrument mis à disposition par le ministère pour proposer des logements aux BPI. C'est ce que demande la motion.

Elle exige aussi que la commune dresse un inventaire des loge- ments vide et qu'elle lance un appel à la population.

Gary Diderich a été surpris de n'avoir entendu parler de cette initiative que lors des assises de l'intégration. Le manque d'in-

12. Motion de déi Lénk

formations explique pourquoi les communes font si peu.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

demande à M. Diderich de faire très attention.

Tout d'abord, il le remercie de lui fournir l'occasion de revenir sur tout ce que Differdange fait depuis des décennies. En effet, la commune n'a pas attendu une directive du ministère pour créer des logements à cout modéré. M. Diderich ferait bien de noter les chiffres, car il prétend toujours qu'ils sont faux.

Le Fonds du logement a 345 appartements à louer en exécution. Cinquante-cinq sont en train d'être construits.

Roberto Traversini en mentionne ensuite 28 sur la place des Alliés, 4 sur la place Saintignon, 9 dans l'avenue de la Liberté, 52 sur la place Steichen, 50 au Mathendahl et 16 à Grousswiss. En tout, il est question de 559 appartements sociaux à louer.

Parallèlement, le Fonds du logement construit aussi des habitations à vendre et correspondant aux besoins des familles plus grandes. En tout, il y en a 24.

Pour ce qui est des logements pour étudiants, 75 sont en train d'être construits à Niederkorn.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *interrompt M. Traversini. Il s'agit de logements à la vente.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

y ajoute six habitations dans la rue Pasteur. Le Fonds du logement gère aussi des maisons individuelles, mais le bourgmestre n'a pas les chiffres.

Avec la Société d'habitations à bon marché, la commune prévoit de construire 31 maisons et 24 appartements.

La Ville de Differdange a aussi accueilli 170 réfugiés. Elle négocie des terrains avec l'État dans la rue de l'Hôpital. Elle a loué des terrains au Fonds du logement. Elle est maître d'ouvrage de neuf appartements pour l'AIS Kordall. Sur le plateau du Funiculaire, elle construit une

nach net vill Gemengen eppes an déi Richtung gemaach hunn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich.

Ech wier frou, wann Der géift ganz gutt nolauschten, wat ech elo ze soen hunn.

Éischtens emol Merci, datt Der mer nach eng Kéier d'Geleëenheet gitt, verschidden Zuelen ze nennen, wat d'Stad Déifferdeng scho während Joerzénge mécht.

Mir hunn déi lescht Joerzénge net op eng Direktiv vun engem Ministère misste waarden, fir am soziale Beräich, Sozialwunnengen a bezuelbare Wunnraum ze schafen. Ech ginn Iech d'Zuelen. Schreift et op, well Dir sot jo ëmmer, et wier net wouer, wat ech soen an ech géif mat falschen Zuelen hantéieren.

Fonds de Logement hei an der Stad Déifferdeng: 345 Wunnenge locatif sinn an der Exekutioun. 55 sinn am Gaang gebaut ze ginn. Op d'Place des Alliés kommen der 28. Saintignon, zu Lasauvage, 4. Avenue de la Liberté, 9. D'Place Steichen, 52. Mattendall, 50. An an der Grousswiss zu Uewerkuer, 16.

Alles am locative Beräich. Dat si 559 Wunnengen am soziale Beräich, wou de Loyer nom Akommes gekuckt gëtt. 559.

Domat net genuch. De Fonds de Logement verkeeft och Saachen, wat gutt ass a wat mer och gefuerdert hunn hei am Zentrum. Well Mixitéit an enger Schoul, wou mer virdru geschwat hunn, mécht och d'Mixitéit, wéi d'Leit wunnen a wou se wunnen. A wéi grouss déi Wunneng ass, dat gëtt gekuckt beim Fonds de Logement. Do huet all Kand säin eegent Zëmmer.

Dat si 559 Wunnengen, wou d'Leit op alle Fall adequat kënnen wunne mat engem ganz bëllege Loyer. 559.

24 ginn an d'Vente.

75 Studentewunnengen. Dir rechent déi net mat. Da braucht Der se jo och net opzeschreiwen. Mä dat sinn der 75,

wou mer am Gaang sinn, zu Nidderkuer bei den Atelieren ze bauen. Dat och ass sozial.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Neen, dat ass Vente. 75.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Pardon. Vente.

An der Pasteurstrooss, 6.

Dat sinn am Ganzen 81 Studentewunnengen, déi ze verkafe sinn.

Ouni déi eenzel Haiser, déi de Fong an eiser Gemeng geréiert. Déi Chifferen hunn ech nach net kritt op den Dag vun haut. Déi sinn elo nach net mat aberechent.

Domat net genuch. Mir sinn am Gaang mat der Société d'Habitations à Bon Marché 31 Haiser ze plangen. De PAP ass heibanne gestëmmt ginn. 24 Appartementer. Déi meescht ginn an d'Locatioun.

Flüchtlingen hu mer opgehall. Mir hunn do 170 Better. 100 an der Spidolsstrooss. 70 am Noppeney.

Mir sinn am Gaang ze kucke mam Stat – an dat wësst Der ganz genau, well ech dat schonn e puermol hei gesot hunn – an der rue de l'Hôpital Terrainen erëmzekréien, wou mer versichen, eng Mixitéit vu Leit dohinner ze kréien, déi Wunnenge brauchen. Mir hunn dem Fong Terrainen ofgelount – dat war de leschte Gemengerot – op 99 Joer fir 100 Euro d'Joer, mengen ech. Wou mer gesot hunn, mir géife gär bezuelbare Wunnengsbau maachen.

Mir hunn an der Rue Pierre Gansen 9 Appartementer an Optrag ginn, fir der AIS Kordall ze ginn. 9 Appartementer fir 10 Euro de Metercarré. Ongeféier 70 Wunnenge leien 30 bis 40% ënnert dem Marchéspräis.

Um Plateau du Funiculaire si mer am Gaang – an dat wësst Der och – e ganzt Gebai ze kafen, wou ënnenan eng Crèche kënnt an uewenop Wunnengen. 50 Stéck.

12. Motion de déi Lénk

Zu Nidderkuer bei den alen Ateliers hu mer Terrain zur Verfügung gestallt fir 35.000 Euro den Ar.

Am Ganze maachen dat 1.153 Wunnengen. Dir kënn dat norechnen oder net. Ech rechnen, datt an der Moyenne 2,5 bis 2,7 Persounen dra wunnen. D'Studente si mat aberechent. Da komme mer op iwwer 3.000 Leit. Iwwer 3.000 Leit hei zu Déifferdeng, déi an enger Sozialwunneng respektiv an enger Wunneng wunnen, wou de Loyer vill manner ass.

An et geet och eng Kéier duer. Mir kënnen net weider nëmme kucken, datt alles am soziale Wunnengsbau gebaut gëtt. Mir musse kucken, wou mer et weidermaachen. Ech perséinlech sinn der Meenung – ech weess net, wéi d'Meenung vu menge Kolleegen am Schäfferot ass –, datt hei zu Déifferdeng am Zentrum genuch soziale Wunnengsbau ass. Dat ass meng perséinlech Meenung. Ech schwätzen net fir dee ganze Schäfferot.

Mir musse kucken, fir et aneschtens ze maachen. Mä wann een iwwer 1.000 Wunnengen huet – mir leien zwëschen 8 an 10%, deemno wéi een et rechent; an aner Gemenge leie bei engem hallwe Prozent, 1% oder 2% –, hale mer schonn op.

Da mengen ech, datt d'Déifferdenger Gemeng sech net brauch vun deene Lénken a vun Iech, Här Diderich, soen ze loosse, mir géifen net genuch maachen. Ech fannen, datt mer extrem vill gemaach hunn. An net nëmme dëse Schäfferot, mä och d'Schäfferéit vir-drun.

Dofir, mengen ech, brauche mer Är Motioun net ze stëmmen. Mir maache scho säit laanger Zäit vill méi wéi dat, wat Dir an Ärer Motioun fuerdert. Dofir wier ech frou, wann de Gemengerot déi Motioun net géif stëmmen.

Jo, Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, Dir hutt eis opgezielt, wat vun deene verschiddene Projete verwierklecht ginn ass. Ech wëll drun erënnere,

datt nach 160 Wunnengen aus de 50er Joren derbäi kommen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Déi sinn awer scho renovéiert.

ALI RUCKERT (KPL):

Mä se stamen nach aus där Zäit.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Net alles ass schlecht aus de 50er Joren.

ALI RUCKERT (KPL):

Et ass net alles schlecht, wat deemools an enger Koalitioun tëschent de Kommunisten an de Sozialiste gemaach ginn ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat kann nëmme gutt sinn, Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Voilà, Dir sot et.

Mä Dir stellt d'Fro: Ass dat net genuch? Jo, soulaang Wunnengsnout herrscht, ass et net genuch. Et ass dach ganz einfach op déi Fro ze äntweren.

Dir kënn net soen, et wär elo genuch, wann d'Leit keng Wunnengen hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Am Zentrum, sot ech, wäer genuch.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat fannt Dir. Et fuerdert jo keen, dass Dausend bezuelbar Wunnengen elo direkt an der Grousstrooss oder op der Maartplaz gebaut ginn. Mä ech mengen, dass et awer nach net genuch ass.

crèche et cinquante appartements. Sur le site des anciens ateliers, elle a vendu des terrains pour 35 000 € l'are.

En tout, cela représente 1153 appartements à cout modéré pour plus de 3000 personnes.

Mais il est évident que la Ville de Differdange ne peut pas construire que des logements sociaux. Roberto Traversini estime qu'il y en a suffisamment dans le centre-ville. Il ne sait pas ce qu'en pensent les échevins. Mille appartements représentent 8 à 10 % du parc locatif contre 1 ou 2 % pour d'autres communes. C'est pourquoi M. Diderich ferait mieux d'arrêter de se plaindre. La commune fait énormément, y compris les collèges échevinaux précédents.

Roberto Traversini demande au conseil communal de ne pas approuver la motion, car la commune fait déjà beaucoup plus que ce que M. Diderich demande.

ALI RUCKERT (KPL) rappelle qu'il y a aussi 160 appartements réalisés dans les années 50.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) constate qu'ils ont déjà été rénovés.

ALI RUCKERT (KPL) répète qu'ils datent des années 50.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) sait bien que tout ce qui a été réalisé à l'époque n'est pas mauvais.

ALI RUCKERT (KPL) rappelle qu'il s'agissait d'une coalition entre les communistes et les socialistes.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) plaisante sur le fait que dans ce cas, ce ne peut être que positif.

ALI RUCKERT (KPL) estime que tant qu'il subsistera un manque en logement, on ne pourra pas se déclarer satisfait.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) parlait du centre.

12. Motion de déi Lénk

ALI RUCKERT (KPL) *n'est pas d'accord. Il ne demande pas que l'on construise mille appartements sur la place du Marché. Mais il reste du pain sur la planche.*

En revanche, la Ville de Differdange n'a pas besoin de l'État pour savoir qu'elle doit construire des appartements. D'ailleurs, c'est la politique des gouvernements successifs qui a créé les problèmes de logement. Les conditions permettant aux communes de construire des logements n'ont été créées que petit à petit.

Pour ce qui est de la motion, elle ne contient rien de nouveau si ce n'est qu'elle est présentée juste avant les élections. En plus, elle met en avant les réfugiés. Pourtant, il y a au Luxembourg de nombreuses personnes qui y sont nées ou qui y vivent depuis longtemps et qui n'ont pas de logement adéquat.

Si le gouvernement soutient des guerres en Syrie ou ailleurs, il n'a qu'à s'occuper des réfugiés. Les communes ont déjà fait assez.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *rappelle que la circulaire mentionne les BPI au même titre que les personnes éligibles pour des aides au logement locatif. Il ne s'agit donc pas de dresser les uns contre les autres.*

Gary Diderich a présenté cette motion, car il a entendu parler de la directive aux assises de l'intégration. Bientôt, il n'y aura plus de places pour les réfugiés. Il est même question de convertir des centres sportifs ou culturels en foyers. C'est pourquoi le gouvernement a mis en place un instrument.

Par ailleurs, Gary Diderich n'a pas avancé de chiffres et n'a pas mentionné le centre. Il n'y a pas que le centre.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *a énuméré les appartements à Oberkorn et Niederkorn.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *rappelle que la dernière fois, M. Traver-*

Dass nach méi muss kommen. An datt do nach e groussen Effort ka gemaach ginn an den nächste Joren.

Ech bemängele just – an do ginn ech Iech vollkomme Recht – datt mir als Déifferdenger Gemeng net op de Stat brauchen ze waarden, fir eis ze soen, dass mer musse Wunnenge bauen. Et ass just dee Stat an déi Regierungen, déi do sinn, déi absolutt versot hunn an der Wunnengsfro.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass richtig.

ALI RUCKERT (KPL):

An dofir sinn d'Gemengen haut esou geplott zum groussen Deel. A si hunn och net déi Bedéngunge geschaf, dass d'Gemenge mat enger staatlecher Hëllef kéinte besonnesch séier am Wunnengsbau tätég ginn. Dat ass alles lues a lues komm. An haut ass et och nach net op deem Niveau, wéi et misst sinn.

Ech fanne just, dass déi Motioun, déi mer virgeluecht kréien, iergendwéi elo, well d'Wahlen ustinn, nach eng Kéier heihinner kënnt, mä dat mer schonn alles diskutéiert hunn.

D'Kommunistesch Partei huet schonn e puermol eng Initiativ an deem Sënn geholl. Ech gesinn elo net besonnesch de Sënn dran, nach eng Kéier esou eng Motioun ze stëmmen.

An dann och dat an d'Fënster ze stelle grad mat de Flüchtlingen. Et gëtt vill Leit zu Lëtzebuerg, déi keng Flüchtlinge sinn, déi scho laang hei wunnen, déi hei gebuer sinn an déi keng uerdentlech Wunneng hunn. Do muss primär en Effort gemaach ginn.

Wann d'Regierung Kricher ënnerstëtzt a Syrien a soss op Plazen, komme Flüchtlingen heihin. Da soll se sech och ëm déi këmmen. A se soll dat net op d'Gemengen ofwälzen. D'Gemengen hu scho vill gemaach. Ech gesinn net de Sënn, dass primär soll an déi Richtung eppes gemaach ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech probéiere mech kuerz ze halen, well et scho spët ass.

Här Ruckert, ech weess net, ob Der d'Circulaire gelies hutt respektiv gekuckt hutt, wat drasteet. Do steet «à mettre à disposition à part égale entre BPI et des personnes éligibles à des aides au logement locatif».

Et ass net fir hei ee géint deen aneren auszespillen. Hei huet de Stat vu vir era virgesinn, dass et à part égale ass. Dat heescht, dass souwuel déi eng wéi déi aner doduercher méi Wunnraum geschaf kréien.

Firwat ech dat heite virleeën ass, well ech dat gewuer gi sinn op enger Assise de l'intégration. Ech hunn dat och ugeschwat an enger Commission du Logement. Mir kommen ëmmer méi no an eng urgent Situatioun, wou mer keng Plaze méi hunn, fir Leit opzehuelen a wou souguer geschwat gëtt, vu wege Sportshalen oder Kulturzentren ze beleën, fir do iergendwéi Better eran ze kréien. Dat ass op jidde Fall dat, wat dës Regierung seet. A si huet en Instrument en place gesat scho méi laang, fir dat ze verhënneren a fir an déi Richtung ze goen.

Ech hu jo nach kee Chiffer dragesat, wi vill där Wunnenge mer bräichten. An ech hu virun allem net dragesat, dass mer déi am Zentrum missten installéieren. Well hei gëtt ëmmer vu sozialer Mixitéit geschwat an et gëtt ëmmer just un den Zentrum geduecht. Am Zentrum musse mer dat änneren. An an all deenen anere Quartieren net.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma ech hu jo opgezielt, wou déi iwwerall sinn. Haalt dach op. Zu Uewerkuer, zu Nidderkuer...

12. Motion de déi Lénk

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

An d'lescht Kéier, wéi ech den Inventaire gefrot hunn, ware mer bei 10%. Dës Kéier si mer bei 8%.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Studentewunnengen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dir vergläicht dat mat den 1 bis 2% an anere Gemengen an Dir rechent awer d'Saache ganz anescht. Dir setzt Saachen dran, déi aner Gemengen um nationale wéi och um internationalen Niveau guer net an d'Rechnung dragesat hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass guer net wouer.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dann huet et guer kee wäert, vu Pourcentagen ze schwätzen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen. Dat ass net wouer, wat Der sot. Et gëtt véier Gemengen, déi am Sozialen aktiv sinn. Dat ass Diddeleng, Esch, d'Stad Déifferdeng an d'Stad Lëtzebuerg. Bei wäitem maache mir 3/4 vun de Sozialwunnengen am ganze Land aus.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat stëmmt och schonn erëm net, well Monnerech ass eng vun deenen eenzege Gemengen, déi an Eegeregie sozial Mietwunnenge gebaut huet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

An der leschter Zäit.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich. A mir hunn näischt gemaach. Haalt dach op. Haalt dach op.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

An déi aner ass d'Stad Lëtzebuerg. Haaptsächlech d'Stad Lëtzebuerg, Esch a Monnerech hunn an der leschter Zäit eppes gemaach.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir och.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Den Här Ruckert huet gesot, de Stat hätt keng Méiglechkeete geschaf fir d'Gemengen. Oder dat wär eréischt viru Kuerzem geschitt. Dat stëmmt jo net.

Déi Subventionéierung vum Bau vu soziale Mietwunnengen ass Joerzénge al. Et hätt ee scho laang kéinten dovunner Gebrauch maachen a scho laang asetzen.

A wann ee geziilt sozial Mixitéit wëll, kritt een déi nëmmen, wann een déi systematesch bei neie Projeten aplant. Dat hu mer an der Lescht net därmoosse gemaach. Déi kréie mer och net, andeems mer e Programm maachen, wou mer Haiser kafen an deene Quartieren a se als sozial Mietwunnenge verlounen. Ech wollt dat just kloerstellen

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir kënnt Saache kloerstellen, mä dofir gi se net méi wouer. Mir kommen elo zum Vott.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Fir oder géint d'Motioun?

sini avait parlé de 10 % et aujourd'hui de 8 %.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
rétorque qu'il s'agit de logements pour étudiants.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *accuse M. Traversini de comparer des pommes avec des poires. Il dit que les autres communes n'ont que 1 ou 2 % de logements sociaux, mais n'énumère pas les mêmes choses.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
s'exclame que c'est faux. Quatre communes sont actives dans le domaine social: Dudelange, Esch, Differdange et Luxembourg. Elles représentent 3/4 des logements sociaux du pays.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *réplique que ce n'est pas vrai. Mondercange est l'une des seules à construire ses propres appartements à louer.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
demande à M. Diderich d'arrêter. À l'en croire, la Ville de Differdange ne fait rien.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *insiste sur le fait que dernièrement, seules Mondercange et Luxembourg-ville ont été actives.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
n'est pas d'accord.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *revient sur les propos de M. Ruckert. Il est faux de dire que l'État ne soutient pas les communes. Le subventionnement des logements sociaux existe depuis des décennies.*

La mixité sociale ne s'obtient que si elle est prévue dans chaque projet. Il ne suffit pas d'acheter des maisons et de les louer à prix modéré. Gary Diderich tenait à le préciser.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
rétorque qu'il peut préciser tout ce qu'il veut. Mais ce qu'il dit reste faux.

12. Motion de déi Lénk / Questions

Il demande au conseil communal de ne pas approuver la motion.

(Vote)

Roberto Traversini passe aux questions.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *a déjà demandé des informations quant au PAG. Mais il n'a pas obtenu de réponses claires quant à l'orientation politique. Il y a un an, le collège échevinal a expliqué que le PAG ne serait pas terminé avant les élections, mais que les travaux seraient présentés aux partis pour qu'ils puissent en tenir compte dans leurs programmes électoraux. Le PAG déterminera le futur de Differdange. Or le conseil communal et les partis politiques ne sont pas au courant des travaux réalisés par les bureaux depuis des années.*

Le collège échevinal pourrait-il fournir des informations pour que les partis puissent en tenir compte dans leurs programmes?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *espère que déi Lénk n'attend pas le collège échevinal pour préparer son programme électoral.*

(Interruption de M. Diderich)
Roberto Traversini suppose que M. Diderich n'a donc pas besoin de ces informations.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *demande à M. Traversini de ne pas faire des promesses qu'il ne peut pas tenir.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *conseille à M. Diderich d'écrire ce qu'il veut dans son programme électoral.*

GARY DIDERICH (DÉI GRÉNG) *rétorque que c'est M. Traversini qui a dit qu'il présenterait les travaux réalisés jusqu'ici.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *confirme que M. Diderich les aura.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *précise que des informations détaillées permettront d'adapter le pro-*

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Natierlech géint d'Motioun. Mat zwou Hänn.

Le conseil communal décide avec 15 voix non, 1 voix oui et 1 abstention de rejeter la motion soumise par le parti déi Lénk.

Da wäre mer bei de Froen. Den Här Diderich huet zwou Froen eraginn.

Här Diderich, Dir hutt d'Wuert.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hu schonn ëfters hei intervenéiert, fir méi Informatiounen punkto PAG ze kréien. Et ass doropshin eng Reunioun organiséiert ginn, wou een awer éischter iwwert d'Instrument nach eng Kéier informéiert ginn ass wéi iwwer wierklech Resultater, déi e Choix politique kéinte betreffen.

Virun engem gudde Joer ass hei gesot ginn, dass de PAG net géif fäerdeg gi virun de Wahlen an dass all d'Aarbechten, déi bis dohi gemaach goufen, dem Gemengerot respektiv de Parteie géifen duergeluecht ginn, soudass déi hir Choixen an de Programmer kéinte festleeën an de Wieler doduercher vill méi informéiert sai Choix fir d'Wahle kéint maachen.

De PAG ass dat Instrument, dat d'Zukunft vun Déifferdeng déterminéiert. Am Moment si mir net als Gemengerot an och net als Partei iwwert déi Saachen informéiert ginn, déi zënter Joerzénge ausgeschafft gi sinn. Dat ass jo schonn e laange Prozess. Dat wëll kee vun eis. Mä et sinn awer Büroen, déi scho wéi laang dorunner schaffen. Do gëtt et e Rapport de présentation. Do gëtt et eng SUP.

Ech wollt heimat froen, déi kënne kommunizéiert ze kréien, fir dass mir déi an eis Iwwerleeunge fir de Wahlprogramm an iwwerhaupt an d'Zukunft vun Déifferdeng kënnen abezéien.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Ech hoffe jo net, datt Der op eis waart, fir Äre Wahlprogramm ze schreiwen. Déi Lénk wäerte jo awer wëssen, wou se gär higinn.

(Ënnerbriechung duerch den Här Diderich)

Ma da bräicht Der dat jo net, wann Der et wësst. Da sinn ech gespaant.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Verspricht eis keng Saachen, déi Der net hale kënt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir schreiwe jo e Wahlprogramm. Firwat hu mer dann decidéiert, dat net ze maachen? Schreift an Äre Wahlprogramm, wat Der wëllt.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dir hutt hei gesot, Dir géift déi Saachen duerleeën.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Virun de Wahlen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, dir kritt se.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mir schreiwen eise Wahlprogramm. Mä jee méi een informéiert ass, desto besser

ass en adaptéiert un d'Realität vun der Gemeng Déifferdeng.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Hei ass bal all Partei ausser d'KPL an déi Lénk, déi iergendwann an der Verantwortung war, déi méi Informatiounen huet, well se Schaffen hat an der Verantwortung an doropshin anescht hir Planung an hir Entwécklung, wéi Déifferdeng géif ausgesinn, ka maachen.

An hei ass eppes versprach ginn. Dat ass net vun eis gefrot ginn. Dir hutt dat selwer gesot, wéi Der gesot hutt, de PAG géif net fäerdeg ginn. An elo maacht Der et net.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma dach. Ma da lauschtert no. Mä Dir kënnt awer an Äre Wahlprogramm schreiwen, wéi Dir Déifferdeng an 10 oder 20 Joer gesitt. Dofir braucht Der déi Informatiounen net.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Et geet net ëm de Wahlprogramm.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma dach, dat hutt Der andauernd gesot.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Meng Fro ass...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma, Här Diderich, dat hutt Der andauernd gesot.

Déi Saachen, déi mer Iech kënne ginn, wäerte mer Iech ginn. Et hënnert Iech keen drun, Saachen aus dem Bauperi-

meter erauszehuelen an dat an Äre Wahlprogramm ze schreiwen. Haalt dach op domadder. Dir kënnt jo dräschreiwen, wat Der wëllt.

Mir hu gesot, deen neie Gemengerot, dee sech wäert zesummesetzen, kann dat jo alles maachen. Dir kënnt alles aus Ärem Wahlprogramm ëmsetzen, wann Der an der Majoritéit sidd.

Mir wäerte kucken, Iech déi Pabeieren ze ginn, déi mer Iech kënne ginn. Wann net, kommt an eise Büro an da kritt Der dat. Dir musst just wëssen, datt mer a Prozedure sinn, wat ka geféierlech ginn. Mä ech weess, Dir sidd vereedegt. Dir haalt jo och ëmmer alles fir Iech. Dat kann ee jo néierens dann op Facebook oder soss op sozialen Netzwierker liessen. Mä da kritt Der dat. Ech hunn absolutt kee Problem, Iech verschidde Saachen ze weisen.

Mä mech wonnert et, datt Der déi braucht, fir Äre Wahlprogramm ze schreiwen.

Den Här Muller kuckt no, wat Der do nach kënnt kréien. Här Muller.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Dir waart jo an eisem Service. Do hutt Der jo sécher Äntwerte kritt op Är verschidde Froen. Oder net?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hunn als Äntwert kritt: De Rapport de la présentation kann ech Iech net ginn, well meng responsabel Schäfte mer dat verbueden hunn.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Schwätzt Dir elo vun der SUP?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

D'SUP och. Mä keng Partie graphique. Ech wëll elo keng Parzelle gesinn. Et gëtt eng ganz Iwwerleeung iwwert d'Entwécklung vun der Gemeng gemaach. Iwwert d'Waasserinfrastrukturen. Iwwer all d'Infrastrukturen, déi ee brauch, fir eng gewëssen Entwécklung ze maachen.

gramme aux réalités de Differdange.

Il ajoute que tous les partis ont été au pouvoir, sauf déi Lénk et le KPL. C'est pourquoi ils disposent tous de plus d'informations que ces deux partis.

En outre, M. Traversini avait fait une promesse qu'il ne veut plus tenir.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

demande à M. Diderich d'écouter. Il peut parfaitement décrire dans son programme sa vision de Differdange dans dix ou vingt ans sans disposer des informations qu'il demande.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) réplique qu'il n'est pas question du programme électoral.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

rétorque que c'est lui qui en parle tout le temps.

Le collège échevinal va lui remettre les informations qu'il peut communiquer. Mais pour le reste, il peut mettre ce qu'il veut dans son programme électoral. Par exemple s'il souhaite sortir des éléments du périmètre de construction.

Le nouveau conseil communal aura la possibilité de finaliser le PAG. Par conséquent, M. Diderich pourra réaliser son programme s'il fait partie de la majorité.

Le collège échevinal va lui fournir les documents. Mais ceux-ci sont confidentiels. Roberto Traversini se dit certain que M. Diderich ne les postera pas sur les réseaux sociaux.

ERNY MULLER (LSAP) sait que M. Diderich a posé des questions au service technique.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) réplique qu'on lui a dit que l'échevin responsable avait interdit au personnel de fournir des informations.

ERNY MULLER (LSAP) suppose que M. Diderich parle de la SUP.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *répond que cela ne concerne pas seulement la SUP.*

Des réflexions sont en cours concernant le développement de la commune. Des bureaux ont travaillé sur ces questions. Gary Diderich voudrait en connaître les résultats.

(Interruption de M. Muller)

Gary Diderich rétorque que la SUP est au ministère depuis aout. Pourquoi le conseil communal n'y a-t-il pas accès?

ERNY MULLER (LSAP) *explique que le dossier n'est pas encore clôturé. Par ailleurs, cela peut avoir des incidences sur la spéculation. Mais M. Diderich est assermenté comme les autres conseillers communaux.*

Erny Muller ajoute que ces dossiers sont volumineux. Une certaine confidentialité doit être respectée. Des mesures de compensation peuvent être prises à travers une SUP. Les conséquences de l'analyse ne sont pas encore connues et ne figurent donc pas dans le PAG.

Dans un premier temps, on a recherché les axes principaux. Ceux-ci ont été évalués en détail. Les autres n'ont pas d'influence sur le développement du PAG.

Pour le moment, les conséquences des résultats de l'analyse sur le PAG ne sont pas encore claires.

Peut-être le collègue échevinal peut-il fournir un résumé au conseil communal.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP) *voudrait savoir si une climatisation peut être installée dans les bâtiments communaux. Les employés se donnent à 100 % dans leur travail. Mais avec la chaleur, les conditions sont impossibles à partir de midi.*

Well do hu Büroen dru geschafft. Déi Informatiounen sinn do. Dat ass näischt Geheimes. Et geet net drëm, wat an de Bauperimeter kënnt a wat net an de Bauperimeter kënnt. Et geet einfach ëm dat, wat bis elo ausgeschafft ass a wat ee kann erausginn. Ech verlaangen näischt, wou ee sech kéint e Virdeel huelen, wann een déi Informatiounen huet.

(Ënnerbriechung duerch den Här Muller)

An d'SUP. Jo, ganz kloer d'SUP.

Zënter August ass déi am Ministère. Firwat kënne mir se als Gemengerot net kucken?

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Ëischtens ass dat Ganzt nach net ofgeschloss. Zweetens huet dat jo och Inzidenzen eventuell op aner Saachen. Spekulationen vum den Terrainen.

Et ass wéi den Här Buergermeeschter sot. Dir sidd jo vereedegt. Mä da kritt jiddwereen dat à égalité. All Mitglied vum Gemengerot kritt datselwecht. Da kucke mer, ob mer dat erausginn. No wat fir enger Form.

Mä Dir musst wëssen, dat si voluminéis Dossieren. A fir dat iergendwéi konzentriert erauszeginn, ech weess guer net ob dat esou einfach ze maachen ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir kucken dat no.

SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Mir kucken dat. Mir kucken, wat fir Informatiounen jiddwereen heibanne ka kréien. Wann en da bereet ass, dat alles duerchzekucken, tant mieux.

(Ënnerbriechung)

Dat si grouss Dossieren. Eng gewësse Confidentialitéit ass néideg a wichteg. Mir si jo nach net an der Phas. Mir wëssen nach guer net, wéi d'Konsequenzen ausgesi vum där SUP. Well iwwer eng SUP kann ee jo Kompensatiounsmesurë maachen. Do huet een X Méiglechkeet.

ten. D'Konsequenze vum där Analys sinn nach guer net beschwat ginn. Dat ass nach net an de PAG ageschafft an deem Sënn.

Preliminär ass eng Kéier gekuckt ginn. An enger éischter Entwécklung vum der SUP ass gesot ginn, wou d'Schwéierpunkte sinn, déi kritesch kënne ginn. Déi si gepréift ginn. An do ass gesot ginn, okay, da kucke mer déi elo méi am Detail. Déi aner hu keen Afloss fir d'Entwécklung vum PAG an där Form.

Déi ganz Iwwerpräiwung an d'Zesummespill zwëschen deenen zwou sinn nach net ofgeschloss. Zwëschen deem, wat effektiv erauskomm ass bei där detailléierter Präiwung a wat fir eng Auswirkungen dat herno op de PAG definitif huet, ass nach net an deem Sënn ofgeschloss. Dat bleift nach auszeféieren.

Mir kucken, ob mer vläicht kënnen en zesummegefaasst Dokument erausginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Sinn nach Froen dozou?

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Jo, ech hätt nach eng.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, Här Antony.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Ech hätt just eng kleng Fro. Ech froen de Schäfferot, ob et net méiglech wär, an eise Gebailechkeete wéinst den héijen Temperaturen, déi mer momentan hunn, eng Klimaanlag ze kréien. Mir fuerderen 100% vum eise Leit a momentan schaffen déi ënner onméigleche Konditiounen. Ab 12 eng oder zwou Auer mëttes ass et bal net méi auszehalen.

Questions

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir kucke mat eisen technesche Servicer, wat dat géif kaschten. Oder ob et net vläicht méi bëlleg géif ginn, mëttes fräi ze ginn.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Ah sou. Dat ass jo nach besser.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir kucken dat no, Här Antony.

Da géife mer zu der Netëffentlecher Sitzung kommen.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

fera établir un devis. Il reviendra peut-être moins cher de suspendre le travail l'après-midi.

FRANÇOIS ANTONY (LSAP) *répond*

que ce serait encore mieux.
(Rires)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

clôture la séance.

ÉTAT CIVIL – NAISSANCES

TAVARES VERDETE Melissa	Esch-sur-Alzette	02.06.2017
ADILOVIC Dina	Esch-sur-Alzette	02.06.2017
SELMANOVIC Hana	Esch-sur-Alzette	04.06.2017
MOREIRA PIRES Loryanna	Luxembourg	05.06.2017
LOPES MENDES Willian Angelo	Luxembourg	07.06.2017
DOURADO MATIAS Joyce	Luxembourg	08.06.2017
LERIAS Elisia	Luxembourg	09.06.2017
HEMES Joe Jean-Paul	Esch-sur-Alzette	09.06.2017
MONTEIRO Costa Kyara	Luxembourg	10.06.2017
ARANDA Alicia	Esch-sur-Alzette	11.06.2017
BARROS GOMES Yordan Claudino	Luxembourg	11.06.2017
ARAÚJO Clara	Esch-sur-Alzette	12.06.2017
ZYLFAI Alessio Boni	Esch-sur-Alzette	12.06.2017
PEREIRA RODRIGUES João	Luxembourg	14.06.2017
NIKIFOROVA Alexandra	Luxembourg	16.06.2017
PATRICIO FONSECA Santiago	Luxembourg	18.06.2017
MUJOVIC Sanin	Esch-sur-Alzette	19.06.2017
DA CUNHA CARVALHO Luana	Luxembourg	20.06.2017
KAO Azzura	Luxembourg	20.06.2017
DI DOMENICO Milena	Esch-sur-Alzette	22.06.2017
FERREIRA CARVALHO Mateus	Luxembourg	24.06.2017
KOCH Saskia Véronique	Luxembourg	24.06.2017
MORAIS SIMÕES Salvador	Esch-sur-Alzette	25.06.2017
NICO Pierre-Alexandre	Luxembourg	26.06.2017
OLIVEIRA PINTO Eithan	Esch-sur-Alzette	26.06.2017
CALLEJAS ARDILA Luciano	Luxembourg	27.06.2017
MEICHEL Matthieu Jean	Esch-sur-Alzette	27.06.2017
NTAMBALA Axel Junior	Esch-sur-Alzette	27.06.2017
SEMEDO BARROS Lyah	Luxembourg	28.06.2017
DA SILVA LOPES Thomas	Luxembourg	29.06.2017
LEANDRO Kilian	Luxembourg	30.06.2017

ÉTAT CIVIL – MARIAGES

LAGES FIGUEIRA Vitor Hugo & DE SOUSA PINTO Elisabeth	02.06.2017
AFONSO PIRES José Carlos & DA COSTA FREITAS Caroline	17.06.2017
BATISTA ALMEIDA David & RODRIGUES FERNANDES BISPO Jéssica	17.06.2017
BULIC Alem & MUHIC Almedina	17.06.2017
EDUARDO Alex & PIEROTTI Jessica	17.06.2017
GODINHO DE SOUZA Edimar & TEIXEIRA SIMOES Angela	17.06.2017
RAACH Daniel Eugène & THILMANY Sandra	17.06.2017
HUMBEL Frédéric Théo Victor & WEHLES Robyn Margot	22.06.2017
PEREIRA CRAVO Luis Manuel & DA SILVA SANTOS Josilene	28.06.2017

ÉTAT CIVIL – DÉCES

COLUSSI Carla Arriva, ép. de RICCIARDELLI Alivio	Luxembourg	01.06.2017
PALMIERI Vincenzo, ép. de BOSSIO Maria Anna	Niederkorn	01.06.2017
ROMEO Salvatore, vf de FIUMANO Annunziata	Esch-sur-Alzette	04.06.2017
ZAVOLI Marie, ép. de PIERETTI ADARIO Gino Guglielmo	Niederkorn	08.06.2017
OLSEM Jean Pierre, ép. de MÜLLER Anne Félicie	Niederkorn	10.06.2017
STEMPEL Anne-Margelite, vve de PETERS Jean	Luxembourg	10.06.2017
FERBER Serge	Oberkorn	14.06.2017
MATTEACCI Irène, vve de VIVIANI Walter	Esch-sur-Alzette	15.06.2017
GALETTI Marino, vf de MINI Renata Vittorina	Esch-sur-Alzette	18.06.2017
MAGALHÃES CUNHA Manuel Fernando, ép. de MACEDO Deolinda	Differdange	24.06.2017
SOSSON Dorothy, vve de SOSSON Joseph	Esch-sur-Alzette	25.06.2017
MOES Charlotte Anne Micheline	Differdange	25.06.2017
MORAIS SIMÕES Salvador	Esch-sur-Alzette	25.06.2017
CASTRIGNANO Onofrio, ép. de GIAMPAOLO Maria	Niederkorn	26.06.2017
SISSL Erika, vve de NURENBERG Willy Jules	Esch-sur-Alzette	29.06.2017
GIACOMINI Aude Blanche	Reckange-sur-Mess	18.06.2017
KRIPLER Victor Joseph Guillaume, ép. de ZIGRAND Léonie Josette	Esch-sur-Alzette	20.06.2017

CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT ● ● ● ● ●
STADHAUS
Differdange

jouer
communiquer
vibrer
rêver
bouquiner

AALT STADHAUS ELLIOTT MURPHY BAND

NOVEMBER 18TH, 2017

20H00 / 15 €

TICKETS: WWW.LUXEMBOURG-TICKET.LU & WWW.TICKETREGIONAL.LU
WWW.STADHAUS.LU